



Chambre des Députés

L U X E M B O U R G

Séance solennelle de commémoration en l'honneur de Son Altesse Royale Madame la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte

VENREDI, 14 JANVIER 2005



(Photo: Zineb Wilhelm)

À 14.55 heures, les Membres de la Chambre des Députés et du Gouvernement occupent leurs sièges dans la salle de séance.

Devant la tribune de la présidence est dressée une photographie avec crêpe noire de Madame la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte devant laquelle est placé un arrangement de roses blanches.

À 14.57 heures, M. le Secrétaire général de la Chambre des Députés, précédé d'un huissier en habit, se déplace au Palais grand-ducal pour inviter M. le Maréchal de la Cour, en tant que représentant de la Famille Grand-ducale, à se rendre à la Chambre des Députés.

À 15.00 heures, M. le Maréchal de la Cour, accompagné de M. le Lieutenant-colonel honoraire Léandre Mignon, est reçu à l'entrée de la Chambre par M. le Président de la Chambre et M. le Premier Ministre, d'où il est conduit à son siège dans la salle de séance.

Les tribunes sont occupées par les Présidents d'honneur de la Chambre des Députés M. Léon Bollendorff, Mme Erna Hennicot-Schoepges et M. Jean Spautz, le Ministre d'État honoraire M. Jacques Santer, les Membres luxembourgeois du Parlement européen, le Président du Conseil d'État, les Représentants de la Magistrature, le Président de la Cour des Comptes, le Médiateur, les Membres du corps diplomatique, une délégation de hauts fonctionnaires de la Cour grand-ducale, du Gouvernement et du Conseil d'État ainsi que par la presse parlementaire.

M. le Président de la Chambre des Députés Lucien Weiler se rend à son siège et ouvre la séance. Ayant invité l'assemblée et l'assistance à s'asseoir, il prononce debout l'allocution suivante:

M. le Président.- Hår Maréchal de la Cour,

Exzellenzen,

Léif Éieregäscht,

Dir Dammen an Dir Hären,

Lëtzebuerg ass an Trauer.

De leschte Méindeg huet d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte eis fir ëmmer verlooss.

Déi zwee lescht Jore ware sécher mat déi schwéierst an Hirem Liewen: Si huet misse kämpfe géint déiselwecht schlëmm Krankheet, ënnert där sou vill Mënsche leiden.

Si huet dat gemaach mat deene Qualitéiten, déi Hiert ganzt Liewe geprägt hunn: Courage, Dignitéit an Diskretioun.

D'Billen, déi mer an deene leschten Deeg gesinn hunn, weisen, datt d'Lëtzebuenger hir Trauer esou staark ausdrécke kënnen wéi hir Freed a Begeeschterung, mat där si viru 50 Joer déi jonk belsch Prinzessin als Fra vum Ierfpréinz Jean empfaangen a gefeiert hunn.

Mä obschonns d'Freed deemools grouss war, hätt kee geduecht, datt en halléft Jorhonnert méi spéit, de 7. Oktober 2000, de Lëtzebuenger Statsminister kënnt un d'Adress vum belsche Kinnek soen: «Je voudrais dire à travers vous au peuple belge que nous lui sommes reconnaissants de nous avoir fait cadeau de la meilleure de ses filles.»

La meilleure de ses filles: Et kann ee sech kaum méi eng schéi Konklusioun virstellen, déi d'Lëtzebuenger daerfen zéien aus dem Wierken an dem Schaffe vun der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte, an dat während engem hallwe Jorhonnert.

Hire prononcéierte „sens du devoir“, d'Flichtgefill, huet d'Handele vun där jonker Prinzessin fir d'éischt an Hirer Heemecht, an duerno als Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg ëmmer geleet.

Wéi d'Prinzessin Joséphine-Charlotte op Lëtzebuerg komm ass, wossten d'Lëtzebuenger, datt et sech ëm eng Prinzessin géif handelen, déi eng schwéier Jugend hanneru sech hat.

Si hat hire Grousspapp ganz fréi verluer; ee Joer méi spéit huet Si op eng tragesch Aart a Weis Hir Mamm verluer, ass déi ëm d'Liewe komm.

E puer Joer duerno koumen déi batter Krichs- an Nokrichszäit, déi fir déi belsch Kinneksfamill ganz dramatesch war.

Mä Si huet sech alle Situatiounen gestallt a schonn déi Zäit konnt een Hiert ausgeprägt Gefill fir Responsabilitéit bemierken.

Déi Sympathien, déi d'Lëtzebuenger där deemoleger Ierfgroussherzogin vum éischte Moment un entgéintbruecht hunn, sollte sech séier verdéiwen, wéi d'Lëtzebuenger hir nei Prinzessin besser kenne geléiert hunn.

Am Laf vun de Joren a Jorzéngte sollten d'Lëtzebuenger eng Fra, eng Mamm, eng



(Photo: SIP)

Damm, eng Grande-Duchesse kenne léieren, op déi si zu Recht houfrech sinn an och houfrech wäerte bleiwen.

Eng Mamm, déi, geprägt duerch Hir eege batter Jugend, alles dru gesat huet, datt Hir Kanner an där Gebuergeheet sollten opwuesen, déi Si zum Deel an Hire jonke Joren net konnt hunn.

Eng Grande-Duchesse, déi ausgebilte Krankeschwëster war: Dohier - an och duerch Hir Erziéung - Hirren Asaz an Hir permanent Opmerksamkeet fir déi Schwaach aus eiser Gesellschaft, déi Krank, déi Handicapéiert, déi, deenen et manner gutt geet an déi um Rand vun eiser Wuelstandsgesellschaft stinn.

Duerch Hir virbildlech Aarbecht am Kader vun humanitären Organisationsiounen huet Si eis wësse gedoen - an dat wäit iwwert dee representative Kader eraus -, datt mir ëmmer erëm no méi Mënschlechkeet a Solidaritéit heiheim an uechtert d'Welt musse striewen.

Dass perséinlechen Engagement mindestens esou wäertvoll ass wéi materiell Ennerstëtzung, ass eng vun Hire Aussoen, mat där Si wollt een Zeeche setzen. Si selwer ass do mat guddem Beispill virgaangen an huet de Wee gewisen, dee Si fir richtig fonnt huet fir Mësstänn ze behiewen.

Onzähleg Mënschen a vill Organisationsiounen hunn d'Grande-Duchesse um Wierk gesinn, dorënner ënner aneren:

- d'Lëtzebuurger Rout Kräiz,
- d'Lëtzebuurger Guiden a Scouten,
- 10.000e vu Blutspender.

Dausenden an dausende vu Matbierger an Altersheimer an a Fleegeheimer, déi d'Grande-Duchesse während all deene Jore besicht huet an deene Si Zousproch ginn huet, a vill sozial Projeten am In- an am Ausland sinn Zeie vun deem onermiddlechen Asaz vun der Grande-Duchesse fir déi sozial an déi humanitär Cause.

Der Grande-Duchesse Hire sozialen Engagement war net gekünstelt: d'Mënschen, déi al Leit, déi krank, déi schwaach, déi arem, si all hu gespuert datt Hiert Matgefill echt war, dacks ganz spontan an déif mënschlech.

An dofir hu si se alleguerte respek-
téiert an hate si se gären.

D'Grande-Duchesse hat awer och en ausgesprachene Gerechtegkeetssënn.

D'Grenze vu Länner a Kulturkreeser huet Si mat Hirem Bestriewen no méi Gerechtegkeet net kann.

Hiert reservéiert Wiesen, eng Charaktereegenschaft vun Hirer Zäit, huet Si ni dru gehënnert, Ongerechtegkeete beim Numm ze nennen an am Kader vun Hire Méiglechkeete géint se unzëckämpfen.

D'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte war - a mir wëssen et alleguerten - ganz staark un der Konscht interesséiert.

Si hat en ëmfaassend Wëssen an en déift Verständnis vun der Konscht an all hire Formen.

Dat Schéint, dat Kreatiivt, dat Mënschlecht a Konscht a Kultur huet Si e Liewe laang begeeschtert.

Dësen Enthusiasmus huet Si offiziell a privat gewisen.

Offiziell war d'Konscht fir Si e privilegiéierte Medium fir Sech mat de Leit, mat de Mënschen ausernee ze setzen.

Heiheim huet Si deenen, déi eis besiche koumen, déi kënschtleches Experienze vun de Lëtzebuurger Kënschtler gewisen an erklärt.

Dobaussen huet Si iwwert déi schöpferesch Realisatioune vun der Konscht versicht, d'Mënsche besser ze verstoen.

Fir d'Grande-Duchesse ware Konscht a Kultur och Moossinstrument vun der Schafenskraaft vun de Leit.

Hir Freed iwwert d'Konschtwierker war och ëmmer Freed iwwert déi a mat deenen, déi hannert de Wierker stoungen.

D'Lëtzebuurger Konscht- a Kulturzeen hat an der Grande-Duchesse eng Ambassadrice wéi se besser keng hätt kënnen hunn.

D'Grande-Duchesse war dann och eng Fra mat Charakterstärkt a grousser Konsequenz.

Si huet Sech ni vum Zäitgeescht leede gelooss. Si hat eng prezis Virstellung vun der Monarchie als Statsform a vun Hirer Roll als Fra vum Statschef.

An an dëser Virstellung ware Respekt, Diskretioun, Virbildfunktoun an Dignitéit Grondwäerter, déi Si konsequent an iwwerzeegend verdeedegt huet.

Wéi viru Joren den Zäitgeescht d'Diere vu ville Palaisen an Europa gesprengt huet, huet Si sech net bëire gelooss an ass un der Sait vum Grand-Duc mat där Hir eege Diskretioun an nobeler Manéier virugefuer, der Lëtzebuurger Monarchie Hire Stempel opzedrücken.

Mat engem Resultat wat sech weisse léisst an ëm dat eis anerer beneiden.

D'Grande-Duchesse war dann awer och, a virun allem, d'Fra vum Lëtzebuurger Statschef.

Mat edler Diskretioun stoung Si un der Sait vum Grand-Duc; Si war Seng éischt Conseillère an Hie konnt sech zu all Moment an an alle Situatiounen op Si verloossen.

D'Grande-Duchesse huet Sech net umierke gelooss, datt Hir Aufgab un der Sait vum Grand-Duc eng enorm Devotioun erfuerdert huet,

an d'Selbstverständlechkeet, mat där Si Hire Flichte gerecht ginn ass, huet ni een Zweifel opkomme gelooss, datt Si mat Häerz an Iwwerzeugung Hir Aarbecht gemaach huet.

Duerch Hiert diskret, charmant an elegant Oprieden un der Sait vum Grand-Duc, virun allem och am Ausland, war Si dee beschten Ambassadeur fir Lëtzebuerg an huet domat grouss Verdéngscht un der Unerkennung an um Respekt, deen eist Land an der Welt géinisst.

Monsieur le Maréchal de la Cour,

Excellences,

Mesdames, Messieurs,

Joséphine-Charlotte de Luxembourg nous quitte aujourd'hui physiquement, mais Elle restera toujours présente dans notre mémoire.

Des milliers de citoyens ont défilé ces derniers jours devant Sa dépouille mortelle au Palais grand-ducal et les témoignages émou-

vants de tant de concitoyens de toutes les couches de la population reflètent bien ce qu'un éditorialiste luxembourgeois a écrit il y a quelques jours:

«La Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte, qui a quitté ce monde après de longues années de souffrances, restera dans la mémoire du peuple luxembourgeois cette grande dame dont on retiendra Sa noblesse, Sa dignité, Sa discrétion, Son élégance et Son affabilité aux côtés de Son époux, le Grand-Duc Jean, et Ses fidèles engagements humanistes et humanitaires ainsi que Son immense culture.

L'humanisme empreint de valeurs chrétiennes, l'engagement social au service des malades et des miséreux, de la jeunesse et des droits de l'Homme, Sa ferveur pour la promotion des beaux-arts et de la musique ont fait de la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte cette personnalité hors du commun que d'aucuns nous enviaient.»

Här Maréchal de la Cour,

Exzellenzen,

Dir Damm an Dir Hären,

An dese schwéiere Stonne sinn eis Gedanke selbstverständlech bei eisem veréierte Grand-Duc Jean.

Mi kënnen eis virstelle wat et fir Hie bedeit déi Fra ze verléieren, mat där Hien en halleft Jorhonnert zesumme war a mat där Hien esou laang zum Wuel vum Land geschafft huet.

Ech wëll am Numm vun eis alleguerten dem Grand-Duc Jean soen, datt mir Him Säu Schmäerz net kënnen ewechhuelen, mä datt d'ganz Lëtzebuurger Vollek un Hien denkt a Seng Trauer deelt.

Datselwecht soe mer dem Grand-Duc Henri an der Grande-Duchesse Maria Teresa, dem Grand-Duc Senge Schwëstere an a Bridder an där ganzer groussherzoglecher Famill.

Lëtzebuerg verléiert mat der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte

eng grouss Damm,

eng gutt Grande-Duchesse

e feine Mënsch

an «la meilleure des filles de nos amis voisins».

Der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte wëllt ech soen:

Madame, mir waren, mir sinn a mir bleiwen houfrech op lech.

Lëtzebuerg seet lech e grouss Merci a wäert lech ni vergiessen.

D'Wuert huet elo de President vun der Regierung, den Här Statsminister Jean-Claude Juncker.



(Photo: Tom Wagner / SIP)



(Photo: Marcel Ernst / SIP)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. Här President, Här Maréchal de la Cour, Dir Damm an Dir Hären, e puer Woche virun Hirer Geldener Hochzeit - d'Virbereedunge ware praktesch scho ganz ofgeschloss - si mer gewuer ginn, dass d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte krank wier, schwéier krank wier, an ëmmer erëm ass ee gefrot ginn - et war dat en éierlecht Interesse -: Wéi geet et der Grande-Duchesse?

Wéi et Hir gaangen ass an deene leschten zwee Joer wou se krank war, dat si mer ni richtig gewuer ginn, well Si huet Hir Krankheet ni thematiséiere wëllen. Ech weess awer, dass Se ganz vill Courage hat, physische Courage a moralische Courage. Si huet den Doud ganz laang net u sech erugelooss, och dann net, wa Se en emol heiansdo erbléckst hat. Si hat en diskreten Emgank mat Hirer Krankheet a mat Hirem Leiden. Et war Hir Krankheet, et war Hiert Leiden, et war Hir Ausënanersetzung mam Doud. Et waren Hir lescht Gedanken. Esou wollt Si et, an esou huet Si et gehale bis ganz zum Enn.

Déi Diskretioun, déi Si an der leschter Explikatioun gewisen huet, zitt sech wéi e Fuedem, bal wéi en déckt Seel duerch Hiert ganzt Liewen. Déi Mëschung aus Diskretioun, Disziplin, Noblesse an Dignitéit huet aus där jonker Prinzessin eng grouss Damm, aus der belscher Kinneksduechter eng gutt Grande-Duchesse gemaach.

Hir Diskretioun huet heiansdo Ofstand geschaaft, mä ni Distanz. Tëschent Hir an de Lëtzebuenger louche keng laang Strecken. Et sinn tëschent Hir an de Lëtzebuenger ëmmer nëmme kuerz Weeër ginn.

Hir Noblesse war net geléint, déi war net ugedoen, déi war net einfach esou iwwergestraft. Si war natierlech gewuess, déi Noblesse. Wann ee mat Hir geschwat huet, dann huet ee gespuert an och gesinn, dass ee mat enger nobler Fra am Gespréich wier.

Hir Dignitéit war net unerzunn. Hir Dignitéit war unerlieft.

D'Geschicht vun den Natiounen ass ëmmer tragesch, mä d'Natiounen kënnen dat Tragesch an hirer Geschicht kollektiv verschaffen. Wann awer d'Tragedie vun der Geschicht zur eegener Tragedie gëtt, wann e groust Stéck vun der Geschicht zu engem décke Pak Geschicht am eegene Liewe gëtt, wann een deen décke Pak Geschicht ëmmer erëm erlieft an duerchliewe muss, dann ass ee mat där Tragedie eleng.

Dat wat déi jonk Prinzessin Joséphine-Charlotte an der Nokrichsbelsch ronderëm déi belsch Kinneksfamill erlieft huet, dat huet och d'Grande-Duchesse Joséphine-

Charlotte ni ganz verlooss a munchen traurege Bléck erkläert sech esou.

Mä zu deem Bild wat ech wëll vun Hir behale gehéiert och Hiert Laachen a méi klengem Krees. Dat Laache war häerzlech an et war schéin. Et war gedroe vun enger feiner Ironie, déi ni blesséiert huet, gestäipt op Feststellungen an Erkenntnisser, déi sech no an no zu engem Cortège vu Liewensweisheeten opgebaut hunn, déi et a sech haten.

Zu deem Bild, dat ee behält, gehéiert och Hir spatz Intelligenz an Hiert breet Wëssen a ville Beräicher, déi Hir e groust Verständnis fir d'Problemer vun der Welt méiglech gemaach hunn. Si huet Statsmänner a Statsfrae vun no a vu wäit ëmmer erëm mat Hirem komplizéierte Wëssen impressiounéiert.

D'Komplexitéit vum Liewen heeheim war Hir net friem. Hir Aarbecht, Hire Engagement beim Roude Kräiz an och soss hunn Hir Abléck an dat verschafft wat geet an an dat wat net geet. Munches wat kromm a schif war ass no hirem Passage méi riicht ginn. Hire Goût fir dat Harmonesch, Hir Loscht fir dat Widderspréichlech ze ergrennen ass däitlech ginn an hirer Begeescherung fir d'Konscht. D'Promenade duerch Hir Konschtsammlung ass wéi e Spadséiergang

duerch d'Liewen a seng Froen; Froen, déi Si ganz gutt buschtawéiere konnt.

Elo ass se net méi hei. Vlächst ass Se anzwousch anescht. Hiren



(Photo: Marcel Ernst / SIP)



(Photo: Serge Waldbillig / La Voix du Luxembourg)

Doud hu mer emfonnt wéi de Verloscht vun engem, dee mer dacks gesinn hunn a gutt kannst hunn, wéi e Verloscht an der eegener Famill.

Eist Matgefill géllt virun allem dem Grand-Duc Jean, deen d'Prinzessin vu sengem Liewen, de Kompliz vun all Dag an d'Stäip an deene schwéiere Stonne verluer huet. Hie war frou mat Hir an Hire Verloscht deet Him wéi an eis och méi wéi nëmmen e bëssen.

De Grand-Duc Henri verléiert net nëmme wéi mir d'Grande-Duchesse. Hie verléiert seng Famill, seng Mamm, an dat ass eppes ganz anescht. Mir fille mat him, esou wäit wéi mer dat kënnen.

Dem Grand-Duc, deenen anere Kanner vun der Grande-Duchesse, déi all bei Hir ware wéi se gestuerwen ass, eiser Grande-Duchesse an deenen anere Membere vun der groussherzoglecher Famill soe mer haut hei eis besonnesch Sympathie.

Der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte soe mer iwwert d'Graferaus: Respekt, Madame, Respekt virun deem wat Der waart, Respekt virun deem wéi Der waart. Merci fir dat wat Der fir eis waart. Dat wat Der fir eis waart, dat bleift. Iech wäerte mer vermessen.

M. le Président.- Ech géif lech elo bieden opzestoe fir eng Minute de recueillement.

(L'assemblée et l'assistance observent une minute de silence)

Ech soen Iech Merci.

Un cordon de la musique militaire joue l'hymne national.

La séance publique est levée à 15.19 heures.

M. le Président de la Chambre, M. le Premier Ministre et M. le Secrétaire général accompagnent M. le Maréchal de la Cour.

MM. le Maréchal de la Cour, le Président de la Chambre, le Premier Ministre, les Présidents d'honneur et les membres de la Chambre s'inscrivent dans le livre d'or déposé dans le péristyle de l'Hôtel de la Chambre.

Après avoir pris congé de M. le Président de la Chambre et de M. le Premier Ministre, M. le Maréchal de la Cour rejoint le Palais grand-ducal en compagnie de M. le Secrétaire général de la Chambre précédé d'un huissier en habit.

Ordre du jour

1. 5322 - Projet de loi modifiant 1. le Code des assurances sociales 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail
(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale)
2. 5345 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1999 autorisant l'État à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers
(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
3. 5321 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Clervaux
(Vote du texte complété du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)
4. 5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés
(Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)
5. 5406 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004
(Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)
6. 5391 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée
(Vote et dispense du second vote constitutionnel)
7. 5399 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum
(Vote et dispense du second vote constitutionnel)
8. 5401 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003
(Vote et dispense du second vote constitutionnel)
9. 5322 - Projet de loi modifiant 1. le Code des assurances sociales 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail
(Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)
10. Discours de fin d'année de M. le Président
11. Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Mars Di Bartolomeo, Ministre.

(Début de la séance publique à 15.02 heures)

■ M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5322 iwwert de Code des assurances sociales. D'Riedezäit ass wéi Der wësst nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwen hu sech bis elo: d'Madame Stein-Mergen, den Här Wagner, den Här Bausch...

■ Une voix.- Neen, den Här Huss.

■ M. le Président.- ... den Här Bausch gëtt duerch den Här Huss ersat - an den Här Jaerling. D'Wuert huet als Rapportrice vum Projet de loi déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

1. 5322 - Projet de loi modifiant 1. le Code des assurances sociales 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

térimaire, wou mer d'Krankenentschiedungsphas proratiséiere par rapport zur Affiliationsphas. Véiertens, d'Profiler - souwuel bei de Geldleeschunge wéi bei den Naturalleeschungen - vun den Dokter. A fénneftens de Kampf géint déi abusiv Krankschreiwungen. Insgesamt zéng Stonne laang souzen d'Gewerkschaften, d'Patronat an d'Regierung zesummen, fir dee fir 2004 virausgesoten Defizit bei de Krankekeesen ze beseitegen an ze probéieren ähnlech Haushaltslächer an Zukunft wa méiglech ze vermeiden."

Och an der Press war den Dag drop ze liesen, dass d'Tripartite sech géeneegt hätt op e Reform-Package fir d'Krankeversécherung; fénneftens strukturell Mesurë wieren zur Sanéierung vun de Krankekeesen an d'A gefaasst ginn an iwwer kuerz oder laang dierft et och zu enger Fusioun vun de Krankekeese kommen.

Den 11. Oktober 2004 koum den neie Gesondheitsminister an d'Chamberskommission fir eis matzedeelen, wat dann d'Positioun vun der Regierung zu deenen dote Froe wier. Hien huet och dunn am ganze Beräich vun der Sécurité sociale geschwat iwwert den Déficit prévisible vun 98 Milliounen Euro fir 2005, an hien huet gesot, dat wier och eigentlech keng nei Tendenz, well dat och an der Vergaangeneheet schon esou gewiescht wier, an den Defizit vun 2004 hätt nème kenne resorbéiert ginn duerch deen Transfert, vun deem mer jo elo grad héieren hunn.

De Minister huet och an darselwechter Sëtzung, also ongeféier zwou, dräi Woche virun der Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie gesot, dass hie sech net wëllt mat de Regierungskolleegen drop limitéiere fir just eng Kompensatioun vum Defizit ze maachen duerch Transfertsoperatiounen, mä dass e sech wëllt un déi déifst Ursachen eruntaaschte vun deem Ganzen an och strukturell Äntwerte wëllt fanne fir deem Defizit entgéintzewierken. An hien huet dunn eis als Kommissioun gefrot, ob mir him an der Regierung géingen dobäi zur Säit stoen, a mir hunn dat mat „Jo“ beäntwert.

Hien huet eis och doriwwer informéiert, dass d'Diskussioun ronderëm dee Projet, fir dee mer haut hei sinn, nämlech den 5322, wou et énger anerem och géing drëm goe fir géint den Absentéismus ze kämpfen, dass eleng schon d'Diskussioun ronderëm dee Projet de loi, deen um Instanzewee war - well en hätt jo schon eng Kéier op den Ordre du jour komme sollte virun de leschte Wahlen -, dass eleng schon déi Diskussioun eng gewisse Prise de conscience bei den Assuréë bruecht hätt an dass een dat och esouguer scho géing spiere bei de Chifferen, well een d'Gefill hätt, dass d'Abusé schon amgaange wieren erofzegen.

Den 9. November war dann déi Generalversammlung vun de Krankekeesen an et gouf dunn eng Baitragerhéijung vun 0,3% déciéiert, an d'est op dem Bruttoloun berechent. Déi Erhéijung géing zu jeeweils 0,15% vun de Patronen a vun de Assuréë gedroe ginn. Och hei ass nach eng Kéier vun deem geschätzten Defizit vu ronn 100 Milliounen fir 2005 geschwat ginn.

D'Patronë waren natierlech net frou an hu gesot, déi dote Baitragerhéijunge wieren net an der Tripartite an där Form festgehale ginn; an d'Gewerkschaften hu gesot, dat wier vläicht net esou ganz prezis festgehale ginn, mä et wier awer sënngemeiss machbar gewiescht, an et ass och gesot ginn, dass dat doten noutwendeg wier,

fir dass een de Sozialdialog iwwerhaapt kéint oprechterhalen. Et ass och vun de Gewerkschaften ervirgehewe ginn, dass et schwéier wier, fir wann et eng Tripartite gëtt an ee sech net kéint op schréftlech Berichter doriwwer bezéien, dass et da schwéier wier fir déi eenzel Partenären op déi Diskussiounen respektiv op déi Konklusiounen festzelleen.

Vun der Säit vun den Union des Entreprises ass souguer gesot ginn, wann d'Tripartite nëmme en Diskussionsclub ass, da brauche mer se net. Vun aneren ass gesot ginn, dass een trotzdeem sollt probéiere fir an der Zukunft wéinstens e Konklusiounspabeier ze hunn, fir déi ganz Diskussiounen, déi dann am Nofeld géinge kommen, besser gemeescht ze kréien.

D'Tatsaach war op alle Fall - an dat war och eng Diskussioun bei deene ganze Preparatiounen ronderëm déi doten Assemblée an och bei deene ganzen Interpretatiounen -, dass et misst drëm goe fir op Dauer déi defizitär Tendenz vun de Krankekeesen émgekéiert ze kréien, dass een awer gläichzäit misst dru schaffen, fir deen héije Leeschtungsniveau ze behalen, dass ee misst probéiere géint den Absentéismus virzegoen an dass ee virun allem misst gewährleeschten, dass d'Assuréen eng besser Orientéierung hätten.

Vläicht hei nach e puer Zuelen: Am Joer 2003 huet d'Union des Caisses de Maladie eng Etüd iwwert d'Evolutioun vum Krankegeld téscht 1999 an 2002 duerchgefouert; eng Etüd, déi sech virun allem op d'Aarbechterkrankekeess konzentréiert huet, well eng Analys bei den Employés privés méi schwéier ass, well d'Krankegeld dräi Méint vum Patron bezuelt gëtt an der Krankekeess bis dohinneer deem keng Informatiounen virleien.

Bei deser Etüd koum eraus, dass den Taux vun de Krankheetsfäll téscht 1999 an 2002 ëm 15% an d'Luucht gaangen ass. Am Joer 2002 goufen et eleng bei den Aarbechterkrankekeesen 340.000 Krankeschäiner. Zënter deene leschte Jore si scho verstärkt Kontrolle gemaach ginn. Och hei krute mer eng Rei vun Informatiounen vu Säite vun der Regierung, wann e Verdacht bestanen huet, dass en Abus kéint do sinn. Dat kann een elo méi oder manner gutt fannen. Op alle Fall krute mer bei der Union des Caisses de Maladie gesot, dass den Undeel vun de Krankeschäiner zënterhier op d'mannst mol net virun an deem Mooss ugekollommen ass, wéi et an der Vergaangeneheet de Fall war. Esou dass mer d'Chance hunn, dass sech déi Situatioun awer kann apendelen.

D'Mesuren, déi an demem Projet - an dorëms geet et jo haut - festgehale ginn, dat ass éischtens d'Verbesserung vun der Prise en charge bei der Incapacité de travail de longue durée, entweder iwwert d'Assurance maladie - dat betrëfft haaptsächlech déi Krankheetsfäll, wou et ëm Maladies aiguës a Maladies chroniques évolutives geet -, oder iwwert d'Assurance pensions. Do geet et haaptsächlech allgemeng ëm d'Incapacité de travail oder am Kader vun de Mesurë bei enger Réinsertion professionnelle. Dat ass dann eng Incapacité de travail, déi sech bezitt op déi lescht Plaz déi een hat a fir déi een eben net méi appropriéiert ass. An de Moyeren dofir ass, dass en Avis motivé verlaangt gëtt, scho relativ fréi no sechs Wochen iwwert den État de santé vum Assuré vu sengem Médecin traitant, fir dass ee weess wat d'Situatioun ass an em wéi e Krankheetsfall et sech handelt.

De But dovunner ass, fir dem Contrôle médical ze erlaben, fir relativ fréi schon ze wesse wéi e Système de prise en charge am appropriéiertste wier. Ob et elo géing drëm goe fir d'Krankegeld

weider ze bezuelen, falls eben e Schluss vun där Situatioun ofsehbar wier, ob et géing drëm goe fir eng Pension d'invalidité virzegoen, ob et éischer Sënn géif maache fir eng Réinsertion professionnelle ze maachen oder - an dat ka jo och sinn, obwuel een hei net soll maache wéi wann dat elo onheemlech oft de Fall wier, mir ginn dovunner aus, dass et net vill schwaarz Schof gëtt - ob et drëm geet fir einfach eng Reprise du travail virzegoen an domat och Demandes abusives ze éliminéieren.

De But ass natierlech och, an da kuckt een et vun der Säit vum Assuré hier, fir den Assuré ze guidéieren, dass en dee Système de prise en charge fénnt, dee fir den Assuré am appropriéiertsten ass.

Dann zweetens d'Limitatioun vun der Durée maximale vun der Krankegeldindemnisation op 52 Wochen, bei enger gesamter Période de référence fir 104 Wochen, esouguer wann en neie Krankheetsfall kënt. De Moyer ass deen, dass no der zéngter Woch, wou eng Incapacité de travail virläit, op eng Referenzperiod vun 20 Woche gerechent, e Rapport médical circonstancié muss komme vum Médecin traitant, wou et drëm geet fir ze kucken, ob e Maintien vun deem Recht op Krankegeld besteet. Am anere Fall géing déi Indemnitéit dann net méi accordéiert ginn. De But ass fir op Basis vun där doter Dokumentatioun dem Contrôle médical vun der Sécurité sociale ze erlaben en Avis ze ginn, fir dann den Assuré definitiv ze orientéieren, respektiv fir dann och eng Reprise de travail ze imposéieren.

Dann drëttens d'Introduktioun vun enger Période de stage, hei de Moyer: D'Krankegeld gëtt nëmme dann oprechterhale wann den Assuré während enger Dauerperiod vu sechs Méint assuréiert war, just ier déi Désaffiliatioun stattfonnt huet.

Véiertens d'Harmonisatioun vum Regime vun der Indemnitéit, déi am Fall vun enger Assurance accident bezuelt gëtt, mat där déi bezuelt gëtt am Fall vun enger Assurance maladie. An och hei déi Limite vun 52 Wochen, op déi ech elo grad schon ze schwätze komm sinn.

Da war och am Projet de loi, wéi e virlouch, wéi en an d'Kommissioun komm ass, eng Reduktioun vun 10% vum Krankegeld virgesinn, fir de Fall wou d'Assuréen net hir Incapacité de travail der Caisse de Maladie gemellt haten. Dat war also de Point de départ zu deem Moment. Dat war am Oktober, wéi mer eng éische Kéier iwwert dee Projet de loi hei geschwat hunn. Dunn hate mer zwar en Avis vum Conseil d'État, deen allerdéings, well d'Avise vun de Beruffskummeren nach net virlouchen, sech drop limitéiert huet fir just eng Rei vu Remarquen ze maachen, déi d'Kommissioun dann natierlech och mat op de Wee geholl huet, mä wou weéng zum Fong...

■ M. le Président.- Madame, et deet mer Leed, mä d'Riedezäit ass amgaangen auszelafen.

■ Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.- Ech iwwerhuelen d'Riedezäit vun eiser Fraktioun, Här President. Mir haten dat esou gemellt.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, si huet d'Riedezäit als Rapporteur plus d'Riedezäit vun der Fraktioun.

■ M. le Président.- Madame Mutsch, dann deklaréiert wann Der als Member vun der LSAP-Fraktioun schwätzt. Ech géif soen, schwätzt weider.

■ Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.- Här President, fir lech ze orientéieren, soen ech dann, dass ech hei a menger Eegeschäft als Rapportrice stinn, an och a

menger Eegeschaft als mandatiert Sprächerin vun eiser Fraktion.

■ M. le Président.- Dont acte!

■ Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.- Merci.

Mir kruten dunn den Avis vun der Chambre de Travail an och den Avis vun der Chambre des Employés privés, déi sech géint deem heite Projet de loi ausgeschwat hunn aus verschiddeenen Ursachen.

Éischtens huet d'Chambre de Travail sech dergéint ausgeschwat, dass déi Period wou ee Krankegeld ka kréien op 52 Woche géng limitéiert ginn, ganz einfach well se Angscht hat, dass et dann zu enger Exklusivoun vun deene géng kommen, déi eventuell op Aarbechtsplazen nach kënnen bleiwen an ouni hiert Verscholden an eng Situation eragerode wieren, aus där se hirer Meenung no net méi elo géngen erauskommen.

Zweetens hu se sech och géint déi Penalisation ausgeschwat vun 10%, wann een d'Union des Caisses de Maladie net géng informéieren iwwert d'Incapacité de travail, an dréitens hu se sech och géint déi Regelungen ausgesprach, déi d'Interimairé betreffe wat déi obligatoresch Affiliatioun vu sechs Méint ubelaangt. A si hu fir e Remède zu där doter Situation ze fanne recommandéiert, dass d'Affiliatioun sech géng iwwer e Kontrakt maachen, deen dann de Salaré un eng Société de travail intérimaire géng bannen.

Ähnlech kritischesch war den éischten Avis vun der Chambre des Employés privés. Et koom duerno nach en zweeten Avis an och heigoung et haaptsächlech em déi 52 Wochen, wou gefaert ginn ass, dass eng Lacune géng kommen, wann déi Période d'indemnisation géng oflafen.

Zweetens ass gefaert ginn, dass et zu enger Prekarisatioun géng komme bei deene Salaréien, déi e Contrat à durée déterminée hunn, falls dat géng oprecht erhalte gi mat där Période d'affiliation, an dréitens och sech géint déi Penalisation vun de Salaréien ausgeschwat an déi 10%, déi schonn hei erwähnt goufen.

En onerwaart schaafen Zousazavis koom dunn nach eng Kéier vu Säite vun der Chambre des Employés privés, déi nach eng Kéier drop higewisen huet, dass se et bedauert hunn, dass déi Amendement, déi vun der Chamberskommission gemaach gi sinn a weider gereecht gi sinn, net pour avis un d'Berufskommere gaange wieren, wat awer, wéi mer gesot kritt hunn, net zu den normale Chambersgeschäfte gehéiert.

Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics seet résuméiert, dass dese Projet de loi de Kader vum Komproméss iwwerschréit, deen an den Tripartite-Verhandlungen ausgeschafft gi war.

Et sinn awer eng Rei vu Acquisés vun Iwwerteneestëmmungen an deem heite Projet de loi. Éischtens d'Mesuren, déi hei proposéiert ginn, sinn am Kontext vun der schwieriger finanzieller Situation vun de Krankekeesen ze gesinn a ginn och als solch interpretéiert.

Zweetens, d'Tripartite huet schonn d'Pist opgewisen, dass d'Prise en charge vun der Incapacité de travail misst besser géréiert ginn, besonnesch wann et sech em Incapacités de travail dréit, déi sech iwwert méi e laangen Zäitraum strecken. D'Mesuren, déi dese Projet de loi virgesäit, sinn also, zumindest wat déi Iwwerteneestëmmungen ubelaangt, eng Ëmsetzung vun desen Décisiounen. Si sinn awer trotzdeem an der Praxis contestéiert.

Ob dat elo dowéinst ass well gesot gëtt, et géng keng prezis schrëftlech Rapporté vun de Réunionne

vun der Tripartite ginn, esou dass dann eben d'Méiglechkeet do ass, dass verschidde Säite kënnen ënnerschiddlech Interpretatioune ginn, oder ob et déi verständlech Suerg ass, dass eventuell e soziaalt politescht Instrument géng feelen, fir falls an der Praxis géinge Cas de rigueur entstoen, fir déi Persounen opgefaangen ze kréien.

Bei allen Diskussiounen a Kritike muss ee sech awer bewosst sinn, dass sech all Säiten eens waren, dass misste Mesur geholl gi fir dem Problem vum Krankegeld generell an och dem Defizit vun de Krankekeesen entgéint ze wierken.

Här President, an der Kommissioun vun der Santé an der Sécurité sociale ass betount ginn, dass et wichteg wier - an dat ass dunn och gemaach ginn iwwerdeems vun den Amendementen... D'Kommissioun huet als Éischt déi 10% Strofbestëmmungen erausgeholl, wat ech géng als ee vun deene wichtegste vun deenen néng Amendementen vun der Kommissioun ervirsträchen.

Et dierf een och net vergiessen, dass dat éischt Zil vun deem Projet ass, fir scho ganz fréi am Ufank vun engem Krankefall de longue durée den Assuré ze orientéieren. Dofir gëtt schonn an der sechster Woch e Formular verschéckt, fir dass ee kann Opschluss ginn iwwer säi Gesondheitszustand, a bannent der zéngter Woch soll den Assuré en détailléierte medezinesche Rapport areeche. Dese Rapport soll et erlaben, den Assuré scho fréizäitig richteg ze orientéieren, ob e weider Krankegeld oder Invalidépendioun kritt oder Mesures de réinsertion professionnelle oder ob en, falls en Abus virläit, nees schaffe geet. Dat ass ee vun den Haaptpunkte vun deem Projet.

D'Kommissioun war sech och eens doriwwer, dass een dese Projet de loi a ganz enkem Zesammenhang muss gesi mam Projet 5334, dem Gesetz iwwert d'Incapacité de travail an d'Reinsertion professionnelle, wat an deemselwechten Esprit zustane kënn. Ee vun den Haaptziler ass et deemno, et guer net esou wäit kommen ze loosse, dass en Assuré iwwer 52 Woche bannent enger Referenzperiod vun 104 Wochen am Krankeschäin ass an duerno an der Ongewéssheet hänke bleift. Et kann ee sech natierlech virstellen, dass et Krankheete gëtt oder speziell Fall wou ee riskéiert iwwert dës Wochen erauskrank ze sinn. Zum Beispill am Fall vun enger schwéierer Kriibserkrankung. An deem Fall kënn dann d'Invalidité provisoire zum Droen.

Dese Projet bréngt awer och fir d'Assuréen e wichtige Virdeel, nämlech deen, dass d'Assurance accident mat der Assurance maladie harmoniséiert gëtt. An Zukunft wäerten och bei der Onfallversicherung Cotisatiounen a Saache Kranken- a Pensionskeess virulafen.

Kritiséiert gëtt och nach déi nei Konditioun vun enger Période de stage vu sechs Méint, déi virun allem Leit betrëfft, déi iwwer CDDen oder Interim beschäftegt sinn. Wann een am Krankeschäin ass an de Kontrakt leeft of, dann huet ee just weider Recht op Krankegeld, wann ee virun iwwer sechs Méint affiliéiert war. Dozou muss ee wëssen, dass dat bis uganks den 90er Jore souwisou vill méi restriktiv gehandhaabt ginn ass. An der Praxis war et esou, dass den Assuré esou laang Krankegeld kritt huet, wéi säi Kontrakt gelaf ass. Dës Regelung ass wéi gesot uganks den 90er Jore verschwonnen, éischter ongewollt an ouni dass des Ännerung iwwerhaapt thematiséiert gi wier. Et mécht also Sënn, des Situation a geregelt Bunnan ze bréngen, och wann nach eng Rei vu Froen opstoe bleiwen.

Här President, ech kéim zu menge Konklusiounen. Dëst Gesetz kann an dierf een als concertéiert Aktioun bezeechen, an et sollt een net nëmmen am Kontext vun de-

sem Gesetz iwwert den Equilibre vun de Krankekeese schwätzen oder doriwwer wéi een eng Contribution mécht fir déi schwaarz Schof aus eisem Gesondheitswiesenerausfilteren. Et sollt ee virun allem doriwwer schwätzen, dass et engem muss gelénge fir jiddferen, deen an engem Krankheitsfall ass, egal a wéi engem, besser ze guidéieren an e besser ze begleeden, an dass et virun allem muss drëm goe fir den héije Leeschtungsstandard, dee mir hei zu Lëtzebuerg an eisem Gesondheitswiesenerausfilteren, ze erhalen.

Et ass dofir wichteg ze soen och am Zesammenhang mat deem Gesetz, dass dëst zwar eng concertéiert Aktioun ass, awer keng staatlech Aktioun dierf sinn, well weiderhin d'Bereitschaft muss bleiwen zum Dialog fir, falls dat noutwendeg ass, och kënnen Nobesserungen ze maachen, falls se sech an der Praxis als punktuell noutwendeg erweisen.

Aus all deenen Iwwerleeungen eraus, Här President, géng ech zum Ofschluss vun deser Presentatioun lech eng Motioun iwwerreechen, déi d'Ënnerschrëft vum Här Castegnaro, vum Här Kaes, vum Här Spautz, vum Här Huss, vum Här Wagner a vu mir selwer dréit a wou et mat all deene bekannte Prémisen, déi ech net hei nach eng Kéier wëll virdroen, haaptsächlech drëm geet - an ech liesen da vir -: «invite le Gouvernement à assurer la mise en vigueur simultanée des projets de loi 5322 et 5334», dat ass dee vun der Incapacité de travail, «vu leur interdépendance évidente, et afin d'éviter autant que faire se peut l'apparition d'éventuels cas de rigueur occasionnés par l'application du premier de ces textes».

Zweetens, «à établir un bilan sur les dispositions contenues dans les deux lois au plus tard 2 années après leur mise en vigueur et de procéder, le cas échéant, à des adaptations visant à éliminer d'éventuels cas de rigueur».

An dréitens, «à étudier les possibilités d'une amélioration de l'affiliation des travailleurs intérimaires qui travaillent régulièrement sur le territoire luxembourgeois, le cas échéant à travers des modifications législatives».

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le projet de loi 5322 modifiant 1. le Code des assurances sociales; 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail prend racine dans les débats menés au sein du Comité de coordination tripartite, de la quadripartite et de l'assemblée générale de l'UCM;

- considérant que le projet de loi fait partie d'une action concertée des partenaires sociaux afin d'aboutir à un équilibre durable du budget des caisses de maladie;

- considérant que le projet de loi en question tend vers une meilleure guidance de l'assuré en l'orientant rapidement vers le système de prise en charge approprié;

- constatant que l'harmonisation du régime de l'indemnité pécuniaire payée en matière d'assurance accident avec celui de l'assurance maladie procure plusieurs avantages à l'assuré, à savoir un revenu de remplacement calculé sur base du revenu professionnel éventuellement plus élevé au moment de la nouvelle incapacité de travail que celui réalisé avant l'accident, l'affiliation à l'assurance maladie et le paiement de cotisations à l'assurance pension;

- constatant que les dispositions contenues dans le projet de loi n'ont pas d'effet rétroactif et que la limitation de la durée maximale

d'indemnisation au titre de l'assurance maladie à 52 semaines au cours d'une période de référence de 104 semaines, prévue à l'article 1^{er} du projet de loi 5322, sortira ses effets au plus tôt une année après la mise en vigueur de la loi;

- considérant par ailleurs que le projet de loi 5334 modifiant plusieurs textes législatifs vise lui aussi la détermination plus rapide du système de prise en charge approprié en cas d'incapacité de travail et dans le cadre de la réinsertion professionnelle, et est donc étroitement lié au projet de loi 5322;

invite le Gouvernement

- à assurer la mise en vigueur simultanée des projets de loi 5322 et 5334, vu leur interdépendance évidente, et afin d'éviter autant que faire se peut l'apparition d'éventuels cas de rigueur occasionnés par l'application du premier de ces textes;

- à établir un bilan sur les dispositions contenues dans les deux lois au plus tard 2 années après leur mise en vigueur et de procéder, le cas échéant, à des adaptations visant à éliminer d'éventuels cas de rigueur;

- à étudier les possibilités d'une amélioration de l'affiliation des travailleurs intérimaires qui travaillent régulièrement sur le territoire luxembourgeois, le cas échéant à travers des modifications législatives.

(s) Lydia Mutsch, John Castegnaro, Jean Huss, Ali Kaes, Marc Spautz, Carlo Wagner.

Wann ech gelift, Här President. Ech soe Merci.

■ M. le Président.- Merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. John Castegnaro (LSAP).- Här President!

■ M. le Président.- Den Här Castegnaro freet d'Wuert.

■ M. John Castegnaro (LSAP).- Ech wollt just eng Bemierkung maachen. De Rapporteur huet dat gesot wat huet misse gesot ginn, just am Ufank eng Ausso gemaach, déi ech net kann a wëll am Raum stoe loosse, nämlech déi, dass sech an der Tripartite géeneegt gi wier iwwert dat wat dann elo d'Basis vun deem Gesetz ass, respektiv vu munch aneren.

Ech wëll dozou just klipp a kloer soen, dass sech an der Tripartite iwwerhaapt net géeneegt ginn ass. Et ass sech géeneegt ginn an der Tripartite am Hierscht 2003 iwwert den Transfert vun 130 Milliounen an d'Krankekeesen aus de Pensionskeese wéinst dem Invaliditéitsproblem. All déi aner Piste sinn undiskutéiert ginn, mat enger Prioritéit fir den Abusën d'Handwierk ze leeën, woubäi mengen ech jiddferen d'accord ass.

Mä et ass och diskutéiert ginn, dass keng Deregulierung dierften entstoen, an déi Diskussiounen sollten am Fréijoer weidergefuert ginn, wat awer net de Fall war, an dierfir gëtt et jo och keen Avis vum Comité de coordination tripartite. Den Avis heescht net méi an net manner wéi e Rapport, en Ofschlussrapport mat de Konklusiounen. Dat gëtt et net, an dierfir kann ee sech net op eng Tripartite berufen, déi net zu Décisiounen, respektiv zu Konklusiounen oder Virschléi komm ass.

Dat Ganzt féint elo eng Léisung an där Motioun, déi d'Madame Lydia Mutsch proposéiert huet, déi och d'Matière entschäerft, well soss eng Rei Leit, enner anerem ech, Problemer gehat hätte fir dat Gesetz do ze stiëmen, an ech gi vun deem Engagement, deem fermem Engagement aus, dass Nobesserungen, déi sech aus der praktescher Uwendung erginn, och da musse virgeholl ginn.

Ech wollt dat einfach soen, fir dass mer am Verlaf vun der Diskussioun

net op eng Kéier eis ëmmer op eng Tripartite-Décisioun bezéien, déi et guer net gëtt.

Merci.

■ Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.- Här President, ech hunn zwar gehouscht, mä ech weess awer nach wat ech gesot hunn.

■ M. le Président.- D'Rapportrice huet ëmmer d'Wuert.

■ Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.- Ech weess awer nach wat ech gesot hunn. Ech hu ledeglech de Statsminister zitéiert. Ech hunn och deen Text hei leien, dee sech op déi doten Tripartite beruff huet, fir déi fënnf Mesuren, déi sech sengen Aussoen no aus deenen Tripartite-Verhandlungen erginn hunn, no vir ze bréngen. Ech war selwer net bei där Tripartite derbäi, mä ech kann awer déi Wieder vum Statsminister hei zréckginn.

■ M. le Président.- Mir géifen dann zur Diskussioun vum Projet de loi iwwergoen an als éischt Diskussionsriednerin huet d'Madame Stein d'Wuert.

Discussion générale

■ Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Villmools Merci, Här President. Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der CSV-Fraktioun wollt ech der Madame Lydia Mutsch Merci soe fir hiren ausféierleche Bericht iwwert dese Gesetzeprojet.

Wéi d'Rapportrice schonn duergestellt huet, soll dese Projet de loi e legislative Kader fir déi Mesuren duerstellen, déi am Kader vun der Tripartite vun 2003 beschloss goufen. Dofir ass et vläicht wichteg d'Finanzparametere vun deemools nach eng Kéier an Erënnung ze ruffen. D'Prestations en espèces, also d'Krankegeld, ass am Laf vun de Joren terribel an d'Luucht gaangen, esou datt besonnesch am Aarbechterregime, wou jo d'Krankegeld vum éischten Dag u vun de Keesen iwwerholl gëtt, et zu enger excessiver Steigerung komm ass.

(Interruptions)

■ M. le Président.- Ech bieden lech der Madame Stein nozelauschteren.

(Interruption)

Ech bieden lech roueg ze sinn, datt d'Madame Stein a Rou schwätze kann, Här Grethen.

■ Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Merci.

■ M. Henri Grethen (DP).- Här President, Dir sidd sensibel de Mëtteg.

(Interruptions)

■ Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Jiddefalls ass et zu enger Steigerung vun der Belaaschtung duerch d'Krankegelder op d'Keese komm, an dat ware 16,8% am Joer 2002, dem Referenzjoer fir d'Tripartite 2003. Awer och déi aner Ausgabeposte vun der Krankekeess hunn deemools grouss Progressiounen opzeweise gehat, nämlech d'Spidolskäschte plus 5% am Joer 2002 a plus 9,3% am Joer 2003; d'Dokteschkäschte plus 10,3% 2002 a plus 8% 2003; Medikamenter plus 9,7% 2002 a plus 9,4% 2003.

Wat elo d'Prestation en espèces ubelaangt, ass probéiert ginn den Ursachen op de Grond ze goen an et sinn haaptsächlech zwee Facteuren erausgestrach ginn. Den éischte si schlecht Gewunnechte vu verschidde Patienten a Mëssbrauch duerch Patienten an awer och Doktere vun der Institution Krankeschäin. Wéi ech nach am Beruff méi tätég war, huet een ëmmer Zoustänn kritt, wann een erzielt huet, de Patron hätt gesot hie misst e Krankeschäin huelen. Éischtens ass et net um Patron dat

ze soen an zweetens hëlt ee kee Krankeschäin, mä et kritt een een, wann een e braucht. Zweetens...

(Hilarité)

..., en anere Facteur wier en Zouhuele vu Laangzäitkrankheetsfäll, wat op d'mannst zum Deel do-duerch bedéngt war, dass d'Invaliditéité méi restriktiv gesprach gi sinn.

Dëst waren also d'Erausfuenderungen; a méi strukturell Moossnamen, déi sech zu engem Deel an deemem Projet erëmfaangen, ware geduecht fir méi laangfristeg d'Keesen ze sanéieren.

Zu engem aneren Deel - an dat wëllt ech als ee vun deene wichtege Punkte vu menger Interventioun ervirhiewen -, fanne sech des Moossnamen an engem anere Gesetzesprojet, dee scho vun der Madame Mutsch ugeschwat ginn ass, nämlech dem Projet Numero 5334 iwwert d'Incapacité de travail an déi berufflech Réinsertioun, erëm. Souwuel an onser Kommissioun wéi och a menger Fraktioun ass festgehale ginn, dass des zwee Gesetzesprojeten e Ganzt sinn; si sollten zesumme betruecht ginn a si sollten och parallel a Kraaft trieden.

Déi Mesuren nämlech, déi hei am 5322 Verännerungen am KrankeschäinGesetz no sech zéien, hu klorerweis och Konsequenzen op déi Prozeduren, déi dorberhin zum Examen vum Krankheetsfall an domat eben op eng Mise en invalidité respektiv e Reklassement duerch d'Commission mixte erauslafen. Ouni fonctionnéierend Mechanismen, déi duerch deen anere Projet wäerten aktivéiert ginn, féiert dëst Gesetz an eng Sakgaass.

D'Zouso an der Kommissioun vum Minister Di Bartolomeo, dëst zweet Gesetz an allernächster Zäit fäerdeg ze stellen, kritt émsou méi Poids, wann ee weess, dass schonns elo des Prozeduren am Alldag wäitgehend ugewart ginn, an ech kann dat aus menger berufflecher Praxis bestätegen.

D'Philosophie vun deemem Gesetz ass et sécher net fir um Réck vun der grousser Majoritéit vun den Assurée Geld ze spueren, wat jo och onsinneg wier, well des Assurée mat hire Beiträg schliesslech hir Krankekeese finanzéieren a si domat ganz kloer och en Intérêt hunn den Defizit a Moossen ze halen an och d'Abusën ze sanktionéieren.

D'Gesetz wäert et den Organisme vun onser Sécurité sociale erméiglechen, jiddferengem säi Krankeschäinskredit, säi Krankendeegkredit besser ze géieren. Si kënnen méi schnell agräifen, wann e länger dauernde Verlaf ka gefaart ginn, an de Patient weider orientéieren an déi Prozedur, déi fir hien am beschte géeeegent schéngt. Si kënnen de Patient och erëm schaffe schécken, wa keng Krankheet méi virläit.

An deemem Zesammenhang wëllt ech en anere wichtege Punkt ervirsträchen. Bis elo war et wuel den Employés privés grad wéi de Leit am Aarbechtsregime virgeschriwwen, an zwar duerch d'State vum der Union des Caisses de Maladie, hir Krankeschäiner an den Délaien eranzeginn. Dëst huet sech awer an der Praxis net zrëckgeschloen, well bei den Employés privés de Patron d'Krankegeld den éischten ugefaangene Mount plus nach eng Kéier dräi Méint bezuelt huet. Dat huet dozou gefouert, dass d'Informatiounen, déi de Contrôle médical brauch fir seng Aarbecht ze maachen, ganz einfach net virlouchen. Am Artikel 11 vum Code des Assurances sociales gëtt also elo des Obligatioun festgehalen. Et gëtt awer an deser definitiver Versioun op déi virgeschloen Sanktioun verzicht, déi vun enger Rei Beruffskummeren negativ aviséiert gi waren.

(Nuisances sonores dues à des interférences techniques)

Dat deet awer dem obligatoresche Charakter vun der Deklaratioun

keen Ofbroch, well am Droit commun vum Code des assurances sociales an deemem Fall eng Amende d'ordre virgesinn ass, an zwar fir de Patron a fir den Employé. En neie Moment an deemem Projet ass, dass um Enn vun zéng Wochen de Krankecongé an enger Referenzperiod vun 20 Woche muss en R4-Rapport mat engem Avis motivé vum Dokter...

(Nuisances sonores dues à des interférences techniques)

M. le Président.- Madame Stein, ech mengen, et ass Aren Handy. Dir missi e ganz ausmaachen, sou wéi d'Kollegen och. Et ass eng äusserst sensibel Technik hei.

(Interruptions et hilarité)

Dir musst ee fannen, deen en ausmécht.

Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Entschëllegt, Här President. Vläch ass hei een, dee weess wéi en ausgeet.

Also, en neie Moment an deemem Projet ass deen, dass um Enn vun zéng Woche Krankecongé an enger Referenzperiod vun 20 Woche muss en R4-Rapport mat engem Avis motivé vum Dokter um Contrôle médical ukommen. Des Rapporté ware bis elo nëmmen am Kader vun Aarbechtsaccidenter üblich. D'Obligatioun ass eng weider positiv Moossnam vum Gesetz a läit kloer och am Intérêt vum Kranken. De Kontrolldokter kann nämlech eréischt un Hand vum Dossier vu sengem behandelnde Kolleg wäitgehend virausgesinn, welch weidere Verlaf d'Pathologie wäert huelen, ob ee sech kann op eng Heelung astellen an et sech erlabe kann, nach e bëssen ofzewarten, oder ob awer souwisou eng Invaliditéitsprozedur virauszugesinn ass. An deemem Fall kann dem Patient säin Dossier direkt virugeleet ginn un den Aarbechtsdokter an eventuell un d'Commission mixte, wann den Assuré viraussichtlech net wäert amstand si seng lescht Aarbechtsplaz erëm ze integréieren.

Schliesslech kënnen op des Aart a Weis schonns zu deemem Zäitpunkt abusiv Krankschreiwunge festgestallt ginn a Konsequenze gezu ginn. Demem R4-Rapport gëtt eng ganz grouss Wichtigkeet zougestanen an deen Assuré, dee sech net un des Obligatioun hält, kann d'Krankegeld verléieren.

Ech kommen elo zu deene méi émstriddene Punkte vum Gesetz. Wat d'Incapacité de travail ubelaangt, esou sinn an Zukunft d'Krankeschäiner aus enger Krankheet oder engem privaten Accident mat de Krankheitsperioden aus engem Aarbechtsaccident gläichgestallt. De Versécherter gëtt iwwert d'Indemnité pécuniaire de maladie während maximal 52 Wochen indemniséiert, an dat gerechent op eng Referenzperiod vun 104 Wochen. Bis elo war et esou, dass jiddeder Énnerbriechung vun engem Krankheitscongé de Computer erëm op Null gesat huet.

52 Wochen, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass ee Joer. Et war mer dofir en Uleies ze hannerfroen, wéi vill esou Fäll vu prolongéiertem Congé et iwwerhaapt gëtt. Et ass schwéier zouverlässeg Zuelen ze bréngen, awer d'Äntwerte vun deene kompetente Plaze sinn inhaltlech kloer. Et gëtt der net vill. Et gëtt zwou Zorten. E puer hunn effektiv d'Délaié verpasst fir an eng aner Prozedur ze kommen. Mä be-traff sinn haaptsächlech déi Leit, déi permanent zwëschen Onfall- a Krankeregime hin an hier pendelen, mat mol kuerzen, mol mat laange Krankenzäiten an emmer erëm neie Krankheetsfäll an engem heefige Wiessel vum verschriewenden Dokter.

Abee, ech mengen, hei gëtt et erëm zwou Méiglechkeeten. Hei läit entweder en Abus vir an déi solle jo schliesslech ennerbonne ginn, oder awer dese Patient

brauch Hëllef, an déi kann hien am beschten iwwer eng Ennersichung vu sengem Fall kréien, déi eng professionell Reorientéierung erlaabt, an net iwwer eng endlos Verlängerung vun de Krankeperioden.

Ech ka mer awer och zum Beispill virstellen, dass ee Kriibskranken - d'Madame Mutsch huet dat nämlech Beispill gebraucht -, deen emmer erëm chirurgesch Behandlungen, Bestrahlungen oder Chemotherapie kritt, kéint iwwert déi 52 Wochen erauskommen. Hei huet de Contrôle médical dann nach d'Méiglechkeet iwwer eng Invalidité temporaire Perioden opzefänken, oder awer iwwer e Reclassement interne oder externe eng Diminutioun vun der Aarbechtszäit mat enger Indemnité compensatoire duerch d'Commission mixte ze sprächen, wat esou engem Kranke wahrscheinlech géif entgéintkommen.

Wann dëst Gesetz den 1. Mee 2005 a Kraaft trëtt, dann hätte mer theoretisch déi éischt Betreffen den 1. Mee 2006. Dat sinn déi, déi theoretisch vum 1. Mee 2005 un déi ganzen Zäit krankgeschriwwen wiere bis dat Joer drop. Mä a vollem Ausmooss dréit et eréischt de leschten Abrëll 2007, wann den éischten Délai vun 104 Wochen ofgelaf ass. Bis dohi wäert et sécher méiglech sinn ze kucken, ob et duerch des Moossnam wierklech Härtefall gëtt, déi ouni eegent Verscholden an ouni abusiv Krankschreiwungen an dese Fall kommen an hir Aarbecht verléieren. Sollt dat de Fall sinn, da gi mer eis heimadde bal zwee Joer fir Géigemessuren ze huelen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt awer och e Bléck werfen op d'Kritik vun de Beruffskummeren iwwert d'Ongerechtegkeet vum Cumul vun de Krankheitsperioden an eemol ennersichen, wat d'Konsequenze vu laange Krankheitsperiode bis elo waren.

En Affer vun engem Accident de travail huet eng Assurance maladie continuée, déi dräi Méint viruleeft an duerno nach eng Kéier héchstens sechs Méint ka verlängert ginn. Dat ass den Zoustand wéi en elo ass. An deene meeschte Fäll huet hien no sechs Méint keng Krankekeess méi. Hie gëtt dann ugeschriwwen fir eng Invalidérent unzerfroen. Des provisoersch Rent ass him quasi automatesch zougesprach ginn, an domat erlāscht gradso automatesch säin Aarbechtsvertrag. Et war also och elo schonn dem Ermiesse vum Patron iwwerlooss, ob hien deen Employé oder Aarbechter duerno erëm ustelt. Ähnlech gëllt fir de Krankheetsfall. No sechs Méint kann e Patron engem Kranken, ouni weider Ursachen unzeginn, kënnegen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir verlängeren also duerch dëst Gesetz d'Schutzfrist fir déi Krank vu 26 op 52 Wochen. An Dir zweifelt jo net drun, dass ech och dëst wéll als eng Verbesserung vun der Situatioun vum Kranken duerstellen.

Ech wäert elo nach ganz kuerz op de finanzielle Voleit agoen. Wat d'Krankeschäiner no engem Onfall ubelaangt, sou sinn elo des Perioden net duerch eng Indemnité pécuniaire bezuelt, déi Indemnité, déi des Patiente kréien, heescht „rente plénière“, soulaang bis eben dann eng „rente d'invalidité“ antrëtt. Or, a verschiddene Fäll huet deen Émstand negativ Konsequenzen op d'Heicht vun der Indemnité gehat. Och des Patiente kréien elo während 52 Wochen eng Indemnité pécuniaire de maladie, déi eben a verschiddene Fäll ka méi héich sinn, an déi zweetens béinhalt, dass d'Cotisatioun virun an d'Krankekeess, an d'Pensionskeess an an d'Fleegeversicherung bezuelt ginn. Mir hunn also hei net nëmmen eng administrativ Verein-

fachung an eng Harmoniséierung vun de Prozeduren, mä och eng finanziell Plus-value fir den Assuré.

Eng däitlech Verschlechterung vum Statut bréngt dese Gesetzesprojet nëmme fir d'Intérimairen, respektiv fir déi Leit, déi énnert dem Regime vun engem Contrat à durée déterminée schaffen. Bis elo konnte si, och wa se nëmmen e puer Deeg geschafft haten, en Usproch op 52 Woche Krankecongé erhiewen. Dat fällt duerch dëst Gesetz ewech. D'Recht op Krankegeld erlāscht dann, wann och den Aarbechtskontrakt eriwuer wier, respektiv gëtt eréischt da generéiert wann ee sechs Méint virdrun, ennerbrach vun héchstens enger Woch Stageperiod, opzeweisen huet.

D'Privatbeamtekummer schreift heizou: «Effectivement, en pénalisant les bénéficiaires notamment de contrats d'intérim par la stipulation d'une condition de stage d'affiliation obligatoire à la sécurité sociale correspondant à six mois, le législateur risque d'accroître la précarité d'emploi de ces personnes et de leur enlever le bénéfice d'une réelle assurance en cas de maladie ou d'accident. La Chambre des Employés privés propose une relance de la discussion générale au niveau de la législation sur l'emploi intermédiaire.»

Ech wëll just drun erënnere, dass des Diskussioun, déi an der Tripartite gefouert ginn ass, dorobber berout huet, dass besonnesch am Interimsberäich d'Abusé massiv em sech gegriff hunn, an an der Kommissioun ass an deemem Zesammenhang och iwwer eng méi efficace Kontroll vun den Assurée geschwat ginn.

Ech sinn awer trotzdem der Meinung, dass een net eng ganz Kategorie Leit sollt fir e puer Béiser strofen, an dass d'Propositioun, eng weidergehend Iwwerleeung zu der Précaritéit vun deser Zort vun Aarbechtsvertrag ze féieren, sollt mat virugeholl ginn.

Dëst Gesetz huet also no der Meinung vun der CSV-Fraktioun wäitgehend positiv Auswierkungen. Énnert deene Reserven, déi elo schonns formuléiert gi sinn an déi sech och an der Motioun vun der Madame Mutsch erëmfaangen, nottamment, dass de Gesetzesprojet N° 5334 iwwert d'Aarbechts-onfäegkeet an d'berufflech Erëm-agliedderung sollt parallel a Kraaft trieden, dass spéitstens no zwee Joer eng Analys muss virleien, ob net awer verschidden Härtefall duerch d'Masche vun deser Prozedur rutschen, a schliesslech, datt eng fundamental Iwwerleeung iwwert d'Précaritéit vun den Interimsverträge sollt gefouert ginn, wäert d'CSV-Fraktioun dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Stein. Als zweete Riedner ass den Här Wagner ageschriwwen.

M. Carlo Wagner (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Selbstverständlech wëllt ech och der honorabler Madame Mutsch, der Rapportrice, Merci soe fir dee schréfflechen a mündleche Rapport, an ech wëllt besonnesch awer och hei hir Combativitéit ervirsträchen. Op alle Fall, wann ee sech esou schlëmm verschléckt an et kënt een awer bis zum Schluss, Madame Mutsch, da muss ech soen ass dat en Témoignage fir d'Wëllenskraaft an d'Ausdauer, an och den Asaz géif ech soe vun eisen Dammen, wat mir Männer ganz, ganz oft ze vill d'Tendenz hu fir erofzesetzen.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha général)

M. le Président.- Loosst lech net duerchernee maachen, Här Wagner.

M. Carlo Wagner (DP).- Här Castegnaro, et si Männer, déi méi sensibel sinn op d'Stäerke vun eisen Dammen, gesitt Der emol.

(Interruptions et hilarité)

Ech huelen lech mat an de Club eran, ok.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, fént seng Origine selbstverständlech an deem, ech géif bal soe risegen an effrayant Defizit, dee mer bei de Krankegelder, dat heescht bei de Prestation-en-espècen am Laf vun de Joren accumuléiert hunn an dee sech am Joer 2004 op bal 80 Milliounen accumuléiert huet.

Et sinn deemools zwou Mesurë geholl ginn, eng ass scho liicht ernimmt ginn d'éinescht, dat ass déi, wou mer eng Hitparad rausschreawe gelooss hu vun deene Prestaitairen, déi déi meeschte Certificate géifen hei am Land schreiwen, wou mer iwwregens drop komm sinn, dass do de Porte-drapeau bei 3.800 Certificate pro Joer louch. Wéi gesot, wéi mer d'Hitparad vun deene zéng erausbruecht hunn, si mer scho sensiblement weiderkomm, a wann ech dem Här Minister, dem jéztigen Här Minister Di Bartolomeo seng Aussoen huelen, esou sinn d'Krankeschäiner em ongeféier 10% duerch déi Mesure erfogaang.

Dat war also eng éischt Mesure. Déi zweet Mesure, déi gemaach ginn ass, dat war eng Étude globale vun der UCM iwwer effectivement den État vun deene verschiddene Betriber, wéi déi verschidde Betriber justement an der Hitparad vun de Krankeschäiner nees eng Kéier géife stoen. Mir sinn do op ganz erstaunlech Resultater komm, an deem Mooss dass déi meescht vun eis sech erwaart haten, vu dass et eng Etüd war ronderëm sämtlech Secteur-économiquen hei zu Lëtzebuerg, dass een haaptsächlech an deene Betriber, wou d'Leit an d'Aarbechter méi der Witterung dobaussen exposéiert wäeren, dee gréissten Taux d'absentéisme hätt.

Mir waren awer ganz paff doriwuer wéi mer festgestallt hunn, dass en fait a sämtliche Secteure sech eng Zitatioun widdergespigelt huet, oder erausfonnt huet, déi bewisen huet, dass et an all Secteur économique Entreprisé gi sinn, wou den Taux d'absentéisme méi déif war, an deemselwechte Secteur awer och heiansdo effrayant héich war. Wourobber d'Konklusioun gezu ginn ass, dass dat wahrscheinlech ganz vill mat der Culture d'entreprise ze dinn hätt.

Et ass souguer ee Moment hei geschwat ginn, ob een net misst dee Moment am Numm vun der Gerechtegkeet a fir déi Abusën ze éviéieren e System vu Bonus/Malus fir déi verschidden Entreprises aféieren, wou awer finalement gesot ginn ass, dass dat net ganz gerecht wier, vu dass och an enger Entreprise beispillsweis, wou den Absentéisme héich war, dann awer déi Leit, déi keng Abusé gemaach hätten, mat bestrooft gi wäeren.

Et si finalement am Kader vun der Tripartite verschidde Mesuren zrëckbehale ginn, dräi Mesuren, déi haut an deem Projet de loi sinn, nämlech déi vun dem Avis circonstancier, spéitstens während der zéngter Woch; zweetens, nëmmen ausbezuelt vun 52 Wochen an enger Referenzzäit vun 104 Wochen; drëtens, dass mer déi sou genannte Périodes de stage vu sechs Méint agefuert hu wat d'Interimsarbecht ubelaangt, well mer justement an där Etüd erausfonnt haten, dass bei den Interimen awer ontoleréierbar Abusé wäeren.

Et ass d'éinescht diskutéiert ginn: War dat fest zrëckbehale ginn oder war dat net fest zrëckbehale ginn? Ech hunn dem Här Castegnaro selbstverständlech ganz attentivement nogelauschert. Ech muss soen, ech rangéiere mech un d'Ausso vum Premierminister vun

éinescht, esou wéi och d'Rapportrice, d'Madame Mutsch, dat fidelement erëmginn huet, mä ech mengen et géif ze wäit féiere fir haut een Débat ze féieren, ob deen ee Recht hat oder ob deen anere Recht hat; dat géif eis op alle Fall an der Bekämpfung vun den Abusën net weiderbréngen. Dofir, mengen ech, solle mer kucke fir positiv an d'Zukunft...

M. John Castegnaro (LSAP).- Här Wagner, wann ech gelift, de Statsminister nennt dat esou, dass et verschiddearten Erënnerungsverméige géing ginn. Dat, wat um Pabeier festgehale ginn ass, ass dat wat géllt.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Här Castegnaro, wann Dir eng Fro wëll stellen, da frot d'Wuert, da stellt Der eng Fro un de Rapporteur. Et ass eng Fro vu Chambersreglement. Merci.

M. Carlo Wagner (DP).- Jo, Här Castegnaro, ech äntworten lech och direkt, mä deen hannert mir, dee steet iwwert mir, verstitt Der?

(Hilarité)

Duerfir kann ech net direkt äntworten.

Ech wëll, wéi gesot, net op déi Spekulationen hei agoen. Et ass iwwregens awer och, an dat wëll ech soen, am Kader vun der Tripartite vum November 2004 eng weider Mesure zréckbehale ginn, an dat ass déi vum Opstelle vu Profiler, souwuel fir d'Assurée wéi och fir d'Prestataire, wat natierlech mat sech bréngt, dass ee muss e groussen Débat féieren iwwert den Utile et nécessaire, an ech mengen de Minister kënn mer confirméieren, dass op alle Fall schonn d'AMMD zënter bal engem Joer, géif ech soen, un deem ganz schwéieren Exercice aktiv ass. Mä ech sinn och dovunner iwwerzeegt, dass mer geschwä wäerten doranner Resultater kréien.

D'éinescht sinn hei vun deene verschiddene Leit, déi viru mir op dëser Tribün waren, déi verschidden Avisen ugeschwat ginn. Déi vun de Chambres patronales ware positiv, dee vun der Chambre des Fonctionnaires war am Ufank lüch nuancéiert, mä ech géif mengen, nodeem dass déi Dispositioun vun den 10% op der Indemnité pécuniaire amendéiert war, konnt si sech och un dat heite Gesetz ralliéieren.

Eng gréisser Opposition ass komm vun der Chambre des Employés privés a vun der Chambre de Travail, woubäi ech awer muss soen, dass a mengen Aen trotzdem hir Ängschten net justifiéiert sinn an dass en fait déi Opreegung menger Meenung no e bësselchen, emol net disproportionéiert, mä souguer net berechtigt ass. Firwat?

Éischters emol, ech menge bei deem Gesetz hei geet et net drëm fir d'Leit ze bestrofen, et geet just drëm fir Abusën ze évitieren. An et ass d'éinescht hei och schonn ugeklongen, dat wat mer de Moment am Code des assurances sociales stoen hunn, dat erlaabt jiddferengem beispillsweis 52 Woche fir déiselwecht Krankheet krank ze sinn, an där Fäll hate mer hei. Entdeckt e kuerz virdrun oder no deenen 52 Wochen nees eng aner schwéier Krankheet, da kann en nees 52 Woche krank sinn, an esou à l'infini.

Eng zweet Schwieeregkeet huet doranner bestanen, dass deen, dee méintelaang gefeelt huet, nëmme huet bräichten een Dag schaffen ze goen, dee Moment ass nees eng Kéier säin Délai vun deenen 52 Woche komplett nei ugaangen, esou dass ech op alle Fall mengen, dass alleguerten déi Leit, déi averstane si fir d'Abusën ze évitieren, bal missten averstane si mat der Mesure vun 52 Wochen an der Referenzzeit vun 104 Wochen,

et sief da si mengen déi Abusé bräichten net ofgeschaf ze ginn oder et sief dass se aner valabel Alternative géifen duerstellen, wat ech awer bis elo nach net héieren hunn.

Ech sinn och dovunner iwwerzeegt, dass déi heite Mesure beispillsweis vun 52 Wochen a vun der Referenzzeit vun 104 Wochen absolut net contraire ass zum Aarbechtsrecht, well à ma connaissance sinn Abusé bis elo nach net Partie intégrante vum Aarbechtsrecht. Nach eng Kéier, et geet nëmme drëm fir déi Abusën effacement ze bekämpfen.

Déi drëtt Saach ass awer och déi, dass dat heite Gesetz jo en fait eréischt een Effet huet, dat heescht en vigueur trëtt, allerfréistens no engem Joer. Ech mengen, an dat ass d'éinescht och schonn ugeklongen, dass et dofir awer extrêmement wichtig ass, dass een d'Effete vun deem Gesetz hei ganz genau suivéiert, a sollte sech Cas de rigueur erausstellen, da mengen ech hunn op alle Fall alleguerten déi Fraktiounen, déi d'Motioun ënnerschriwwen hunn, sech dozou engagéiert, dass mer dann allerschleunigst géife kucke fir esou Cas-mineuren, mä déi awer kënnen grouss Konsequenzen effectivement fir déi betreffen Assuréeën hunn, dee Moment ze behiewen.

Véiertens wollt ech awer och nach soen, dass een onbedéngt dat heite Gesetz muss gesinn de concert an am Kader mat dem Projet de loi 5334 iwwert d'Incapacité de travail an d'Réinsertion professionnelle, wou jo virgesinn ass, dass mer eng Adaptation vum Gesetz vum 25. Juli 2002 wëllen ënnerhuelen. Och do hat ech déi Zäit als Minister schonn ee Projet de loi virgestallt. De jëtzege Minister, den Här Di Bartolomeo, huet dee Projet de loi iwwerholl, hie seet hie géif se nach iwwerdenken, wahrscheinlech am Dialog mat deene verschiddene Partenaires sociaux, mä en huet sech engagéiert, esou wéi dat och aus dem Rapport ervirgeet, dass mer géife versichen dat méiglechst schnell an den éischte Méint op déi néideg Instanzeweier ze bréngen, esou dass een op alle Fall ka soen, dass déi heiten zwee Projets de loi, och wa se net sollte matenee gestëmmt ginn, mä dass op alle Fall hir Applicatioun de concert matenee geet.

Dir Dammen an Dir Hären, alles an allem sinn ech dovunner sief iwwerzeegt, dass dat heiten ee Projet de loi ass, wou Leit, déi Abusé wëllen ofschafen, onbedéngt müssen dofir sinn. Mir müssen d'ailleurs och un alleguerten déi Leit denken, déi op der Aarbecht sinn a keng Abusé maachen, well gleef mer eent, et ass net flott fir déi Leit, déi an enger Equipe, engem Service oder an engem Département schaffen, wou där Leit, déi der Minoritéit ugehieren, mä trotzdem, déi Abusé maachen, wëssend dass déi Leit, déi effectivement hir Aarbecht gutt ausriichten, dee Moment muss fir déi matschaffen, wat ech net flott a souguer och ongerecht fannen.

Ech mengen also, dass dat Gesetz hei net nëmme seng Daseinsberechtigung huet, mä dass et ee ganz utile Gesetz ass, an dass et sech imposéiert am Kader vun der Bekämpfung vum Defizit vun de Krankekesen, vun deem effroyablen Defizit vun de Krankegeder. Ech mengen also, dass mer heimaddeger richteg Wee sinn, an enner Reserv vun deenen Observatiounen, déi ech gemaach hunn, därerf ech op alle Fall den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Wagner. Den nächste Riedner ass den Här Huss.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll am Numm vun der grénger Fraktioun och just e puer Bemierkungen zu deem Gesetz hei maachen.

Mir haten an der zoustänneger Kommissioun vun der Santé an der Sécurité sociale gesot, dass mer dee Projet hei géifen ënnerstëtzen. Et ass awer esou, dass déi Ennerstëtzung och haut nach oprechterhale bleift, awer nëmme doduerch dass gläichzäiteg eng Motioun hei vun de Majoritéitsparteiën abruecht ginn ass, déi mer och ënnerschriwwen hunn, an där gesot gëtt, dass gekuckt gëtt e Bilan ze zéien no kuerzer Zäit vun der Ausféierung vun deem Gesetz an dass gekuckt gëtt, ob et net awer eventuell Cas de rigueur kënnen ginn, an dass dann no deem Bilan kéint op déi Cas de rigueur reagiert ginn, fir eventuell Nobesetzungen ze maachen. Also, mir wäerten dese Projet de loi hei stëmmen.

Ech wëll och direkt am Ufank awer net nëmme der Rapportrice, der Madame Mutsch, Merci soe fir hir Ausféierungen, déi se gemaach huet zu deem Projet, mä och der Madame Stein, déi eng Rei vu wäertvollen Ergänzungen gemaach huet, an och elo dem Här Wagner, well ech fannen, dass duerch déi Interventiounen, déi do vu Majoritéit an Opposition gemaach gi sinn, awer méi een zesammenhängend Bild komm ass vun der Problematik vun där mer hei schwätzen.

A wann an deene vergaangene Woche vun de Beruffschamberen, a mengen Ae berechteterweis, eng Partie Kritik komm sinn, déi awer mengen ech, elo dass déi Motioun, déi mer hei wäerte votéieren, Kritiken doduerjer kënnen ofgeschwächt ginn, doduerjer kënnen an d'Rei bruecht ginn. Wann dat esou de Fall ass, da muss een awer soen, dass vun der Démarche hier op jidde Fall een déi Chambres professionnelles ka verstoen, wa se soen hei, mir sinn am Fong net no de klore Regeln, wéi et hätt misse sinn, en temps utile consultéiert ginn a mir hätte misse consultéiert ginn, fir dass mer nach hätten zousätzlech Avisé kënnen ginn. Mä ech mengen iwwert déi Motioun, déi mer hei maachen, komme mer awer elo an eng Situatioun, wou deene Bedenken iwwert dat, wat mer parlamentaresch herno hei wäerte beschléissen, awer Rechnung gedroe gëtt.

Et ass och kloer an eisen Aen, dat ass hei schonn e puermol gesot ginn, dass dese Projet de loi net isoléiert ze gesinn ass, mä nëmme ze gesinn ass am Kontext vum Projet de loi, wéi den Här Wagner och lo scho gesot huet, vun der Incapacité de travail, deen domadder ganz kloer liiert ass. Ech hoffen, dass dee Projet de loi och relativ séier kann an eiser Kommissioun diskutéiert ginn, fir dass en hei op den Ordre du jour kënn.

Ech wëll da vläicht meng Aussoen hei méi zentral op en aneren Aspekt konzentréieren, well et jo kee Wäert huet, dass ech hei widerhuelen, wat d'Madame Mutsch hei am Detail gesot huet, wéi déi gesetzlech Regelungen elo sinn. Ech wëll meng Ausféierungen am Fong konzentréieren op de Begrëff, deen ëmmer erëm hei zitiiert ginn ass, wann et ëm d'Sanéierung vun de Krankekesen geet, de Begrëff vun de sou genannten Abusën.

Dat Éischt, wat ech hei wëll soe bei den Defiziter vun de Krankekesen, dat ass dass ech der Meenung sinn, dass den Abus sécherlech e Problem, e gewësse Problem och ass. Mä ech betounen awer „och ass“. Den Haaptproblem vun de Krankekesendefiziter läit a mengen Aen net do. Och wann en e wéineg, an engem klengen Ausmooss sécherlech och do läit, mä e läit global gesinn net do.

An eisen Ae läit de Problem vun de Krankekesen hei am Land, an Däitschland a Frankräich, an der

Belsch, an allen europäesche Länner op ganz aneren Niveaue. Déi Niveaue, wou déi Defiziter vun de Krankekesen sech maachen, international an net nëmme hei zu Lëtzebuerg, dat geet e wéineg an d'Richtung vun deem, wat am Fong den Här Di Bartolomeo a senger Erklärung als neie Gesundheitsminister gesot huet, wou ech total mat him d'accord sinn, dass ee muss kucken endlech ze agéieren op d'Ursaache vun de Krankheeten. A wann ee wëllt agéieren op d'Ursaache vun de Krankheeten, da muss ee soen, dat dat bis elo net gemaach ginn ass, oder héchstens minimal. A wann et gemaach ginn ass, dann ass et méi gemaach ginn um Niveau vun der Prévention secondaire am sou genannten Dépistage - mat deem mer d'accord sinn -, mä net gemaach ginn op der Prévention primaire, bei där et drëm geet d'Ursaache vun den Erkrankungen ze ënnersichen, fir dann drop anzewierken, fir dass et manner Ursaache vu Krankheete gëtt.

Do läit a mengen Aen an alle Sozialsystemer hei an Europa déi Haaptursach, dass nämlech bis elo d'Medezin an och d'Politik, déi d'Medezin begleet huet, ze vill orientéiert waren nëmme um reng Reparativen, nëmme um reng Therapeuteschen, nëmme um Heele vun der Krankheet a vill ze vill wéineg orientéiert war un den Ursaache vun der Entstehung vu Krankheeten, déi vielfälteg sinn - ganz vielfälteg.

D'Krankheeten entstinn op der Aarbechtsplaz op där enger Säit. Si entstinn doduerjer beispillsweis, dass op der Aarbecht Stresssituatiounen sech akkumuléiert hunn an deene leschten zéng Joer, dass d'Leit ëmmer méi enner Stress sinn, wat dozou féiert, dass se krank ginn. Et sinn nach ëmmer leider chronesch Belaaschtungen op der Aarbechtsplaz mat Chemikalien, déi eng Roll spillen, iwwert déi mer an den nächsten zwee, dräi Méint wahrscheinlech am Kader vu „Reach“ mussen hei diskutieren.

Et sinn nach ëmmer den Tubak an den Alkohol an nach ëmmer d'Drogen. Et sinn nach ëmmer ongesond Liewensweisen, déi dozou féieren, op déi ee muss awierken. An et gëtt also global gesinn eng ganz Rétsch vun Ursaachen, déi dozou féieren, dass d'Leit krank ginn; a wa Leit krank ginn an eise System de paiement à l'acte, dann ass et ganz kloer dass dat eng Logik huet, déi dozou féiere muss, dass d'Dépense vun engem Krankekesensystem permanent an d'Luucht ginn, a mir stellen dat jo och fest.

Also muss mer awierken engersäits op d'Ursaache vu Krankheeten a mir misse vläicht och diskutieren iwwert d'Prise en charge vun de Krankheeten, iwwert déi diagnostesch an therapeutesch Prise en charge vu Krankheeten.

(Interruption)

Ech soen dat hei, well et a mengen Aen net egal ass. Dat hei ass e Projet de loi, deen e präzise Punkt erausgräift, mä hei ass awer am Ufank gesot ginn, et geet drëm fir eis Krankekesen ze entlaaschten, an da muss mer schwätzen iwwert d'Abusën, gell?! Dat war jo den Ufank. Mä ech soen, et kann een dat net eleng esou gesinn. Dat ass een Aspekt dovun, awer net deen eenzegen. D'Madame Mutsch hat insgesamt iwwert d'Krankekesendefiziter geschwat, dofir wollt ech och e wéineg dorober hei agoen, fir ze soen, dass een awer och muss awierken op déi wierklech Ursaache vun den Defiziter vun de Krankekesen.

Elo zum Projet de loi da selwer an zu den Abusën. Ech soen hei a mengem Numm an och am Numm vun der grénger Fraktioun, dass et fir eis evident ass, dass et Abusé gëtt um Niveau vun de Salariéen. Ech sinn absolut iwwerzeegt, a jiddferree kennt dat och, dass et Fäll vun Abusé gëtt. Ech wëll awer dobäi soen, dass dat net...

(Interruption)

Ech wëll awer net...

Mä da lauschtert, ech schwätze jo viru elo!

Ech wëll awer soen, dass ech der Meenung sinn, dass dat awer kee generaliséierte Phenomeen ass, dass dat e Phenomeen ass, deen et gëtt, mä dass en net majoritär ass; dat sinn eng Partie vu Fäll, déi et gëtt. An da muss een alt kucken drop anzewierken. Dat gëtt jo versicht mat deem Gesetz ze maachen.

Op där anerer Säit ass jo d'Problematik vum Abus eventuell och um Niveau vum Prestataire de soin, um Niveau vum Dokter, deen en da krankschreift, gell?! Mir hu jo lo just hei nach, mengen ech, vum Här Wagner gesot kritt, wéi vill a wat fir eng Dokteren et gëtt, déi sech eng Freed doraus maachen, méiglech vill krankschreiwten - wahrscheinlech, well se doduerch Clienten halen. Wa se de Clienten entgéintkommen, fir se krank ze schreiwten, dann hu se vill Clienten, gell?! A vill Consultatiounen. Déi gëtt et och.

Ech wëll awer och do net d'Dokteren all insgesamt an d'Pan klaken. Ech mengen, déi meeschten Doktere maachen dat korrekt, mä et gëtt och do déi sou genannte schwaarze Schof. Gutt.

Bon, an da gëtt et dréttens d'Fro vun den Abusën, iwwert déi hei dann awer net geschwat ginn ass an iwwert déi een dann awer och misst schwätzen. An deen Abus, iwwert dee siele geschwat gëtt, ass dee vun der Patronatssäit hier. Dat ass deen Abus, dass et awer heiansdo Aarbechtsbedingungen op der Aarbechtsplaz och hei zu Lëtzebuerg nach gëtt, déi effektiv krank maachen. Sief et duerch psycheschen Drock oder eventuell souguer nach duerch Belaaschtungen, déi et op der Aarbechtsplaz gëtt am Sënn vu chemeschen, chronesch Belaaschtungen, duerch déi Leit krank ginn. Doriwwer schwätzt d'Patronat net gär. An dofir soen ech dat awer hei, an och doriwwer muss geschwat ginn.

Da kënn e Punkt dobäi, dee fir mech zentral ass. Wie stellt da fest, a wie schreift da krank? Dat si jo d'Dokteren, gell? A wie confirméiert dat duerno? Dat ass jo de Contrôle médical. Dat ass de Contrôle médical! Bon, fir mech wier et da wichtig, dass, wann Dokteren dat do maachen, a wann de Contrôle médical dat confirméiert, dass déi Dokteren dann awer och eng optimal Formatioun hätten, fir iwwerhaupt ze erkennen, ob een e Simulant ass oder ob een tatsächlech duerch Belaaschtungen op der Aarbechtsplaz krank ass.

Dat ass am Moment, Här Minister, leider net de Fall. Am Contrôle médical gëtt et net een eenzegen Dokter, deen eng Formatioun gemaach huet, fir festgestellte beispillsweis, ob en Aarbechter op enger Aarbechtsplaz neurotoesch Gehirnschädigung matkritt huet oder net - am chronesch Beräich. Dat ass schued an dat misst geännert ginn. Do misst Leit sätzen, déi och iwwert déi Saachen eng Ahnung hätten, an där Leit sätzen awer keng do.

Da geschitt et esou, dass beispillsweis Leit do als Simulanten ofgedoe ginn, dass et dann zu de berühmte Cas de rigueur kënn, wou Leit dann an eng Situatioun kommen, déi dann heiansdo aus enger sozialer Vue gesinn net méi serio an net méi tenabel ass.

D'Konklusioun vun der ganzer Geschicht ass: Mir missten och drop awierken, dass d'Medeziner a viru allem d'Leit aus dem Contrôle médical eng adequat Formatioun kréien, fir kënnen ze jugéieren, ob eppes, wat en Dokter als krank befonnt huet, ob dat effektiv Simulantum ass, oder ob et effektiv duerch beispillsweis neurotoesch Schiedegungen oder duerch psycheschen Drock a sou viru komm

ass. Dat misst nach kommen. Et misst eng besser Weiterbildung do komme vun deenen Dokterinnen, an da géife mer vläicht an eng wëssenschaftlech méi seriö Approach erakommen, fir déi Saachen do kennen ze jugéieren.

No dësem Exkurs - deen awer a mengen Aen e wichtige Exkurs ass, well dat och zu deem Projet gehéiert, zu deem mer dann duerno wäerte kommen iwwert d'Invaliditéit, deen e wichtige Projet ass - schéngt et mer dann awer noutwendeg ze soen hei, wat bei dësem Projet elo erauskënnt.

Wat ënnert dem Stréch erauskënnt an eisen Aen eng Rei Verbesserungen. Et ass virdrun drop higewise ginn, bei der Assurance accident beispillsweis, dass do vun der 13. op déi 52. Woch verlängert gëtt. Et ass fir mech e Fortschritt, dass dat och pensionnable ass. Dat ass fir mech e Fortschritt. Et ass also net esou, wéi vu Gewerkschaftssäite gefäert gëtt, dass eng reng Ofbaulogik mat dësem Projet verbonnen ass. Dat ass a mengen Aen net de Fall. Wann hei nach Problemer wäerte sinn an iwwreg bleiwen, Cas-de-rigueuren, da solle mer kucken e Bilan dovunner ze maachen, an da solle mer kucken eventuell Adaptatiounen an een, zwee Joer vum Gesetz ze maachen - wa se dann noutwendeg géife ginn. Mä insgesamt gesi mengen ech, dass mer hei e Projet virleien hunn, deen an eng korrekt Richtung geet, an dofir kënne mir als Gréng och dofir stëmmen.

Merci.

M. le Président. - Merci, Här Huss. D'Wuert huet elo d'Regierung. Ah, entschëllegt, den Här Jaerling huet nach d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR). - Net esou schnell. Dir hat e gewichtige Mann vergiess.

(Interruption)

Nach net. Merci, Här Minister.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Ob dat gradsou gutt ass?

M. Aly Jaerling (ADR). - Also ech géif mengen, Här Huss, wat Dir elo hei vun lech ginn hutt, domat hutt Der Är Existenzberechtigung awer uerg a Fro gestallt.

(Hilarité)

Här President, d'Madame Rapportrice huet dat, wat vun der Regierung gewollt ass, ganz gutt hei erëmbrecht, woufir een hir och ka félicitéieren. Dat wëllt awer net heeschen, dass ech mat där onsozialer Ausrichtung vun dësem Rapport, deen d'Philosophie vum Projet erëmispigelt, d'accord sinn.

Dëse Projet, dee mir als ADR, an net nëmme mir, vun der Dagesuerdnung wollt sträichen, huet nëmme eng Virgeschicht, awer dofir e ganze Koup Hannergedanken an haut och nach e ganzen Eemer voll Kuddelmuddel dobäikritt. Wéi ech an der Kommissioun all dat, wat elo an där Motioun do steet, déi haut op eemol hei opgetaucht ass, ervirbruecht hunn, du sinn ech mer virkomm wéi den Don Quichotte. Dofir kommen ech mer elo mat dëser Motioun hei vir, wann ech déi liesen, wéi wann ech schonn eng ganz Arméi hanneru mer hätt. Ech sinn erstaunt...

(Interruption)

Här Huss, wann ech gelift, dat hei ass eng Motioun vum schlechte Gewëssen, déi Der hei ervirbruecht hutt, well dat hunn ech nach net erlieft, dass hei, wann e Gesetz presentéiert gëtt, dann direkt eng Motioun hannendru kënnt fir dat, wat an deem Gesetz schlecht ass - wat jiddferee weess -, erëm riichtzebéien! Also dat ass eenzeg an Europa! Dat wëll ech lech awer soen. Dat do gëtt et nëmme hei an dëser Chamber! Voilà.

An déi Motioun hei ass de Beweis, dass dat hei e schlechte Projet ass a wäert bleiwen! An Dir kënnt och mat där Motioun do dat, wat Der

elo mat dësem Gesetz verbriecht, wou Der sot, an zwee Joer géift Der dann eventuell - eventuell - Cas-de-rigueurë riichtzebéien; déi Cas-de-rigueuren, déi huet Der awer net ewech. An déi Leit, déi duerch dat Gesetz hei an déi Cas-de-rigueurë kommen, déi sätzen am Misère an net Dir!

Här President, déi Virgeschicht ass déi, dass duerch eng Jurisprudenz vun 1996 d'Zougstoe vum enger Invaliditéit méi restriktiv gehandhaabt ginn ass an doduerch manner Invalidierenden ausgestallt goufen. Ech betoune manner Invalidierenden, well d'Zuel vun den Invaliden huet net geännert, déi ass bliwwen. Just dass se vun enger Instanz a vun engem Recours an deen anere gejot gi sinn; de Moment, wou déi Jurisprudenz opgetaucht ass, ass erstaunlech, souguer scho verdächtig.

Nämlech grad an deem Moment wou d'EU eis e béise Finger weisen huet, well mer anscheinend eis Matbierger ze vill fréi géifen an d'Pensioun schécken an eis Zuel vun den Invalidierenden hinnen ze héich erschéngt huet. An dat bestäetgt och mäi Verdacht, dass dat manner Invalidierenden zougestane gi sinn, keng medezinesch, mä eng politesch Décisioun war!

Elo gëtt behaupt, dass doduerch, dass manner Invalidierenden ausgestallt ginn, d'Leit sech méi laang krankmellen, an doduerch den Defizit vun de Krankekeese géif steigen. Wat jo awer nëmme normal ass. De Mensch, dee vu sengem behandelnden Dokter als aarbechtsonfäeg ugesi gëtt, gëtt dofir net méi gesond, andeem him d'Invalidierend verweigert gëtt.

Wat an dëser Diskussioun awer nach derbäikënt ass Folgendes: Wann ee soss an d'Invalidierend gaangen ass, dann huet d'Pensiounskeess der Krankekeess de Montant erëmbezuelt, deen d'Krankekeess vum éischten Dag vun der Krankmeldung u bezuelt huet. Wéi dat net méi de Fall war, du sinn d'Krankekeesen a Schwiegerkeete komm an dunn ass d'Géiz lassgaang. A fir dat Lach ze stoppen, ech mengen do erënnere mer eis jo all drun, sinn 130 Milliounen aus de Pensiounskeese geklaut ginn. Mä d'Krankekeese mussen awer elo nach ëmmer d'Krankegeld bezuelen, bis den Assuré an d'Invalidierend geet oder se zougestane kritt. Do huet sech näischt geännert.

Dëst Gesetz soll zum Zweck hunn, den Defizit vun de Krankekeesen ze decken, an dat ausschlieslech op Käschte vun de kranken Assuréeen. An ech zitieren aus dem Rapport: «Ainsi le projet de loi a pour objet de traduire les mesures retenues par le Comité de Coordination tripartite, visant de contre-carrer l'absentéisme abusif et à redresser durablement la tendance budgétaire déficitaire de l'Union des Caisses de Maladie.»

Elong dëse Passage aus dem Rapport weist kloer, ëm wat datt et hei geet. D'Regierung an d'Tripartite sinn der Meenung, dass den Defizit vun de Krankekeesen eleng duerch den Absentéismus entsteet an och nëmme duerch d'soizialer Bekämpfung vum Absentéismus ka redresséiert ginn. Et geet also eenzeg an eleng drëm fir de kranken Assurée weider Contrainten opzëerleeën. Si ginn alt erëm eng Kéier als déi eenzeg Schëlleg um Krankendefizit ugeklot!

An dat sollen anscheinend och d'Konklusiounen vun der Tripartite gewiescht sinn, just dass elo op eemol vu Gewerkschaftssäit, déi jo awer an der Tripartite dobäi waren, dat do ferm contestéiert gëtt. Dee ganze Projet gëtt a Fro gestallt, an déi berechtigt Fuerderung, fir de Projet zréckzezéien, ass och gestallt ginn.

Vun enger anerer Säit gouf dann awer behaupt, d'Gewerkschaften hätten an der Tripartite de Projet

guer net contestéiert, wat ech einfach net gleewe kann an och net gleewe wëll. Wie schwindelt dann also hei? D'Gewerkschaften, déi sech anscheinend hirer Responsabilitéit vis-à-vis vun den Assuréeen elo eréischt bewosst ginn, oder déi, déi behaupten, d'Gewerkschaften hätte sech an der Tripartite net gewiert an dee Projet hei guttgehescht?

De Problem ass, dass mer als Vollektivvertrieder dat net kennen erausfannen, dass net kennen novollzéien, well mer jo net direkt informéiert ginn iwwert dat wat an der Tripartite geschitt; wat mer awer eigentlech missten, well mer hei permanent mat Virschléi vun der Tripartite virun e Fait accompli gestallt ginn a wou sech ganz oft hannert de Konklusiounen vun der Tripartite verstoppt gëtt, fir onsozial Projeten ze verkafen.

Duerfir, Här President, wëll ech nach eng Kéier eng Motioun hei areecheen, déi d'Regierung opfuert, de Vollektivvertrieder e Verbatim vun allen Diskussiounen an der Tripartite zoustellen.

(Interruptions)

Een, hunn ech gesot, ech betoune ee Verbatim, well ech hat d'leschte Kéier de Feeler gemaach, dass ech an der Motioun geschriwwen hat „de Verbatim“. Elo hunn ech den „de“ ewechgeholl, gell, a wa mer elo hei awer déi Motioun do stëmmen, da gëtt et een, da muss mer „ee“ kréien. Voilà. Well deemools gouf vun der Regierung nämlech d'Argument geholl, et géif kee Verbatim ginn, well ech „de“ Verbatim geschriwwen hat. Elo hunn ech „e“ Verbatim geschriwwen, an elo sinn ech iwwerzeugt, dass dat dann endlech kloer verstanen ass.

(Interruptions diverses)

Motion 2

D'Vollektivvertrieder kummer,

- *hëlt zur Kenntnis, dass mam Gesetzesprojekt Nr. 5322 Moosnamen emgesat solle ginn, déi an der „Tripartite“ beschloss gi sinn;*

- *stellt den immensen Afloss vun engem ausserparlamentareschen, net vum Vollek gewielten Organ, der „Tripartite“, op politesch Entschcheidung fest;*

- *condamniert, dass déi gewielte Vertrieder vum Vollek nëmme indirekt iwwert d'Entscheidungsofleeft an der „Tripartite“ an d'Motivatiounen vun deenen do getraffenen Décisiounen informéiert goufen a ginn;*

- *stellt fest, dass och déi vun de Medien rapportéiert Informatiounen an Aussoen iwwert d'Geschéien, ewéi och d'Begrënnung vun den Décisiounen an der „Tripartite“ nëmme op Héieresoe berouen a soumat allze oft widderspérechlech sinn;*

fuerdert d'Regierung op

- *jiddfer Vollektivvertrieder e Verbatim vun de jeeweiligen Tripartite-Séizungen zoukommen ze loos-sen.*

(s.) *Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf, Robert Mehlen.*

Här President, de Projet, dee mer hei virleien hunn, ass e schlechten an onsoziale Projet, well en e isoléierte Projet ass, dee just d'Assurée viséiert, a besonnesch d'Aarbechter. Also just déi, déi schonn duerch hir schwéier a ganz oft gesondheetsschiedlech Aarbechtsbedingungen an do derbäi och nach mat Hongerléin genuch erdroe mussen. Well d'Regierung net à même ass, oder net den néidege Courage huet, fir am Krankekeessendossier konsequent virzegoen. Mir hätte gär vun der Regierung, dass se soll d'Kaarte kloer op den Dësch leeën, andeem se all Facettë vum Krankekeessendefizit be-

licht an dann och endlech déi néideg Strukturereformen ugeet, déi d'Krankekeese kënne laangfristeg sanéieren.

Mir hunn als ADR eng Rei Virschléi gemaach, déi och deelweis vum neie Gesondheitsminister souguer als sympathesch fonnt gi sinn, als gutt fonnt ginn. Ech wëll se net nach eng Kéier hei opzielen, ech menge jiddferee kennt se. Mä fir konsequent virzegoen, muss een de Courage hu fir sech u verschidde Lobbyen erunzeträuen. Mat dësem Gesetzesprojekt gëtt deen einfache Wee gesicht; e Wee, wou mat deem mannte Widerstand gerechent gëtt, well elo mat dëser Regierungskonstellatioun sécher gerechent gouf, et hätt een d'Gewerkschaften am Grëff. Gott sei Dank si se do awer um Holzwee.

Här President, ech wëll elo eemol dëse Projet a seng katastrophal Konsequenzen awer e bësse belichten. Anscheinend soll eng Gläichstellung ugepeilt ginn tëschent deene verschidde Assuréeen, mä wat fir eng Gläichstellung, dat froen ech mech. Wou ass d'Gläichstellung tëschent den Aarbechter a Beamten, respektiv den Indépendanten? Nach ëmmer bestinn d'Ennerscheeder an de Cotisatiounen, nach ëmmer bestinn d'Ennerscheeder am Beräich vun der Kontroll, dat souwuel wat d'medezinesch Kontrollen ubelaangt wéi och d'spezifesch Kontroll doheem.

Den Aarbechter kritt eng Ausgangspär verhaange wann e krank ass an e gëtt vun de Krankekontrollen bis doheem op d'Toilette verfollegt. Wéi sou muss mer iwwerhaapt kontrolléieren ob den Aarbechter doheem ass, wann e krank ass? Gëtt en dofir méi gesond? Wat kaschten déi Kontrollen iwwerhaapt, wann ee weess dass d'Salariat bis zu 100 km ronderëm eise Land hierkënt? Wéi gesäit et juristesch aus, wa mer e Beamten an en anert Land schécken, fir d'Leit an hiren Haiser ze kontrolléieren?

Déi Kontrolle bei den Aarbechter sinn deemno onméiglech seriö duerschzeféieren, kaschte just vill Geld. Mir kënnen och net domat d'accord sinn, dass doduerch, dass mer d'Assuréeen net am Ausland kënne kontrolléieren, just d'Assuréeen hei am Land kontrolléiert ginn. Duerfir sollen eiser Meenung no déi Hauskontrollen ofgeschaaft ginn an duerch méi geziilt medezinesch Kontrollen ersat ginn. Firwat hunn zum Beispill d'Indépendanten eréischt no dräi Méint Urecht op Krankekeess? Si bezuele gradesou gutt vun der éischter Minutt un hir Cotisatiounen a missen deemno dann och déiselwech Rechter zougestane kréien, wa mer scho vu selwechte Rechter...

(Interruption)

Si bezuelen hir Cotisatiounen a si hu manner Rechter.

Une voix. - Do hutt Der gutt geschwat!

M. Aly Jaerling (ADR). - Firwat gëtt dann emol net eng Kéier wierklech, an ech mengen et ass hei schonn ugeklongen, seriö iwwert d'Abusé vun den Employeuren geschwat, déi regelrecht... - ech hu jo gesot, et ass schonn hei dovu geschwat ginn, mä, Här Huss, dierf ech wann ech gelift och nach eng Kéier doriwwer schwätzen?! Iwwert d'Abusé vun den Employeuren, an dat wësse mer aus der Praxis, déi hir Mataarbechter geziilt an d'Krankekeeschäiner schécken. Dat gëtt emol guer net vun den Employeursféderatiounen contestéiert, déi da soen, jo, och si misste bei sech kucke fir hir Abusé an de Grëff ze kréien, wou iwwerens dat Wuert Abus mer schonn esou lues zum Hals eraushängt.

All dat si Froen, déi mat dësem Projet net gekläert ginn. Dëse Projet fummelt dann och nach an der Onfallversécherung erëm. Firwat gëtt och an deem Beräich isoléiert

d'Stéckwierk fabrizéiert, wou dach gewosst ass, dass eng fundamentale Reform vun der Onfallversécherung an Aarbecht ass?

(Interruption)

Wat gelift?

M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Hätte mer dat heiten net solle maachen?

M. Aly Jaerling (ADR). - Neen, lauschtert emol, Här Minister. Dat wat Dir hei wëllt maachen ass souwisou virgesinn an der Reform vun der Onfallversécherung!

M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Déi kënnt awer eréischt an anerhallwem Joer.

M. Aly Jaerling (ADR). - Mä dat hei kënnt eréischt a véier Méint.

M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Wann dann ee seet annerhalft Joer; bei lech geet et em e Grapp net un.

M. Aly Jaerling (ADR). - Neen, bei lech geet et em ee Grapp net un. Wa mer hei vu Grapp schwätzen, ech mengen dann... wann ech gelift.

Wat mir wëllen, an ech hunn lech et virdu gesot, ech hunn lech et an der Kommissioun gesot: Et geet net, dass mer hei einfach isoléiert Projete maachen an déi wierklech Reformen net uginn. Dat hei hätt missen e Ganz ginn. Do hätte mer nach véier Méint Zäit gehat, well dat hei jo eréischt a véier Méint souwisou a Kraaft trëtt, an dann hätt Der och kënne mat de Sozialpartner nach eng Kéier seriö iwwert dee Projet hei diskutéieren. Dat hunn ech lech alles an der Kommissioun gesot, an de Bewäis, dass ech Recht hat, dee läit an där Motioun hei um Dësch.

Dëse Projet ass fir mech e sozial onverantwortlech Wierk, wat och d'fundamentaalt Aarbechts- a Sozialrecht a Fro stellt, an zwar de Kënnegungsschutz vun de kranke Salariéen. Doriwwer ass de Mëtteg kee Wuert geschwat ginn. Dat schéngt anscheinend hei kee Problem ze si fir keen, wann de Kënnegungsschutz a Fro gestallt ass.

D'Introduction vun der Disposition, déi d'Prise en charge vu sämtleche Krankeperioden op e Maximum vun 52 Wochen an eng Referenzperiod vun 104 Woche festleet, riskéiert en automatescht Opléise vum Aarbechtsvertrag, an dat schonn no enger kuerzer Zäit. Dobäi kënnt nach, dass den Assuré dann och nach kee Recht op Chômage kritt, well en nom Verloscht vun sengen Affiliationsrechter bei der Sécurité sociale keen Aarbechtsvertrag méi huet.

De Projet gesäit dann awer an deem Zesammenhang eng gewisse Flexibilitéit a Contrôlé vir, also beim Retrait vum Krankegeld. Hei sollen awer d'Statute vun der UCM Präzisiounen bréngen. Et freet sech just wat fir eng, a wat fir eng Konsequenzen déi dann erëm op den Assuré wäerten hunn, well an der UCM sätzen déiselwech Acteuren um Hiewel, déi och fir dëse Projet verantwortlech sinn.

Da schreift dëst Gesetz och nach eng Stagezäit vu sechs Méint vir, fir Urecht op Kranken- an Unfallversécherung ze hunn, dat fir anscheinend ze verhënnern, dass bei den Zäitverträg kënnen Abusé bedriwe ginn; dat heescht, den Assuré an och säin Employeur bezuele sechs Méint Cotisatiounen an eng öffentlech rechtlech Krankeversécherung, ouni eng Leeschtung an d'Plaz ze kréien. Dat ass einfach onhéiert.

Wat grad esou onerhéiert ass, dass ass datt den Assuré no der 10. Woch oder bis zu der 10. Woch muss e motivéierte medezineschen Zertifikat vu sengem Dokter virleeën. Wat dee Quatsch soll, dat verstinn ech awer nu guer net.

De Krankeschäin gëtt all Kéiers op eng bestëmmte Period ausgestallt a vun engem behandelnden Dokter medezinesch motivéiert. Wann d'Sécurité sociale gäre méi Asiicht hätt op de medezineschen Zoustand vun engem Assuré, da soll se en an de Contrôle médical rufen. Dat ass dat wat ech ënnert Kontrolle verstinn.

Et ass dach net um Assuré Kontabilitéit ze féieren, besonnesch och nach wa sai Gesundheitszustand net esou an der Rei ass, an da soll en nach Kontabilitéit féieren iwwer wivill Deeg dass en effektiv krank ass oder net.

Hei geet et just drëm d'Indemnisation vun de Krankperiode mat alle Moyenen ze reduzéieren. Bei demem Projet geet et drëm, rëm eng Kéier just déi ze harceléieren, déi duerch hir ganz oft schwéier a penibel Aarbechtsbedingunge méi der Krankheet an den Unfallrisiken ausgesat sinn, an ouni dann och hei an demem Zesammenhang emol eng Diskussioun ze féieren iwwert d'Ergonomie, iwwert de Stress, iwwert den Harcèlement op der Aarbechtsplaz, deenen alleguer déi Leit, déi mer hei am Fong viséieren, ausgesat sinn.

D'Berufschamberen an d'Gewerkschaften hu vernichtend Avisen ofginn iwwert dese Projet an hu gefuerdert, Dir sollt en zrëckzéien, fir zumindest nach emol driwwer kënnen ze diskutéieren. Dat ass dat mannst wat misst geschéien.

Et geet awer net duer, just nach emol iwwert dese Projet ze diskutéieren. Ech hunn et scho gesot, an ech widderhuelen et esou oft, bis Der et bekäpft hutt: De Krankeeseeproblem kréie mer net geléist mat isoléierten eesäitege Bidonsprojeten, déi nëmmen den Assuré viséieren. De Krankeeseeproblem kréie mer nëmme geléist, wann déi néideg Reformen esou schnell ewéi méiglech ageleet ginn. Dofir muss d'Regierung sech awer u verschidde Lobbyen eruntrauen. A wann d'Regierung dofir ze feig ass, da loosst wann ech gelift och déi krank Leit a Rou.

Mir stëmmen dee Projet net, a well mer dee Projet net stëmmen - géif den Här Weiler soen -, ass déi Motioun hei och superfétatoire an dofir stëmme mer déi och net.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président. - Merci, Här Jaerling. Elo huet d'Regierung d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt soen, dass ech all deene bäiflichten, déi festgestallt hunn, dass een deen heite Projet net därfer isoléiert ginn. Dee Projet ass e Bausteen vun engem Gesamtkonzept fir en dauerhaften Equilibre an eise Krankeeseen hierzustellen, deen am Moment net ginn ass: en Equilibre dee mer brauchen, fir datt d'Krankeeseen eis Gesondheet kënnen dauerhaft weider finanzéieren. Well mer sollen eis net der Illusioun hierginn, dass eis Gesondheet méi bëlleg gëtt. Si gëtt an Zukunft och nach weider méi deier. Da muss mer dofir suergen, dass déi Gelder, déi mer hunn, esou gutt wéi méiglech agesat ginn.

Et ass een Element vun engem Ganzen, fir eis Krankeverséicherung an den Equilibre ze kréien. Et ass och en Element vun enger Gesamtapproche fir de Kranken, deen am Aarbechtsprozess ass, esou gutt wéi méiglech ze guidéieren an esou séier wéi méiglech op déi richteg Plaz ze guidéieren. An ech wëll elo mol einfach esou an de Raum stellen, dass et dem Kranke kee Gefale gemaach ass, wann een e fënnel Joer am Krankeschäin hänke léisst, wat an der Vergaangenheet dann und wann passéiert ass, faute de mieux, well een déi Strukturen net hat, déi ee gebraucht hätt, fir dee Mann oder déi Fra kënnen ze guidéieren.

Mir hunn déi Instrumenter zënter 2002 mat där neier Invaliditéitsregelung, mat dem Reclassement professionnel, wou mengen ech e grouse Worf gegléckt ass, och wann dee Projet op e puer Punkte geklemmt huet, fir dat op gutt lëtzebuergesch ze soen. Mä dofir schaffe mer jo och am Moment zesummen un enger Revisioun vun deem dote Gesetz, wou mer d'Prozedure wëlle vereinfachen, fir dass déi zwee Projeten esou gutt wéi méiglech anenee kënnen gräifen. Dat heescht also, zwee Standbeener huet deen heite Projet.

Eischtens ass en en Element fir den zukünftigen Assainissement, an nëmmen een Element, op anereren kommen ech nach zrëck, vun eise Krankeeseen an zweetens fir deene Kranken eng Guidance ze garantéieren, déi déi richteg ass.

Dee Projet ass kee Selbstzweck, en ass och net do fir d'Leit ze schikanéieren, mä en ass d'Resultat vu laangen Diskussiounen, déi iwwer Joren elo ginn an déi drop zrëckzéiere sinn, dass mer e Problem bei eise Krankeeseen hunn. An ech soen dat nach eng Kéier, mir hunn e Problem bei eise Krankeeseen. Dee Problem ass ënnert anerem drop zrëckzéiere, dass mer déi Gelder, déi mer zur Verfügung hunn, net ëmmer optimal ausginn, an dass mer et net fäerdeg brénge fir den utile et nécessaire ze definéieren, an dass mer et net fäerdeg bréngen do den Hiewel unzesetzen, wou e muss ugesat ginn, mä heiansdo déi Sue versickere loosse, ouni dass et e Méi vu Gesondheet bréngt. Fir dat ze änneren ass eng vun deenen Zilsetzungen, déi mer mussen errechen.

Ech sinn 100%eg mam Här Huss d'accord, wann e seet...

(Interruptions)

Jo, Här President, ech si mam Här Huss d'accord, wann e seet, dass d'öffentlech Gesondheet net eréischt beim Schneiden ufänkt, mä bei de Liewensaart a -weisen; déi Prioritéit ass och ee vun deenen Elementer, wou mer den Hiewel mussen usetzen - also, d'Moyenen esou efficace wéi méiglech asetzen, zweetens richteg asetzen, keng Gelder verbëtzen, an net falsch ausginn.

Da sinn ech bei deem Konzept, dat mer zesummen ugang sinn. Dat ass ee Konzept vu Responsabiliséierung vu sämtleche Partneren a contrario zu deem, wat ëmmer an de Vierdergrond gestallt gëtt, zu den Abusën. Well Abusën, vun deene mer esou vill schwätzen, sinn net ëmmer bewusst Abusën, mä faute de mieux le savoir mécht een dat esou, well dat eben ëmmer esou gemaach ginn ass. Eis Approche ass déi vun der Responsabiliséierung, vun dem Message, dass mer eis em eis Keese mussen këmmen, well soss gi se eis futti an da geet dee beschte Gesondheetssystem vun der Welt lues a lues d'Baach erof. An dat kann net eist Zil sinn.

Spuren ass ee vun deene méigleche Recepter, well et gëtt e Spuerpotenzial - do si mer eis alleguer eens. D'Leit abannen a verhënnern, dass falsch Orientatiounen kommen, ass en Zweet. A genee dat ass d'Zil vun demem Projet.

Ech wëll net nach eng Kéier op d'Virgeschicht zrëckkommen. D'Virgeschicht geet op d'Tripartite zrëck. Ech souz net an der Tripartite, wëll ech lech soen. Dofir hunn ech och do keng „strong feelings“, ob et ee Pabeier ginn ass, ob et kee Pabeier ginn ass, ob et en ofgeseente Pabeier ginn ass oder net.

Ech kann Iech op jiddfer Fall soen, dass, wann ech an Zukunft bei d'Tripartite-Sitzungen dobäi wäert sinn, ech drop hale wäert, dass bei den Tripartite-Sitzungen en Ofschlossrapport erauskënnt, wou d'Ënnerschrëfte vun alle Partner drop sëtzen, dann hu mer net méi de Problem vun Interpretatiounen. Et wär fir mech eigentlech eng Evi-

denz, dass dat misst geschéien, an ech mengen, dass dat och an Zukunft misst passéieren.

Ech souz also net an där...

(Interruptions)

M. le Président. - Här Minister, den Här Grethen wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Henri Grethen (DP). - Här President, ech wollt den Här Minister froen, ob dat och scho fir d'Tripartite vun de Mëtteg gëllt.

M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Ah, ech ginn dovunner aus. Ech muss awer dem Här Grethen soen, dass ech gesot hunn, bei all Tripartite-Sitzung, wou ech dobäi sinn. Leider kann ech de Mëtteg net an der Tripartite-Sitzung dobäi sinn, mä ech wäert mech awer an der Regierung dofir asetzen, dass och fir déi Tripartite vun haut en Ofschlossrapport kënnt, wou d'Parteien alleguer ënnerzeechent hunn: dat mécht d'Saach vill, vill méi einfach.

Ech souz also net an där Tripartite, mä ech souz an de Regierungsverhandlung mat anere Kollegen derbäi; an an de Regierungsverhandlungen ass festgehale ginn, dass mer deen heite Projet prioritär géife verofscheeden, grad wéi mer der Reform vun der Invaliditéit an der Réinsertion professionnelle, dem Reformprojet, eng alleréischte Prioritéit géife ginn.

Ech souz och an der Quadripartite mat derbäi, wou d'Partner verhandelt hunn iwwer ee Ganzt. An Dir kennt d'Resultater vun der Quadripartite, an Dir kennt och d'Resultater vun der Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie. Do war et ganz kloer, ganz, ganz kloer - an ech hunn och ni en Heel doraus gemaach -, dass niwent all deene Mesuren, déi op den Dësch komm sinn, fir e kuerzfristigen Equilibre vun de Krankeeseen ze errechen, vun der Regierung de festen Engagement do wär, dass deen heite Projet géif kommen a schnell géif kommen. Ech hunn an all deenen Entrevuën, bei deenen ech dobäi war, ëmmer gesot, am Dezember oder am Januar kënnt dese Projet.

Nun ass et esou, dass an den Avisé vun de Chambres professionnelles - et geet jo ëmmer Rieds vun den Avisen - eng Rei vu Problemer erausgestrach gi sinn. Do si Problemer ugesprach ginn, déi absolut allichtend sinn, ënner anerem dee vun de Strofbestimmungen, déi an deenen heiten Text erakomm sinn, wat ni an der Tripartite diskutéiert ginn ass. Do sinn d'Leit sech alleguer eens, dass et an deem Kader net diskutéiert ginn ass. Do hat ech mech engagéiert, vun Ufank un, fir déi Strofbestimmungen erauszehuelen. Domat ass dem Avis vun der Chambre de Travail Rechnung gedroen - komplett Rechnung gedroen. Et war deen eenzege wesentleche Problem, deen hei opgeworf ginn ass an dofir si mer och an der Rei gewiescht mat deem dote Projet.

Da kënnt Dir soen, jo, et ass awer den Avis do vun der Chambre des Employés privés. Richteg! D'Chambre des Employés privés huet Avisé gemaach - en éischten Avis an en zweeten Avis. Ech ginn elo mol op deen éischten Avis an, wou och d'Strofbestimmungen ugesprach gi sinn, déi mer erausgeholl hunn, mä wou doriwwer eraus, wann een den Avis vun der Chambre des Employés privés akzeptéiert hätt, een de Projet ganz einfach an de Shredder gehäit hätt, well do war de Prinzip vun den 52 Wochen a Fro gestallt an do war de Prinzip vun der zukünftiger Behandlung vun den Travailleurs intérimaires a Fro gestallt.

Wa mer also tel quel op deen doten Avis agang wären, dann hätte mer de Projet ewegehätt a mer hätten näischt gemaach. Dat konnte mer awer net maachen. Well dee Projet en Deel war vun deenen Accorden, déi an der Quadripartite ausgehandelt gi sinn a wou den Engagement do war, dass deen heite Projet géif kommen.

Nun ass et esou, dass et am Virfeld vun der Diskussioun vun demem Projet zu Diskussiounen komm ass. Ech gehéieren zu deenen, déi an der Chamber ëmmer dofir plädéiert hunn, dass et zu engem liewechen Débat kënnt iwwert d'legislativ Aarbecht, sou dass ech mech och net beschwéieren, wann ech mol eng Kéier mat de Kollegen aus de Gewerkschaften eng Rei vun Divergences de vue ausfechten, entweder an der Öffentlichkeet oder esou niewebäi. Ech mengen, dovu lieft déi parlamentarisch Demokratie. A wann een an där Ausenanersetzung zu Konklusionen kënnt, déi jiddfere kann droen - an dat bescht Beispill dofir ass, dass hei eng Unanimitéit respektiv Quasiunanimitéit an der Chamber wäert kommen, déi sech op där Motioun vereenegt, déi mer hei verfaasst hunn -, da gëtt dat där doter Approche Recht.

Well, an do si mer eis alleguer eens an der Chamber: Wat wëlle mer mat demem Projet? Mer wëlle mat demem Projet, dass d'Leit an Zukunft a Kombinatioun mat der Reform vun dem Invaliditéitsgesetz oder mam Réinsertion-professionnelles-Gesetz richteg guidéiert ginn. Mir wëllen net, dass se gestrooft ginn. Mir wëllen, dass d'Leit net dräi oder véier Joer am Krankeschäin hänke bleiwen, wann et besser Orientéierung fir se gëtt, entweder duerch ee Reclassement interne, oder duerch eng temporaire Invaliditéit, oder duerch eng Invaliditéit schlechthin - esou séier wéi méiglech. Dat ass jo d'Zil dovun! Et ka jo net eist Zil sinn, dass en Invalide während fënnel Joer am Krankeschäin gehale gëtt.

Oder ass een heibannen, deen der Meinung ass, dass dat eng Errungenschaft ass, dass een een, deen eigentlech an eng aner Filière kënnt, an engem Krankeschäin hält? Ass et normal, ass et ustriewenswäert, dass een e Mensch - eng Fra oder e Mann, jonk oder manner jonk -, deen eng Capacité résiduelle de travail huet, deen also duerch esou, wëllt zu engem gewëssene Mooss schaffen an de Patron wëllt och, dass een dee muss an engem Krankeschäin halen, nëmme well mer se net an e Reclassement interne an deem Betrib kréien? Ass dat eist Zil? Kann dat eist Zil sinn?

Ech soen do ganz kloer „Nee“, dat ass net eist Zil! Ma mer engem Mensch, dee krank ass, an deen nach wëllt weiderschaffen, de Wee zoumaache fir am Betrib ze bleiwen, da si mer um Holzwee. Ech soen Iech, ech hunn eng Rei vu Beispiller erlieft vu Leit, déi schwéier krank waren an déi glécklech doriwwer waren, dass se nach deelweis konnten an hirem Betrib bleiwen. Wa se net an deem Betrib hätte kënnen bleiwen, a wa se hätte missen doheem bleiwen am Krankeschäin, oder an der Invaliditéit oder, oder, da wär hinnen de Plafong op de Kapp gefall a se wären net esou laang bei eis bliwwen. Behaupten ech mol!

Also muss et d'Zilsetzung sinn, d'Leit dohin ze kréien, wou se higeheieren, och wann dat heiansdo wéideet.

An dann zu där Attitude, déi - ech mengen - falsch ass. Et gëtt elo esou gemaach, wéi wann et e Recht wär fir iwwerlaang an engem Krankeschäin ze bleiwen. Dat ass net e Recht. Et soll een esou laang am Krankeschäin bleiwen, wéi een dat muss, awer net méi laang wéi ee soll!

Eis Approche an deem heite Projet ass - an dofir si mer d'accord fir op de Wee vun esou enger Motioun ze goen -, dass een den allgemenge

Prinzip regelt an dass, wann et, par impossible, zu Härtefall kënnt - ech kann net behaupten, dass et iwwerhaupt dozou kënnt, anerer soen, et kënnt zu Härtefall -, wann also, par impossible, déi Härtefall kommen, da maache mer eng Adaptatioun, baséiert op de Besoiné vun deenen Härtefall, ob dat elo an zwee Joer ass, oder éischer, wa mer éischer een Härtefall erkennen...

(Interruption)

Ech maachen elo mä Raisonnement weider, a wann Der herno eng Fro wëllt stellen, kënnt Der déi roueg stellen.

(Interruption)

M. le Président. - Neen, den Här Minister ass amgangen op der Riedezäit ze schwätzen, déi him zousteet fir d'Motioun. Dat heescht, en huet 15 Minutten zegutt an en ass an der 13. Minutt.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - A wann ech net ënnerbrach ginn, da sinn ech relativ séier fäerdeg. Ech wëll mä Raisonnement weiderféieren.

Mir sinn also an der Approche, dass wann hypothetesch Härtefall optauchen, mer eis beweige fir déi opzefänken, an net an der Approche, dass mer duerch hypothetesch Härtefall eppes späraangelwäit opmaachen, wou Leit erakommen, déi eigentlech net erageheieren. An dofir kann ech déi heite Motioun och an deem dote Punkt komplett ënnerschréiwen.

Ech wëll just dräi Wieder nach soen iwwert déi allgemeng Approche. Mir hunn et fäerdeg bruecht an der Diskussioun iwwert d'Krankeeseen, all Leit an ee Boot eranzekréien - bal all. D'Patronat huet gesot, et wär e schwaarzen Dag gewiescht. Et war kee schwaarzen Dag, et war e gudden Dag, well mer et erëm fäerdeg bruecht hunn, all d'Leit ënnert d'Responsabilitéit vun de Krankeeseen ze kréien.

An ech wëll och esou just niewebäi soen, well dat hei eng gutt Geleeënheet ass, dass déi 0,15%, déi d'Patronat méi huet misse bezuelen, an der Zwëschenzäit récupéréiert gi sinn iwwer eng Senkung vun de Bättrig an den Assurances accident, soudass d'Patronen also a Saache Krankeeseen an Assurances accident quasi bei enger Opération zéro gelant sinn. Dat muss een och eng Kéier hei kënnen soen.

M. le Président. - Här Minister, ewell ass d'Zäit eriwuer.

M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Ech kommen zur Konklusioun, Här President. Ech wëll just dräi Saachen nach soen. Dräi Saachen!

Eischtens kann ech am Numm vun der Regierung déi Motioun 100%eg deelen, well mer eis engagéiere fir de Projet iwwert d'Reform vun der Invaliditéit an der Réinsertion professionnelle schnell heihin ze bréngen an déi zwee Projete gläichzäitig a Kraaft trieden ze dinn. Ech kann Iech soen, dass d'Regierung sech eens ginn ass iwwer eng Serie vun zielef Amendementen, déi iwwert dee klaschesche Wee iwwert d'Regierung an d'Prozedur geschéckt ginn, dat heescht d'Berufschamberen kréien et och. Dat ass net ze verwiesele mat där Prozedur, déi mer bei demem Projet gewielt hunn, déi net aussergewéinlech ass, awer bei där och keen ausgeschalt ginn ass, well ni wann d'Chamber Amendementen eragëtt, ginn nach eng Kéier d'Chambres professionnelles pour avis gefrot. Dat ass eng Prozedur, déi hei an der Chamber Usus ass. Se ass nach vläicht méi nei fir deen een oder deen anereren, mä dat ass d'Regel. Also, mir wäerten dofir suergen, dass déi zwee

Projeete gläichzäiteg a Kraaft trieden.

Zweetens, mir wäerten dat Gesetz hei bilanzéiere grad wéi dat anert Gesetz no zwee Joer, well mer Gesetz wëllen hunn, déi esou einfach wéi méiglech rutschen a wou et net op där enger oder anerer Plaz klemmt.

Drëtens wäerte mer déi speziellesch Situatioun vun den Travailleurs intérimaires kucken, a wann do Verbesserungen noutwendeg sinn, da wäerten déi kommen.

Zum Schluss dee kloer Message un alleguer - à tous ceux que ça concerne: De Problem vun de Krankeese betrëfft jiddfereen. Hei gëtt e Beitrag gemaach vun de Salariéen. Et ass e Beitrag gemaach ginn iwwert d'Beitragserhéijung vun enger ganzer Rei vun aneren, ënner anerem och vum Stat. Et hunn anerer sech engagéiert fir en Apport ze bréngen, wéi d'Prestataires zum Beispill. Deen Apport erwaarde mer och an dee kloer mer och an, well et geet net duer mat engem Lippenbekenntnis - dat muss sech och materialiséieren. Ech mengen zum Beispill de Conseil scientifique, an ech mengen d'Definition vum utile et nécessaire. D'Spideeler muss sech drop astellen, dass méi zesumme wéi géintenee geschaff muss ginn, well soss bréngt mer och de Finanzement vun de Spideeler net méi fäerdeg.

An - dat ass dat lescht Wuert, an do deelen ech dat, wat och vu Virriedner gesot gëtt - och d'Patroné sinn a Saache Krankmeldung gefuerdert, well et gëtt Problemer an de Betriber, déi een net ka verschweigen, Stress a Mobbing an aneren, an och do ass de Patron grad esou gefuerdert wéi d'Salarié fir all Krankeschäin, dee verhënnert ka ginn, ze verhënneren.

Ech soen lech Merci, dass Der mer nogelauschert hutt, an ech soen lech och Merci fir de laren Accord zu deem heite Projet, deen ee Bausteen zu engem Ganzen ass. Merci.

M. le Président. - Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5345 iwwert de Finanzement vun der Moderniséierung, dem Aménagement an der Konstruktioun vu bestëmmte Spideeler. D'Riedezäit ass och hei nom Modell 1 festgeloucht. D'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Ech ginn dovun aus, datt Der och do op d'Riedezäit vun der LSAP-Fraktioun iwwergräift.

2. 5345 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1999 autorisant l'État à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Loi de financement vum 21. Juni 1999 ass déi richteg Basis do, fir iwwert de Fonds spécial des investissements hospitaliers dem Stat et ze erméiglechen, fir bis zu 80% d'Frais d'investissements bei grouse Projeten ze droen. Dëst ass ee vun deene Projeten an dëst ass dat drëtt Annerungsgesetz zu där Loi de financement vum 1999, an hei geet et ëm Kolpech.

Wa mer eis gott erënneren, gouf et schonn zwou Modifikatiounen zu deem Gesetz, an zwar 2003. Eng Kéier den 18. Juli 2003, do gong et drëm, dass kéint investéiert ginn an de Centre Hospitalier, souwuel wat d'Pédiatrie wéi d'Maternité ubelaangt, den Institut national de

chirurgie cardiaque, d'Eecheer Klinik, d'Klinik Dr. Bohler, de Bestrahlungszentrum François Baclesse, an eng zweet Adaptatioun amselwechte Joer, nämlech am Dezember, do gong et drëm fir de François-Elisabeth um Kierchberg an d'Klinik Eitelbréck ze finanzéieren, an och de Rehazenter.

Elo ass Kolpech drun. Et ass e ganz wichtege Projet, geet et dach drëm fir endlech en nationale Centre de Réconvalescence ze schafen, deen an där Form, wéi dësen Etablissement elo do steet, nach net ka sinn. Tatsächlech läit et schonn zimlech laang zrëck, bal 40 Joer, dass dru geschaff ginn ass. 1968 war nämlech déi lescht Moderniséierung, esou dass Kolpech zwar ganz schéi läit an och ganz schéin ausgesäit, allerdéngs weder vun der Arichtung, nach vun den Equipementer, nach vun der Sécurité, nach vum Fonctionnement, nach vum Confort hier déi Méiglechkeeten huet, déi et eigentlech misst hunn an och verdéngt huet, fir kënnen esou een nationalen Zentrum ze ginn.

80% kann de Stat participéieren, an dat mécht en och. Am Avant-projet définitif leien d'Käschten, déi avancéiert gi waren am Avant-projet sommaire, ëm 10,9% méi héich. Mir kommen dann op 18,7 Milliounen Euro, déi à charge vum Stat wieren. Déi Erhéijung op 23,4 Milliounen Gesamtkäschten erkläre sech ausschliesslech doduerjer, dass eng Solution intérimaire gesicht gëtt, fir dass während de Bauarbeiten och de Centre ka genotzt ginn. An et erkläert sech och domadder, dass duerch eng Iwwergangssituatioun, déi geschaff gëtt, d'Arbechten net sechs an een halleft Joer daueren, mä just 36 Méint.

Bei Kolpech ass et och anescht wéi bei aneren Haiser, well déi 20%, déi nach ze finanzéiere bleiwen, net iwwert d'UCM lafen, well se net budgetiséiert si vun der Union des Caisses de Maladie, an dann à charge vum Propriétaire respektiv vum Exploitant vum Centre de Convalescence bleiwen.

Wat ass Kolpech? Déi meescht vun eis kennen et, well déi meescht vun eis scho Familljememberen an deem Centre haten. Et ass en Haus mat enger excellenter Réputatioun an engem ländleche Kader, mat 75 Persounen, déi do schaffen, an do gehéiere se dann all dozou, effikasst Personal, kompetent Personal, dat ganz oft un de Limité vu senger Belaaschtbarkeit läit, dat eng grouss Disponibilitéit huet, dat et erméiglecht, dass bis zu sechs Patient pro Dag kënnen opgeholl ginn an datt virun allem - an ech mengen dat ass unique hei zu Lëtzebuerg fir esou eng Plaz - permanent eng Auslaaschtung vun de Better vun iwwer 90% do ass.

Mir befannen eis hei an engem Beräich, nämlech dem Secteur gériatrique, deen ëmmer méi wichteg gëtt hei am Land. Et geet jo drëm fir déi richteg Konklusiounen aus der Erkenntnis erauszehuelen, dass eis Populatioun ëmmer méi laang leeft, awer och ëmmer méi gehäit ass mat deene Krankheeterscheinungen, déi den Alter mat sech bréngt, zum Beispill no Interventiounen um chirurgesch Plang oder am Fall vun enger Perte partielle de l'autonomie, oder och am Fall vun Altersdemenz. Et ginn also ëmmer méi Better gebraucht fir eng Konvaleszenz ze erméiglechen.

D'Avisen zu deem Projet - et war net anesches ze erwaarden - si ganz positiv, well och ervirgestrach gëtt, dass eng Rei vun innovativen therapeutesch Méiglechkeete mat deem Gesetz op den Instanzewege geschéckt ginn.

Eischtens mol den Avis vum Collège médical vum September 2004, dee genee op deen innovativen Charakter hiweist. Dann zum Zweeten, d'CPH vum August 2004, déi och den Accord zu deem Projet gëtt an och am November 2004 de Statsrotavis, dee säin Accord

gëtt, allerdéngs drop hiweist, dass d'Baukäschte missten ugepasst ginn un den Indice actuel des prix de la construction, wat d'Kommissioun dann och esou gemaach huet.

Et sinn nach eng Rei vun anere Pisten, déi d'Kommissioun mat op de Wee geholl huet an déi och scho vum Statsrot gekuckt gi sinn. Dat betrëfft haaptsächlech d'Modalitéite bei der Prise en charge an och de Finanzement vun de Frais de fonctionnement, entweder duerch d'Participation statutaire, d'Négociatiounen Exploitatioun UCM, duerch d'Interventioun vun der Assurance dépendance fir déi, déi natierlech Bénéficiaire vun där Assurance sinn, oder doduerch dass Prestatiounen a Servicer esou wéi et schonn ugeduecht ass am Centre de convalescence an den Zoustänngekeetsberäich vun der UCM afléisse kënnen an entsprechend Konventiounen kënnen ausgeschaff ginn.

Wat ass dat dann iwwerhaupt fir ee Konzept, esou ee Centre national? Ma ja, et geet haaptsächlech drëm fir eng Mise en place vun enger Antenne gériatrique mobile ze erlaben. Dann natierlech och eng Prise en charge rapide an individualiséiert no enger Hospitalisatioun. D'Mise en place vun enger Equipe multidisciplinaire, während den Aarbechten ginn och entsprechend Schulungen duerchgefouert. Véiertens eng optimiséiert Preparatioun op de Retour nees heem an och eng ganz gutt Kooperatioun mat de Strukture vum Maintien à domicile an, wéi ech dat schonn ugedeit hunn, een innovativen Programm wat d'Convalescence a wat d'Therapie ubelaangt.

Wann een op d'Plaz geet, an ech hat d'Chance dat kënnen ze maachen, da gesäit een, dass all déi Mesuren, déi hei virgesi sinn, kee Luxus bedeiten, ob dat de sanitäre Beräich ass, de Confort vun de Patienten an och vum Personal, d'Sécherheetsbestëmmungen, déi technesch Installatiounen, d'Gemeinschaftsraum, fir nëmme si ze nennen.

Et kritt een och d'Gefill, wann een an dat Haus erakënn, dass een an engem Fleegehotel wier, dass ee praktesch an eng Famill opgeholl gëtt. Dat täuscht awer net iwwert d'Noutwendegkeet ewech fir déi Leit, déi hei schaffen, an déi Leit, déi hei betreit sinn, wat praktesch ausschliesslech eeler Persoune sinn, dass déi mussen an ee moderniséierte Kader kommen, och wann et muss assuréiert ginn, dass déi mënschlech Betreieung esou héichwäerteg bleift wéi se et haut ass.

Et ass ee gutt Motto an deem Haus an dat Moito ass dat, et ass een am beschten doheem, esou dass op där Plaz probéiert gëtt fir deenen eelere Menschen, déi do sinn, éischtens hire Séjour esou agréabel ze maache wéi méiglech, mä hinnen awer och ze hëllefe fir sech ze preparéieren fir nees heem ze kommen a selbststänneg ze bleiwen.

„Et ass ee groussen Dag fir eis, wann dese Projet gestëmmt gëtt“, sot d'Directrice, an ech wier stolz wa mir hir kéinte mat op de Wee ginn, dass mer dat unanime gemaach hunn. Ech fir mäin Deel ginn den Accord vu menger Fraktioun op deser Plaz mat op de Wee.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Madame Mutsch. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Stein-Mergen.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen (CSV). - Villmools Merci, Här President. Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, et ass nach guer net esou laang hier, do sinn d'Leit an d'Spidol gaangen net nëmme wa se krank waren, mä och aus verschiddenen aneren a sozialen Ursachen.

Huet ee geklot, war e midd, war e schwaach, dann huet d'Famill d'Ambulanz bestallt an de Patient huet oft fir e puer Wochen an engem Spidolsbett geleeen, wou hie mat Fleg a stäerkende Baxteren, wat ëmmer dat war, esou laang versuergt ginn ass, bis hien oder si erëm d'aplomb waren, fir an hire familiäre Milieu zrëckzegoen. Oft war et och eng iwwerfuert Famill, déi e bëssen Erhuelung gebraucht huet. Awer och wann d'Leit wéinst enger Krankheet oder enger Operatioun an der Klinik waren, hu se oft dierfe bleiwe bis si erëm richtig a Form waren oder bis se ouni Hëllef konnte goen oder iwwerhaupt erëm selbststänneg eens gi sinn.

Haut kënnen eis Spideeler des Aufgab net méi an deem Ausmooss erfüllen an dëst ass och net méi hir Missioun. Si sinn anescht strukturiert mat engem deieren an opwännege Plateau technique, dee muss dréien, mat Dokter an Personell de soin, deenen hir Spezialitéiten an Ennerspezialitéiten essenziell op zwee Aufgabebereicher getrimmt sinn: d'Stellung vun enger Diagnos an den Traitement. Vill vun deenen Ennersichungen an Traitementer kënnen haut ambulanz gemaach ginn. Am Verhältnis zu onser Populatioun ass d'Zuel vun den Akutbetter zrëckgaangen, an dat ass eng Ursach fir des Better exklusiv fir schwéier Kranker ze reservéieren.

All des Ursache weisen op de Besoin vu Strukture mat enger Durée moyenne de séjour hin. An d'Durées moyennes de séjour an de Spideeler huele parallell dozou of. Mä wat maache mat deene Leit, déi net méi krank genuch sinn, fir an de Spideeler ze leien, awer net gesond genuch oder autonom genuch sinn, fir doheem kënnen ze iwwerlieden?

Besonnenesch vill eeler Leit sinn do eventuell ganz op sech gestallt. Fir si brauche mer Strukturen, wou si sech kënnen vun hirem Spidolsopenthal erhuelen, also Lits de moyen séjour, déi haaptsächlech zwou Aufgaben erfüllen, déi sollen zur Verfügung stoe während enger Iwwergangsphas fir déi Patienten, déi no enger Operatioun oder enger Krankheet nach net um Enn vun hirem Rehabilitatioun ugelaangt sinn; deenen hire Gesondheitszustand also eng mëttelfristeg Besserung verspricht. Während hirem Openthal kënnen si vu fachlech qualifiziertem Personal gehollef kréien an hir Autonomie zu engem groussen Deel récupéréieren. Dat ass zum Beispill de Fall no enger orthopedescher Operatioun.

Zweete Aufgab wier eng Evaluatiounsphas fir déi Patienten, déi wahrscheinlech net méi esou selbststänneg wäerte ginn, dass si sech laangfristeg kënnen selwer en charge huelen. Hei mussen déi sozial Verhältnisse meeschtens nach gekläert ginn, dat heescht et steet oft keng Plaz an enger Struktur fir Laangzäitopenthalter zur Verfügung. Esou eng Plaz ass oft ni ugefrot ginn. Bei deene Leit, déi an hiren häusleche Milieu kënnen zrëckgoen an duerch hir Famill weidergefleegt ginn, gëtt hei eng Frist ausgeschafft, wou d'Wunneng kann adaptéiert ginn un d'Besoin vun deem Patient, wou d'Famill sech kann organiséieren a während där déi ambulanz Gesondheits- a Flegedéngschter kënnen mat abezu ginn.

Des Aarbechte ginn effektiv zu Kolpech scho säit laange Jore gemaach. D'Fondatioun ass elo schonn e fest Bild an onser Spidolslandschaft, och wa se net direkt zu de Spideeler gezielt gëtt. De Succès vu Kolpech ass grouss.

Si weist een Taux d'occupation, an dat huet d'Madame Mutsch och scho gesot, vun erstaunleche 94% op. Am Joer 2003 sinn iwwer 33.000 Nüteeë kontabiliséiert ginn. Se ass wéineg géeeent fir d'Réeducatioun fir jonk Leit, déi sech éischter vu méi moderne Strukturen fir hir Rekonvaleszenz ugezu fillen; oft am Ausland.

Kolpech ass spezialiséiert op eeler Patienten an huet bei de Pensionnairen aktuell eng Altersmoyenne vu 84 Joer. D'Rekonvaleszenz an d'Réeducatioun, déi hei offréiert ginn, sinn deemno ausgerichtet op déi spezifesche Problemer vum héijen Alter an eben oft eng Post-Hospitalisatiounsphas.

Deen allerwichtigsten Aspekt an deem Kader ass deen, dass des Patienten an deenen allermannste Fall nëmmen ee Gebriechen hunn. Oft hu se multipel, additionnel a konsekutiv Pathologien, déi d'Prise en charge ëmsou méi schwéier maachen. Dofir sollt d'Approche och eng spezifesch geriatresch sinn, mä si sollt op den individuelle Fall ofgestëmmt ginn. Ech wëll domadder soen, dass vill Leit zockerkrank sinn an héije Blutdruck hunn oder sech d'Héft brieche oder vun Depressiounen geplot ginn, mä Gott sei Dank vill manner Patienten des Krankheeten an enger Persoun an zu engem Zeitpunkt vereene-gen.

Wien de Site zu Kolpech kennt, dee weess dass den harmoneschen Naturenvironnement ganz sécher kann hëllefen, dass een erëm Goût um Liewe kritt an de Courage kritt fir säin Deel dozou bäizetroen, fir all déi Efforten, déi vun engem verlaangt ginn, fir erëm zum Beispill mobil ze ginn, durchzezéien. Awer och déi al Gebaier strahlen Harmonie a Rou ass. Hei si mer net an engem moderne Spidolsbunker, mä an engem traditionsgeluedenen Haus. Vergiesse mer net, dass hei an engem Moment, wou Europa sech grad vun engem schwéiere Krich erholl huet, d'Koppel Mayrisch-de Saint-Hubert eng ganz Rei vun Efforten ennerholl huet fir d'Natiounen ze réconciliéieren; op politeschem, mä besonnenesch och op kulturellem Plang. Dese Passé voller Traditionen vu Konscht, Fridden, Toleranz a Kultur gëtt deem Haus säi Geesch.

Mä et ass a senger Struktur hoffnungslos veraalt. Ech hu selwer am Ufang vu menger beruflecher Carrière zesumme mat där Equipe vun Dokter, déi säit laange Jore mat dese Patienten eng excellent Aarbecht leeschten, zu Kolpech geschaff, an et war schonn deemools kloer, dass nëmmen eng radikal Adaptatioun a Moderniséierung et géif laangfristeg erlaben d'Aufgaben ze erfüllen, déi de Gestionnaire sech gesat huet, well d'Entwécklung an d'Moderniséierung hunn och virun der Réadaptatioun am geriatresche Beräich net Halt gemaach, an der Equipe stelle sech domadder eng Rei vun neie Prémissen.

Et kommen nei Aufgaben derbäi, an déi, déi scho praktikéiert ginn, mussen ausgebaut ginn, wéi ganz kloer aus dem Projet ervirgeet. Dëst soll erfollegen am enke Kontakt mat de Spidolsdokteren, déi hir Patienten an d'Fondatioun referéieren, a vun enger pluridisziplinärer Equipe, deenen hir Efforté sollen drop erausgoen, de Patient op eng Laangzäit-Prise-en-charge ze preparéieren, sief dat doheem an Zesammenarbecht mat den ambulante Offere vu Krankekeesen a Flegerversicherung, sief dat an enger Institution de long séjour, engem Centre intégré oder enger Geriatrie.

Optimal Viraussetzungen heifir ass en individuellen Dossier, wou virun allem dem Patient säi kiereperlechen oder geeschtegen Defizit ka vun där am beschten adaptéierter Equipe en charge geholl ginn, an deen hien op sengem Wee duerch d'Etape begleet. Dese Behandlungsplang kann a soll während dem Openthal un d'Verännerun-

gen zum Besseren oder zum Schlechte können adaptéiert ginn a bei der Sortie vu Kolpech als Proposition oder Plan de traitement entweder un d'Equipe em den Hausdokter oder d'Equipe an enger Laangzäitstruktur kenne weidergereicht ginn.

Onofhängeg vum Immobilier schéng mer dës méi fonctionnel Projeten déi wesentlech Avantage fir de Patient duerzestellen, wat jo och an den Avisé vum Collège médical an dem Statsrot esou aktéiert ginn ass. Et ass effektiv haut esou, an dat ass mer vun deem zu Kolpech aktive Personal bestätegt ginn, dass wuel den Amont an Zesummenaarbecht mat de Spideeler, dat heescht do wou d'Leit hierkommen, gutt fonctionnéiert, mä dass d'Pathologien ëmmer méi schwéier a komplex ginn an dass et och ëmmer méi schwéier ass den Aval ze organisieren; dat heescht, wou d'Patienten hikommen, wann de Séjour zu Kolpech ofgeschloss ass.

Dëst féiert oft zu laangen Openthalter - haut sinn heiansdo Leit bis zu engem Joer zu Kolpech - an doduerch zu engem Blocage vun de Bette fir aner Leit, déi e Rekonvaleszenz-Openthal néideg hätten. Et geet also besonnesch am Avis vum Statsrot vun enger Période strictement limitée dans le temps Rieds.

Dëst Gesetz ass awer, contrairement zu deem, wat ech bis elo gesot hunn, eigentlech e rengt Finanzementsgesetz. Et gétt net an d'Gestioun agegraff an d'Rapportrice huet schonns drop higewisen, dass d'Kommissioun sech eng Rei Froe gestallt huet iwwert de Finanzement vu Kolpech. Wéi bis elo wäerten d'Akten an d'Consultatioune vum Personnel de soin a vun den Dokterinnen iwwert d'Krankekeese verrechent ginn, an en aneren Deel vun de Fleegefräis vun der Assurance dépendance gedroe ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Moderniséierung vu Kolpech war 1968. De Projet enthält also menger Meenung no vill méi wéi reng de Finanzement vum Embau. Ouni dësen Embau wäert et awer net méiglech sinn d'Fonctionneieren ze adaptieren an de leschte Stand vun der Rekonvaleszenz an der Rééducation gériatrique ze bréngen. Kolpech ass eng Success story. Héich motivéiert Personal hëlt ganz besonnesch eeler Matbienger réeducativ an evaluativ en charge, ouni dass si musse grouss Déplacement oder en Dépayement op sech huelen. Fir der Fondatioun also ze erlabe méi modern, méi efficace an engem méi schéine Milieu weiderzeschaffen, dofir wäert d'CSV-Fraktioun dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Carlo Wagner. Dierf ech drun erënneren, datt mer no der Diskussioun mat den Ofstëmmungen ufänken? Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. Carlo Wagner (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësse Projet de loi fir de Centre de convalescence vu Kolpech ass e Projet, dee wéi gesot net am Finanzéierungsgesetz vum 21. Juni 1999 virgessinn ass. Et ass en Fait déi drëtt Ännerung, déi mer zu där Loi de financement bréngen, no deenen zwou Ännerunge vum Juli a vum Dezember 2003. Et huet awer en Esprit novateur an deem Sënn, dass dat heite Gesetz wéi gesot guer net an der Loi de financement virgesi war an also als eng Ajouté zu deem Gesetz vun 1999 ze betruechten ass.

(Nuisances sonores dues à des interférences techniques)

Iwwert de Couët ass scho geschwat ginn, e chiffriert sech op 23,4 Milliounen an dovunner soll wéi gesot de Stat 18,7 Milliounen iwwerhuelen.

Et muss een awer soen, dass de Couët initialement bei wäitem net esou deier war, mä dass en effectivement an d'Luucht gaangen ass, doduerch dass d'Bauzäit, d'Transformatiounszäite vun ongeféier sechs an en halleft Joer elo op 36 Méint erfogesat si ginn - éischstens; an zweetens dass mer deemools, wéi mer den éischte Projet presentéiert hunn, Contrainté kritt hu vu Sites et Monuments, well effectivement dat heiten Haus jo eng grouss Vergaangenheet huet.

Ech wëll drun erënneren, dass d'Schlass vu Kolpech am 18. Jorhonnert gebaut ginn ass, dass d'Transformatiounen am 20. Jorhonnert gemaach gi sinn an dass et hei d'Famill vum Emile Mayrisch a vum Aline de Saint-Hubert war, déi effectivement, esou wéi d'Madame Stein éinescht scho gesot huet, hei - ech géif gäre soe grouss europäesch kulturell an intellektuell Gloiren op Lëtzebuerg bruecht huet, woubäi ech beispillsweis wëll drun erënneren, dass do och entre autres den André Gide an och de Stefan Zweig séjournéiert hunn, wat ëmmerhi gutt ass fir e Land wéi Lëtzebuerg.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, et ass wichteg dass hei en neit Gebai entsteet, ganz, ganz einfach, well laang näischt méi un deem Gebai geschaff ginn ass. Déi lescht Transformatiounen - wéi et hei schonn ervirgeklongen ass - sinn 1968 ënnerholl ginn, a mir kënnen eis allegueren erënneren un déi - loosse mer dat gentillemeent nennen - verschidden diffus Attacken, wou op dat Haus virun ongeféier engem Joer lancéiert gi sinn, well verschidde Leit der Meenung waren, dass et net méi den hygienesche Konditiounen oder Exigencé vun dësen Zäite géif entsprechen, wat nëmmen deelweis berechtigt war, mä wat awer drop hiweist, dass effectivement hu missen Amélioratioune kommen.

Et geet awer mengen ech bei deem Projet de loi hei an der Esenz net nëmmen em Mauerer, mä et geet an eisen Aen haaptsächlech em Mënschen. Firwat? Well hei an deenen neien Infrastrukturen eng nei Manéier vu Rekonvaleszenz soll kommen, déi och schonn d'Rapportrice, déi honorabel Madame Mutsch, deelweis opgezielt huet. Einfach am Resumé: Et soll e Plan de prise en charge sur mesure an der Convalescence komme fir d'Leit. Et ass beispillsweis awer souguer eng Antenne mobile virgessinn, fir d'Leit an der Geriatrie doheem ze behandelen. Et soll en fait eng Préparation optimale ginn zwëschen dem Openthal am Spidol an dem Retour au domicile. Et ass och entre autres awer virgessinn, dass beispillsweis verschidde Better - ech menge fënnf Stéck - fir d'grand Soigné reservéiert sinn, an och eng Dosé bis 16 Better fir allegueren déi Leit, déi Schwierigkeiten hunn, gesechlechter oder anerer, déi do verschidden Défaillancen hunn, wat selbstverständlech och da fir d'Familljen doheem ganz vill Schwierigkeiten mat sech bréngt.

Ganz allgemeng muss ee soen, dass dat heiten en fait soll eng Préparatioun sinn, fir nees kënnen de Manière autonome doheem am Domicile ze liewen. Dat heescht, déi Convalescence thérapeutique, wéi mer et nennen, mengen ech ass op alle Fall onbedéngt ubruecht, hu mer dach an deem Domän hei zu Lëtzebuerg awer nach verschidde Lächer. Ech gesinn dat heiten dee Moment och un als sou genannten Trainingslager fir d'Autonomie zréckzefannen. Ouni Zweifel ass et e wichtige Aspekt, géif ech soen, vun der Prévention vun der Dépendance. Et ass fir eis ganz einfach e sou genannte Moyen zwëschen dem akute Spidol an zwëschen dem doheem, an aus all deenen Ursaache wäert déi Demokratesch Partei selbstverständlech dee Projet, deen ech op de Wee bruecht hunn, stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président. - Merci, Här Wagner. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat heiten ass e Projet, deen déi gréng Fraktioun och mat grousser Freed bereet ass matzestëmmen. Mir haten an der Kommissioun iwwert déi verschidden Aspekter dovunner geschwat. D'Madame Rapportrice huet nach eng Kéier den Detail heivunner erkläert. Mir mengen, datt dat e ganz positive Projet ass, an dofir wäerte mer dofir stëmmen.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Jaerling.

M. Aly Jaerling (ADR). - Also, selbstverständlech wäerte mir och naturellement, effectivement dem Här Wagner säi Gesetz hei stëmmen.

M. le Président. - D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Gesondheitsminister.

M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well an dësem Projet erëm eng Kéier eng ganz grouss Unanimité besteet, wéi ech keng laang Rieden halen, just menger Satisfaktioun Ausdrock ginn, gradwéi den honorabelen Här Carlo Wagner, dass mer ganz schnell deen heite Projet virun d'Parlament konnte bréngen. Well all dat, wat d'Kollegen aus der Chamber gesot hunn, ass richtig.

D'Erhuelungsheem vu Colpech ass eng excellent Struktur. Mä d'Infrastruktur ass an d'Jore komm an entsprécht de Kritären net méi, déi un esou eng Struktur sollen, mussen a kënnen gestallt ginn. Duerfir sinn déi Gelder, déi mer hei fräimache fir - jiddefalls vum Stat - deen heiten Etablissement d'selwecht ze behandele wéi d'Spideeler, an zu 80% ze finanzéieren, dee richtige Schrott.

Ech wëll och ënnersträichen, dass dat Fleegehotel, dat de Centre de convalescence zu Kolpech ass, sech net reng un eng eeler Clientèle riicht, mä effectivement a précisement, wéi mäi Virgänger gesot hätt, och un aner Patienten, déi aus méi enger schwéierer Krankheit erauskommen an déi eng Erhuelung brauchen. Net ze verwieselen...

(Interruption)

...mat der Rehabilitatioun. Wann ee vu Rehabilitatioun ka schwätzen, dann an dësem Fall héchstens vun enger lichter Rehabilitatioun.

Wat ee vläicht nach eng Kéier kann an Erënnerung rufen, dat ass dass d'Struktur vu Kolpech nom Wëlle vun deene Leit, déi virun dra gewunnt hunn, der Madame Aline Mayrisch de Saint-Hubert, soll jidder Mënsch, ob en aiséiert oder manner gutt situéiert ass, zur Verfügung steen, an dat konnt och an deene fënnf Jorzéngten, wou déi Struktur fonctionnéiert, garantiéiert ginn.

Ech si frou, dass d'Chamber dat heiten, wéi d'Leit op der Plaz, d'Personal sech ausdréckt, Trainingslager fir d'Autonomie ënnerstëtzt an de feu vert wäert gi fir deen heite Projet.

De Projet, deen doduerch e bësse méi komplizéiert ginn ass, dass Oplage fir d'Erhaltung vum Site do waren an dass eng Zwëschestruktur muss opgeriicht gi fir dass d'Aarbechten a raisonnablen Délais kënnen hannert sech bruecht ginn. An dësem Fall misst déi nei Infrastruktur an dräi Joer zur Verfügung steen. Wann een net op déi provisoersch Struktur zréckgegraff hätt, da wär et eng Bauzäit vu sechs Joer ginn. Mir wënschen

dem Centre de convalescence vu Kolpech, dass d'Aarbechte schnell kënnen ugoen. Mir jiddefalls hunn eist gemaach fir dat ze erméiglechen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir fänken u mat der Ofstëmmung vum Projet de loi 5345 iwwert d'Spideeler. Den Text steet am Document parlementaire 5345¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, déi aner enthalte sech.

De Projet de loi 5345 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helmingier (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gétt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

3. 5321 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Clervaux (suite)

Dann huele mer den zweete Projet. Dat ass de Projet de loi 5321 «autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Clervaux». Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de korigéierten Text vun deem Projet de loi iwwert de Bau vun deem Fleegeheem. Den Text steet am Document parlementaire 5321⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

Mme Martine Stein-Mergen (CSV). - Et geet net.

M. le Président. - Madame Stein, Dir konnt net ofstëmmen?

Une voix. - Ech och net!

Mme Martine Stein-Mergen (CSV). - Ah dach!

M. le Président. - Mir huelen dovunner Kenntnis.

Domat ass de Projet de loi 5321 ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Norbert Hauptert) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helmingier (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gétt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

4. 5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements (suite)

Da komme mer zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5327 iwwert de Protokoll vu Kyoto. Den Text steet am Document parlementaire 5327¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

Mme Martine Stein-Mergen (CSV). - Mäi geet erëm net! Ech kann erëm net ofstëmmen.

M. le Président. - Der Madame Stein hiren Apparat fonctionnéiert net.

(Interruptions)

Une voix. - Mäin och net.

M. le Président. - Dat heescht zwee Stéck net. Dir stëmmt mat Oui?

Domadder wier de Projet de loi 5327 ugeholl mat 53 Jo- a 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-

Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marco Schank) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Motion 1

Mir haten och hei eng Motioun virleien vum Här Gira, an déi Motioun ass an d'Kommissioun iwwerwise ginn.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Neen, neen! Wien huet dat dann decidéiert?

M. le Président.- Ech liesen dat wat mäi Chef heihinner geluecht huet. Well den Här Lux net Stellung dozou huele kann, ass et de Wonsch vum Minister fir se an der Kommissioun ze diskutéieren.

Une voix.- Jo, en hat dat gesot.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Jo okay, mä da muss e mer dat soen. Ech wollt just soen, dass d'Chamber nach ëmmer decidéiert, wat mat enger Motioun geschitt, a virun allem déi Fraktioun, déi se ausgeschafft huet. Mir géingen emol gäre wësse wat d'Majoritéitsfraktioun dozou seet?

Vote

M. le Président.- Da froen ech, ob d'Chamber bereet ass fir déi Motioun an d'Kommissioun ze verweisen? Ech bieden em Hand-ofstëmmung.

Dat ass d'Majoritéit. Domadder ass d'Motioun 1 vum Här Gira an d'Kommissioun verweisen.

(Interruptions diverses)

5. 5406 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004 (suite)

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5406. Dat ass d'Ofkommen tëschent de Benelux-Staten iwwert de grenziwëschendende Polizeiasaz. Den Text steet am Document parlementaire 5406².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

Domadder ass de Projet de loi 5406 ugeholl mat 53 Jo- géint 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Mir hunn nach eng Motioun vum Här Bodry do leien, iwwert déi mer ofstëmme par main levée.

Vote

Wien domat d'accord ass, deen hieft d'Hand an d'Luucht.

Dat ass déi grouss Majoritéit. Soumat ass d'Motioun 1 ugeholl. Ech soen lech Merci.

6. 5391 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée (suite)

Da kënn d'Ofstëmmung vum Projet de loi 5391 iwwert d'TVAS-Gesetz. Den Text fannt Der am Document parlementaire 5391⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5391 ass eestëmme ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marco Schank) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par

Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 5399 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum (suite)

Da kënn d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5399 iwwert de soziale Mindestloun. Den Text steet am Document parlementaire 5399⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5399 ass eestëmme ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes, Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 5401 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003 (suite)

Da komme mer zur Ofstëmmung vun dem Projet de loi 5401 iwwert den Ajustement vun de Pensiounen an den Unfallrenten. Den Text fannt Der am Document parlementaire 5401³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5401 ass eestëmme ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

9. 5322 - Projet de loi modifiant 1. le Code des assurances sociales 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail (suite)

Duerno d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5322 iwwert de Code des assurances sociales. Den Text fannt Der am Document parlementaire 5322¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5322 ass ugeholl mat 54 Jo-Stëmme géint 5 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira,

Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir hunn dann zwou Motiounen virleien.

Motion 1

Déi éischt Motioun ass déi vun der Madame Lydia Mutsch. Kënnen mer ofstëmme par main levée?

Vote

Wien d'accord ass mat der Motioun, deen hieft d'Hand an d'Luucht.

Merci. Dat ass déi grouss Majoritéit. D'Motioun 1 ass ugeholl.

Motion 2

An dann hu mer eng zweet Motioun virleien; dat ass déi vum Här Aly Jaerling. Kënnen mer mat der Hand ofstëmme? Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ganz kuerz. Ech wollt dem Här Jaerling soen, datt sécherlech een heiansdo kann diskutéieren iwwert d'Transparenz fir d'Aussewoll vum der Tripartite, fir kënnen nozevollzéien, wéi alles an der Tripartite ofleef. Ech muss awer soen, fir e Verbatim ze fuerderen an ze verlaange vun deene Sëtzungen, dat, fannen ech, geet awer e bësse wäit, well soss kéint een d'Tripartite och ofschafen. Well, wann een natierlech eng Verhandlung am Kader vun engem Sozialdialog wëll maachen, schéngt et mer evident ze sinn, da kann een net verlaangen, dass e Verbatim publizéiert gëtt, soss ass et jo keng Verhandlung méi, soss seet jo kee Mënsch méi eppes an der Sëtzung, an dowéinst fanne mir, datt een déi Motioun hei soll oflehnen an net un huelen.

M. le Président.- Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, wann dat deen eenzege Problem ass, da géif ech dann d'Propos maachen, dat Wuert „Verbatim“ duerch „Compte rendu succinct“ ze ersetzen - genau dat, wat den Här Minister hei éinescht och gesot huet, wat e wëlles huet ze maachen.

Motion 2 modifiée

D'Volleksvertriederkummer,

- hëlt zur Kenntnis, datt mam Gesetzesprojekt Nr. 5322 Moosnamen emgesat solle ginn, déi an der „Tripartite“ beschloss gi sinn;

- stellt den immensen Afloss vun engem ausserparlamentareschen, net vum Vollek gewielten Organ, der „Tripartite“, op politesch Entschcheidung fest;

- condemniert, datt déi gewielte Vertrieder vum Vollek nëmmen indirekt iwwert d'Entscheidungsofleef an der „Tripartite“ an d'Motivatiounen vun deenen do getraffenen Décisiounen informéiert goufen a ginn;

- stellt fest, datt och déi vun de Medie rapportéiert Informatiounen an Aussoen iwwert d'Geschéien, ewéi och d'Begrënnung vun den Décisiounen an der „Tripartite“ nëmmen op Héieresoe berouen a soumat allze oft widderspréichlech sinn;

fuerdert d'Regierung op

- jiddfer Volleksvertrieder e Compte rendu succinct vun de jeeweiligen Tripartite-Sëtzungen zoukommen ze loossen.

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

M. le Président.- Da géif mer déi modifizéiert Motioun zum Vote stellen, à moins datt nach een d'Wuert freet dozou.

Vote

Wien d'accord ass mat der Motioun vum Här Jaerling, dee stëmmt mat Jo. Wien dergéint ass stëmmt mat Neen, déi aner enthale sech.

D'Motion 2 modifiée ass ofgelehnt mat 47 Nee-Stëmmen, 7 Enthaltungen a 5 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hettogaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner.

Se sont abstenus: M. Emile Calmes;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter.

10. Discours de fin d'année de M. le Président

Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm an a Verriedung vun eisem President wëll ech um Schluss vun der leschter Sëtzung virun de Feierdeeg an um Enn vum Joer folgende Message un lech riichten.

A manner wéi dräi Wochen ass dëst Joer Vergaangenheit. 2004 war zu Lëtzebuerg um politesche Plang ouni Zweifel duerch National- an Europawahl vum 13. Juni gezeecht. Eng nei Koalitioun ass doraus ervirgaangen an net manner wéi 27 nei Deputéierten hunn de Wee an d'Chamber ugetratt. Fir en etlech vun hinne waren déi lescht Wochen a Méint d'Geleeënheit en éischten Androck vun de parlamentareschen Aarbechten ze sammelen.

De Bilan vun där nei gewielter Chamber presentéiert sech folgendermoossen: Getrei dem Verdikt vum Wieler huet d'Chamber sech fir d'éischt an zwou extraordinäre Sessiounen hir intern Strukturen zougeluecht. An insgesamt 21 Plenarsitzungen huet se duerno d'Debatten iwwert zwou Regierungserklärunger gefouert, eng Interpellatioun evakuéiert, jeeeweils zwou Froestonnen an Aktualitéitsstonden ofgehalen an iwwer 25 Projeten an eng Proposition de loi ofgestëmmt.

Déi legislativ Viraarbechte goufen a ronn 120 Kommissiounssitzungen geleescht; eng Aarbechtsleeschtung, déi sech deemno weise léisst. En Evénement, dat hei besonnesch ervirzepräichen ass, war déi feierlech Ouverture vun der neier Chambersessioun duerch eise Grand-Duc Henri. Bei där Geleeënheit huet eise Statschef de

Stellwäert vun eisem Parlament ervirgehewen, am Zesummenhank mat politeschen a gesellschaftlechen Erausforderungen, déi sech an eisem Land am heitege Kontext stellen.

Deemno ass d'Chamber opgefueert d'Antworten op politesche a gesellschaftleche Froen am Kader vun engem Émfeld ze stellen, dat esouwuel international wéi och hei am Land enger rapider Entwécklung ënnerworft ass. Op e Gefill vun Onsécherheet an e Gefill vu Manktum u Stabilitéit an eiser Gesellschaft si mer alleguer gefuerdert, déi Antworten ze ginn, déi den Awunner an eisem Land kloer maachen, datt et sech lount sech am Kader vun engem fräiheetlechen Europa anzusetze fir déi Grundwäerter, op déi eis heitege Gesellschaft opgebaut ass.

D'Fester vum Enn vum Joer sti virun der Dier a wäerte fir munchere vum eis, an ech denken hei virun allem och un d'Membere vun der Regierung, Geleeënheit sinn ze entspannen, fir Otem ze huelen, fir Kraaft ze sammelen a fir da gestärkt déi nächst sechs Méint unzegoen, déi um politesche Plang ouni Zweifel ënnert dem Zeeche vun der Lëtzeburger Présidence an der Europäescher Unioun stoe wäerten.

Mir sinn eis all bewosst, wat fir eng Verantwortung op eist Land, eis Regierung an domadder sécher och op d'Parlament zoukënn. Et wäert keng llicht Aufgab ginn, well grouss Erausforderungen op Europa zoukommen, déi e groussen Asaz verlaangen. Europa brauch en neie wirtschaftlechen Opschwung, muss Reformen an d'Weeër leeden, fir d'Kompetitivitéitsfäegkeet vun der Unioun weltwäit ze verbesseren. Dobäi dierf awer op kee Fall déi sozial a och déi ökologesch Komponent a Vergiess kommen. D'Konscht wäert doranner bestoen, den europäesche Sozialmodell mat engem neie wirtschaftlechen Dynamismus ze verbannen.

D'Adaptatioun vun der Stratégie de Lisbonne, de Pacte de stabilité, an d'Perspective financière wäerten déi Lëtzeburger Présidence dominéieren a prägen. Doniewent ass ze erwaarden, datt Aufgabe mat der zukünftiger Erweiderung vun der Europäescher Unioun op eis Présidence och zoukommen. Wat d'Detailer vun dësen ugeet, esou hänke si an enger éischer Phas vun den Décisiounen vu muer an iwwermuer um Conseil vu Bréssel of. Net ze vergiessen, datt an de leschte Joren déi aussepolitisch a sécherheetspolitesch Dimensioun vun der Unioun u Wichtigkeet zougéhe huet, wat dann och mat sech bréngt, datt d'Lëtzeburger Présidence an enger grousser Zuel vu wichtige Dossierer gefuerdert wäert sinn, op déi ech op dëser Plaz natierlech net kann a net wëll agoen, d'autant plus well d'Regierung der Chamber den 18. Januar d'Prioritéit vun der Lëtzeburger Présidence virstelle wëllt.

D'Regierung ass net eleng vun der Présidence betraff, och d'Chamber ass opgefueert hiren Deel bäize droen. Esou wäerte mer am éischte Semester 2005 véier Réuniounen vu parlamentaresche Kommissiounen aus den nationale Parlamenter, de Kandidatelänner an dem Europaparlament hei zu Lëtzebuerg wëllkomm heeschen, an zwar d'Presidente vun de COSAC-Delegatiounen, dat heescht d'parlamentaresch Kommissiounen, déi sech mat den Europadossierer befaassen, dann d'Plénière vun der selwechter COSAC, duerno déi traditionell Réunioun vun de Presidente vun den aussepolitische Kommissiounen an eng Réunioun, déi sech méi speziell op Immigrationsfroe bezitt.

Et sinn dat Réuniounen, un deenen tëschent 100 an 300 Leit pro Sitzung deelhuele wäerten, an déi wäerten dofir suergen, datt déi parlamentaresch Dimensioun an dës Europäesche Unioun och afléisse wäert.

An deenen nächste Méint wäert dann och an der Europäescher Unioun d'Konstitutionsprozedur vun dem Traité constitutionnel weider gefouert ginn. Lëtzebuerg gesäit vir dësen Text engem Referendum ze ënnerbreeden, deem am Averstännis mat der Regierung op den 10. Juli fixéiert ginn ass. Bis dohi bleift nach vill Aarbecht ze maachen, gesetzlech Virgäbe mussen nach votéiert ginn, de Bierger muss iwwert den Inhalt vum Traité faktuell an objektiv informéiert ginn, d'Chamber muss - nodeem se e Gedankenaustausch, en Dialog mat der Zivilgesellschaft an de Bierger hat - en Débat hei an der Chamber féieren, an deem sech déi verschidde Parteien dann zu hire Positionen bekennen.

Dëse wichtige Rendez-vous mam Bierger wäert Europa ganz an de Mëttelpunkt réckelen. Et wier ze hoffen, datt dës prononcéiert Europaaktivitéit vun den nächste Méint et fäerdeg bréngen, fir Europa de Lëtzeburgerer méi no ze bréngen an de Leit adequat Antwort op hir Froen ze ginn, fir datt d'Gesicht vun Europa an hiren Aë fest a positiv Konture kritt.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier mer eis all deenen Erausforderungen vun eisem Land am nächste Joer stellen, wëll ech lech, am Numm och vum President, Äre Familljen an all deenen, déi lech nostinn, besënnelech schéi Chrëschtfeierdeeg wënschen, verbonne mam Gedanken, datt dat neit Joer all Guddes bréngt, wat Dir lech vun him erwaart. Bei där Geleeënheit wëll ech awer och all deene Merci soen, déi dozou bäidroen, den Oflaf vun de parlamentareschen Aarbechten zu engem gudden Ofschluss ze bréngen.

Ech soen lech villmoos Merci.

Den Här Wolter huet nach d'Wuert gefrot.

M. Michel Wolter (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Conférence des Présidents huet mech beoptraagt am Numm vun eis alleguer, vun deene 60 Deputéierten - wat eng ganz schwéiere Charge ass -, lech déi Wënsch, déi Der elo am Numm vum President un eis geriicht hutt, ze erwidderen.

Dir hutt richtegerweis gesot, dass déi nei Chamber an deene leschte sechs Méint extrem vill inhaltlech Aarbecht preparéiert an duerchezunn huet. 21 öffentlech Sitzungen, iwwert 120 Kommissiounssitzungen weisen - an et ass besonnesch deen Deel vun eiser parlamentarescher Aarbecht, dee jo net esou oft dobaussen ernimmt gëtt -, dass ganz intensiv an deene leschte Méint an der Chamber déi Gesetzesvirschléi an déi Propositionen de loi, déi zur Diskussioun komm sinn, och diskutéiert gi sinn.

Dir hutt gesot, dass mer mussen Antworte fannen an engem Émfeld wat ëmmer méi schwéiere gëtt, dass mer eis musse positionéieren an engem internationale Kontext, deen net méi esou einfach gëtt. Och dat deele mer. Ech mengen, et brauch ee keen Hellseher ze sinn, fir ze gesinn, dass dat nächst Joer politesche gesi wäert haaptsächlech ënner dräi Stéchwierder hei zu Lëtzebuerg vun deenen dominéiert ginn: dat ass zum engen d'Présidence am éischten Hallefjoer, zum zweeten de Referendum iwwert déi europäesch Constitutioun, déi den 10. Juli wäert stattfannen, an zum drëtten dann d'Gemengewahlen, déi mer am Hierscht wäerten ofhalen an déi dann zu e bësse manner Harmonie héchstwahrscheinlech am politesche Kontext an deenen einzelen Gemengen - an héchstwahrscheinlech och heibannen - wäerte féieren.

Ech géif lech op jidde Fall an alle Kolleegen alles Guddes wënschen, och vu menger Säit besënnelech Deeg, e gutt neit Joer, virun allem jidderengem och eng gutt Gesondheet. Mir hunn dëst Joer jo gesinn, och hei am Haus, wéi séier et ka goen. Am Fall vum trageschen Doudesfall vum Marc Zanussi si mer drun erënnert ginn, wéi séier en fin de compte deen Engagement, dee mer alles kënnen hunn, u seng Limiten an och u seng perséinlech Limité ka stousen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soe Merci a wäert déi Wënsch an dee Merci dann och un de President weiderginn.

11. Demandes en naturalisation

Als leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen. Dofir muss ech de Huis clos ausspriechechen.

(Le huis clos est prononcé à 17.50 heures.)

* * *

(Le huis clos est levé à 17.55 heures.)

De Huis clos ass domat opgehewen. Déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 48 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzeburger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech och mat sechs Ännerungen vum Numm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptée par la Chambre des Députés le 15 décembre 2004

- CHEUNG Ka Wing, né le 30 juin 1970 à Hong Kong (Chine), demeurant à Luxembourg
- ON Thuyen Hoa, née le 27 avril 1967 à Saigon (Vietnam), demeurant à Luxembourg
- DANIEL Samuel, né le 27 juin 1969 à Kambia Town (Sierra Leone), demeurant à Differdange
- DARRAGJATI Gaspar, né le 16 novembre 1964 à Shkoder (Albanie), demeurant à Hesperange
- KARAFILI Diana, née le 11 juin 1966 à Shkoder (Albanie), demeurant à Hesperange
- DE CONINCK Philippe Jean Gérard, né le 2 octobre 1974 à Rocourt (Belgique), demeurant à Warken
- DIMITROV Mario, né le 11 octobre 1959 à Sofia (Bulgarie), demeurant à Differdange
- DOBREVA Tatiana, née le 21 décembre 1960 à Sofia (Bulgarie), demeurant à Differdange
- DIPPEL Walter Karl Max, né le 12 mai 1958 à Weiden (Allemagne), demeurant à Howald
- DJOMANI Bernard Désiré, né le 18 mai 1969 à Garoua (Cameroun), demeurant à Angelsberg
- BIABEYO-TCHEUMETO Pauline Léonie, née le 17 septembre 1973 à Douala (Cameroun), demeurant à Angelsberg
- DYKA Gisela Gertrud, née le 4 mars 1944 à Hindenburg (Allemagne), demeurant à Luxembourg
- EKE KALONDA Ignace, né le 3 mars 1974 à Okako Letshu (République démocratique du Congo), demeurant à Wiltz

14. GE Zhi Kang, né le 18 décembre 1966 à Shanghai (Chine), demeurant à Luxembourg

15. ZHAO Jian Hong, née le 27 juillet 1970 à Shanghai (Chine), demeurant à Luxembourg

16. GRAY Nicola Joan, née le 22 janvier 1983 à Durban (Afrique du Sud), demeurant à Bereldange

17. GROßMANN Angelika Hildgard, née le 18 mars 1959 à Dortmund (Allemagne), demeurant à Esch-sur-Alzette

18. HAJDUK Marek Jozef, né le 11 mai 1963 à Tarnobrzeg (Pologne), demeurant à Ell

19. KOPER Teresa Jadwiga, née le 12 août 1964 à Makow Podhanski (Pologne), demeurant à Ell

20. HARAKAT Aïcha, née le 12 mars 1969 à Mohammedia (Maroc), demeurant à Hagen

21. KARASHABANI Ardian, né le 2 octobre 1967 à Durres (Albanie), demeurant à Luxembourg

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de KASS Ardian.

22. LEGRAND Gabriel Jacques Ghislain Lucien, né le 30 décembre 1968 à Ixelles (Belgique), demeurant à Sanem

23. JACOB Francine Gérardine Paule Philo Marcelle, née le 20 décembre 1964 à Liège (Belgique), demeurant à Sanem

24. PARULIS Nerijus, né le 22 avril 1956 à Vilnius (Lituanie), demeurant à Mamer

25. MUSTEIKYTE Sigita, née le 4 juin 1959 à Vilnius (Lituanie), demeurant à Mamer

26. PAWLIK Agata Monika, née le 1^{er} janvier 1978 à Sosnowiec (Pologne), demeurant à Longsduerf

27. ROCHA Adelino Patricio, né le 20 juin 1945 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap-Vert), demeurant à Schiffflange

28. DA LUZ MOREIRA Maria de Fatima, née le 22 mars 1961 à Sao Joao Baptista/Porto Novo (Cap-Vert), demeurant à Schiffflange

29. SALM Siegmund, né le 16 décembre 1967 à Losheim (Allemagne), demeurant à Grevenmacher

30. HIRSCHFELDT Mariette, née le 19 décembre 1962 à Grevenmacher, demeurant à Grevenmacher

31. SEHIC Mirzet, né le 3 avril 1977 à Jelovo Brdo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Dudelange

32. KRNDIC Elvedina, née le 24 septembre 1977 à Zvornik (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Dudelange

33. SHAMANA SOMO Somo, né le 1er juillet 1943 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg

34. GORO ENWIJA Asmer, née le 15 mai 1948 à Dohouk (Iraq), demeurant à Luxembourg

35. TIRIS Catalin Mihai, né le 19 juillet 1969 à Focsani/Vrancea (Roumanie), demeurant à Leudelange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de TIRIS Michel Catalin.

36. CHEFNEUX Elena Odette, née le 25 août 1970 à Ploiesti (Roumanie), demeurant à Leudelange

37. TORO Cosma, né le 25 septembre 1948 à Noci/Bari (Italie), demeurant à Bereldange

38. VAHEDI FAKHR Kambiz, né le 18 février 1977 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg

39. VAHEDI FAKHR Khosrow, né le 16 septembre 1942 à Téhéran (Iran), demeurant à Schouweiler

40. MORSHIDIAN Fatemeh Soheyla, née le 25 mars 1951 à Téhéran (Iran), demeurant à Schouweiler

41. VANDENBEMDEN Pascal Maurice, né le 24 avril 1964 à Bruxelles (Belgique), demeurant à Kayl

42. VARELA CORREIA Heitor, né le 1^{er} décembre 1983 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Differdange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de VARELA CORREIA Hector.

43. VARELA FURTADO Lucas, né le 15 février 1967 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Pétange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de FURTADO Lucas.

44. SILVA GONÇALVES Jacinta, née le 20 juillet 1968 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Pétange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de SILVA Jacinta.

45. VILCHEZ CANALES Vanessa, née le 23 octobre 1982 à Lima

(Pérou), demeurant à Colmar-Berg

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de VILCHEZ Vanessa.

46. WILLEKENS Jozef Gabriël Ivo, né le 12 février 1947 à Merkssem (Belgique), demeurant à Meispelt

47. YE Xianli, née le 3 décembre 1981 à Zhejiang (Chine), demeurant à Echternach

48. YIP LAN YAN Yip Shui Hin, né le 8 mai 1963 à Port-Louis (Maurice), demeurant à Hobscheid

Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 18., den 19. an den 20. Januar 2005.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.55 heures)

17^E SÉANCE

Séance solennelle de commémoration en l'honneur de S.A.R. Madame la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte du vendredi 14 janvier 2005, cf. pages 1 à 3 de ce compte rendu.

MARDI, 18 JANVIER 2005

18^E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
Mme Lydie Err, Doyen

Ordre du jour

1. Communications

2. 5414 - Proposition de loi de M. Paul-Henri Meyers portant révision des articles 37, alinéa 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution

5428 - Proposition de loi de M. Claude Meisch portant réglementation de l'activité d'assistant maternel

(Déclaration de recevabilité)

3. Ordre du jour

4. Déclaration du Gouvernement sur le programme de la présidence luxembourgeoise du Conseil de l'Union européenne et débat

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; MM. Mars Di Bartolomeo et Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung iergendeng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Merci, Här Asselborn, mir huelen Akt dovun, dass d'Regierung eis haut näischt ze deklaréieren huet.

1. Communications

Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi, la proposition de loi et les projets de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre:

1. 5422 Projet de loi portant approbation du Protocole N° 13 à la Convention de sauvegarde des Droits de l'homme et des Libertés fondamentales, relatif à l'abolition de la peine de mort en toutes circonstances, ouvert à la signature, à Vilnius, le 3 mai 2002

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 21.12.2004

2. 5423 Projet de loi portant approbation du Protocole N° 14 à la Convention de sauvegarde des Droits de l'homme et des Libertés fondamentales, amendant le système de contrôle de la Convention, ouvert à la signature, à Strasbourg, le 13 mai 2004 et prévoyant la publication de certains arrêts définitifs de la Cour européenne des Droits de l'homme

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 21.12.2004

3. 5424 Projet de loi portant approbation de l'Accord de dialogue politique et de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la Communauté andine et ses pays membres (Bolivie, Colombie, Équateur, Pérou et Venezuela), d'autre part, signé à Rome, le 15 décembre 2003

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 21.12.2004

4. 5425 Projet de loi portant approbation de l'Accord de dialogue politique et de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et les Républiques du Costa Rica, d'El Salvador, du Guatemala, du Honduras, du Nicaragua et du Panama, d'autre part, signé à Rome, le 15 décembre 2003

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 21.12.2004

5. 5426 Projet de règlement grand-ducal transposant la directive 2003/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 avril 2003 relative aux prescriptions spécifiques de stabilité applicables aux navires rouliers à passagers

Dépôt, à la demande de M. le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur: le 30.12.2004

6. 5427 Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 16 novembre 2001 transposant la directive 94/58/CE du Conseil du 22 novembre 1994 concernant le niveau minimal de formation des gens de mer telle que modifiée par la directive 98/35/CE du Conseil du 25 mai 1998 (directive 2003/103/CE)

Dépôt, à la demande de M. le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur: le 30.12.2004

7. 5428 Proposition de loi portant réglementation de l'activité d'assistant maternel

Dépôt: M. Claude Meisch, le 04.01.2005

8. 5429 Projet de loi relative à l'introduction des normes comptables internationales pour les établissements de crédit portant modification de la loi modifiée du 17 juin 1992 relative aux comptes des établissements de crédit et transposition:

- de la directive 2001/65/CE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2001 modifiant les directives 78/660/CEE, 83/349/CEE et 86/635/CEE en ce qui concerne les règles d'évaluation applicables aux comptes annuels et aux comptes consolidés de certaines formes de sociétés ainsi qu'à ceux des banques et autres établissements financiers

- des articles 5 et 9 du règlement (CE) No 1606/2002 du Parlement européen et du Conseil du 19 juillet 2002 sur l'application des normes comptables internationales

- de la directive 2003/51/CE du Parlement européen et du Conseil du 18 juin 2003 modifiant les directives 78/660/CEE, 83/349/CEE, 86/635/CEE et 91/674/CEE du Conseil sur les comptes annuels et les comptes consolidés de certaines catégories de sociétés, des banques et autres établissements financiers et des entreprises d'assurance

- de l'article 50 de la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil concernant le contrôle légal des comptes annuels et des comptes consolidés et modifiant les directives du Conseil 78/660/CEE et 83/349/CEE

Dépôt: M. le Ministre du Trésor et du Budget, le 07.01.2005

9. 5430 Projet de loi portant approbation de l'Accord entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et le Gouvernement de la République populaire de Chine, d'autre part, relatif aux transports maritimes, fait à Bruxelles, le 6 décembre 2002

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 17.01.2005

10. 5431 Projet de loi portant approbation de l'Accord sur les privilèges et immunités de la Cour pénale internationale, fait à New York, le 9 septembre 2002

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 17.01.2005

11. 5432 Projet de loi portant approbation

- de la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne, faite à Paris, le 30 mai 1975 et du Règlement intérieur du Conseil de l'ASE - de l'Accord entre les États parties à la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne et de l'Agence spatiale européenne concernant la protection et l'échange d'informations classifiées, fait à Paris, le 19 août 2002

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Agence spatiale européenne relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création de l'Agence spatiale européenne et des clauses et conditions s'y rapportant, fait à Paris, le 6 mai 2004 Luxembourg, le 17 janvier 2005

Dépôt: M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 17.01.2005

3) Par lettre du 6 janvier 2005 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Greffe de la Chambre les documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 1^{er} au 2 décembre 2005:

• position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et la République de Saint-Marin prévoyant des mesures équivalentes à celles prévues dans la directive 2003/48/CE du Conseil du 3 juin 2003 en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts

• position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Principauté de Monaco prévoyant des mesures équivalentes à celles prévues dans la directive 2003/48/CE du Conseil du 3 juin 2003 en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts.

2. 5414 - Proposition de loi de M. Paul-Henri Meyers portant révision des articles 37, alinéa 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution

5428 - Proposition de loi de M. Claude Meisch portant réglementation de l'activité d'assistant maternel

Déclaration de recevabilité

Esou wéi den Artikel 57 (1) vum Chamberreglement et virgesi

huet d'Presidentekonferenz an hirer Réunioun vum 13. Januar sech fir d'Recevabilitéit vun zwou Propositions de loi ausgesprach, et sinn dat:

- d'Proposition de loi 5414 vum Här Paul-Henri Meyers iwwert d'Artikel 37 an 107 vum der Verfassung an

- d'Proposition de loi 5428 vum Här Claude Meisch iwwert de Beruff vum Assistant maternel.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun deser Woch ubelaangt huet d'Presidentekonferenz an hirer Réunioun vum 13. Januar Folgendes virgeschloen:

Haut de Mëtten héiere mer d'Deklaratioun vun der Regierung iwwert de Programm vun der Lëtzebuerger Présidence vum EU-Conseil. Uschléissend hu mer eng Debatt nom Modell 1.

Mar um hallwer dräi hu mer d'Projets de loi 5370, 5372 an 5369 iwwert d'Alters- a Fleegeheimer zu Péiteng, Mamer a Jonglënster, jee-weils nom Modell 1, an de Projet de loi 5413 iwwert déi budgetär Upassung vum Bau vun engem Concertssall um Kierchberg nom Modell 1.

Iwwermer, och um hallwer dräi hu mer de Projet de loi 5132 iwwert de Referendum, zesumme mat der Proposition de loi 3762 vum Här Robert Mehlen nom Modell 2.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir héieren elo, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, d'Deklaratioun vum Här Ausseminister, dem Här Jean Asselborn, iwwert de Programm vun der Lëtzebuerger Présidence vum EU-Conseil. Den Här Ausseminister Jean Asselborn huet d'Wuert.

4. Déclaration du Gouvernement sur le programme de la présidence luxembourgeoise du Conseil de l'Union européenne et débat

M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- Här President, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, ech wollt fir d'éischt Merci soen, dass ech eis Présidence hei an der Chamber virstellen däerf. Ech versichen dat an 20 Minuten ze maachen, mä

wann et mer net geléngt géif ech vläicht direkt zéng Minutte méi ufroen. Ech probéieren awer an deem Kader, selbstverständlech, dee mer imposéiert ginn ass, ze bleiwen.

Fir d'éischt wëll ech soen, dass seelen an enger Transition vum där enger Présidence op déi aner mir mat esou engem frappanten, mat esou engem gravé Problem befasst ware wéi dat des kéier de Fall war, vun der hollännescher op eis Présidence. Dir wësst, wat de 26. Dezember geschitt ass an Asien a schonn ab dem 27., 28. hu mer zesumme mat der hollännescher Présidence déi Décisioune geholl, déi wichteg ware fir effektiv d'Hëllef vun der Europäescher Unioun den asiatesche Länner, déi betraff waren, unzëbiden.

Mir hu wéi Der wësst direkt den 1. Januar eise Kooperatiounsminister, de Jean-Louis Schiltz, mam Commissaire Hâr Louis Michel op d'Plaz geschéckt. De Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo ass direkt op Genf gaange fir mat der OMS Kontakt opzehuelen a mir hu schonn den 28. Dezember vum leschte Joer eng Réunioun ageruff, e Conseil „Affaires générales et relations extérieures“, déi jo de 7. Januar stattfont huet a wou mer dann do déi éischt Décisioune getraff hu mat de Gesondheitsministere an mat de Kooperatiounsministere zesummen, wat ganz wichteg war fir eis Hëllef ze strukturieren a fir eis Hëllef och maximal kënnen ze organisieren.

Dir kennt alleguerten d'Konklusiounen dovunner. Dir wësst, dass des Woch zum Beispill zu Kobe déi Réunioun ass, wou virun allem geschwat gëtt, wat ee maache ka fir een Early-warning-System, wéi dat op englesch heescht, anzeriichten. De Minister Jean-Marie Halsdorf ass fir eis Regierung an och fir d'Présidence zu Kobe bei där Réunioun dobäi. Dat ass eng ganz wichteg Réunioun, well et ka jo net sinn, dass am Zäitalter, wou d'Menschheet op de Mound komm ass scho virun x Jorzéngten a wou och elo de Mars erforscht gëtt an aner Planéiten, mer et net fäerdeg bréngen, dass wann een Äerdbeewe geschitt ass op enger Plaz een dann net d'Konsequenzen kann direkt wierklech ausloten an déi néideg Schrëtt ennerhuelen, fir dass zéngtausende Leit kënnen gerett ginn.

Déi éischt Konklusioun, déi mer elo gezunn hunn, déi wëlle mer schonn den 31. Januar konkretiséieren um nächste Conseil „Affaires générales et relations extérieures“ an d'Kommissioun ass amgaange sech ze concertieren. Dir wësst, d'Kommissioun fonctionnéiert wéi eng Regierung, do muss emol jiddereen och dann a senge Kompetenze wëssen, wou en drun ass, an et muss eng Kohärenz do erauskommen. Mir als Présidence sinn amgaangen zesumme mat der Kommissioun dorunner ze schaffen.

Dann, déi éischt Haaptaufgab, déi selbstverständlech elo op eis zoukënn an der Présidence, ass alles wat mat dem Elargissement ze dinn huet. Dir wësst, dass mir engersäits dee Zyklus vun der Erweiderung am Osten ofzeschleissen hunn, dat ass Bulgarien an et ass Rumänien. Deen Tandem wollte mer absichtlech enner hollännescher Présidence elo an eiser Présidence oprecht erhalen, déi zwee Länner zesummen. Négociéiert ass alles ginn, d'Négociation ass fäerdeg um Niveau vum Conseil an et ass jo och en Datum fixéiert ginn, wéi Der wësst, de 25. Abrëll wëlle mer ofschléisse mat deenen zwee Länner am Kader vun engem Conseil „Affaires générales et relations extérieures“ an dann duerno kann dann och d'Raifikatioun an deenen zwee Länner getätigt ginn.

Virdu muss allerdéngs, an dat ass wichteg ze wëssen, d'Europaparlament en Avis ginn, dee positiv ass. Do gëtt ee Vote gemaach iwwert

déi zwee Länner a mir hoffen, dass den Tandem zesummebleift iwwert déi zwee Länner. Mir hunn do de Mueren nach zu Bréssel mat der Commission des Affaires étrangères geschwat an ech mengen, dass et do méiglech ass, dass zu Stroossbuerg an der Sessioun vum Abrëll och d'Europaparlament kann dee Paquet ficeléieren.

(Coups de cloche de la Présidence)

Da kënn eng zweet Aufgab op eis zou an deser Présidence, dat ass Kroatien. Dir wësst, dass Kroatien ee Land ass, wat jo bekanntlech tëschent Slowenien an ebe Griicheland läit, also matzen am europäesche geographesche Gefüge, wann ech esou däerf soen, an dass all déi Länner vum Balkan zu Saloniki 2003 och eng Perspektiv kritt hunn, wa se dat wëllen, fir kënnen an d'Europäesch Unioun eranzekommen.

Kroatien huet eng Konditioun nach ze erfüllen, déi net onwesentlech ass, Kroatien muss weisen, dass et 100%eg matschafft mam Tribunal international, deen zoustänneg ass fir d'Crimen, déi an Exjugoslawien geschitt sinn. Do geet et virun allem em ee General, dee Gotovina heescht, an et muss wierklech bewise gi vun der Regierung, dass déi Zesummenaarbecht mat der Madame Carla del Ponte 100%eg ass. De Premier an ech wäerten an deenen nächste Wochen d'Madame Carla del Ponte gesinn, am März wäert ech och selbstverständlech mat hir Kontakt ophuele virum 17., fir da Bericht ze maachen am Allgemenge Rot, an dann ass et um Allgemenge Rot fir d'Décisioun ze huelen.

Dir hutt och vläicht héieren, dass ech ee Bréif kritt hunn als Ausseminister vun engem, dee sech als Afekot ausgëtt vum Hâr Gotovina an dee seet, den Hâr Gotovina wier bereet, fir sech de kroatesche Gerichter ze stellen, mä net dem Tribunal international. Dat ass selbstverständlech net ugehoill gi vun der Madame del Ponte a vun hire Servicer. Mir hunn och ee Bréif kritt vun der kroatescher Regierung, dass dat net d'Position vun hinne wier, esou dass mer also do och um gudden Wee sinn, fir dass déi 100%eg Zesummenaarbecht och ka bewise ginn.

Dann d'Türkei, ech mengen och op deem Pult hei ass all Décisioun geholl ginn an all Diskussioun och gefouert ginn, wat d'Türkei ugeet. Dir wësst, dass mer am Dezember um Conseil européen een Datum fixéiert hunn, uganks Oktober, den 3. Oktober sollen d'Verhandlungen ugoen. Bekanntlech hu mir dann net méi d'Présidence, dann ass d'Présidence bei den Englänner. Allerdéngs wäert och an eiser Présidence, virun allem wat d'Zypernfro ugeet, dat e wichtege Punkt bleiwen.

Dir wësst vläicht, dass zwee Reglementer nach an der Mautsch sinn. Nom Referendum an Zypern ass gesot ginn, mir mussen dem Norde vun Zypern elo hëllefen, do sinn 259 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt gi fir kënnen ze investieren. Dat ass eng Saach, wou och jiddereen domadder d'accord ass, mä op där anerer Säit soll och méi eng grouss Autonomie, wat de Commerce ugeet, vun Nordzypren ausgehandelt ginn, an do blockéiere mer nach.

Mir kucken als Présidence fir op deem Punkt do weiderzuekommen, well et wier wichteg wa mer och dee Geste géife man, deen décidéiert ginn ass vum Conseil européen, dass deen och kéint en musique gesat ginn.

Dann d'Unerkennung vun Zypern selbstverständlech, wat d'türkesch Regierung ugeet. Do wësse mer och, dass do muss de Protocole additionnel ennerschriwwen gi mat deenen zéng neie Länner, déi elo an Europa opgeholl gi sinn. Domadder hätt d'Türkei implizit jiddedfalls och déi nei Länner alleguerten unerkannt, dorënner dann och Zypern.

Déi ganz Struktur vun der Erneuerung wäert eis vill Kraaft kaschten, do geet näischt automatesch, mä et ass awer an eiser Pflicht, fir do matzehëllefen, dass mer déi Aufgaben, déi eis do gestallt gi sinn, entweder ofschléissen, wéi bei Bulgarien a Rumänien, oder dann och weiderféieren oder ufänken, wéi dat mat Kroatien de Fall ass.

Déi nächst grouss Erausforderung ass selbstverständlech d'Verfassung. Dir wësst, dass et elo ugeet mat de Referenden. An deem Joer 2005 wäerten déi meescht Referende stattfannen, obschonn der jo och nach am Joer 2006 wäerte stattfannen, zum Beispill an England, och a Portugal, déi jo elo Neiwahlen hunn, a wou de Referendum, dee virgesi war am März, elo op d'nächst Joer verluecht ginn ass.

Mä et wäert ugoen, wéi dat geplangt ass, a Spuenien. Da wäert mat grousser Wahrscheinlechkeet am Fréijoer, iergendwann am Abrëll/Mee, Holland kommen. Direkt duerno wäert Frankräich dru sinn, an eisen Datum ass jo fixéiert op den 10. Juli vun deem Joer.

Nun, léif Leit, ech hat d'lescht Woch d'Eier fir un engem Débat deelzehuelen op der spuenescher Televisioun mat engem ganz dichtege Mann, dee kee Politiker ass, mä duerfir awer ganz dichteg ass, a säin Numm ass Jeremy Riffkin. Den Jeremy Riffkin huet e Buch geschriwwen iwwert den europäeschen Dram, „the European dream“, a Comparaisoun mam amerikaneschen. A sengem Buch kristalliséiert en och sechs Begrëffer eraus.

Ech wëll lech ganz kuerz emol hei soen, dass d'Relatiounen ënnert de Communautéite méi wichteg si wéi déi individuell Autonomie, dass d'Diversité culturelle méi wichteg ass wéi d'Assimilatioun, dass d'Liewensqualitéit méi wichteg ass wéi d'Accumulatioun vun de Richessen, dass den Développement durable oder soutenable méi wichteg ass wéi eng Croissance matérielle illimitée, dass d'Droits de l'homme universels an d'Droits de la nature méi wichteg si wéi d'Droits de la propriété, an dass och d'Coopération globale méi wichteg ass wéi den Exercice unilatéral du pouvoir.

Och den Jeremy Riffkin huet ganz kloer an deem Débat gesot, dass déi Verfassung, déi mer och hei zu Lëtzebuerg den 10. Juli wäerten de Leit zur Ofstëmmung virleeen, eng Verfassung ass, déi alleguerten déi doten Nuancen an alleguerten déi doten Approchen och erlabe wäert. Et ass eng Verfassung wou a mengen Aen, fir nëmme just zwee Wieder doriwwer ze verléieren, mer et fäerdeg bruecht hunn, esou e Sprong ze maachen an d'Charte fondamentale des Droits de l'Homme anzubauen, wat en immense Schrëtt no vir ass.

Dat Zweet ass, déi Verfassung - an ech soen dat vläicht och hei an deem Kontext ganz kloer - ass vu verschiddene Säiten eng Zäit lang duergestallt ginn, wéi wann et eng liberal Verfassung wier, am Sënn vum pejorativ liberal, et gëtt jo och gutt liberal.

(Interruptions diverses)

Mä duerfir wëll ech ganz kloer hei soen: A kenger vun eisen europäesche Verfassungen, och net an deene moderne Verfassungen wéi elo a Spuenien, wéi a Portugal oder wéi a Griichenland ass zum Beispill d'Tripartite an der Verfassung ageschriwwen. An der Europäescher Verfassung ass d'Tripartite ageschriwwen, d'Staten, d'Unioun an d'Partenaires sociaux! An a kenger vun eise Verfassungen, déi et an Europa gëtt, ass et och ageschriwwen, dass d'Beschäftigung soll op engem méiglechst héijen Niveau stattfannen. Mir hunn d'Recht op Aarbecht an

alle Verfassungen stoen, mä déi Präzisioun ass net dran.

Domadder ass näischt geléist, mä de Rahmen, de Kader ass geschaf fir effektiv do kënnen eng gutt Politik ze maachen, an duerfir sinn ech och ganz, ganz frou elo als Lëtzeburger Politiker, dass ech hei an eiser politescher Landschaft mat Leit ze dinn hunn, déi an der ganz grousser Majoritéit wierklech positiv zu där Verfassung stinn, an ech mengen, dass déi Aarbecht, déi mer an der Présidence maachen, och muss d'Vorhut si vun där Argumentatioun, déi mer ze féieren hu fir den 10. Juli.

Wichteg ass natierlech och alles wat d'Relations extérieures ugeet. Mä bei der Verfassung, Hâr President, erlaabt mer nach ee Wuert. Déi Fro, déi mer jo ëmmer gestallt kréien, a mir schwätze jo net nëmme hei fir Politiker, och fir d'Leit dobaussen: Wat geschitt, wann ee Land nee seet? Et gëtt an deem Fall e puer Hypotheesen. Dat hânt natierlech och vum Land of. Dir wësst, Europa huet schonn eng Erfahrung gemaach mat Irland a mat Dänemark, wou dann deen éischte Vote schief ausgegangen ass, an et ass en zweete Vote gemaach ginn, an do ware mer dann um gudden Ufank.

Déi zweet Méiglechkeet ass, dass dat Land, wat nee seet, ob am Parlament oder am Referendum, seet: Gutt, fuert Dir elo virun, déi aner 24, mir musse kucken, dass mer dann e gudden Plan d'action ausschaffe mat Europa an dann eben nieft Europa an der Remorque weiderféieren.

An da gëtt et eng drëtt Kategorie vu Länner, dat sinn déi grouss Länner. Ech kéint mer net virstellen, Hâr President, wann et an engem Land, ech soen elo absichtlech emol eent wéi Frankräich, wat e Referendum huet, an der Verfassung am Vote vum Referendum géif schief goen, dass dann Europa einfach kéint nokucken an à l'ordre du jour iwwergoe wéi wann näischt gewiescht wier. Dat ass evident.

Mä ech wëll awer soen, dass wann e Land wéi Lëtzebuerg géif op d'Iddi kommen, neen ze soen, - wourunner ech iwwerhaupt net zweifelen, dass et net an esou eng Richtung geet -...

(Interruptions)

...da kënn ech mer virstellen, dass selbstverständlech Europa weiderfunktionéiert, mä dass mir dann als Land géifen an der Remorque setzen, an ech mengen, et ass kee vernünftige Politiker hei zu Lëtzebuerg, deen dat wëllt. Da wëll ech lech soen, dass mer immens vill Aarbecht ze maachen hu bei de Relations extérieures.

D'Joer 2005 ass d'Joer - an dat mengen ech muss mer an eise Kapp elo behalen - vum „major event“ an den Nations Unies. A wa mer an den Nations Unies soen, da soe mer Multilateralismus, da soe mer internationalaalt Recht, da soe mer och Diplomatie.

Et gëtt dräi grouss Reformen, déi do ugestriift ginn: Dat Eent ass d'Sécherheet, den Ofbau vun den Nuklearwaffen, den Terrorismus; dat Zweet ass den Développement, d'Kooperatioun, d'Hëllef tëschent deene räichen an deene arme Länner. An dann deen drëtten Punkt, och ganz, ganz wichteg, mä net dee wichtigsten, dat ass d'Reform vun den Institutiounen vun der UNO.

Et geet net drëm, Dir wësst, et sinn der elo véier, déi wëllen an de Conseil de Sécurité a véier anerer wëlle blockéieren. Dir kennt déi Länner wann Der d'Zeitung liest. Dat schéngt mer net dat Wichtigst ze sinn, mä alles wat mer maachen elo och an eiser Présidence muss am Kontext geschéie vun deem wat mer eben de Multilateralismus nennen.

Dat Éischt dat ass, Dir wësst dat, mir hunn eng Réunioun, en Treffen an eiser Présidence mat Amerika.

Et ass déi éischte kéier, dass den amerikanesche President bei d'europäescher Institutiounen kënn. E kënn bei d'NATO, mueres, mä mëttes ass jo nach en Dag, da kënn e bei d'Europäesch Unioun.

Dat ass wichteg, ganz, ganz wichteg, an déi Messagen, déi mer do wäerte ginn iwwert d'Relatiounen, déi nei Relatiounen vun den transatlanteschen Optiken, vun anere Bezéiungen, vu bessere Bezéiungen, vu méi déiwe Bezéiungen, wou ee méi op deen aneren zougeet, schéngt mir dat Allerwéinegste ze sinn. Déi nei transatlantesch Bezéiungen, déi sinn net nëmme am Intérêt vun Amerika oder vun Europa ze gesinn, mä am Intérêt vun der Stabilitéit op der Welt.

Dann hu mer eng wichteg Réunioun och mat Russland. Mat Russland hu mer...

(Interruption)

Hâr Mehlen, wann ech fäerdeg sinn da kënn Der schwätzen. Entschëllegt.

Also mat Russland hu mer och mat engem Land ze dinn, wat jo e ganz, ganz wichtege Acteur ass op der internationaler Bühn a wou mer konfrontéiert sinn, als Présidence, mat der Viraarbecht, déi d'Hollänner gemaach hunn. D'Hollänner hu véier Espacen ausgeschafft, do waren op zwou Espacen nach grouss Problemer, et konnt also net ofgeschloss ginn. Dat ass déi „new neighbourhood policy“, also d'Politik mat den Nopeschlänner, d'Länner, déi tëschent Russland an der Europäescher Unioun leien. An dann och selbstverständlech alles wat mat Mënscherechter ze dinn huet.

Perséinlech ginn ech elo uganks Februar bei de russeschen Ausseminister, an an der Preparatioun vun deem Sommet, dee stattfënt am Mee, - eise Premier war jo am Dezember och beim russeschen President -, do hu mer ze knaen, do hu mer ze schaffen. Mir däerfen op kee Fall dat maache wat eventuell vun där enger oder anerer Säit vun eis erhofft gëtt, dass mer den Hollänner géifen an de Réck falen. D'Hollänner hu mat der Kommissioun ganz, ganz fest op deenen zwee Punkte verhandelt, a mir mussen och dobäi bleiwen, obschonn dass mer selbstverständlech muss kucke fir virunzuekommen doran.

Dann nach ganz kuerz, Hâr President, mat Japan hu mer ee Sommet, mat Kanada hu mer ee Sommet, a mir mussen eis och ganz intensiv dorëm bekëmmen, wat den 30. Januar am Irak geschitt. Selbstverständlech huet do och d'Europäesch Unioun mat d'Responsabilitéit, mir hu vill Suen deblockéiert, fir d'Organisatioun vun de Wahlen am Irak. Ob déi stattfanne kënnen, weess kee vun eis hei am Sall, et weess och keen et zu Bréssel, et weess och keen aneren et op der Welt. D'Amerikaner maache jo alles, fir dass se kënnen stattfannen. Mir als Europäer hunn all Méiglechtes och gemaach, mä et muss ee sech allerdéngs d'Fro stellen, wann do Wahle stattfannen, wat fir een Impakt fir d'Demokratie esou Wahle kënnen hunn.

En anere wichtege Punkt ass den Iran. Gëschter a virgëschter, wann een e weineg an der europäescher Zeenerie do zirkuléiert, da kritt een natierlech d'Fro gestallt: Wat ass dann elo erëm lass? Wëllen d'Amerikaner wierklech am Iran eng Interventioun maachen?

Vläicht zur Präzisioun, déi dräi grouss Länner an Europa: Däitschland, Frankräich a Groussbritannien, déi hunn ugefaange virun zwee Joer fir eng Alternativ zu der Position vun den Amerikaner auszubauen a si hu mat den Iraner verhandelt. Si hu versicht den Iraner ze soen: Loosst d'Fanger ewech vun der Atombomm - fir et emol op lëtzebuergesch ze soen - a probéiert mat eis a Kooperatioun ze trieden. Mir kënnen um kommerzielle Plang iech entgéintkommen a mat iech verhandelen. Dir wësst,

dass déi Négociatioun eng Kéier zesummegebrach war, mä dass se jo awer elo erëm gegruff huet an dass se op engem positive Punkt ass.

Déi dräi EU-Länner plus Solana hunn also do wierklech eng Alternativ zu der Positioun vun den amerikaneschen Diplomaten a Politiker ausgeschafft gehat. D'Amerikaner waren eischerter derfir, fir direkt virun de Conseil de Sécurité ze goen, mä Dir kennt de System beim Conseil de Sécurité, do brauch nëmmen ee Land de Veto anzeleeën, dann ass alles do blockéiert.

Ech ka mer net virstellen, dass no där Experienz, déi gemaach ginn ass am Ufank vun dësem Jorhonnert an engem bestëmmte Land, wou mer elo alleguerten d'Konsequenzen nach ze droen hunn, Amerika sech géif dozou decidéiere fir de Problem vun Iran mat militäresche Waffen ze léisen. Dat wier géint all dat, wat mer dëst Joer wëlles hunn a wat ech och elo viru gesot hunn am Kader vum „major event“ vun den Nations Unies, et wier selbstverständlech och alles anescht wéi Multilateralismus wierklech op eng Pist bruecht, wou e kéint fonctionnéieren. Ech gleewen einfach net drun, dass esou eng grouss Natioun wéi Amerika aus senger Geschicht an aus senger Experienz net déi richteg Léiere gezunn huet.

Dann ee wichtige Punkt, dat ass de Balkan. Um Balkan hu mer ganz kloer - ech hunn dat am Ufank gesot - deene Länner alleguerten zu Saloniki 2003 eng Perspektiv ginn, déi eben eng Zugehörigkeit, wann se dat wëllen, zur Europäescher Unioun misst duerstellen.

Mir hunn déi Länner och während eiser Presidentschaft alleguerten net am Stach ze loossen. Mat Kroatien solle mer ufänken, mä mir mussen eis och drëm bekëmmern, wat am Kosovo geschitt, bekämpft deen Adage Standard virum Statut. Alles dat ass Theorie, domadder kéint ee sech politesch beschäftegen, mä et muss ee wëssen, dass wa mer de Leit aus dem Kosovo nämlech wéi de Leit aus dem Gaza-Streifen keng ekonomesch Perspektiv ginn, da kënnen mer esou vill reforméieren an esou vill politesch Sprécher hale wéi mer wëllen, dann ass och de Kosovo nach ëmmer ee Gebitt, wou Dynamit dran ass a wou kënnst zu all Moment erëm eppes geschéien, wat Europa net würdeg ass.

Mir wëssen alleguerten och, dass et schwierig ass dee Lien ze behalen tëschen Serbien a Montenegro mat den Négociatiounen mat Albanien. Dat ass net einfach. Wou et nach eenegermoosse méi gräift, dat ass an der fréierer Republik Mazedonien. Mat Skopje besti gutt Relatiounen an d'Kommissioun wäert och, héchstwahrscheinlech awer eréischt an där zweeter Hallschent vun dësem Joer, do seng Appréciatioun driwwer ginn.

An eiser Présidence hu mer nach een anere Problem ze léisen, deen ech hei nëmme kann uschneiden, dat ass de Waffenembargo mat China. Dir wësst, dass mer een Optrag kritt hunn um leschte Conseil européen fir an eiser Présidence, an deenen nächste sechs Méint, dee Problem ze léisen. Dat ass selbstverständlech méi einfach gesot wéi gemaach.

Engersäits mussen mer drop puchen, dass d'Mënscherechter a China verbessert ginn, an déi sinn op engem spezifesche Punkt ze verbesseren, China huet eng UNO-Konventioun ënnerschriwwen, wou et ëm d'zivil an d'politesche Rechter geet. Déi ass allerdingen nach net um Parlament ratifizéiert ginn. Do kënnen mer Drock drop maachen. Mir wëssen awer och, dass mer am Kader vun der Diskussioun ëm de Waffenembargo, wat eng wierklech schwierig Diskussioun ass, eng hecht technesch ass, do geet vun Toolbox rieds, et geet vu Standstill rieds, et geet vum Code de conduite rieds, och vu Code de

conduite renforcé. Mir hunn eis an Europa do ze concertéieren, eng Linn do ze fannen an dann ze kucken wéi wäit, dass mer mat China kommen. Mir hunn eng Réunion ministérielle mat China am Mee an dat wäert och keng einfach Preparatioun ginn.

Zu Afrika, just ee Wuert, Dir wësst, dass mer während der holländescher Présidence vertraude waren zu Daressalam, wou et ëm d'Politik gaang ass vun de Grands Lacs. Mir waren och am Sudan, wou jo net nëmmen op der westlecher Säit Problemer sinn am Darfur, mä och tëschen dem Norden an dem Süden. Do schéngt jo elo an deene leschte Woche positiv Zeeche komm ze sinn. Mä et ass e weénege schued, well mer an Afrika ee Land hunn, dat Simbabwe heescht - dat wësst Der - an dass et duerch dat Land extrem schwierig ass ee Sommet mat den afrikanesche Länner alleguerten ze organiséieren.

Mir haten nach mat de portugisesche Kolleegen zesumme probéiert, fir eppes do fäerdeg ze bréngen, allerdingen op deem Punkt do loosse mer awer net lass. Mir hu Réuniounen mat den afrikanesche Länner an eiser Présidence, esou wéi mer och Réuniounen hu mat de Länner aus Latäinamerika hei zu Lëtzebuerg. Do wäerte mer iwwer 40 Ausseministen am Mee hei hunn.

Mir hu ganz staark Relatiounen och mat den asiatesche Länner, wou et net nëmmen ëm d'Tsunami geet, mä och ëm d'Zukunft vun där Géigend, esou dass Der gesitt, wat alles um Plang vun de Relations extérieures steet - an ech konnt elo emol net alles soen.

De Barcelona-Prozess, och do hu mer d'Reunioun am Mee hei zu Lëtzebuerg. Dat ass deen eenzege Prozess, wou bis elo Israelien a Palestinenser an engem Dësch souzen, dat d'äerfe mer net vergiesen. Déi lescht Réunioun, déi d'viregt Joer an Irland war, war katastrofal. Déi, déi dëst Joer elo zu La Haye war, war scho vill méi op. Ech mengen, dass de Barcelona-Prozess ka mathëllefen am Mëttleren Osten de Friden erbäizeféieren.

Zum Mëttleren Osten och nëmmen ee Wuert. Dir wësst et vläicht, den Owend geet eng Delegatioun vu Lëtzebuerg no Israel. Mar si mer zu Israel an ech gesinn do alleguerten d'Haaptautoritéiten, vum President iwwert de Premierminister, Ausseminister an och de Vizepremierminister. An da si mer deen Dag derno net zu Ramallah, mä a Gaza, an do gesi mer deen neie President Mahmud Abbas, och den Ausseminister a mir kommen dann zrëck op Tel Aviv, wou eng Ried op der Uni zu Tel Aviv virgesinn ass, wou ech da géif e weénege schwätzen iwwert d'Perspektiv vun der europäescher Politik en général am internationalen Kontext.

De Message, dee mer mussen dohinner bréngen, ass duebel. Engersäits selbstverständlech de Palestinenser soen, dass se alles ze ënnerhuelen hunn, fir dass d'Gewalt gestoppt gétt. Allerdingen mussen mer awer och den Israelië soen, dass dee President, deen elo gewielt ass an zënter e puer Deeg eréischt am Amt ass, och muss d'Moyene kréien, well de Wëllen huet hie jo.

Et ass ee Mann, deen zënter 40 Joer nëmme just op d'Négociatioun setzt, de Wëllen huet en. Hie war bei den Oslo-Vertrag ee vun den Haaptnegociateuren. Hie selwer huet ëmmer gesot, dass mer nëmme just virukommen, doduerch dass mer verhandelen an dass mer um Verhandlungsdësch eben eis erëm op d'Roadmap kënnen konzentréieren, fir dat fäerdeg ze bréngen, wat jo och meng Virgänger an der Regierung versicht hunn ze vermëttelen, nämlech eng Zweek-Staten-Léisung, wou béid Völker kënnen a Friden eent niewent deem anere liewen.

Dann nach dräi lescht Punkten, méi iwwert d'Innenpolitik. Déi wäert selbstverständlech och engrouss Roll an eiser Présidence spillen - ech weess net wéi vill Zäit ech nach hunn, mä ech maachen et extrem kuerz.

M. le Président. - Här Minister, ech géif lech bieden esou lues zum Enn ze kommen.

M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration. - Ier ech elo zum Enn komme muss ech awer nach zwee Wuert soen iwwert de Stabilitéitspakt, iwwer Lissabon an iwwert d'Finanzperspektiven. Ech mengen, dat gehéiert jo awer zu eiser...

(Interruption)

Beim Stabilitéitspakt, mengen ech, brauch ech elo net an d'Detailler ze goen. Eise Finanz- a Premierminister ass amgaangen zu Brüssel am Ecofin doriwwer ze verhandelen. D'Linn, déi mer hunn, ass extrem einfach. Mir soe ganz kloer, dass an enger Period, wou et biergop geet, wou d'Croissance do ass, dass mer do selbstverständlech mussen an de Länner dovunner profitéieren, fir d'Schold erfzesetzen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Ech géif ëm e bëssen Opmierksamkeit bieden.

M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration. - Anerersäits, wa mer an enger Period si vun enger Flaut, da muss et méiglech si fir op den Investissement ze setzen an dann déi 3% net als eppes Stures unzegesinn.

Mir si bei deene Regierung, déi soen, dass de Stabilitéitspakt net einfach d'äerf elo vidéiert gi vu senger Matière. Et gétt Länner, wéi Italien zum Beispill, déi mengen, wa mer de Stabilitéitspakt ofschafen, da si mer bei 9% Croissance. Dat ass et net. Da verléiere mer net nëmmen d'Croissance, da verléiere mer och nach d'Stabilitéit. Et muss ee sech also gescheit ueeën an och mat deenen Dammen an Häre vun der Zentralbank kucken, fir do eng Léisung ze fannen. Mir wëlle jo, dass mer um Conseil européen vum Mäerz dee Problem geléist hunn, a mir si gudder Déng, dass dat och ënner der Fiederführung vun eise Finanzminister fäerdeg ze bréngen ass.

Dann zu Lissabon och just ee Wuert. Dir wësst, dass am Joer 2000 zu Lissabon dee grouse Sproch geklappt ginn ass, wann een esou d'äerf soen, fir aus der europäescher Wirtschaft vum Wëssen, der Économie de la connaissance, dat gétt heiansdo vergiessen, déi stäerkst ze maache vun der Welt am Joer 2010. Mir sinn elo an der Halbzäit ukomm. Villes ass net esou gelaf wéi et geduecht war. Mir hunn de Rapport Kok, deen eis seet, wou mer dru sinn, a mir waarde selbstverständlech elo op d'Positioun vun der Kommissioun, déi den 2. Februar kënnst, déi eis dann hir Konklusione wäert virleeën.

Eent ass sécher fir d'Lëtzebuenger Regierung: Et kann net sinn, zumools wa mer hei an eise Land kucken, wéi eis Wirtschaft an och eis Sozialpolitik evoluéiert hunn, dass mer d'Impressioun ginn, dass ee méi Kompetitivitéit kënnst schaffen op Käschte vun der Sozialpolitik respektiv op Käschte vun der Ëmweltpolitik. Wann een d'Evolution vun eise Land kuckt, da gesäit een, datt just de Contraire fäerdeg ze bréngen ass. Méi Kompetitivitéit an Zukunft heescht, do ze investéieren, wou och Kompetitivitéit a Wëssen an ebe Formation, Innovatioun a sou weider

kënnen geschaf ginn, nämlech an d'Schoul, fir eng Laangzäitwierkung ze kréien.

Mir sinn also kloer als Lëtzebuenger Regierung géint en Dumping vun der Ëmweltpolitik an och géint en Dumping vun der Sozialpolitik fir d'Kompetitivitéit eropzeschrauwen.

Dann zu de Finanzperspektiven. Zu de Finanzperspektive wëll ech och vläicht e puer Wuert Explikatioun ginn. Vill Leit dobausse wëssen net, ëm wat dass et geet. Heibanne weess selbstverständlech jiddferree Bescheed, mä ech muss lech soen, ier ech Ausseminister war, hunn ech och net alles do verstanen.

(Interruption)

Dofir vläicht zwee Wieder Explikatioun. 1999 ass fir d'éischt vu Finanzperspektive geschwat ginn zu Berlin. Do ass fir déi nächst siwe Joer e Paquet gemaach ginn, wou eben d'Enveloppe fixéiert ginn ass vun deenen eenzelnen Dépense vun der Europäescher Unioun.

Elo si mer am Joer 2005 a mir hunn d'Aufgab an eiser Présidence fir d'Diskussioun iwwert d'Finanzperspektiven ofzeschlëssen, fir dass déi Programmer, déi decidéiert gi si vun der Kommissioun a vum Parlament selbstverständlech och, 2007 kënnen ulafen. Wann dat net de Fall ass, wann net genuch Moyenen do sinn, da kënnen all déi Programmer guer net starten, dohier d'Aufgab, déi d'Europäesch Unioun eis ginn huet, fir ofzeschlëssen - selbstverständlech fir ofzeschlëssen, wéi Der dat wësst - zum Schluss vun eiser Présidence.

Et geet also bei de Finanzperspektive virun allem drëm de Volumen ze definéieren vun deenen eenzelnen Dépenses, an d'Haaptdepense bei der Europäescher Unioun, dat wësse mer nach, ass d'Agrarpolitik, mä d'Agrarpolitik, esou wichtig wéi se ass, ass awer net déi Politik, déi wäert d'Unioun duerch dat ganzt 21. Jorhonnert begleeden. Et gétt selbstverständlech virun allem och politesch Solidaritéit, et gétt d'Kohesioun tëschen deenen aarmen an deene räiche Länner, déi ze regelen ass; an dann ass et selbstverständlech och esou, wa mer vu Lissabon schwätzen, dass mer och der Europäescher Unioun d'Moyene mussen ginn, dass se investéieren kann an d'Innovatioun, an d'Recherche, an d'Formatioun a sou weider.

Bon, dat ass also de Kader an deem mer eis bewegen. Elo wësst Der, dass et Länner gétt, déi sechs - Dir kennt se alleguerten: Däitschland, Frankräich, England, Schweden...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Här Minister, ech bieden lech zwar elo wierklech zum Schluss ze kommen. Dir hutt elo déi Zäit, déi Der lech ugefrot hat, schonn integral épuiséiert, an ech mengen, mir mussen och aus Respekt vis-à-vis vun de Kolleegen awer e bëssen a Grenze bleiwen.

M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration. - Dir sidd ee gudder President, mä loosst mech just dee Punkt hei fäerdeg maachen, well ech mengen, et ass jo awer e wichtige Punkt, wat d'Finanzperspektiven ueget. Wa mer do net op zwou Minutte kucken, wëll ech hei net nëmmen lech, mä och de Leit explizéieren, ëm wat dass et do geet.

Da gi mer also hin a kucken déi sechs, déi dee Bréif geschriwwen hunn, déi d'Finanzperspektive wëlle limitéieren op 1% vum PIB. Op där anerer Säit hu mer der 13 aner, déi natierlech esou vill wéi méiglech nach vun de Kohesiounsfonge wëlle kréien, déi esou vill wéi méiglech - wéi ech et viru gesot hunn - vun der politescher Solidaritéit an Europa wëlle profitéieren. An dann hu mer sechs aner Länner - dorënner ass Lëtzebuerg,

d'Belsch, Dänemark an ech kéint der nach e puer nennen, déi bis elo eigentlech keng Positioun bezunn hunn, déi schéi brav kucken eng Léisung ze fannen.

Also, ech kann lech soen, dass mer d'Hoffnung net opgi fir alleguerten déi Argumenter - a mer fänken den 31. Januar domadder un - ze bündelen, a mir kucke selbstverständlech och mat den Englänner an d'Gespréich ze kommen, fir dass iwwert de Chèque britannique geschwat gétt a wierklech do e Fortgang kënnst. De Chèque britannique ass elo an der Héicht vun eise Statsbudget, a wa mer näischt ënnerhuelen, klëmmt en op siwen, aacht Milliarden an deenen nächste Joren. Mir als Lëtzebuenger bezuele fir de Chèque britannique all Joer ronn 20 Milliounen Euro.

Bon, Dir gesitt, Här President - ech sinn elo wierklech fäerdeg -, ouni an d'Detailler kënnen hei ze goen, wollt ech lech soen, dass ganz vill usteet an eiser Présidence, mä dass alleguerten d'Membré vun der Regierung vum Grand-Duc selbstverständlech alles wäerte maachen, fir dass Lëtzebuerg an der Présidence e gutt Bild ofgëtt a fir dass Lëtzebuerg och, wéi mer et gewinnt waren an deenen zéng Présidence virun - well et ass déi eeleft -, Europa virubréngt.

Merci. Ech soen lech och Merci, Här President, fir Är Gedold.

M. le Président. - Merci, Här Ausseminister. Eis Gedold war grouss, mä et war jo och interessant, dofir hate mer och vill Gedold.

Mir kommen dann elo zur Debatt. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Glesener, Goerens, Fayot, Bausch an Henckes. Als éischte Riedner huet elo den Här Marcel Glesener d'Wuert.

Débat

M. Marcel Glesener (CSV). - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg leeft an dësem éischte Semester 2005 am Rhythmus vun der europäescher Politik, déi et muss steieren, inspiréieren an orientéieren.

Déi Lëtzebuenger Présidence vun der europäescher Unioun an dësem éischten Hallefjoer 2005 ass mat héchster Wahrscheinlechkeit déi lescht vun hirer Aart. Wann an e puer Joer déi europäesch Verfassung a Kraaft trëtt, da kritt den Europäesche Conseil vun de Stats- a Regierungschefen e gewieltene President, dee fir zweeaneenhalleft Joer seng Aarbechte leet. Dësen Arrangement kéint eventuell esouguer virgezu ginn, soudatt den Europäesche Rot sech scho méi fréi e gewieltene President kéint ginn. No der Verfassung iwwerhëlt dann den europäeschen Ausseminister d'Présidence vum Conseil vun den Ausseministern a gétt och gläichzäitig Vizepresident vun der Kommissioun.

Eis Présidence ass also déi lescht an där Form an dofir wier et gutt, wa se géif, wéi hir Virlefermodelle alleguer, mat enger positiver Konnotatioun an Erënnung bleiwen.

Eng gutt Présidence ass näischt Selbstverständlech. Déi Kéieren, déi eist Land an der Vergaangeneheet Europa presidéiert huet, sinn dacks vu séier wichtige Evenementer markéiert gewiescht a goufen allgemeng als gutt, souguer als excellent Présidence ageschat, wéi zum Beispill déi vun 1985, während där den europäeschen Acte unique virbereet a ficeliert gouf; déi vun 1991 mat der Preparatioun vun de Maastrichter Vertrag an déi vun 1997 mam éischten europäesche Beschäftigungssomet hei zu Lëtzebuerg.

Présidence verlaangen een immensen Asaz vun der Politik an der Verwaltung vun deem betraffene Land a wann dat e klengt Land ass mat enger klenger Verwaltung an enger begrenzter Equipe vu Politi-

ker, dann ass d'Belaaschtung fir déi Concernéiert émsou méi grouss.

Eis Présidence an deem Semester ass anstänneg virbereet ginn, wéi den harmoneschen Iwwergang tëschen Holland a Lëtzebuerg et weist, a wéi mer et och no deenen éischten Artikulatione vun der Lëtzebuenger Présidence gespuert hunn.

Eis Presenz am Krisengebitt vum südostasiateschen Tsunami huet gewisen, datt Lëtzebuerg Europa a sengem Solidaritéitseffort ka féieren, wann Honnerttausenden a Milliounen Leit op engem anere Kontinent Nout leiden. Den Engagement vun eiser Regierung an dëser dramatescher Affär souwéi och d'Generosität an d'Undeelnam vun alle Lëtzebuenger hu gewisen, datt eist Land amstand ass no baussen ee Beispill ofzeginn.

Här President, de Statsminister huet virum europäesche Parlament leschte Mëttwoch folgend Prioritéiten an eiser Présidence ugeschwat: d'Ratifikatioun vun der Verfassung queesch uechtert d'Uniou, déi europäesch Sécherheitsstrategie souwéi d'Roll vun Europa an der Welt an d'Relatiounen mat eisen Noperen, déi bannescht Sécherheet an Europa, d'Strategie vu Lissabon, d'Upassung vum Stabilitéits- a Wuesstumspakt a schlussendlech d'Finanzperspektive vun 2007 bis 2013.

Ech mengen, dass dëst ee Katalog ass, dee beim Duerchblidder vill Matière liwwert, mat där sech ze beschäftegen ass. Et ass e Katalog vu Prioritéiten, dee sech deelweis net fundamental vun deenen anere Présidencen ënnerscheet, esou zum Beispill ass d'Thema vun der Sécherheet ëmmer eent, wat sech ganz uewen op der Agenda erëmment.

Op där anerer Säit awer fannen sech spezifesch Dossierer erëm, déi et a sech hunn, wéi virun allem d'Dynamiséierung vum Lissabon-Prozess an d'Festleeung vun der Finanzperspektive fir d'Uniou. Eis Présidence muss dës Erausforderungen unhuelen. Meng Fraktioun an ech selwer sinn dovun iwwerzeugt, datt mer se och wäerte meeschten.

Kolleeginnen a Kolleegen, zu Lëtzebuerg stëmme mer den 10. Juli, also kuerz no Ofschloss vun eiser Présidence, iwwert déi europäesch Verfassung of. Dëst ass deen éischten nationale Referendum bei eis zënter 1937, also zënter 68 Joer. Aner Länner hu méi eng intensiv referendaresch Praxis wann et ëm grondleeënd Texter fir Europa geet. Mir hunn déi bis elo ëmmer um Wee vun der parlamentarescher Ratifikatioun approuvéiert, mä well déi europäesch Verfassung esou e wesentlechen, esou en epochalen Schrëtt an der Entwécklung vun Europa a vu senger Bierger ass, féint d'Ratifikatioun vun deem Text och bei eis iwwer Referendum statt, also de Lëtzebuenger Bierger entscheet iwwert dat zukünftegt Europa mat.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Den Ausgang vun deem Referendum ass natierlech och wichteg fir d'Perceptioun, déi eis europäesch Nopere vun eis hunn, obwuel en net méi während eiser Présidence stattfënnt. Bis dohinner, Kolleeginnen a Kolleegen, sinn et nach bal sechs Méint, déi sechs Méint während deene Lëtzebuerg d'Europäesch Uniou presidéiert. Fir datt déi verschidde Referenden, déi do virun eisem ofgehal ginn, ënnert deenen - fir déi europäesch Saach - beschtméigleche Konditione kënnen iwwert d'Bühn goen, muss eis Présidence aktiv drus schaffen, datt an der ganzer Uniou e positive Klima, eng positiv Stëmmung ronderëm dee Verfassungstext a ronderëm dat zukünftegt Europa entsteet.

Deen Text ass vläicht net esou perfekt wéi Eenzelner dat gären hätten, mä et ass dee fir Europa an

dësem Moment beschtméiglechen. Duerfir besteet eng wichteg Aufgab vun der Lëtzebuenger Présidence doran, dee Kommunikatiounseffort zugonschte vun der Verfassung an der ganzer Uniou ze begleeden, a virun allem Impulser zugonschte vun der Akzeptatioun a ganz Europa vun där Verfassung ze liwweren.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, während enger Lëtzebuenger Présidence ass Europa ëmmer besonnesch europäesch. Dat läit dorun, datt eist Land keng eegen Agenda huet wann et Europa presidéiert - seng Agenda ass dann déi europäesch, a seng Efforté gëllen deem, wat fir Europa als Ganz am beschten ass.

Dës Tatsaach spillt natierlech eng Roll bei der Gestaltung vun de Relatiounen mat eisen Noperen a mat deene Groussen a manner Groussen vun der Welt am Laf vun deenen nächste sechs Méint. Den Här Asselborn huet dat hei däitlech dokumentéiert. Si huet och eng Bedeutung fir déi sécherheetspolitesch Akzenter, déi während dëser Periode gesat ginn.

Eis Présidence wäert Sommete mat de Vereenegte Staaten, mat Russland, mat Kanada a mat Japan erliewen a mat presidéieren. Mat der politescher Spëtzt vun de Vereenegte State gëtt et zwee Rendez-vousen, deen éischten am Februar, deen zweeten um Enn vun eiser Présidence. Dat si mat Sécherheet wichteg Terminer op der Agenda vum Relancement vum transatlanteschen Dialog, deen net esou fonctionnéiert wéi dat an enger idealer Welt sollt sinn.

De produktiven Dialog an d'Entente tëschent deenen zwou Säite vum Atlantik sinn awer net nëmme fir eis selwer, mä fir déi ganz Welt vu grousser Bedeutung. Stëlstand a feelend Verständnis si keng Optiounen, an déi Lëtzebuenger Présidence huet d'Aufgab, hir Kontributioun zu enger Erneuerung vun der atlantescher Partnerschaft ze leeschten. Ech soen Erneuerung, well weder d'USA nach d'Uniou haut déi sinn, déi se nach viru 15 oder 20 Joer waren. Et ass dowéinst net verwerflich, ze versichen eng méi modern an zäitgenössesch Aufgabegestaltung fir den atlanteschen Tandem ze zeechnen, déi fir Friden an Entwécklung uechtert d'Welt onverzichtbar ass. Ech mengen, deem si mer eis bewosst.

Eis eege Relatiounen mat de Vereenegte State sinn excellent, an dat ass déi beschte Grondlag fir eng vertrauensvoll Zesummenarbecht mat hinnen am Numm vun der ganzer Europäescher Uniou, am Sënn vun enger zukunftschrähteger atlantescher Partnerschaft.

Zu der atlantescher Partnerschaft, an zwar net nëmme am Kontext vun der NATO, gehéiert och Kanada. Kanada ass e Land, mat deem déi europäesch State vill gemeinsam hunn a wou vun deenen 30 Milliounen Awunner der bal een Drëttel Franséisch als Mammesprooch praktizéieren. D'Integratioun an déi konsequent Berücksichtigung vu Kanada am Kontext vun der atlantescher Partnerschaft ass eng Saach, déi Lëtzebuerg logescherweis um Häerz muss leien, an de Sommet mat Kanada ass vun dëser Geeschteshaltung mat Sécherheet inspiréiert.

D'Relatiounen mat Russland sinn an dëser Zäit vu grundleeënder Wichtigkeit. Vill Themeberäicher, an deenen d'Europäesch Uniou gëfuerdert ass, hanken op déi eng oder déi aner Manéier och mat Russland ganz enk zesummen. Ech nennen nëmme de Kampf géint den Terrorismus, d'Stabilitéit um Territoire vun der fréierer Sowjetunioun, de Respekt vun der Baussegränze vun der Uniou, d'Immigratioun an esou weider.

Fir datt mer an all dese Beräicher esou weiderkommen, wéi mer et gären hätten, müssen d'Vertrauen an d'Zesummenarbecht tëschent

Russland an der Uniou wesentlech verdéift ginn. Duerfir begrëssen ech selbstverständlech, datt de Sommet mat Russland vun der Lëtzebuenger Présidence all déi Wichtigkeit ageraumt kritt, déi en tatsächlech verdéngt.

Ech wëll awer och drop insistéieren, datt ech de Sommet mat Japan, wéi den Här Asselborn dat och ugedéit huet, fir eng fundamental richteg Ugeleeënheit halen. Japan ass zënter enger Rei vu Joren net méi esou wäit uewen op der Agenda wéi dat eemol de Fall war. Den Opstieg vu China als regional a vläicht och eng kéier global Muecht, den Erfolleg och vun enger Rei aneren ost- a südostasiateschen Staaten, déi konsequent Entwécklung a Stärkung vun Indien hunn deen éischte vun den asiateschen Tigere, Japan, e bëssen a Vergiessenheet gerode gelooss.

Japan behält allerdéngs - a seng wirtschaftlech Konsolidatioun no Jore vu substantielle Schwierigkeiten bestätegt dat - eng enorm Bedeutung als féierend asiatesch Wirtschaftsmuecht an als logeschen, well demokrateschen, industrialiséierten a fortschrëtsorientéierten Partner vun der atlantescher Schinn. De Sommet mat Japan, den Här Asselborn huet et gesot, soll dowéinst als eng Chance fir Europa opgefaasst ginn, wat d'Relatiounen mat Japan am Ufank vum 21. Jorhonnert op en neien an usprochsvolle qualitativen Niveau soll a muss hiewen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Sécherheet ass e wichtegen Thema an eiser Zäit - ee vun deenen allerwichtigsten. Mir kennen d'Erausforderungen an d'Gefore mat deene mer haut konfrontéiert sinn. Dës Gefore si global, si maache keen Halt virun eise Grenzen, net virun deenen europäeschen an och net virun de Lëtzebuergeschen. Stabil international Relatiounen sinn am Beräich vun der Preventioun vu Risiken e wesentlech Element, e gemeinsamen Engagement fir grenziwwerschreidend Sécherheet vun all deene mat deene mer an der Welt Wäerter a Prinzipien deelen och.

Dat, wat op däitsch „innere Sicherheit“ genannt gëtt, entwéckelt sech méi a méi och zu enger europäescher Realitéit. D'Europäer gësin, datt reng national Sécherheitsstrategien net méi duerginn. D'Regierungen an Europa, d'Parlamenten och, si sech wäitgehend eens, datt eng gemeinsam europäesch Démarche géigeniwwer vun der organisierter Kriminalitéit, vun der illegaler Awanderung, vun de Schlepperbanden an dem Mënschenhandel absolut néideg an noutwendeg ass.

Duerfir muss dee fréier sou genannten drëtte Piler vun der europäescher Politik, de Beräich vun der Innen- a Justizpolitik, eng communautaire Basis kréien. Et ass zënter laangem e wichteg Uleies vun der Lëtzebuenger Politik, datt an deem Domän mat Majoritéit soll ofgestëmmt ginn, fir datt esou eng wichteg europäesch Politikgestaltung méiglech gëtt. Während eiser Présidence bidde sech Geleeënheeten, fir dës Uleies weiderzedreien.

Wéi an esou villen anere Beräicher vun der Politik mécht och déi intergouvernemental Approche bei der ënnerer Sécherheet kaum nach Sënn, mä a kaum engem anere Politikberäich ass et fir d'Leit esou wichteg, datt gemeinsam geduecht a virun allem och gemeinsam gehandelt gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Europäesch Uniou steet op hallwem Wee vun der Ëmsetzung vun der Lissabon-Strategie. Dat ass e Begrëff, dee villen Europäer net vill seet. Tatsächlech soll

en déi Démarche arummen, mat där d'Uniou bis 2010 déi weltwäit kompetitiivst wëssensbaséiert Ekonomie wëllt ginn.

D'Stärkung vun der Kompetitivitéit vun der europäescher Ekonomie am weltwäite Vergleech ass zënter laange Joren een deklaréiert Zil vun den europäesche Regierungen. Mir kommen och guer net derlaanscht. Wann d'Uniou soll am globale Wettsträit, op de Mäert, Opdrägg a Wirtschaftsleeschtungen bestoen a sech duerchsetzen, da muss hir Wettbewerbsfäegkeet wesentlich verbessert ginn, si muss evoluéieren.

De Problem op deem Wee ass awer net nëmme deen, dass bis haut vill ugekënnegt a wéineg realiséiert gouf. En ass och virun allem, dass mer net op der Strooss zu méi Wettbewerbsfäegkeet ënnerwee sinn.

Do rullen och déi Vereenegte Staaten, déi aner OECD-State vu Kanada bis Neiseeland, do rullen Indien, China, Südostasien a Japan.

Déi Streck, déi mer müssen zrëckleeë fir un dat erkläertend Zil ze kommen, ass keng verkéiersberouegt Zon. Et ass vill Trafic an do muss mer derduerch kommen, wa mer net als Lescht wëllen d'Arrivée errechen am Joer 2010, wann d'Zil soll erreecht sinn.

Aner Länner hunn aner Fuergewunnechten op dëser Strooss. Déi europäesch Préoccupatioun vun der sozialer Ofsécherung vun der schaffende Leit, also deenen, deenen hir Leeschtung eis Kompetitivitéit zu engem gudden Deel ausmécht, gëtt an där Form a Kalifornien, an Australien, an Thailand an a Südkorea net gedeelt. Mir kënnen a mir wëllen awer net op déi Préoccupatiounen verzichten. Dofir muss mer wëssen, dass mer e gréissere Rullwiderstand op der Strooss a Richtung 2010 hu wéi anerer, an dat mécht eis méi lues wéi verschidden anerer.

D'Affär mat Lissabon ass jo eng, déi schrecklech vill mat Astellungen a Mentalitéiten ze dinn huet. An op där Mentalitéitsfront kämpft Europa konsequent defensiv, während eis Konkurrenten eng wesentlich méi offensiv Taktik verfolgen. Taktik ass net dat eent. Op engem längeren Horizont brauch een awer eng besser Strategie an dofir muss mer an der Europäescher Uniou alles drusetzen, fir iwwer e puer Joer strategesch Erfolleg ze hunn.

Laangfristeg léisen sech d'Problemer och alt emol vum selwen. D'Iwwerzeugung, dass eng modern a kompetitiv Ekonomie an eiser Zäit muss wëssensbaséiert sinn, huet sech och bei eis schon duerchgesat.

Mir müssen haut keen 12-Jähregen dovun iwwerzeegen, dass e soll den Ëmgang mam Computer léieren, well et ass séier wahrscheinlech, dass e sengem Papp säi schon installéiert, konfiguréiert a programmiert huet. Deeselwechte Jonke muss mat 18 Joer net méi dovun iwwerzeegt ginn, dass e soll versichen en anstännege Schouldiplom erbaizekréien, well d'Zuel vun de Schoulabsoventen, déi haut mat zousätzlechen Diplomen an Titelen um Aarbechtsmaart postuléieren, geet stänneg a konsequent an d'Luucht.

Déi jonk Europäer hu gesinn a wéi eng Richtung d'Strooss vu Lissabon ausgeriicht ass. Mir brauche wuel nach Zäit, bis dass déi Erkenntnis och hir Resultater weist, mä mir komme mat Sécherheet dohinner.

Natierlech huet all Medail jo och eng kéiersäit. Méi laang Ausbildung a méi fréi Verrentung, fir jonke Kolleegen um Aarbechtsmaart Plaz ze maachen, stelle grad déi europäesch Ekonomien a virun allem d'Sozialsystemer fréier oder spéider viru ganz grave an aner Problemer, wéi mer se haut nach net kennen.

Wann déi schoulesch Ausbildung haut schon dacks bis bal 30 Joer geet an d'Leit weiderhi mat 60 Joer an d'Pensioun wëllen, fir awer 90 Joer al ze ginn, also nach 30 Joer an der Pensioun ze verbréngen, da gëtt et an der Zukunft schwéier fir eis.

Wann een typescht Liewen deemnächst aus zwee Drëttel Versuergung an nach just engem Drëttel Produktioun besteet, amplaz emgedréint, wéi dat fréier emol de Fall war, dann huet d'Strategie vu Lissabon net dat bruecht, wat mer eis vum resoluten Asstieg an d'Wëssensekonomie erwaart haten. Hei müssen also vill Zwäng matene konsolidéiert ginn, fir dass mer d'Strooss bis 2010 an doruwwer eraus kënnen halen an net ënnerwee mat Vollkasko-Mentalitéit am Gruef landen.

Déi Lëtzebuenger Présidence huet also déi spannend Aufgab an der Halschent vun der Lissaboner Streck d'Fuergewunnechten an d'Stroosselaag ze préieren an ze versichen europawäit en neien Impuls ze ginn, fir dass eist europäesch Gefier sech net an deenen nächste fënnf Joer verzedelt. D'Zil ass definéiert. Et hänkt zu engem gudden Deel elo vun eis of, vun der Lëtzebuenger Présidence, ob d'Viraussetzunge kënnen geschaf ginn, fir dass mer et heel errechen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt un dëser Stell awer net vergiessen och e puer Wuert iwwert déi sozial Dimensioun vun Europa ze soen, déi de Lëtzebuenger ëmmer besonnesch um Häerz louch a mat Sécherheet och nach leie wäert.

D'Suerg ëm déi sozial Sécherheet vun der Leit an Europa ass leschten Enns d'Suerg ëm d'Legitimitéit vum europäesche Projet. D'Europäer sinn nëmme bereet sech Europa ze ginn, wa se d'Impressioun an d'Iwwerzeugung hunn, dass si an Europa wichtig sinn, dass Europa sech ëm si këmmert a wéi hëlfele hiert Liewe fräi vu sozialen Ängschten ze gestalten. Dëst ass fir d'Akzeptanz vun Europa an de Mënschen hiren Häerz fundamental.

Eng absolut Prioritéit muss d'Bekämpfung vum Chômage sinn a bleiwen. Méi Chômage féiert an déi aner Richtung.

Dofir kann et an eisen Aen och just e sozial verträglechen a sozial ofgesécherte Wee zu méi Kompetitivitéit ginn, e Wee vun deem méiglechst keen ofrëscht während e versicht säi Liewen an d'Liewe vu senger Kanner an Europa ze organiséieren.

Nodeems ënner Lëtzebuenger Présidence 1997 deen éischte Beschäftigungssommet war, wier et gutt, Här Asselborn, wann ënner Lëtzebuenger Présidence 2005 en europäesche Sozialsommet géif ugeréiert ginn. Et ass dat e Wonsch, dee mer wëllen haut zum Ausdrock bréngen.

Esou e Forum soll net nëmme den Inventar vun deem an Europa errechten an nach méigleche soziale Fortschrëtt erstellen, mä e géif sech sénnvoll aschreien an déi zweet Halschent vun Lissaboner Prozess. Esou e Sommet soll net ausschlieslech e Versuergungs-sommet sinn, eng Berouegungsveranstaltung fir d'Europäer, mä virun allem déi Plaz vun där aus ee kënn de Message vermëtteln, dass mer an Europa Leeschtungs-fäegkeet mat sozialer Ofsécherung verbannen an dass mer esou e Modell weiderentwéckele kënnen, deen och fir den Export an aner Staaten ausserhalb der Europäescher Uniou geduecht ass.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Lissabon an d'Thema vun der Kompetitivitéit si verbonne mat der Suerg a konjunkturell méi schwierigen Zäiten eng Budgetpolitik kënnen ze bedreien, déi en ekonomeschen Dynamiséierungseffekt kann hunn. Domat sinn ech bei der Upassung um Stabilitéits- a Wuesstumspakt u wirtschaftlech Realitéiten.

Déi Kritären, déi fir déi europäesch Budgetstabilitéit geschafte goufen, toleréieren haut keng Ofwäichung. Virun allem den Defizitkritär vum 3% vum PIB gëtt haart an ouni Ausnahm applizéiert, a grad dese Kritär ass et, deen eng méi flexibel Applikatioun misst zouloossen, fir an enger konjunktureller Dellt engem Stat ze erlabe seng Ekonomie ze beliewen an ze stimuléieren. De Moment gëtt dat versicht zu Bréssel duerchzesetzen ënnert dem Impuls vun der Lëtzebuurger Présidence. Den Ausgläich vun de konjunkturellen Zyklen ass an der aktueller Kritärelogik awer nëmme ganz begrenzt méiglech.

Dofir ass et gutt, dass de Jean-Claude Juncker, dee jo niewent dem Europäesche Conseil och de Rot vun de Finanzministeren a méi dauerhaft den Eurogroup présidéiert, ugekënnegt huet an och amgaang ass dat durchzeféieren, eng méi konjunkturgerecht Ausleeung vun de Stabilitéitskritäre wellen duerchzesetzen.

Mir dierfen net vergiessen, dass de Pakt Stabilitéits- a Wuesstumspakt heescht. De Statsminister huet vum europäesche Parlament gesot, hien hätt léiwéi déi zwee Themen ëmgedréint, an de Wuesstum un éischter Stell gesat. Bei der Upassung vun den Applikationskritäre geet et elo virun allem drëm ze verhënnern, dass de Pakt selwer wéinst enger vill ze rigider Applikatioun zwar Stabilitéit a Stagnatioun ka bewierken, mä de Wuesstum éischter bremst a verhënnert. Do muss een intelligente Modus fonnt ginn, fir déi zwee Ziler mateneen an Aklang ze bréngen, mä wéssend wien dee Mann ass, deen dat probéiert fäerdeg ze bréngen, si mer zouversichtlech, dass dat och klappe wäert.

Déi aner grouss politesch Erausforderung vun der Présidence sinn d'Finanzperspektiven bis 2013. D'Union krut d'lescht Joer zéng nei Membere bai. Deenen hir Wirtschaftsleeschtung ass awer net mat där vun deenen ale Membere ze vergläichen. Ech wëll un dee Verglach erënnern, dee virun engem Joer dacks gemaach gouf, nämlech dass d'Wirtschaftsleeschtung vun allen zéng neie Membere zesumme mat där vun Holland vergläichbar wier.

Elo kommen am Prinzip den 1. Januar 2007 Rumänien a Bulgarien nach dobäi. Ënner Lëtzebuurger Présidence fänken dese Mäerz Verhandlung mat Kroatiën un. Et ass kee Geheimnis, dass d'Kroaten a vill anerer et gär géife gesinn, wa Kroatiën zesumme mat Rumänien a Bulgarien géif der Union bäitrieden. An 2013, 2014 - fir den Tour ofzeronnen - ass dee fréistméiglechen Horizont, un deem d'Verhandlung mat der Türkei kéinten ofgeschloss ginn. All dëst misst eis andrénglech matdeelen, dass mer déi grouss europäesch Entreprise séier wahrscheinlech net méi mat 1% vun der europäescher Wirtschaftsleeschtung kënnen finanzéieren. Am Moment bewege mer eis an der Géigend vun 1,15%, an de Plafong läit nach ëmmer bei enger engem an engem Drëttel Prozent.

Elo froen ech mech, a mir sollten eis dat alleguer froen: Wéi sollen d'Europäer, wéi solle 450 Milliounen Leit an der Union verstoën, dass mer fir d'Gestaltung vun der Union hire Finanzperspektiven iwwer Honnertstel Prozent streiden? Wéi soll de Rentner an Estland, de Fëscher op Gozo, déi eleng erzéiend Mamm zu Bratislava, de Biergaarbechter a Südpolen verstoën, dass d'Promillen an d'„Pro-dix-millen“ - wann et deen Ausdrock géif ginn - vum PIB iwwert déi finanziell Ausstattung vun der Union bestëmmen? Vun där Union, déi des Leit och mat hirem perséinlechen a privaten Erfolleg an hirer Liewenserfüllung verbannen?

Keen heibanne mécht sech Illusiounen iwwert d'Chancen an dem Dossier. Mir alleguer wëssen,

dass déi Lëtzebuurger Regierung net déi ass, déi bremst a mauert, mä där, déi dat maachen, gétt et leider Gottes an der Union méi ewéi genuch. Et ass kloer, wou d'Lëtzebuurger Regierung an der Saach steet. A meng Fraktioun an ech selwer begrëissen dat ausdrécklech.

Et bleift deemno ze hoffen, dass an Europa ausser de Lëtzebuurger nach genuch Regierungsvertreder kënnen fonnt gi fir déi gemeinsam politesch Identitéit vun Europa méi ass wéi eng Kontabeloperatioun an enger kontinentaler Epicerie. Ech wënschen eisen Négociateuren op jiddfer Fall deen Erfolleg, deen hir europäesch Motivatioun verlaangt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi Lëtzebuurger Présidence huet gutt ugefaangen. Hir Agenda ass gutt geféllt, an den Inhalt vun den Erausforderungen, déi mussen gemaach ginn, ass komplex a mat Sécherheet spannend fir d'Zukunft vum politeschen Europa.

Ech soen der Regierung am Numm vun der Fraktioun vun der CSV all Ennerstützung zou, déi se während deenen nächste fënnf an engem hallwe Mount ka brauchen, fir hir Aufgaben an der europäescher Présidence ze meeschten.

Wann all déi Felder, duerch déi ech do spadséiert sinn, kënnen esou bestallt ginn, wéi eise Présidenceprogramm dat an Aussicht stellt, bréngt mer d'Europäesche Union weider, da leeschte mer als zweetkleinst Memberstat mat enger knapper hallwer Millioun Awunner eppes Richtiges, eppes Wichtiges, eppes Grousses fir bal eng hallef Milliard Europäer, an da gëtt des lescht Présidence fir Lëtzebuerg, esou wéi all déi aner virun, och, där eng, déi an Erënnung bleift, an der positiver Erënnung vun all deenen, déi sech och a Joren nach dofir interesséieren, wien d'Union weiderbruecht huet, se intern konsolidéiert huet an hir Stellung an der Welt gestärkt huet.

Ech soen lech Merci.

■ M. le Président.- Merci, Här Glesener. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Charles Goerens ageschriwwen. Här Goerens, Dir hut d'Wuert.

■ M. Charles Goerens (DP).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei wënscht, dass des Regierung während der Présidence an den nächste sechs Méint e Succès erafiert, well mir brauchen dee Succès. Mir brauchen en als Lëtzebuurger an d'Europäer brauchen och en Erfolleg. Well déi Présidence sech iwwerschnitt mat enger Virwahlperiod fir de Referendum, deen hei am Land stattfënt an och an anere Länner, ass dat hei och nach zousätzlech zu deem, wat normalerweis eng Présidence mat sech bréngt, en Acte de vérité.

Et ass eng Wett op d'Zukunft, a mir wäerten och alles maache vu menger Fraktioun aus, fir lech ze hëllefen, dass dat geléngt. Dat si modest Contributiounen, déi mer kënnen maachen, mä mir mengen d'Viraussetzungen, fir zu engem Succès ze féieren, déi wiere gutt, well éischens ass déi Présidence gutt virbereet. Dir hut dat gemaach an och Är Administratiounen, an ech mengen, ech kann och soen, dass déi, déi virun an der Regierung Verantwortung haten, och an hiren Departementer an am Beräich vun hirem Méiglechen alles gemaach hunn, dass Lëtzebuerg net soll mat eidelen Hänn den 1. Januar do stoen.

Mir wäerten dat och hei an der Chamber maachen. Mir hunn iwwert déi verschidde Kommissiounen a besonnesch an der Commission des Affaires étrangères enorm vill Gespréicher an interessant Gespréicher, déi och net vu

Muttwell sinn, well mir begéine jo awer d'Vertreder vun deene meeschte Parlamentarier aus deene 25 Memberstaten. Ech fannen, deen Exercice ass utile an e soll och um parlamentaresche Plang begleet ginn.

Déi Debatt hei hätt Dir och net gebraucht, fir kënnen den Owend op Jerusalem ze fléien; Dir hätt awer gewosst, wat Dir géift maachen. Mä néanmoins ass et awer wichtig, dass mer eis eens ginn tëscht deene verschidde Pouvoiren iwwert dat Essenziell.

Duerfir wëll ech och soen, dass mer an deene grouse Linne kee Problem hunn, fir déi Efforté mat ze droen, déi elo haut an och gëschter Bestanddeel si vum Ordre du jour vum Conseil Ecofin. Mir brauchen en Euro, dee staark ass, a mir brauchen eng Zon an där den Euro agesat gëtt, déi och Chancen huet op eng besser Croissance, well ouni Croissance ass et och net méiglech fir en Assainissement op den Aarbechtsmaart ze bréngen.

Mir ennerstëtzen dat, well mer mengen Europa brauch kloer Regeln, mä déi Regeln daerfen awer net esou starr an esou stur sinn, dass se déi eenzel Acteure géifen ze vill anengen. A mir fannen et och sénnvoll, dass enger Lëtzebuurger Virsätz iwwert de Stabilitéitspakt nach enger Kéier nei geschwat gëtt, well déi Regeln, esou wéi se an deem nach besteende Stabilitéitspakt arrétéiert goufen, jo och net méi dem Buschtaf no ugewant ginn. Dann ass et besser, a mir ginn och mat op dee Wee, dass mer eis nei Regele ginn, déi en phase si mat de Wirtschaftszyklen.

Mir hunn och kee Problem fir mat ze droen, dass wann een en enger Héichkonjunktur ass, een e bësse méi kann op d'Säit leeën, fir dass een dann och ka mat manner Bedenken op de Kreditmaart goen, wann et eng Kéier net méi esou gutt geet, fir dass d'Wirtschaft net an deene Phasen ënnert d'Rieder kennt an och net ze vill Zäit brauch, fir bei deem nächsten Opschwonk erëm eng Kéier eng gutt Récolte eranzeféieren.

Mir ennerstëtzen och déi Efforten, déi gemaach mussen ginn an der Lissaboner Strategie. Ech soen dat aus zwou Iwwerleeungen eraus, engersäits well et gutt ass fir Europa an anerersäits well et och noutwendeg ass fir Lëtzebuerg. Mir hunn zwou Sourcen, déi eis do reiseignéieren, dass et noutwendeg ass; engersäits de Rapport Kok, iwwert dee mer hei net länger brauchen ze schwätzen, well mer deen alleguer gelies hunn, an anerersäits och eng Evaluatioun iwwert de Lëtzebuurger Stand vun de Preparatiounen am Rapport Fontagné. Déi zwee Rapporten sinn utile a mir brauchen eis net hannert der Présidence ze verstoppen, fir do an deenen nächste sechs Méint näscht ze maachen.

Mir hate gëschter iwwert d'Konvention Aarhus an der Ëmweltkommission rieds, wou et am Fong ëm Zougank vun Informatioun geet, a mir sinn eis och praktesch eens ginn, dass et noutwendeg ass, dass mer elo, wou et ëm den Accès zur Informatioun fir gewëssen Donnéeën geet, déi Bezuch hunn op d'wirtschaftlech Aktivitéiten dobaussen an déi Bezuch hunn op d'Kommodogeseztgebung, déi besser ze organiséieren. Méi Informatioun muss awer net onbedéngt Stéllstand a paralyséierende Charakter an den Exekutivmoosname bedeuten. Déi zwou Dispositiounen mussen mer mateeneen ofstëmmen. Dat géit net einfach, an do si mer an eiser Imaginatioun alleguer gefuerdert, dass ass zum Beispill eng vun de Méiglechkeeten, déi mer hunn, fir an deenen nächste sechs Méint awer innenpolitisch sénnvoll Aarbecht kënnen ze maachen.

Mir wäerten och als Demokratesch Partei näscht ennerhuelen, wat déi Présidence do wäert genéieren, well et steet vill ze vill um Spill. Den Här Asselborn huet d'Prioritéiten opgezielt an ech mengen, hie brauch do d'Energie alleguer - an och d'Begleitmusek vun eis alleguer -, net nëmme fir d'Présidence, mä och fir dat, wat den 10. Juli um Spill steet.

Här President, des Présidence fënt am Joer 2005 statt; déi lescht Présidence huet 1997 stattfonnt, an 1997 ware mer eréischt zu 15 Stat. Déi Présidence virun, dat war 1991, wa meng Erënnung mech net am Stach loossen. 1991 wusst nach keen, dass mer 2005 zu 25 Memberstaten an der Europäescher Union géife sinn. Et wusst keen et, an déi puer, déi gegleef hunn, dass d'Europäesche Union misst als Ankerpunkt verstanen gi vun deenen zéng Länner, déi hir en définitive bäigetruede sinn, déi si sech e bësse virkomm, wéi wa se vun engem frieme Planéit kéimen. 1991 hate mer eng aner Situatioun, an ech si frou, dass den Elargissementsprozess - och wann en net onbedenklech ass - weidergeet an Äntwerte liwwert fir déi Länner, déi e Versprieche gemaach krute vun der Europäescher Union.

Mir si frou, dass Länner wéi Bulgarien a Rumänien et duerch enorm Upassungsefforté fäerdeg bruecht hunn, fir elo der Europäescher Union kënnen bäizetrieden. 1991 war dat do net evident an deenen zwee Länner, déi ech oft d'Geleeenheet hat ze bereesen. Et war net evident an et ass positiv nozevollzéien, wat e Land fäerdeg bréngt an zu wat e Land fäeg ass, wann et eng Perspektiv opgezeechent kritt.

An engem Land wéi Rumänien, zum Beispill, huet de Ministère, deen zoustänneg ass fir d'Gestioun vun de Minoritéiten, och well dat Land d'Kopenhagener Kritären, a besonnesch déi éischt Kategorie dovun, wollt respektéieren, wou et nämlech ëm de Respekt vun de Mänscherechter an de Minoritéiterechter geet, ee Représentant aus der Minoritéit magyare uvertraut kritt. E positiv Beispill fir ze weisen, dass wann eng Perspektiv do steet an et kritt een eng Chance, dass ee sech dann och esou organiséiert, dass et net zu deem Chaos, zu där Anarchie an zu deem Bluttvergisse kennt, wéi mer et am Kosovo gesinn hunn.

D'Europäesche Union, den Elargissementsprozess an den europäeschen Integrationsprozess sinn also a sech gutt preventiv Moosname fir Konflikter ze verhënnern. Domat sinn d'Potentialitéiten vun der Europäescher Union ugeschwat; domat sinn awer och d'Grenzen net automatesch op der Säit gelooss. Och wann haut keen se kloer kann trennen, ass dee Prozess nach net um Enn. A mir sinn och der Meenung, dass déi Gespréicher, déi mat Kroatiën ulafen, déi net eleng vun eis decidéiert goufen, mä vun der ganzer Europäescher Union gedroe goufen, dass déi an déi richteg Richtung ginn, well wann ee wëllt um westleche Balkan Friden a Stabilitéit kréien, da mussen och do Perspektive geschafte ginn.

An ech deelen och d'Analys vum Jean Asselborn iwwert de Kosovo. Et geet net duer mat enger Diskussion „standards before status“; et muss een och kucken, dass d'Leit eppes hannert d'Bretelle kréien. All Zweeten am Kosovo huet keng Aarbecht. Dat ass e permanente Facteur, dee risquéiert d'Situatioun ze destabiliséieren an als Pretext och ze déngen fir déi eenzel Kontrahenten, déi net alleguer matenee vernünfte ginn.

Ëmmerhin ass et awer positiv feststellen, wann een déi successiv Présidence Revue passéiere léisst, dass mer a kengem vun de Länner, déi vum Ufank vun den 90er Joren un eng Bäitrittsperspektiv kritt hunn, Minoritéitkonflikter haten.

An d'Ingénierie institutionnelle um europäesche Plang war nach esou schwach, dass Leit wéi Skubiszewski a Genscher 1990 en Noperschaftsvertrag ausgehandelt hunn, wou se sech am Fong drop geeenegt hunn, dass d'däitsch-proocheg Minoritéit a Polen géing wäitgehend Rechter kréien, e Standard, deen dann och Polen gebraucht huet a sengen Négociatiounen mat Litauen, erëm eng Kéier och ënnert der Perspektiv vun engem spéidere Bäitritt an d'Europäesche Union.

Ech hunn elo iwwer zwou Perioden zrëckgekuckt: déi vun 1997 bis elo, an och déi vun 1991 bis 1997. A wa mer déi nächst Présidence hunn am Joer 2017, 2018, 2019 oder 2020 -...

■ Une voix.- Wa mer iwwerhaapt nach eemol eng hunn.

■ M. Charles Goerens (DP).- ...jiddfalls ass et keng méi an deem Ausmooss oder mat deem Profil wéi des Kéier, well hei ass déi lescht vun där Zort -, dann hu mer aner Situatiounen, déi eis défléieren. Dann huet China am Produit intérieur brut d'Europäesche Union iwwerrannt; dann ass China och wirtschaftlech méi staark wéi d'Veeneegte Staten, an da muss een och dee Moment, wann ee wëllt mat Autoritéit op der Scène mondiale optrieden, déi kritesch Mass hunn engersäits, an anerersäits och fest verankert an enger Partie Valeure kënnen operéieren.

A fir dass mer dat kënnen maachen, muss och elo déi „opération vérité“, déi Adoptioun vun der Verfassung heescht, riicht ausgoen. Am Fong sinn ech e bëssen traureg wann ech d'Debatte verfolge wéi se am Ausland lafen, an ech hoffen, dass bleift Lëtzebuerg erspuert. Well wann ee mat Nee stëmmt, da muss ee kucken ob dee Problemer mam Fong vun der Verfassung huet oder ob e Problemer huet mat eppes anescht, wat mat der Verfassung strictement näscht ze dinn huet. Wann et drëm geet fir engem eng anzedinn, a wann dat ausschlaggebend ass fir eng Décisioun ze huelle wéi een déi Kéier ofstëmmt, a wann der vill op dee Gedanke kéimen, da misst ee soen, da géife mer eis majoritaire eng andinn. Well mir hu keen Intérêt drun, dass dat do net riicht ausgeet.

An duerfir mengen ech, misste mer och déi néideg Pédagogie an deenen nächste sechs Méint entwéckelen, wéi mer Europa dobausse besser erklären. Do gëtt et eng Partie Argumenter, déi mer brauche fir an Zukunft kënnen d'Scheff Europa ze steieren. A mir kënnen och roueg aus der Erfahrung vun de leschte Joren a Jorzéngte schäffen, fir awer e puer Argumenter ze gewannen, fir dat Europa no bausse méi akzeptabel ze gestalten.

Ass nach iergendeen dobaussen an der Wirtschaft, an der Politik oder och an der Press, dee sech drun erënnert wat fir eng Schwierigkeeten, dass mer haten, an ähnlech turbulenten Zäiten ewéi elo, mat eise Währungen? Ass nach een, dee sech drun erënnert, dass mer nach an den 90er Joren, esouguer no der Ratifikatioun vum Maastrichter Vertrag, an der Europäescher Union - an esouguer ënnert de sechs Grënnerstaten - wettbewerbsverzerrend Situatiounen haten, bedéngt duerch d'Auserneeliewe vun de Währungen? Kann nach ee sech erënnern, dass mer zum Beispill an Italien erlieft hunn, dass se do iwwerstonne gemaach hunn, well den italienschen Export gedopt war duerch eng 25%eg Dévaluatioun vun der Lire, während Volkswon a Renault a Peugeot eng Appréciatioun vun de Währungen erlieft hunn, déi an hire Länner d'offiziell Zahlungsmittel waren? Dat Gantz war en Nullsummespill.

Haut si mer an enger Situatioun, wou mer dat net méi hunn. A wa mer d'Facture pétrolière kucke vun dem Joer an och vun zejoert, da

kënne mer eis alleguer just nëmme félicitéieren, datt mer den Euro hunn, deen an deem Fall awer net als „Teuro“ därer verunglimpft ginn, well wa mer deen net hätten, da wier de Pétrol wéi d'Energie an eenzelne Länner nach vill méi deier, a mir kënnen net mat där geballter Kraaft optrieden an eis gemeinsamen Aufgaben zouwenden, wéi dat zum Beispill an der Definition vun der Lissabon-Strategie de Fall ass.

Här President, dës Présidence huet ugefaang mat engem Evenement, wat kee gewünscht huet a wat awer ganz staark déi éischt zéng Deeg vun d'arselwechter geprägt huet: d'Situatioun a Südostasien a ronderëm den Indeschen Ozean. Dat ass eng Situatioun, déi wirklech ronderëm de Globus Entsetzen ausgeléist huet an och zu enger Reaktioun Ulass ginn huet, déi absolut op der Héicht vum Evenement war. Dat ass ganz gutt esou, a wann een och gesäit wéi vill Fongen dat mobiliséiert goufen, da gesäit een och, datt dat do finanziell e ganz responsablen Néierschlag fonnt huet.

Mir géngen awer och wënschen, datt doriwwer eraus - an d'Europäesch Unioun war present - och Operationen, déi net esou visibel sinn, net vergiess ginn. A Lëtzebuerg ass do gutt gestallt, well mer e Land sinn, wat seng Responsabilitéit um Plang vun der Contribution, fir d'Problemer vun der Aarmut am Rescht vun der Welt ze léisen, iwwerhëlt. Mir wiere frou wann do, wou et net vum selwe geet a wou een ouni CNN-Effekt muss operéieren, datt een och do ka Resultater aféieren.

Wann 30 Milliounen Leit HIV-positiv sinn, dorënner ganz vill Fraen a Kanner, dorënner fënnf Milliounen a Südafrika, dorënner ronn 30 Milliounen oder de Gros vun deenen an Afrika, a mir loossen déi an der allgemenger Indifferenz dohivegéieren, a mir sinn net am Stand, eis am internationale Kontext a besonnesch an den OMC-Verhandlungen déi Moyenen ze ginn, datt d'Medikamenten dohinner kommen, wou d'Patienten sinn, - an net datt mer déi absurd Situatioun weider behale wou d'Patienten am Süde sinn, an d'Medikamenten am Norden - da muss mer nach ganz vill Iwwerzeegungsarbeit maachen.

Mir kënnen elo laang epilogéieren ronderëm d'Fro vun der Sécuritéit a vun dem Développement, vun der Bekämpfung vun der Aarmut, vun der Méiglechkeet, déi mer mussen an d'Wee leeden, fir d'„Millennium development goals“ ze packen. Eent steet jiddefalls fest: Ouni Sécherheet mécht een net vill, an ouni Entwécklung kritt een och op laang Siicht keng Sécherheet. Mir mussen dee Cercle vicieux do briséieren, an et muss eis geléngen, datt mer och do nei Perspektiven déagagéieren, an och dat do ass machbar.

A wann ech d'éinscht gesot a bemängelt hunn, datt d'Europäer op deem dote Plang keng Visibilitéit hunn, da stëmmt dat och, da muss mer kucken, datt mer dat a vill Klengarbeit an Iwwerzeegungsarbeit an och an enger breeder Sensibilisatioun, net nëmme vis-à-vis vun der Opinion publique, mä och vis-à-vis vun den Décideuren, deene mer an deenen nächste sechs Méint wäerte begéinen, maachen.

Déi Sensibilisatioun, déi muss sech och op e puer graff Formulë reduzéieren. Eng vun deenen ass déi, datt et machbar ass. Wat ass machbar? Mä datt ee mat enger Contribution vun 0,7% à même ass fir deem Fléau do bäizekommen, an net op engem hallwen Zil stoe bleift, wou et drëm geet, fir d'Aarmut bis 2015 ze halbieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Lëtzebuurger Présidence huet sech vill virgeholl. Mir hunn d'Méiglechkeet de Mëtteg fir déi eenzel Punkten ze kommentéieren. Mir hoffen, datt d'Europäesch

Unioun an den Integratiounsprozess als solche weidergefuert gëtt, datt e seng Dynamik behält, well e Broch an der Dynamik, e Réckschrëtt bedéngt duerch eng Onfäegkeet fir d'Verfassung ze adoptéieren, géif viles paralyséieren, an et géif wäit iwwert d'Genugtuung erauskommen, déi deen een oder aneren hätt, wann en deem engen oder deem aneren eng géing andinn.

A well et vill ze vill wichteg ass, a well mir alleguer mengen, mir hätte Recht, solle mer nach eng Kéier an eis eragoen a kucken, wat fir eng Argumenter datt mer kënne beméien, fir déi richteg Pedagogie ze fannen an ze definéieren, fir an den nächste sechs Méint crescendo deen Exercice do ze erklären, fir datt mer och à la hauteur vun eisen Ambitiounen sinn. Mir mussen dat maachen, well d'Konkurrenz schléift net, a mir mussen dat och maachen, well mer eis selwer an och den nächste Generationen dat schëlleg sinn.

Ech hunn ugefaangen andeems datt ech e puer Situatiounen kommentéiert hunn, am Réckbléck. Ech wëll nëmme just nach mat zwee Zitater ophalen. Dat eent ass vum Lech Walesa, deen 1990 gesot huet: Mir sti virun enger onwahrscheinlech schwieriger Aufgabe. Wa mer d'Europäesch Unioun net hëllefstellend zur Säit hunn, da packe mer dat net. Mir op eis eleng gestallt packen dat net. Dat, wat vun eis gefrot gëtt, déi Transformation, dat ass esou schwéier, dat ass am Fong vergläichbar mam Schwierigkeetsgrad, deen ee géif kennen, wann ee misst eng Fëschzopp an en Aquarium transforméieren. De Contraire ass méi leicht, sot en, mä mir mussen awer hei dat anert maachen, mir mussen emgékiert fueren.

An dat Lescht: Wann een Europa wëllt virubringen, da kann ee vläicht en Zitat bei de Saint-Exupéry siche goen, wat ech och nëmme op ongeféier kann erménginn: Fir datt d'europäesch Konstruktioun geléngt, muss een natierlech an den Detailfroe virukommen, well den Aarbechter, de Beamten, de Chômeur, déi waarden alleguer op eng Äntwert fir hire Problem, a wann een hinnen déi Äntwert net ka liwweren, da brauch een net laang ze versichen, fir déi fir den europäesche Gedanken ze begeeschteren. Et brauch een also do ganz vill Detailarbeit, et brauch een Techniker, et brauch een Ingenieuren, et brauch ee Leit, déi professionell op der Héicht sinn.

A fir ze vergläiche mat engem Schëff, ginn ech bei de Saint-Exupéry léinen, dee gesot huet: Wann ee wëllt e Schëff bauen, brauch een natierlech Ingenieuren an Handwierker a Leit, déi den Detail maachen. Mä wat ee virun allem brauch, dat ass de Goût vum Mier. An ech menge mir hunn deen alleguer. An duerfir solle mer mat Courage, mat Determinatioun a virun allem mat ganz vill Passioun déi Présidence hei begleeden, där ech ganz vill Chance an décke Succès wënschen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot ageschriwwen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech wollt dem Här Ausseminister Merci soe fir dee breeden Tour d'horizon iwwert d'Prioritéit vun der Présidence, an och fir déi vill Prezisiounen, déi hien dozou ginn huet. Deen Tour d'horizon huet gewisen, dass d'Présidence fir e Land natierlech eng Eier ass, eng Chance, mä natierlech och eng grouss Aarbecht, eng Laascht, déi ze meeschteren ass, an dat géllt fir Lëtzebuerg wéi fir dat gréisste Land vun der Europäesch Unioun.

Mir därfen och net vergiessen, dass d'Présidence um institutionel-

le Plang weist, dass et an der Haaptsaach nach ëmmer an Europa déi national Regierung sinn, déi d'Politik an der Europäesch Unioun maachen a mateneen an noene bestëmmen. Et ass also net Bréssel, wéi dat esou schéi gesot gëtt, oder iergendeng Abstraktioun, déi decidéiert iwwert dat wat an Europa geschitt, mä et sinn ons Ministeren, et sinn d'Ministeren alleguerten, déi dat bestëmmen, a si hunn institutionell d'Haaptwuert.

An der Europäesch Verfassung, vun där mer jo vill schwätzen, ass deen Afloss vun de Ministere vun de Regierungen net zréckgaangen. Au contraire ass en esouguer nach verstärkt ginn. Duerfir ass et also netzlech, dass mer an deser Chamber, an deem nationale Parlament déi Debatt mat dem President vum Conseil hunn.

Duerch déi nei Verfassung, wëll ech nach eng Kéier rappeléieren, ass jo och d'Entwécklung vun Europa méi no zu den nationale Parlamenten higeréckelt ginn, ob se dat elo wëllen oder net. Ech weess natierlech, dass d'Kollegen an de parlamentaresche Kommissiounen hir Europaflicht net op d'licht Schëller huelen. Et ass eng Dimension, déi an der Aarbecht vun de politesche Kommissiounen vun dem Parlament zum Droe kennt. Mir mussen d'Ministeren intensiv iwwer Europa befragen. Mir mussen ons eege Meenung entwéckelen an esou onse politeschen Afloss och an den europäesche Froen erhalten an ausbauen.

Duerfir wëll ech och ausdrécklech deser Regierung Merci soen, dass se a wichtige Gebidder, Fachgebidder, sektorielle Gebidder, schonn éier d'Présidence ugaangen ass, bei d'Chamber komm ass, fir zum Beispill iwwert de Lissabon-Prozess mat de Kommissiounen vun der Chamber ze diskutéieren, oder och am Zesammenhang mat där berühmt-berüchteter Bolkestein-Direktiv Konsultatiounen mam Parlament unzefänken. Mir mussen als Parlament déi Esaien do natierlech och transforméieren, mir mussen ons déi horizontal Struktur ginn, wou déi verschidde Kommissiounen, déi jo mat deenen eenzelne Gebidder do befaasst sinn, zesummekommen an op e politescht Resultat kommen, wat sech weise léisst.

Här President, d'Prioritéit vun der Présidence sinn natierlech net déi vun enger Présidence, mä si schreiwe sech an den Aarbechtsprogramm vu véier oder fënnf Présidencen hannereneen an. An dat wat déi viregt Présidence jo net ofgehaakt hunn, dat mécht déi nächst. Duerfir ass natierlech d'Opzielung vun de Prioritéit laang, och wann der meeschtens nëmme e puer an d'Fenster gesat ginn.

Ech schwätze vun de Finanzperspektiven, vum Stabilitéitspakt, vun der nächster Erweiterung, vun der Strategie vu Lissabon a vun anere wichtige Ziler. Et gëtt nach an de sektorielle Gebidder wichteg Ziler, op déi ech e bëssen éischer agoe wëll wéi elo op déi ganz grouss, wou scho vill doriwwer kommentéiert ginn ass. Sou zum Beispill wëllt d'Présidence vill Zäit op d'Virbereedung vun engem neien Agenda social 2006-2010 verwenden. E wichtige Thema.

Am soziale Beräich sinn eng Partie Aarbechten amgang, wou ons Chamber en A drop hale soll. Sou gëtt et zum Beispill e Projet de directive iwwert d'Aarbechtszäit, oder och e Projet de directive, fir siwen Direktiven iwwert d'Gläichberechtigung, d'Gläichbehandlung bei der Aarbecht zu engem Instrument zesummenezefaassen. D'Présidence huet och de Suivi vum Aktionsprogramm Pékin +10 ze maachen. Dat sinn also wesentlech Saachen, déi d'Liewe vun de Leit

op der Aarbecht an an der Gesellschaft wäerten determinéieren. An ech géif hoffen, dass d'Présidence do Fortschreiter erreicht.

Mir hunn natierlech och elo gëscht gesinn, dass ons Présidence Prioritéiten an der Umweltpolitik virgeluecht huet, zum Beispill am Hibleck op d'Lissabon-Strategie an den néidege Rééquilibrage mat de wirtschaftlechen Ziler. An anere Secteuren ewéi an der Entwicklungspolitik oder och am Bannekaart, an der Gesondheet, an der Nohaltegkeet sinn och esou Prioritéit festgeluecht.

Dat alles sinn - dat wëll ech awer och nach hei soen - wichtige Reflexiounen an der Regierung fir d'Présidence, mä déi och hiren Impakt op d'Lëtzebuurger Politik wäerten a musse kréien. Well et ass jo net esou, dass Lëtzebuurger an Europapolitik zwee komplett verschidde Puer Schong sinn. Politesch Initiativen an Europa si meeschtens wichteg Ustéiss fir Moderniséierung a Fortschreiter um soziale Plang - ech soe wuelverstanen Fortschreiter um sozialen, um wirtschaftlechen, um ekologesche Plang och hei zu Lëtzebuerg.

Här President, niewent de Prioritéiten, déi laang bekannt sinn, kennt, dass natierlech d'Weltgeschichte net stoe bleift, dat heescht wa mer virun engem Joer Prioritéit festgeluecht hunn, dann hu mer net virausgesinn, dass wéi den Här Ausseminister gesot huet, um Enn vum Joer 2004 nei Erausforderungen op ons duerkomm sinn. Déi schrecklech Katastroph a Südasien huet jo kloer gemaach, dass Europa eng global Roll am Kader vun der UNO huet, fir eben do net nëmme ze hëlle fir de Moment, mä fir och Aarmut, Misère ze bekämpfen, an dat net nëmme kuerz-, mä och laang- a méttelfristeg.

Am Oste vun Europa, do kuckt elo d'Ukraine no Westen amplaz ewéi virun no Osten, an d'Europäesch Unioun muss sech bewusst sinn, dass do eppes vun ons erwaart gëtt, mä zugläich muss mer wuel deem Land entgéintkommen, ouni schonn déi nächst Erweiterung anzelauden an ouni natierlech och ons Relatiounen mat Russland a Fro ze stellen.

Mir wëssen och, dass Entwécklung weiderginn, déi d'Gesicht vun der Europäesch Unioun emännere wäerten, zum Beispill am Balkan, wou natierlech Stabilitéit muss entstoen. D'Bäitrittsverhandlungen mat Kroatien kënnen déi Stabilitéit bréngen, mä och hei - den Här Ausseminister huet et erkläert - net zu egal wat fir engem Präis, wann et sech ëm Demokratie a Wäerter handelt.

Et mierkt een och, Här President, wéi un den Ost- a Südgrenze vun der Europäesch Unioun e permanenten Asaz vun der Unioun fir Fridden a Wuelstand néideg ass. D'Bäitrittsverhandlungen mat der Türkei muss een an deem Kontext gesinn. Mir sollen och net ënerschätzen, wat d'Europäesch Unioun fir de Fridden am Noen Osten, besonnesch am Konflikt zwéischen Israel a Palestina mécht, a wat se do mécht fir d'Aarmut zum Beispill a Palestina ze bekämpfen.

Sécher, ech menge mir wëssen dat, mir si Politiker, do ass munech waarm Loft an den offiziellen Erklärungen a bei deene ville Reesen uechtert d'Welt, mä dach ass d'Europäesch Unioun e glaubhaft Symbol fir Fridden, si ass keng imperialistesche Muecht, si vertritt hire Gesellschaftsmodell an hir Wäerter, a wa se sech militäresch an zivil Mëttel gëtt, dann net fir sech auszedehnen, mä fir d'Leit ze schützen, fir schlëmm Exzesser an Terrorismus ze bekämpfen, fir Aarmut iwwerall ze bekämpfen an doduerch natierlech gesellschaftleche Fortschreiter ze bréngen.

Och do, dat sief en passant gesot, huet déi nei Verfassung nei Instrumenter geschaf. Fridden, wësse mer, gëtt et och net zum Nulltarif,

an d'Europäesch Unioun ka vill mam Porte-monnaie hëllefen, mä si muss och géint Gewalt an Terror agräife kënnen.

Här President, ons Chamber muss sech intensiv mat enger wichtiger Prioritéit vun der Présidence auseenan setzen, nämlech där vun der ënnerer Sécherheet. Et ass dat ee vun deenen zwee wesentlechen neien Inhalter, ech schwätzen hei vun den Inhalter vun der neier Verfassung. Deen een ass d'Aussen- a Sécherheitspolitik, deen aneren ass dee vun der ënnerer Sécherheet. Künfteg soll déi komplizéiert a laangwiereg intergouvernemental Method duerch d'Gemeinschaftsmethod ersat ginn.

Ech erënnere drun, wéi schwéier et no dem fierchterlechen Attentat zu New York den 11. September 2001 war, fir den europäeschen Haftbefehl durchzusetzen. Am November 2004 gouf de Programme de La Haye uegoll, deen eng Aktualisatioun vun deem vun Tampere ass. D'organiséiert Kriminalitéit soll duerch eng efficace Zesammenarbeit vun der Police an der Justiz bekämpft ginn. D'Informatioun fir Police a Justiz soll zwéischent de Länner zirkuléieren, en Espace judiciaire européen soll entwéckelt ginn.

Déi wesentlech Erausforderung dobäi ass, dat wësse mer alleguerten, d'Gläichgewicht ze fannen an ze erhalten zwéischent dem Respekt vun de Mënscherechter an der Iwwerschaubarkeet vum nationale Rechtsraum engersäits, an der Efficacitéit vun der Verbrüchensbekämpfung anersäits.

Wa mer zum Beispill och en neit Asylgesetz zu Lëtzebuerg kréien, muss dat am Aklang mat den europäesche Virstellungen iwwer Awanderung an Asyl sinn. Sécher ass den Niveau d'ambition vun der Europäesch Unioun net ganz héich an där Hisiicht, dat huet den Här Ruud Lubbers, Haut-commissaire aux réfugiés, ons jo hei an der Chamber gesot, mä trotzdem ass et eng wichteg Etapp, well kee Land haut eleng géint déi illegal Awanderung kämpfe kann oder Accords de réadmission an der ganzer Welt ofschléisse kann, oder dann déi schlëmm Mënschenhandelsmafia eleng bekämpfe kann. Schwierig Aarbechte stinn also an Europa virun der Dier, déi mer opmierksam verfolge mussen.

Här President, ech wëll mech hei net un dee komplizéierte Problem vun de finanzielle Perspektiven oder un de Stabilitéits- a Wuessenspakt ginn, mä wat dee Pakt ugeet trotzdem dat hei: De Lëtzebuurger Finanzminister wëllt jo eng Reform ënnert der Lëtzebuurger Présidence dofir errechen, an dobäi sollen déi wesentlech Kritäre vun der Geldstabilitéit respektéiert ginn, an op där anerer Säit méi Flexibilitéit an de Maniement vum Pakt agefouert ginn. De Länner sollen an de schlechten Zäiten nei Marges de manoeuvre erlaabt ginn, virausgesat si si prett a gudden Zäiten hir Schold energiesch ofzebauen.

Mir kënnen ons mat där monetärer Vernunft gekoppelt mat wirtschaftlecher Vernunft ermënnern. Et ass scho laang monéiert ginn - ech wëll dat hei awer soen, et ass jo een Débat, dee jorelaang zréckgeet -, dass d'Euroland net ouni eng weinstens minimal wirtschaftspolitesch Approche bestoe kann, an déi Opdeelung zwéischent der Banque centrale européenne an dem Eurogroup vun de Ministere weist jo drop hin, dass engersäits Leit eng monetär Responsabilitéit hunn an anersäits éischer eng wirtschaftspolitesch Responsabilitéit.

Ob allerdéngs a wéi dann elo déi eenzel Länner forcéiert kënnen ginn, hir Schold an hiren Defizit ofzebauen, wa se dann eng Kéier a méi enger konfortabeler Finanzsituatioun sinn, dat steet op engem anere Blat, mä d'Iddi a sech ass op jiddede Fall gutt, a mir hunn och Vertrauen an de Finanzminister dës Id-

di an de Verhandlungen duerchzusetzen.

Här President, ech wollt mech dann awer e bësse méi intensiv mat der Lissabon-Strategie beschäftegen, déi jo 2000 an d'Liewe geruff gouf, an déi bis elo eigentlech en Echech ass. Firwat ass dat en Echech? Dat ass liicht ze verstoen, mir sinn hei um Terrain vun der intergouvernementaler Zesummenaarbecht, wou all Land eigentlech mécht, wat et wëllt. D'Kompetenz vun der Europäescher Unioun besteet hei an der Koordinatioun vun der Wirtschafts- an der Aarbechtsmaartpolitik. Koordinatioun heescht, dat openeen ofzestëmmen, wat an deenen eenzelne Länner souwieso geschitt. Dofir ass et schwéier méiglech um europäesche Plang den eenzelne Länner an hir Modernisatioun eranzuschwätzen. All Land huet an där Hisiicht seng eege Problemer, déi et léise muss.

D'Lëtzebuurger Présidence soll a wëllt dat riichten, zum Beispill op Grond vum Rapport vum Här Kok oder vun enger Analys vun der Kommissioun fir de Mäerz 2005. Bis dohi wäert allerdéngs, an ech bedauern dat wierklech ganz staark, net all ze vill lafen. Dat ass schued, an ech mengen, mir mussen och zu Lëtzebuerg awer déi Zäit notzen, fir aktiv ze ginn.

Esou verlaangt zum Beispill de Rapport vum Wim Kok mat Recht, mengen ech, dass all Land sech en nationale Plang soll ginn, zesumme mat den nationale Partneeren, de sozialen a wirtschaftlechen Acteuren, wéi och dem nationale Parlament. Déi Objektiv, déi d'Strategie vu Lissabon virgesäit, déi erreicht keng Regierung eleng an engem Land esou ouni weideres mat engem Fiederstréch. Et brauch duerfir e staarken, nationale Konsens, dee muss ausgeschafft ginn.

Draï Beispiller duerfir aus dem Rapport Kok:

Deen éischten Objektiv, seet en, ass d'Société de la connaissance ze realiséieren. Dat heescht zum Beispill, Fuerscher aus der ganzer Welt an Europa kommen ze loosse, duerfir administrativ Hürden ofzebauen, schnell Prozedure fir Visaen an Aarbechtsgenehmegungen anzeféieren. Lauschtert gutt no! Schnell Prozedure fir Visaen an Aarbechtsgenehmegungen! Ech schwätzen hei vu Chercheuren a Professer.

■ **Une voix.** - Héich qualifizéiert!

■ **M. Ben Fayot (LSAP).** - Héich qualifizéiert, selbstverständlech.

(Interruptions diverses)

Géigesäiteg Unerkennung vu beruflichen Qualifikatiounen verbessere.

Jiddferen, deen dese Secteur nëmmen e bësse kennt, weess wéi schwéier mer ons do zu Lëtzebuerg dinn. Och soss an Europa ass et net ganz vill besser. An den USA ass dat eng ganz aner Saach, trotz dem Sécuritétsfimmel vun deem Land. Do gëtt et einfach an effikass Strukturen an och Encadrement, déi mir an Europa op deem Plang bis elo nach net kennen, an dat erkläert och zum groussen Deel firwat dat Land esou wäit fort ass wat d'Société de la connaissance ugeet.

Zweeten Objektiv: de Bannemaart entwéckelen. Ech weess et gëtt elo d'Diskussioun iwwert de Bannemaart an Zesummenhang mat der Bolkestein-Direktiv, an ech mengen och, dass déi Direktiv e strategesch Feeler vun der viregter Kommissioun war. Si huet d'Veronsécherung vu villen Arbeitnehmer net verstan; si huet wëllen d'Liberalisatioun forcéieren. Duerfir ass ze begrëssen, dass elo gëschter an haut d'Europaparlament dës Direktiv fundamental wëllt iwwerhuelen. D'Lëtzebuurger Présidence, mengen ech, soll natierlech dat voll matmaachen.

Zum Beispill gëtt am Europaparlament jo monéiert, dass et éischter eng kloer Ofgrenzung zur Économie sociale muss ginn, och eng kloer Ofgrenzung zu de Services publics an anere Gebidder, déi duerch sektoriell Direktive schon ofgedeckt sinn. Dat muss op jidde Fall un där Bolkestein-Direktiv verbessert ginn.

Doniewent enthält zum Beispill d'Notioun vum Pays d'origine, déi an där Bolkestein-Direktiv ass, eigentlech eng Diskriminéierung, net vun Auslänner, mä vun Inlänner, a mir si jo an Europa an engem Raum, wou mer keng Diskriminéierung wëllen. De Kritär vum Pays d'origine, dee wäert sonner Zweifel d'Gefor beinhalten, dass sozial Rechter, Verbraucherechter, Patentrechter, Qualitéitskritäre vun den eenzelne Länner ausgehelecht ginn. Dorunner ännert och näischt, dass d'Bolkestein-Direktiv d'Kontrollrecht vum Pays d'origine virgesäit, woubäi kloer ass, dass de Pays d'origine iwwerhaupt keen Interessi un esou enger effizienter Kontroll huet.

Duerfir, Här President, mir mussen sécher eng Déngschtleeschungs-direktiv kréien, well d'Déngschtleeschungsservice och zu der „libre circulation“ gehéieren. Mir hunn och Interessi als Lëtzebuurger, dass et do kloer Regeln an Europa gëtt, mä déi Direktiv, wéi se hei virgeluecht ginn ass, dierfe mer op kee Fall esou duerchgoe loosse, an d'Lëtzebuurger Présidence huet do och eng grouss Responsabilitéit.

Drëtten Objektiv, dat ass och dann ee vun den Objektiv vum dem Rapport Kok: Wéi gesäit de Soziala Gesellschaftsmodell muer an Europa aus? Mir mussen de sozialen Dumping verhënnere, dat ass ewell en héich politesch Zil. Wa mer dat net maachen, Här President, da kréie mer vun de Leit dobaussen den Dicks geriicht. Mir mussen zugläich och natierlech ons Konkurrenzféegkeet verbessere. Sozialen Dumping kann een nëmme verhënnere duerch gemeinsam sozial Regeln iwwer en Zesummespill engersäits vun dem Instrument vun der Harmoniséierung an anerersäits vun der géigesäiteger Unerkennung vun de Regeln an allen EU-Länner.

■ **Une voix.** - Da misst dat awer och fir d'Importatioun vun de Wuere gëllen, net nëmme fir d'Déngschtleeschungen?

■ **M. Ben Fayot (LSAP).** - Dir mengt fir d'fräi Zirkulatioun vun de Gidder? Jo, selbstverständlech mussen dat Regele sinn, déi am Bannemaart fir alles gëllen.

Ech mengen och, dass mer mussen nom Steierdumping kucken. D'Lëtzebuurger Présidence - Dir hutt dat vläicht matkruet - wëllt d'Harmoniséierung vun der Assiette fir d'Betriebssteuer weiderdriewen. Dat si jo Iwwerleeungen, déi vun der Kommissioun am September gemaach gi sinn. Ech hunn och gesinn, dass de Lëtzebuurger Finanzminister net nëmmen d'Harmoniséierung vun der Assiette vun der Steuer wëllt weiderdriewen, mä och nach e Mindestsaz garantéieren wëllt an Europa, fir op déi Manéier en anstänneg Steieropkommes fir déi eenzel Staten ze erhalen. Mir ënnerstëtze selbstverständlech d'Présidence bei där Aarbecht.

Mir mussen natierlech och eis Konkurrenzféegkeet verbessere vis-à-vis zum Beispill vun Aarbechtskräften aus dem Ausland. Net iwwer sozialen Dumping, mä iwwer eng offensiv Politik fir d'Schoul- an d'Berufsausbildung. Just fir ze weisen, Här President, dass do villes zesummenhängt an, wéi een esou schéi seet, villes vernetzt ass.

Wat natierlech déi sozial a steierlech Norme concernéiert, gëllt och fir d'Émweltnormen. Mir solle jo Investissementer a Recherche weiderdriewen, zum Beispill fir d'CO₂-Emissiounen erofzesetzen an duerch nei Aarbechtsplazen ze

schafen. Mir dierfen awer net zugläich d'Émweltnorme verwässere, well da ginn natierlech déi Efforté fir nei Technologien ze entwéckelen an doduerch och nei Aarbechtsplazen ze kreéieren erëm eng Kéier vu bannen zerstiéiert.

Duerfir mengen ech soll d'Kommissioun fir de Conseil européen vum Mäerz 2005 e Bilan vun der Göteborg-Strategie, déi jo déi nohalteg Entwécklung beschriwwen huet, virleeën. D'Lëtzebuurger Présidence annonciéiert, hunn ech och gesinn, eng Charta fir d'nohalteg Entwécklung, déi also eng global Approche soll sinn, déi iwwert der Strategie vu Lissabon steet.

Dësen Débat, dee geet elo un, Här President. D'Lëtzebuurger Présidence huet sech kloer fir d'Kohärenz an d'Gläichgewiicht tëschent der wirtschaftlecher, der sozialer an der ekologescher Komponent an der iwwergeuerdener Dimensioun vun der Nohaltegkeet ausgedréckt. Mir félicitéieren ons Présidence duerfir a mir hoffen, dass se domat weiderkënn.

Här President, den 10. Juli 2005 hu mer hei am Land fir d'éischt säit 1937 e Referendum iwwert déi Europäesch Verfassung. Bis dohi sollen a wëlle mer d'Bierger iwwer Europa informéieren, mir wëlle mat hinnen diskutéieren, mir wëllen hir Suergen an hir Kritik iwwer Europa héieren, natierlech och hir Haltung zur Verfassung. Perséinlech sinn ech der Meinung, dass des Verfassung e risege Sprong no vir ass, virun allem och wat d'Beschreibung vun de Wäerter ugeet, déi d'europäesch Gesellschaft - onse Modell - begrënnen.

Ech mengen och, dass et um institutionelle Plang an och um inhaltleche Plang e grouss Fortschrétt ass, deen erlaabt, dat Europa vu 25 besser ze verwalten, dass et och am soziale Beräich eng ganz Partie Fortschrétt beinhalte, déi et bis elo mat där Kloeerheet an Europa nach net ginn ass an déi also en Hiewel ginn, fir an der Zukunft Europa och um soziale Plang weiderzebréngen.

Ech hoffen, dass dee Referendum net zu parteipolitesche Spillercher Ulass gëtt an dass jiddferen sech senger Responsabilitéit bewusst ass. Dass d'Présidence natierlech virdu stattfënn, erlaabt de Bierger, méi no un der Europäescher Unioun ze sinn. Si erlaabt ze verstoen, dass et an der Politik heeheim an an der Politik an Europa em datselwecht geet, nämlech em hiert Liewen, hir Fräiheet, hire Friden, hire Wuelfstand, hir Rou an hir Sécherheet. A wann des Présidence Erfolleg huet, fir d'Mënschen an der Europäescher Unioun, fir hiert Liewen, ass dat déi beschten Iwwerzeegungsaarbecht fir Europa a fir de Jo zur Europäescher Verfassung den 10. Juli 2005.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech muss um Ufank soen, dass ech e bësse schlecht dru sinn, weil den Här Ausseminister e gudden Deel vu senger Ried benotzt huet, fir méi eng allgemeng aussepolitesch Erklärung ze maachen, wäit iwwert d'Présidence eraus. Eigentlech hate mer jo ofgemaach, dass mer déi allgemeng aussepolitesch Debatt vun Fréijoer op den Hierscht verschoben hunn, an dofir war ech elo natierlech net dorobber agestallt.

Duerfir erlaabt mer, Här Asselborn, dass ech op déi méi wäitbléckend global Froen, déi Der ugeschnidde hutt, am Hierscht aginn, wa mer déi aussepolitesch Debatt féieren, an dass ech mech elo hei beschränken op déi nächst sechs Méint an op dat, wat am Kader vum Programm vun der Lëtzebuurger Présidence mat grousser Wahrscheinlechkeet wäert ustoen.

Ech wëll vläicht do uknäppen, wou den Här Fayot opgehale huet, a soen, dass ech net wäert an deser Ried haut de Mëtteg vill iwwert de Verfassungstext oder iwwerhaupt iwwert de Verfassungstext schwätzen an och net iwwert de Referendum. Ech mengen, dat solle mer maachen an deenen nächste Méint, wann dat usteet. Ech wëll awer just am Ufank soen, dass ech der fester Iwwerzeegung sinn, dass dat, wat am Kader vun deene sechs Méint vun der Lëtzebuurger Présidence elo um Ordre du jour steet, alles déi inhaltlech Themeberäicher sinn, déi nawell esou gär vun deene Leit, déi elo géint dee Verfassungstext do sinn, doranner interpretéiert ginn, wa se de Moment elo schonn haut zum „Non“ opruffe beim Referendum vum 10. Juli.

Wann ech heiansdo liesen, iwwer wat fir eng Saachen do geschriwwen a geschwat gëtt, sief et am soziale Beräich, sief et am ekologesche Beräich oder iwwer eng ganz Rei vun aneren Themen, da stellen ech fest, dass do oft eigentlech dee falschen Terrain gewielt gëtt, fir zum Deel berechtigt Angsichten a berechtigt Suergen, déi oft ausgedréckt ginn, zum Virschäin ze bréngen.

Wann ee wëllt d'Société civile mobiliséieren an der Öffentlechkeet fir déi dote Causen, déi oft an de Vierdergrond geschobe ginn, da soll een dat maachen am Kader vun deenen nächste sechs Méint vun der Lëtzebuurger Présidence ronderëm déi Dossier, déi ustinn. An ech wëll awer hei betounen um Ufank, dass genau dat jo de Problem ass bei der Diskussioun, esou wéi se de Moment stattfënn, well all déi dote Dossier, déi opgeworf ginn, hunn eigentlech näischt direkt mat deem Verfassungstext ze dinn, mä hu mat der Alldagspolitik ze dinn, mat der konkreter Ausgestaltung vun deenen eenzelne Politikfelder, an déi Themen, déi an deene sechs Méint wäerten ustoen, si ganz wichteger an deem Beräich.

(Mme Lydie Err prend la Présidence)

Ech wëll op fënnf Punkten agoen.

1. Deen éischten, dat ass dee vun der Stabilitéitspakt a vun der Finanzéierungsfro. Fir déi, déi sech nach heibanne kënnen erënnere, déi déi Zäit och schonn hei waren, wéi mer 1992 iwwert den Traité vu Maastricht geschwat hunn: Déi Gréng hate jo deemools eng ganz kritesch Haltung zum Traité vu Maastricht a si haten déi kritesch Haltung deemools, well se Schwierigkeeten hate mam Stabilitéitspakt, well mer deemools scho gesot hu virun allem, dee Kritär vun der 3%-Neiverscholdung pro Joer ass ze vill - loosse mer soen - duerch en ausschliesslech monetäre Brëll gekuckt ginn, an dee riskéiert, wa mer eng Kéier konjunktuell Schwierigkeeten hunn, a mussen zum Beispill verschidde Mesuren dann ergräifen, fir positiv an d'Ekonomie anzegräifen, ze investéieren als Staten, fir zum Beispill de Chômage ze bekämpfen, dann déi eenzel Länner a Schwierigkeeten ze bréngen.

A genau dat ass dat, em wat et jo eigentlech och elo haut hei geet. De Stabilitéitspakt, esou wéi mer en haut kenne mat deene starre Kritären, ass ausschliesslech monetär ausgeriicht, op monetär Stabilitéit ausgeriicht, an e vergësst och souger eiser Meinung no, dass, fir monetär Stabilitéit ze garantéieren, och esou Aspekter wéi zum Beispill d'Héicht vum Chômage méttel- bis langfristeg en Afloss hunn.

Dir braucht jo nëmmen haut d'Reaktiounen op der Bourse zum Beispill ze kucken, wann an Amerika nei Chômagezuele bekannt ginn: Jee nodeem wéi déi sech entwéckelen, huet dat en Afloss op de Cours vum Dollar zum Beispill. Duerfir, an dat hunn ech och deemools hei a menger Ried scho gesot, wéi dee Stabilitéitspakt opgestallt ginn ass, do sinn eigentlech déi méi normal klassesch ekonomesch Iwwerleeungen e bëssen ze vill ënnert d'Rieder geroden. An ech mengen, dass duerfir dat, wat elo versicht gëtt vun der Lëtzebuurger Regierung, dat wat ech héieren a wat fir eng Richtung et geet, deen absolut richtige Wee ass, deen ee muss goen. Mir hoffen och, dass do en Accord ka fonnt ginn, fir virun allem deen dote Kritär méi flexibel ze gestalten.

Da sinn ech och der Iwwerzeegung, dass déi ganz Finanzéierungsfro - an ob mer do e Resultat kréien oder net, steet jo nach an de Stären - wäitgehend dovunner ofhängt, ob deen éischte Worf beim Stabilitéitspakt geléngt. Well et ass zimlech evident, dass déi Finanzéierungsfro eréischt déi Envergure kritt huet vun deem Zäitpunkt un, wou déi eenzel grouss Länner an Europa, virun allem natierlech Däitschland a Frankräich, ugefaangen hu Schwierigkeeten ze kréien fir d'Budgetsenner beieenen ze kréien, a well se eben dauernd géint dee Kritär vun der 3%-Neiverscholdung zum Beispill verstoussen a well se keng Moyene méi haten, keen innenpolitesche Spillraum méi haten. Eréischt dann hu se ugefaangen ëmmer méi massiv dee Finanzéierungsbäitrag an d'Gesamt-EU-Deppen a Fro ze stellen. An et ass awer duerfir och kloer, eiser Meinung no, dass jee nodeem wéi déi eng Fro geléist gëtt, och déi aner eng Chance wäert hu fir eng Réussite ze hunn.

Da muss ech och soen, dass - den Här Fayot huet et och schonn ugeschnidde - déi ganz Fro vun der Steierharmoniséierung, virun allem bei de Betriebssteieren, och e wichtige Aspekt dovunner ass. Well mir kënnen esou laang schwätze wéi mer wëllen iwwer zum Beispill méi flexibel Kritären, wat déi sou genannt Neiverscholdung ubelaangt; wa mer weiderfueren an déi Richtung, wéi dat déi lescht Joren d'Tendenz war, fir e Steierdumping no ënnen haapt-sächlech bei de Betriebssteieren ze maachen, da riskéiere mer noutgedrungen, dass déi eenzel haapt-sächlech grouss Länner einfach kee Geld méi an der Keess hunn, well se ëmmer weider och gezwonge gi mat an déi Richtung ze goen, an dann och kee Spillraum do ass, weder fir Lissabon a fir d'Wëssengesellschaft, nach fir aner Saache positiv ze gestalten. Deementspriedend riskéiere mer déi Spannungen, déi mer haut kennen, insgesamt och ni ewechzebréngen, wa mer déi Steierfro net an deem Sënn geléist kréien, wéi d'Regierung och wëllt hei mol d'Proposition op den Dësch leeën.

Also, wéi gesot, vun eiser Säit aus ënnerstëtze mir all d'Initiative vun der Regierung, déi geholl gi fir dee Stabilitéitspakt do an deem Sënn ze reforméieren; a virun allem och deementspriedend dann anschliessend hoffe mer, dass mer déi Finanzéierungsfro geléist kréien. Well wa mer déi net geléist kréien a wa mer keng Moyenen zur Verfügung stellen op EU-Niveau fir zum Beispill dann och déi Suen ze benotze fir d'Strukturfongee kënnen ze speisen an esou weider, da solle mer ons keng Illusiounen maachen, da schafe mer méttelfristeg en Europa mat e puer Vitessen, wat d'Entwécklung ubelaangt. Da si keng Gelder do, fir an deene Länner, déi mer elo bähuelen - vun deene mer jo wëssen, dass et do immens staark strukturell Defizitter gëtt -, Defizitter ze behiwen, an dann huet dat natierlech och en Afloss op all méiglech sozial Aspekter.

Et hânt jo alles mateneen zesummen an duerfir ass et ganz wichteg, datt mer déi Finanzierungsprogrämer - loosse mer et esou nennen - op engem méi héijen Niveau léise wéi op deem ganz niddregen, wéi deen, wou en de Moment an der Diskussioun ass vun haaptsächlech deene grouse Länner.

2. Zweete Punkt, Här President, de Lissabon-Prozess. Ech mengen de Lissabon-Prozess ass an deem Stadium, wou mer haut sinn, e bësschen ee Prozess, deen ausgeet vun engem Pabeier, dee jo en cours de route och nach x-mol vervollstännegt ginn ass, an deem jiddfereen e bëssen dat liest, wat e wëllt dra liesen. Et steet zimlech iwwer bal all Gebidder eppes dran, a jiddfereen interpretéiert e bësschen dat dran, wat e grad arrangéiert oder wat him am beschte gefält.

Wann d'Lëtzebuurger Präsidence et fäerdeg bréngt bei deem Halbjärbilanz vun deem dote Prozess méi Kloeerheet mol ze bréngen, wat da schlussendlech elo d'Zilsetzung sinn, wou Neel mat Käpp solle gemaach ginn an deem dote Beräich, da si mer schonn e gutt Stéck weiderkomm.

Ech mengen awer - an do begréisen ech och déi Ried an déi Aussoen, déi gemaach gi si vum Premierminister am Europaparlament -, datt dat, wat d'Lëtzebuurger Regierung ustriert, fir eben ëmmer déi enk Koppelung vun eenzelne Politikfelder, déi an deem dote Kontext wichteg sinn, bäizebehalen, dee richteg Wee ass.

D'Ëmweltpolitik huet eiser Meenung no zum Beispill am Kader vun där Diskussioun, wéi se elo leeft vum Lissabon-Prozess, endlech eng Chance aus enger defensiver Haltung a Logik erauszekommen an datt endlech déi Verknüpfung gemaach gëtt zwëschen Ëmweltpolitik a Wirtschaftspolitik, wéi ech mer se scho laang eigentlech gewënscht hunn. Dat huet e ganz praktesche Grond, firwat dat esou ass, mä mir sollen deen elo notzen, fir do eng aner Iwwerleeung an Zukunft méi ze konkretiséieren.

De praktesche Grond ass deen, datt mer natierlech entre-temps eng ganz Rei Beräicher hunn, an deenen d'Ëmwelttechnologien eng grouss Roll spillen. Wann ech nëmmen de Beräich vun der Energieeffizienz-Gesellschaft huelen, da weess ech, wat alles dodrunner hânt, da weess ech, datt natierlech do hannendru sech enorm wirtschaftlech Potenzialer verstoppen. Do verstopp sech grouss Exportchancen fir Technologien, haaptsächlech an déi Länner, déi de Moment amgaange si wirtschaftlech grouss opzesteigen, wéi China an Indien zum Beispill, an et ass och duerfir relativ kloer, datt déi doten Technologien elo op eemol net méi ausschlieslech an engem - loosse mer soen - defensiven, ëmweltpolitesche Sënn, mä och an engem offensiven, positiven, wirtschaftspolitesche Sënn gesi ginn.

Déi Chance soll een notzen, well ech mengen, datt een do wierklech e Paradigmewiessel mëttelfristeg kann erbäiféieren an Europa, dee ganz wichteg ass fir de ganzen europäesche Wirtschaftsraum, net nëmme wichteg ass fir d'Ëmweltpolitik, mä och fir eis Wirtschaft insgesamt.

En anere Volet, deen natierlech drun hânt, ass déi ganz Fro vun der sozialer Kohesioun, an och wann déi Bolkestein-Direktiv elo net direkt mam Lissabon-Prozess ze dinn huet, esou huet se dach awer indirekt domadder ze dinn, well wann ech liese wat an deenen Texter vum Lissabon-Prozess steet, do gëtt och vill geschwat iwwer d'Garantie iwwer d'Grenzen eraus vun de Servicer. Dat heescht, et gëtt do eng ganz Rei Parallellismen inhaltlech gezunn, déi schonn an där Direktiv dra stinn. Ech mengen, niewent deem, wat den Här Fayot hei zu Recht gesot huet, wou ee muss en An drop halen, dat ass déi Aarbechtszäitdirektiv, déi elo wäert kommen.

Et ass awer och eppes anescht wat extrem wichteg ass a wat vill Sprengstoff kënn eraushuelen aus där doten Diskussioun, dat ass, wa mer emol endlech an Europa eng Direktiv kréichen, déi ganz prezis géing definéieren: Wat ass e Service public? Wat fält alles dorënner? Wie muss de Garant sinn, oder wie muss d'Garantie ginn, datt dee Service public deementsprechend bestoe bleift? An da virun allem e ganz wichteg Punkt: Wa mer iwwer de libre accès zu de Servicer schwätzen, da muss mer och emol eng Kéier festleeën, wien da garantéiert, datt och all Biergerin a Bierger Accès kritt zu all deene Servicer.

Wann ech nëmmen de Beräich eraushuele vun deene moderne Kommunikatiounsmittelen, Internet an esou weider. Dat ass alles schéin a gutt wat do proposéiert gëtt, mä mir wëssen awer all, datt net onbedéngt all Biergerin a Bierger en Accès huet dozou, well dat verbonnen ass mat privaten Investissementen, déi net jiddereen sech onbedéngt ëmmer ka leeschten. An dofir muss mer och eng Kéier klären, op wéi eng Aart a Weis dat bei deene Beräicher, déi liberaliséiert sinn zum Beispill, de Stat awer e gewëssene Garde-fou ka bleiwe fir ze garantéieren, datt all Mënsch en Accès huet zu deene Servicer, déi do ugebuede ginn, an datt mer net an eng sou genannt Zwouklassegesellschaft eraschliden, wou déi eng Accès zu allem hunn, an anerer einfach keen hunn, well se sech et finanziell net leeschte kënnen.

An ech mengen, dat sinn och d'Beferchtungen, déi ëmmer erëm zu Recht an de Vierdergrond réckele wann et ëm déi doten Theme geet, an de Lissabon-Prozess, mengen ech, ass och eng gutt Geleeënheet fir méi Prezisiounen ze bréngen, a wéi eng Richtung datt d'Europäesch Unioun wëll steieren.

3. Zur EU-Verfassung wëll ech just nëmmen eppes opwerfe wat kënn zu Schwierigkeiten ënnert deene sechs Méint Lëtzebuurger Präsidence féieren. Mir hunn eng Rei Referenden a mir wësse jo och wann elo nëmmen een an deenen nächste sechs Méint schiefe geet, da si mer schonn an engem Szenario, deen net méi ganz glécklech ass an da - mengen ech - wäert d'Lëtzebuurger Präsidence och gefuerdert ginn an deenen nächste sechs Méint, fir mat nozedenke wat dann elo soll passéieren.

Deen éischte Referendum ass a Spuenien, wa mäi Verhalt nach gutt ass; deen ass gläich virun eis. A wann et do géing schiefe goen, da riskéiert déi Fro méi séier op d'Lëtzebuurger Präsidence zouzekomme wéi et léif ass. Dofir wier et net schlecht wann ee sech scho géing eng Strategie ausdenken. Den Här Asselborn huet eis elo net gesot ob Szenarien am Tirang leien. Et wier vläicht net schlecht, wann en eis eng Kéier an der aussepolitichescher Kommissioun kënn e bëssen opklären, a wéi eng Richtung datt d'Regierung denkt.

4. Här President, de véierte Punkt ass e sou genannten „Niewendossier“, deen d'Lëtzebuurger Präsidence staark wäert belaauchten. Dat ass dee vun där ominéiser REACH-Direktiv. Em wat geet et do? Et geet ëm eng europäesch Direktiv vum Oktober 2003, déi de Chemikaliemarkt besser soll reglementéieren. Dir wësst, datt de Volumen un de Chemikalien drastesch an eiser Gesellschaft zouhëlt an Dir wësst natierlech och, datt vill Chemikalien de Moment op de Marché kommen ouni datt ëmmer kloer bewisen ass wat hir Auswirkungen op d'Ëmwelt a virun allem och op d'Gesondheet vun de Leit sinn.

Eigentlech war déi Direktiv vum Oktober 2003 eiser Meenung no e Meilestee fir do Uerdnung ze bréngen an och virun allem an eng Richtung ze goen, wou mer méi no der Gesondheet vun de Mënsche gekuckt hunn an no der Ëmwelt. An

et ass esou, datt deen Entwurf einfach virgesäit, datt ier Chemikalien an Zukunft sollen zougeleescht ginn, d'gesondheetlech Risikoofschätzung vill besser misste gemaach ginn, sou datt all déi Grozonen, déi haut existéieren, sollte verschwannen. A wéi Der vläicht matkritt hutt, huet natierlech déi Direktiv zu heftegste Reaktiounen bei deenen eenzelne politesche Lobbyen an awer och natierlech wirtschaftleche Lobbyen, déi ganz enk mat deem Sec-teur verbonnen sinn, gefouert, esou datt de Risiko reell ass, datt dat, wat gutt geduecht war nach virun zwee Joer, elo eng ganz aner Tour-nure kritt.

An ënnert der Lëtzebuurger Präsidence soll deen Dossier weiderbruecht ginn an dat ass wierklech ëmweltpolitesch a gesondheetspolitesch en extrem wichteg Dossier. Do drängt sech héchst Wachsamkeit vun der Lëtzebuurger Präsidence op fir mat deem Dossier ëmzegoen, an do ass et esou, datt mer als Gréng skeptesch sinn, datt d'Lëtzebuurger Regierung sech déi néideg Moyennë ginn huet fir kënnen prett ze sinn. Ech weess, datt mer zwar ee ganz kompetente Mënsch ofgezunn hunn an op deen Dossier gesat hunn, mä ech froe mech ob dat duergeet an ech hunn hei e bësse meng Zweifel drun, ob déi virecht Regierung deen Dossier do richteg ageschätzt huet. Si huet en eiser Meenung no e bëssen ze vill schleefe gelooss an de Risiko ass reell, datt mer do d'Schlappe verléiere wann et konkret gëtt, well et ass en immens komplexen, deelweis och techneschen Dossier. Ech sinn emol gespaant wéi den Här Jeannot Krecké als Wirtschaftsminister, dee jo zoustänneg ass fir deen Dossier, domadder wäert ëmgoen.

Op alle Fall ass et eiser Meenung no esou, Här President, datt et hei absolut noutwendeg wär, vu datt mer jo wëssen, datt mer um Niveau vun de Ministären net immens gutt équipéiert si wat de wëssenschaftlechen Know-how ubelaangt, fir deen Dossier ze géieren, datt mer d'ONGen, déi scho jorelang op deem Dossier schaffen, déi och wëssenschaftlechen Know-how hunn, méi a besser géinge mat abezéie wéi dat am Moment de Fall ass, fir datt mer herno net entgleisen am Kader vun der Präsidence op deem doten Dossier.

An doriwier eraus si mer der Iwwerzeugung, datt och d'Öffentlechkeet e Recht huet zu absoluter Transparenz - well hei geet et wierklech ëm en héich brisante gesondheetss- an ëmweltpoliteschen Dossier, wou et ëm d'Gesondheet vun all eenzelnen Bierger a Biergerin geet -, wéi d'Lëtzebuurger Präsidence mat deem doten Dossier wëllt ëmgoen. Et ass och aus deem Grond firwat mäi Fraktiounskolleeg Jean Huss eng Interpellatioun eraginn huet, déi jo och an der leschter Conférence des Présidents ugeholl ginn ass. Mir hu just gesot kritt, mir sollten dem Minister e bëssen Zäit ginn, datt e sech kënn preparéieren op deem Dossier, an da géing déi Interpellatioun awer nach an deenen nächsten zwee, dräi Méint hei traitéiert ginn. Ech hoffen, datt dat och de Fall wäert sinn.

5. E leschte Punkt, Madame Presidentin, just an engem Saz dann, well meng Zäit schonn zu Enn ass, dat ass de Kyoto-Protokoll a virun allem de Post-Kyoto-Szenario. Mir wëssen, datt mer eigentlech emol nach net fit sinn an der Europäescher Unioun - Kyoto trëtt jo elo a Kraaft -, fir dat, wat do decidéiert ginn ass, uerdentlech a Musek ëmsetzen. An d'Diskussioun fänkt elo schonn un iwwer dat, wat doriwier eraus soll goen, iwwer esou brennend Froe wéi: Wéi sollen déi längerfristeg Ziler vun nächste Protokoll festgeluecht ginn? Wéi kréie mer haaptsächlech d'USA,

China, Indien a Brasilien do an d'Boot? Alles dat sinn Themen, déi och an deenen nächste sechs Méint wäerten diskutéiert ginn a wou déi englesch Präsidence och scho gesot huet, datt si e groussen Intérêt hätt fir als Nofolgerland vu Lëtzebuerg wëllen Neel mat Käpp ze maachen. Dofir wäerte mer mat Sécherheet domat konfrontéiert ginn.

Madame Presidentin, déi Gréng sinn zefridde gewiescht mat der Deklaratioun, déi d'Lëtzebuurger Regierung am Europaparlament gemaach huet, well de Gros vun den Themen, déi do ugeschnidde gi sinn, eiser Meenung no déi richteg Theme sinn. Mir wäerten och kritesch konstruktiv dofir dee Prozess an deenen nächste sechs Méint begleeden. Kritesch, dat heescht, wa mer der Meenung sinn, datt d'Lëtzebuurger Regierung den Dossier net méi esou traitéiert wéi se et eigentlech selwer versprach huet an et diskutéiert ginn ass, da wäerte mir à charge kommen.

Virun allem wäerte mer awer och e Bilan zéien no sechs Méint, fir ze kucken ob bei deenen Ziler, déi sech gesat gi sinn, och an déi Richtung geschafft ginn ass oder ob net op eemol vun deenen Ziler ofgeréckelt ginn ass an dann natierlech, Madame Presidentin, zum Ofschluss, wäerte mir och konstruktiv versichen ze hëllef an deenen nächste Méint, andeem mer selwer mat eise bescheidene Mittelen Initiativen huelen hei zu Lëtzebuerg zu all deenen doten Dossier, fir ze versichen déi op eng gutt Aart a Weis weiderzibréngen.

Ech soen lech Merci.

■ **Mme la Présidente.** - Den nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Dir hutt d'Wuert, Här Henckes.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Madame Presidentin. Madame Presidentin, Dir Damen an Dir Hären, d'Präsidence vun der Europäescher Unioun ass fir onst Land eng Eier, mä et ass och eng Erausforderung fir als klengt Land et fäerdeg ze bréngen onser Missioun gerecht ze ginn. Wann d'est mat 15 Länner sécherlech scho schwierig war, esou ass et mat Sécherheet zu 25 net méi einfach ginn. Mir wënschen der Regierung an all deenen, déi un dëser grousser Missioun deelhuelen, eng glécklech Hand.

D'Prioritéit vun der Lëtzebuurger Präsidence reie sech an an der Kontinuitéit vun der hollännescher Präsidence a vun der europäescher Politik aus de leschte Joren.

D'Präsidence ass awer och eng Méiglechkeet fir onst Land fir eegen Akzenter, nei Akzenter ze setzen an notament duerch eng aner, duerch eng nei Approche vun de Problemer méi Méiglechkeeten ze schafen, fir déi géigesätzlech Meenungen an Europa méi no ze bréngen.

An den Ae vum ADR gëtt et siwe Punkten, déi mer als prioritär mussen ugesinn a vun deene mer hoffen, dass se an der Lëtzebuurger Präsidence eng positiv Evolutioun fannen, respektiv datt et zu Entscheedung kënn: d'Stratégie de Lisbonne, den europäesche Budget, de Programm vu groussen Infrastrukturaarbechten, d'Agrarpolitik, d'Immigratioun, d'Transportpolitik an déi alternativ Energien.

Mä erlaabt mer, Madame Presidentin, fir aganks e puer Wuert ze soen zu deene rezenten Aussoe vum amerikanesche President, deen d'Méiglechkeet envisagéiert huet fir militäresch ze intervenéieren am Iran, an deen dowéinst och scho verschidden Dispositiounen envisagéiert huet.

(M. Lucien Weiler reprend la Präsidence)

Mir erënnere ons alleguerten un déi lamentabel Situatioun, un dee lamentabele Spektakel, deen Euro-

pa ofginn huet, wéi et net aus engem Mond geschwat huet an der Fro vum Irak.

Här Ausseminister, ech mengen et wier elo un der Zäit, et wier un der Europäescher Unioun, de President Bush an der Iran-Fro ze kontaktéieren, well et herrscht Klärungsbedarf, fir datt mer ons net nees an darselwechter Situatioun ermëfanne wéi mer dat schonn eng Kéier an der Irak-Fro kannt hunn.

Ech hu Vertrauen an lech, Här Ausseminister, datt Der dann déiselwecht Wieder wäert fannen, wann Der mam President Bush wäert diskutéieren iwwer d'Iran-Fro, wéi Der se hei an der Chamber fonnt hat bei der Debatt zu dem Irak-Krich.

(Interruptions)

Här President, elo nees zréck zu deenen anere Prioritéit vun der Lëtzebuurger Präsidence. D'Stratégie de Lisbonne: Am Processus de Lisbonne geet et dorëm, aus Europa déi kompetitiivst Wëssenswirtschaft an der Welt ze maachen. Et geet och dorëm, en nohaltege wirtschaftleche Wuesstum ze realiséieren, deen et erlaabt d'Vollbeschäftegung unzestriewen, dee qualitativ Verbesserung fir d'Salariaat an déi Fräischaffend beinhalt an deen ons Ëmwelt respektéiert. En ambitiööst Zil, eng richteg Zilsetzung, bei där all Land individuell responsabel ass, datt et säin Deel dozou bäidréit.

Mä esou eent Zil kann nëmmen erreecht gi wann d'Bierger de Message matkréien. An ënner enger Dénomination Stratégie oder Processus de Lisbonne kënnen déi allermeescht Leit, déi allermeescht Bierger sech dobaussen net vill erstellen.

Dofir - mat engem klengen Punkt ugefaangen - wier et mol eng Kéier noutwendeg, datt een esou Ausdréck wéi Stratégie de Lisbonne, Processus de Barcelone, Petersberger Missioun an esou virun eng Kéier géing a méi mënschlech allgemeng verständleche Wieder ermëfannen: Anstatt Stratégie de Lisbonne europäeschen Entwicklungsplang oder wat et dann eben ass. Ech mengen do wier et gutt, wann d'Publiziste sech géingen drugi fir eng Kéier nees d'Wieder vum Bierger ze schwätzen, fir datt mer ons an deem Ganzen dobausse méi verständlech kënn maachen.

Vill Bierger fäerten och ënnert dem Processus de Lisbonne sozial an aarbechtsrechtlech gesinn, datt sech en Nivellement no ënnen undeit an net eng Verbesserung. An et gesäit ee wéi wichteg et ass, wann an der Zukunft, esouguer elo schonn, ouni den Traité constitutionnel ofzawaarden a wéi et domadder geet, déi national Parla-menter schonn am Virfeld vun der Ausaarbechtung vun den Direktiven agebonne ginn; da kéimen esou Diskussiounen wéi déi bei der Bolkestein-Direktiv net vir.

Wat de Processus de Lisbonne ugeet, esou muss ech soen, datt d'Halschent vun der Zäit ofgelaf ass an datt ee feststelle muss, datt d'EU wäert hannerun hirem Zil ass. Dofir geit mir als eenzeg Léisung, datt all Land elo Responsabilitéit muss huelen an datt dës Präsidence soll fuerdere fir en Aktiounsprogramm pro Land virzeleeën, well et noutwendeg ass, datt mer dat net vun uewen erof, vun der Kommissioun aus, dirigéieren, mä datt mer all Land responsabiliséieren. Well d'Zil ass jo akzeptéiert. Mä jiddferee weess, datt all Land an enger anerer wirtschaftlecher Situatioun an an engem aneren Evolutionsstatus ass wéi déi aner; op deem enge Gebitt ass eent ganz staark, op deem anere manner staark oder mëttel. Et kann een dat nëmmen am Intergouvernementalen an zesummen duerch individuell Aktiounsplang realiséieren.

Et kann een och net, wann een et géing communitariséieren an net op individuell Aktiounsplang géing higoen, engem Land soen: Du

muss elo méi lues trëppelen, well s de un der Spëtzt bass op engem Gebitt, bis dass déi aner Länner bäisinn. Esou kann et och net sinn an dofir ass et wichteg, datt fir d'éischt mol all Land seet, wat et wëll maachen an datt ee sech deen Ablack determinéiert. Dat géllt natierlech och fir onst Land, wou mer op verschidde Gebidder ganz wäit am Hannerdreiwéi sinn.

Zweete Punkt: den europäesche Budget. Den europäesche Budget, dat si ronn 100 Milliarden Euro, wouvunner méi wéi 46% an den Agrarsecteur ginn. D'Europäesch Kommissioun huet e Riseprogramm virgeluecht un Investitiounen an Ausgaben, déi an deem nächste Siwejoersplang sollen zum Droe kommen. Déi ablécklech Vertrag gesinn e maximale Bäitrag vun all Land vun 1,27% vum Bruttosozialprodukt vir, deen awer elo an der Praxis op 1% festgeluecht ginn ass.

Mir deelen d'Meenung vun der Regierung net, datt den EU-Budget misst duerch eng Erhéijung vun der Contributioun vun deenen eenzelne Länner opgebessert ginn. Eng Erhéijung mécht nämlech kee Sënn, wann net gläichzäitig festgeluecht gëtt, wat mat deene Sue geschitt. Eng Erhéijung mécht kee Sënn, wann d'Erhéijung vum Agrarbudget am Prozentsaz gesinn net gebremst gëtt a wann dat den eenzegen Zweck vun der Übung vun der Erhéijung ass. Fir d'éischt mussen d'Memberstate sech eens maachen iwwert d'Dépenses an iwwert de Prozentsaz, deen am europäesche Budget fir all Politik soll ausgi ginn, ier iwwerhaapt Rieds geet vu méi abezuelen.

Mir mengen notament, datt d'Ausgaben an der Agrarpolitik mat dem Zweck, fir mat öffentleche Gelder Agrarwueren zu Dumpingspräisser an Drëttlänner ze exportéieren, déi falsch Politik ass, mä mat Sécherheet mussen dës Ausgaben sech am Prozentsaz stabiliséieren.

Wichteg schéngt ons am Géigendeel, datt d'Ausgabe fir d'Recherche verduebelt ginn, datt d'Investitiounen op 0,3% vum europäesche PIB uweussen, datt d'Solidaritätsausgabe mat deenen defavoriséierte Regiounen a Länner an Europa mussen uesteigen. An et ass op jidde Fall ënnert dee-

nen ablécklechen Zoustänn knapps unzehuelen, datt et zu iergendengem Mouvement op deem Gebitt kënn, datt et zu iergendenger Erhéijung kënn an dofir mussen d'Akzenter bei den Ausgaben op eng nei Gewichtung geluecht ginn. Mir wëllen wellen erënnere, datt mir als ADR bien entendu net d'accord wieren, wann d'EU op eng Kéier géing op de Wee goe vun enger europäescher Steuer.

Drëtte Punkt, deen ons wichteg schéngt, ass de Programm vun de groussen Infrastrukturaarbechten. Wa mir ons wirtschaftlech Ziler vu Lissabon wëllen errechen, da mussen Projete wéi déi grouss intereuropäesch Transportnetzer fir d'Zich an de Satellitesystem Galileo duerchgezu ginn, well dat noutwendeg ass fir d'Zesummewuesen an déi wirtschaftlech Entwécklung vun Europa.

Dofir ginn natierlech eng etlech finanziell Mëttele gebraucht, mä dofir muss dat net onbedéngt iwwert den europäesche Budget geschéien; dat kann och an dem intergouvernementale geschéien. Et ass bien entendu och d'Méiglechkeet vum Recours um Niveau vum Emprunt. Ech wëll och herno nach eng Kéier drop zrëckkommen, wann ech kuerz e puer Wieder soen zu dem Stabilitéitsplang.

Véiertens: d'Agrarpolitik. Zënter der Ennerzeechnung vun de réimesche Vertrag ass d'Landwirtschaft dee Secteur, an deen déi meeschten Euroen higinn. 46% vum EU-Budget ginn an d'Landwirtschaft an awer ass d'Landwirtschaft an der Kris. Déi gréissten Eerausfuering besteet an der Reduzéierung vun den Agrariwerschëss an an der Stabiliséierung vun den Agrarpräisser. Europa muss sech domat begnügen, landwirtschaftlech Produkt fir seng eege Bevölkerung ze produzéieren an d'äerf d'Mäert vun der Drëtter Welt net mat dem Export vu subventionéierten Agrarproduitë futtmaachen, well se ënnert dem Gestehungspräis an deene Länner do verkaaft ginn.

D'Iwwercapacités, déi elo bestinn, déi och da vläicht an Zukunft bestinn, solle genotzt ginn, fir ëmweltfrëndlech alternativ Energien ze produzéieren. Mir mussen hei onbedéngt ëmdenken, well déi ablécklech Agrarpolitik wirtschaftlech a finanziell onsënneg ass,

speziell wou mir elo schonn zu 25 sinn.

Fënnefte Punkt: d'Immigratioun. Europa ass gefuerdert fir dem Problem vun der illegaler Awanderung a vum Abus vum Asylrecht en Enn ze setzen. Mir begreissen, datt d'Regierung an d'Présidence wëlles huet, d'Reckféierungsaccorden, déi noutwendeg si fir de Respekt vun den nationale Gesetzgebungen ze garantéieren, um europäeschen Niveau virunzedreien. Mä et wier awer och wichteg, Här Ausseminister, wann et zu Accords de réadmission téschent de State géing kommen, fir datt déi aner Länner, déi nach keen Accord de réadmission mat engem Land hunn, kéinten hir ofgewise Leit, déi sollen zrëckgefouert ginn, iwwert de Biaise vun deem Accord an hir Heemechtslänner zrëckbréngen.

Et muss een op dee Wee goen, well et gesäit een, datt Handlungsbedarf besteet. Notament wann een esouguer hei am Land gesäit, datt Leit, déi an Europa en Domicile hunn, déi d'äerfen hei sinn, hehinner op Lëtzebuerg Asyl froe kommen, ënner falsche Pretexter, fir hei vun Allméiglechem ze profitéieren. Ech mengen dat d'äerf net sinn, an et ass wichteg, datt een op deem Gebitt virukënn.

Sechstens: d'Transportpolitik, den drëtte Paquet ferroviaire, deen ënner anerem déi ablécklech Liberaliséierung verbessere soll, mä deen awer och virgesäit, de Personentransport per Zuch ze liberaliséieren. Wann ech elo de schréfflechen Deel vun der Deklaratioun iwwert d'Prioritéite vun der Lëtzebuurger Regierung liesen, da steet dodran: «L'accent sera mis sur les aspects traitant des droits et obligations des voyageurs et des exigences de qualité dans le secteur du fret.» Et huet een also d'Impressioun, datt déi Lëtzebuurger Regierung dee ganzen drëtte Paquet ferroviaire nees erëm nei wëllt diskutéieren.

Wa se op dee Wee geet, Här Minister, dat ass e ganz geféierleche Wee! Well dat féiert vläicht dozou, datt an dëser Zäit, elo während der Lëtzebuurger Présidence, net méi iwwert d'Liberaliséierung am Privatberäich, wat d'Personen ugeet, geschwat gëtt. Mä da verlagert een de Problem an d'Présidence vun Här Tony Blair, e Land wéi England, wou et bekannt ass,

datt do scho liberaliséiert a souguer privatiséiert ginn ass. A wann de Paquet opgemaach gëtt, da risquéiert et héchstwahrscheinlech an der Liberaliséierung nach méi wäit ze goen.

Dofir wär et - mengen ech - taktisch méi richtig wann ee géing higoen an elo de ganze Paquet ferroviaire géing an der Lëtzebuurger Présidence ugeholl ginn, wéi datt en elo opgemaach gëtt an an der englescher Présidence fäerdeg gemaach gëtt. Dat ass vläicht elo geduecht well verschidde Leit, déi an der Chamber virun de leschte Wahlen an och an der Regierung bei de CFL-Beamte Stëmme siche gaange sinn, net wëllen, datt déi Liberaliséierung just elo ënnert der Lëtzebuurger Présidence soll geschéien! Mä et ass awer, wann een d'Realitéit kuckt vun der europäescher Politik, méi richtig fir elo ofzeschléissen, wéi dat der nächster Présidence ze iwwerloosen.

Mir wëllen och nach e puer Aussoe maachen an d'Regierung warnen, fir sech staark ze maache fir eng Opléisung vum Stabilitéitspakt. Dat wat riskéiert erauszekommen als sou genannte Compromis ass, datt sech d'Fuerderunge vun deene Länner, déi Schwieeregkeeten hu mam Stabilitéitspakt, additionnéieren, an datt herno eppes erauskënn wat kee Sënn méi mécht, wat iwwerhaapt kee Stabilitéitspakt méi ass, a wou déi aner Länner, déi elo Efforté gemaach hunn, fir sech an de Kader vun deem Stabilitéitspakt eranzeschaffen, och herno eventuell an d'Versuchung komme fir esou large wéi méiglech virzegoen an déi Kritäre vu Maastricht net méi ze respek-
téieren.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et ass eng Boite de Pandore, an dofir...

■ M. le Président.- Här Henckes, Är Zäit ass eriwwer. Kommt zum Schluss!

■ M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- ...mengen ech, datt een déi net sollt opmaachen.

Här President, mir hoffen, datt d'Regierung ons Iwwerleeungen a Bemierkungen zum Prioritéitsprogramm vun der Lëtzebuurger Présidence, mä och ons Befierchtun-

gen als positive Bäitrag zum gudde Gelénge vun der Lëtzebuurger Présidence an hir Iwwerleeungen afléisse léisst. Mir wënschen der Regierung, datt si an hir Collaborateuren, déi an der Présidence eng wichteg Roll hunn, et och fäerdeg brénge fir déi Présidence gutt zu Enn ze bréngen a positiv Resultater fir onst Land a fir d'Bierger ze bréngen.

Mir hoffen awer och, datt mer herno um Enn vun dëser Présidence net méi allze vill brauchen ze kritiséieren, wann et eventuell net géing onsen Iddien an onse Bemierkungen entsprechen.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den Här Ausseminister huet d'Wuert gefrot fir ofschléissend Bemierkungen.

■ M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- Här President, léif Kollegeen, ech wëll deene fënnef Riedner Merci soe fir hir Interventiounen a fir all déi Rotschléi, déi sécherlech gutt gemengt waren an déi mer eis och alleguerten an der Regierung wäerten zu Häerz huelen. Ech soen awer och Merci fir déi Disponibilitéit, déi Der gewisen hutt fir eis ze hëllefen als Regierung, selbstverständlech nëmme a Saache Présidence. Et ass jo evident, mir si jo an enger Demokratie, déi lieft.

Mä ech géif lech awer wierklech aus vollem Häerz soen, dass, wann e Problem ass, den delegéierte Minister Nicolas Schmit an ech selwer lech zur Verfügung stinn, souwuel an der Kommissioun wéi och hei am Plenum, all Kéiers da wann eng wichteg Décisioun uesteet oder eng wichteg Décisioun riskéiert un-zestoen. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer als Regierung an als Chamber zum Gelénge vun eiser Présidence wäerte ganz gutt matenee schaffen.

Merci.

■ M. le Président.- Merci, Här Ausseminister. Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.28 heures)

Chamber TV



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)

um Kanal S40 / 455.25 Mhz

um Réseau vun der Coditel

um Kanal S 29

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

Ordre du jour

1. Institution et composition de la commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg»
2. Dépôt d'une proposition de loi
3. 5370 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la transformation et à l'extension de la maison de soins St Joseph à Pétange
4. 5372 - Projet de loi portant modification de la loi du 20 décembre 2002 autorisant la participation de l'État à la construction par la Commune de Mamer d'un Centre Intégré pour Personnes Âgées à Mamer
5. 5369 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Junglinster
(*Rapports de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse - Discussion générale - Votes et dispenses du second vote constitutionnel - Motion*)
6. 5413 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg
(*Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. François Biltgen et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

■ M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Institution et composition de la commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg»

D'Chamber huet an enger Résolution festgehalen, datt eng nei Spezialkommissioun agesat gëtt, déi den Numm „Commission spéciale réorganisation territoriale du Luxembourg“ droe soll.

Wat hir Zesummesetzung ubelaangt si folgend Virschléi agaan:

Fir d'CSV-Fraktioun, déi Häre Michel Wolter, Lucien Clement, Marco Schank a Paul-Henri Meyers,

fir d'LSAP-Fraktioun, d'Madame Lydia Mutsch an déi Hären Alex Bodry a Jean-Pierre Klein,

fir d'DP-Fraktioun, déi Häre Claude Meisch an Emile Calmes,

fir d'Fraktioun vun deene Gréngen, den Här Camille Gira,

fir d'Fraktioun vum ADR, den Här Gast Gibéryen.

Ass d'Chamber mat der Bezeechung a mat der Zesummesetzung vun dëser neier Spezialkommissioun averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou décidéiert.

Den Här Braz freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi, wann ech richtig informéiert sinn. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

2. Dépôt d'une proposition de loi

■ M. Felix Braz (DÉI GRÉNG).- Här President, ech froen d'Wuert fir den Dépôt ze maache vun enger Proposition de loi:

- Proposition de loi 5433 relative à la modification de l'article 29 de la loi du 29 juin 2004 portant sur les transports publics

Den 19. Mee 2004, also kuerz virun de Parlementswwahl vum 13. Juni, ass hei am Parlament e Gesetzesvorschlag vun der Regierung ge-

stëmmt ginn zum Thema Transports publics. En ass agereecht gi vum deemolegen Transportminister Henri Grethen.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. Felix Braz (DÉI GRÉNG).- An dat Gesetz gesäit a sengem Artikel 29 vir, dass et den 1. Januar 2005 a Kraaft trëtt, wat domadder zënter méi wéi zwou Woche geschitt ass. Dat Gesetz huet awer och virgesinn, dass eng ganz Partit Exekutiounsinstrumenter an och aner Décisioune musse geholl ginn, déi awer allesamt nach net geholl gi sinn.

Mir sinn also elo an der Situatioun, dass mer e Gesetz en vigueur hunn, wat um Pabeier besteet, awer vill méi net, wat awer gläichzäiteg déi al Strukturen, déi funktionéiert hunn, domadder de fait abrogéiert huet. Mir hunn also an zwou Wieder ausgedréckt e Vide juridique an där dote Matière.

D'Regierung huet an der Regierungserklärung dozou gesot, si wëllt dee Punkt nach eng Kéier op de Métier huelen an d'Gesetz ofänneren. Dat ass och vum Transportminister an der leschter Transportkommissioun ugeschnidde ginn, a mir hu gestaunt, wéi de Minister gesot huet, dass e verschidde Méiglechkeete gepréift hätt, an dass se wëllten elo d'Gesetz, au fur et à mesure emol mat der Benennung vum Conseil d'administration lues a lues an d'Liewe ruffen, an da géing ee weiderkucken. Dat ass fir eis awer eng Method, déi absolut onhaltbar ass.

D'Gesetz ass eiser Meenung no reformbedürftig. Dat hu mer och den 19. Mee scho gesot. A mir wëllen och dofir eng Gesetzesproposition déposéiere mat folgendem Inhalt: Mir proposéieren den Artikel 29 vum Gesetz vum 29. Juni 2004 dahingehend ze änneren, dass d'Entrée en vigueur net op den 1. Januar 2005 ass, mä eréischt op den 1. Januar 2007. Soss hu mer eng intenabel Situatioun, an déi ass politesch net vertriebar.

■ M. le Président.- Merci, Här Braz. Déi Proposition de loi gëtt un déi zoustänneg Chamberkommissioun weidergeleed.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 5370, 5372 an 5369 iwwert d'Alters- a Fleegeheimer vu Péiteng, Mamer a Jonglënster. D'Madame Familljeminister Jacobs huet gefrot fir kënnen direkt zu deene Projeten ze schwätzen,

well si muss wéinst engem dréngenden Imprévu Véirel bis dräi fortgoen, an dofir denken ech, si mer alleguerten d'accord, dass mer hir d'Geleeënheet gi fir kuerz op déi eenzel Projeten anzegoen, déi dann duerno vun de Rapporteurs am Detail virgestallt ginn. Ech gesinn d'Chamber ass domadder d'accord an dofir, Madame Familljeminister, hutt Dir direkt d'Wuert zu deenen dräi Projeten.

3. 5370 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la transformation et à l'extension de la maison de soins St Joseph à Pétange

4. 5372 - Projet de loi portant modification de la loi du 20 décembre 2002 autorisant la participation de l'État à la construction par la Commune de Mamer d'un Centre Intégré pour Personnes Âgées à Mamer

5. 5369 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Junglinster

■ Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, ech géing lech wëlle Merci soen an och de Membere vun der Chamber, dass ech direkt kann e puer Wuert soen zu deene verschidde Projeten, besonnesch awer och de Rapportrices, wou ech dann net méi d'Geleeënheet hu fir nozelauschteren, mä leider kommen heiansdo Saache vir, déi een net geplangt hat a wou een dann awer net d'Méiglechkeet huet fir dat ze änneren.

De Kolleg Fränz Biltgen wäert heihinner kommen an déi Doléancen an déi Wënsch, déi opstoe bleiwen, matbréngen oder esou wäit wéi e se ka beantworten, direkt beäntweren, fir dass d'Deputéierten, déi dozou Stellung huelen, och hir Äntwerte kréien, déi se verdéngen.

Här President, mir haten an der leschter Zäit méi dacks hei Projeten, wou et iwwer Maisons de soins an iwwer Centres intégrés gaangen ass. Dofir wëll ech weder de Rapportrices d'Korinthercher aus dem Kuch eraushuelen, nach wëll ech ufänken dat nach eng Kéier alles ze erklären.

Ech sinn trotzdem frou, dass mer déi dräi Projeten haut hei kënnen stëmmen. Eng Kéier dee vu Péiteng, wou et awer em 67 nei Better geet, an en Émbau vun deem bestehenden Haus, mat enger Käschtebedeelegung vum Stat vum 13.560.000 Euro, wou de Stat mat 70% participéiert a wou duerno wäerten am Ganzen 143 Better sinn.

En neie Projet zu Jonglënster mat 100 Better, wou de Stat zu 80% participéiert a 17.916.000 Euro bälleet, an da méi e klengen, oder loosst mer emol soen, e complémentairé Projet zu Mamer, wou duerch, dass de Gestionnaire dat décidéiert huet a besser fonnt huet, 18 nei Better an 12 neien Zëmmer geschafe ginn.

A wann ee gëschter déi geschriewe Chamberchronik gutt gelies hätt, dann hätt ee kënnen mengen, et géif do em e Projet goe vum 23 Milliounen Euro, a wann een da gesinn huet, dass deen anere mat

100 an deen anere mat 143 Better, deen ee 17 Milliounen, deen aneren 13, dann huet een iergendwou geduecht, do muss eppes an der Rechnung net stëmmen. Et wor awer net de Chroniker, dee sech geiert hat, mä et ass einfach den Ajout zu deem wat ewell eng Kéier gestëmmt gouf an deem Gesetz, esou dass et haut am Fong em 2.684.000 Euro geet, no dem neien Index.

Wéi gesot, déi zwou gréisser Projeten, wat Péiteng a Jonglënster ubelaangt, sinn no deenen neien Erkenntnisser, déi mer an der Geriatrie an an der Gerontologie an deene leschte Jore gewonnen hunn, mat eenzelnen Zëmmeren, mat Revalidatioun dran, a virun allem och, wat ech denke wat wichtig ass, mat Jardins thérapeutiques dobäi, esou wéi mer se bei deene leschten Haiser emmer probéiert hunn ze maachen, fir besonnesch och méi deene Leit Rechnung ze droen, déi eben un Altersdemenz leiden an domadder besser kënnen en charge geholl ginn, esou gutt a wéi ausser den Haiser, a fir domat ze suergen, dass se manner Stress kréien.

Doduerch dass se manner Stress hunn, kënnen se besser mat hirer Krankheet eens ginn, an ech denken, dass et fir si wichtig ass, mä awer och fir hir Familljen, dass se wëssen, dass hir Leit net nëmmen a schéinen Haiser sinn, mä dass se awer och déi beschte Fleeg kënnen kréien.

Här President, ech hat déi leschte Kéier, wéi mer hei iwwer esou Projeten diskutéiert hunn, den Deputéierte versprach, dass ech hinne géing Kaarte matbréngen an och Zëmmerzuelen, déi mer mëttlerweil am Lëtzebuerger Land hunn, wat eng Kéier d'Maisons de soins ubelaangt an eng Kéier d'Centres intégrés an ech géing mer erlaben lech déi ze iwwerreechen, fir dass dat och ka publizéiert ginn, fir dass jidderee weess, dass mer net nëmmen am Norden Alters- a Fleegeheimer bauen, mä dass mer probéieren dat iwwert d'ganzt Lëtzebuerger Land ze maachen.

Heiansdo gëtt jo gemengt, dat hätt eppes domat ze dinn, wou de Minister géing hierkommen. Ech mengen, wann Der déi Kaart gesitt a wann Der och déi Projeten héiert, deen een zu Jonglënster, deen aneren zu Péiteng, deen aneren zu Mamer, dann ass dat sécher net verdächtig.

Ech géing just wëlle soen, dass mer de Moment 3.570 bestehend Better an de Centres intégrés hunn, dass mer 1.057 Zëmmeren amgaange sinn, oder Better amgaange sinn ze transforméieren an och auszudehnen, an dass nach 648 Better an der Planung sinn, wat d'Centres intégrés ubelaangt.

Bei de Maisons de soins hu mer 1.265 bestehender, 327, déi an der Transformatioun an an der Extensioun sinn, an 120, déi an der Planung sinn, wat dann e Gesamt mécht vun 1.485 Better. Wann ee weess, dass Leit, déi méi altersfleegebedürftig ginn, awer kënnen an de Centres intégrés bleiwen, da weess een, dass dat och lwwergang sinn, déi sech fléissend maachen, an dass mer dann op en Total vu 6.036 Better kommen, wann déi hei Projete bis realiséiert sinn, a wou mer dann europawäit un der Spëtzt leie mat Zëmmeren, déi zur Verfügung stinn.

Doriwwer gëtt et ënnerschiddlech Meenunge vun de Spezialisten, wou déi eng soen, wat der méi ofréiert, wat eischer drop zrëckgegraff gëtt. Déi Leit, déi natierlech am Fall sinn, dass se net méi kënnen doheem bleiwen, well se selwer net méi dat kënnen maachen, oder well d'Famill net do ass an och net sech kann dorém këmmen, déi gesinn dat selbstverständlech aneschters an déi si frou, wa se net enorm laang Waardezäite mussen a Kaf huelen dee Moment

wou et dann néideg gëtt, wou dann ee vun de mussen an déi Haiser goen.

Här President, souwäit wéi ech dat an der Chamberskommissioun gesinn hunn, hate mer emmer Unanimitéit bei deene Projeten, well och jidderee vun der Noutwendegkeet vun esou engen Institutiounen iwwerzeegt war. Mir wäerte selbstverständlech virufueren ze kucken, wat an deene Services, wat d'Aide à domicile ubelaangt, d'Liewe méi einfach mécht vun deene Leit, déi déi Hëllef brauchen, esougutt d'Familljen, wéi gesot, wéi déi Betraffte selwer, fir déi Hëllef virunzeentwéckelen, virun auszubauen an och vun deene Kenntnisser ze profitéieren, déi et am Ausland gëtt.

Dir hutt gesinn, dass zum Beispill de leschte Samschdeg zwou verschidden Institutiounen en éisträichesche Präis kritt hu well se sech besonnesch em d'Betreiung vun de Leit këmmen, wéi dat eben och fréier war, fir hirem biologesche Liewen erëm méi gerecht ze ginn an dat méi opzebauen, am-plaz dass dat alles esou fonctionéiert wéi mir dat eigentlech haut gesinn, an domat de Leit och d'Méiglechkeet ze ginn, sech besser ze orientéieren an ze reorientéieren. Et ass also net alles wat mer nei mussen erfannen, mä villes geschitt och elo op anere Plazen, vun deem mer ouni Zweifel kënnen léieren.

Ech denken un eppes, wat mer bis haut nach net maachen, mä wat et awer schon op der Welt gëtt. Zum Beispill hu se an der Schwäiz zu Zürich e Service, wou se bei d'Leit heem ginn an derfir suergen, dass se eppes an de Frigidären hunn. Dir sot vläicht: Majo Dir sidd geschwënn total verréckt fir dat och nach ze maachen. Firwat ass dat? Mä net aus Zäitverdreif an och net fir eppes fir d'Metzleren an d'Bäckeren ze maachen, mä well ee gemierkt huet, dass ganz dacks Leit, déi al sinn, entweder vergiesen akafen ze goen oder awer an esou enger Depressioun dra sinn, dass se dann net de Courage dofir hunn. A wa se da vläicht emol eppes géinge wëllen iessen ass iwwerhaupt emol näischt do. An do ass festgestallt ginn, dass ganz vill vun de Leit ennerernährt sinn, wat jo awer eng Schan an eiser Zäit an op eise Plazen ass, esou dass ee feststellt, dass et eng Partie vu Saache gëtt, déi mer de Moment nach net hunn, mä déi ee sech awer fir d'Zukunft ka virstellen.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech lech am Viraus villmools Merci fir Aert Verständnis op där enger Säit, an awer och op där anerer fir Är positiv Astellung vis-à-vis vun deenen Institutiounen, vun deene Services, déi mer offréiere fir d'Leit wou dréiten a véierten Alter, an ech sinn dovun iwwerzeegt, dass déi selwer an hir Familljen lech alleguerten dat wëssen ze danken.

Merci villmools.

■ M. le Président.- Merci, Madame Minister. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 5370, déi honorabel Madame Nancy Arendt, Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Här Gibéryen, wollt Der d'Wuert froen?

■ Une voix.- Deen ass guer net hei.

■ M. le Président.- Här Jaerling, pardon.

(Négation)

Dann ass et gutt. Madame Arendt.

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse du projet de loi 5370

Mme Nancy Arendt (CSV), *rapporteuse*. - Här President, léif Kolleegeen, an dësem virleiende Projet gétt de Stat autoriséiert, den Émbau an d'Extenssioun vun der Maison de soins Saint-Joseph zu Péiteng mat ze finanzéieren. Et ass ee vu ville Bauprojekten, déi vun eiser Familljeministesch deponéiert goufen, fir eisen eelere Matbiirger, déi net méi kënnen an net méi wëllen eleng liewen, et ze erlaben hire leschte Liebensabschnitt an enger optimal encadréierter Struktur ze verbréngen.

D'Maison de soins vu Péiteng huet momentan eng Capacitéit vun nëmme 76 Better an hält souwuel Leit mat wéi ouni psychogeriatresch Problemer op. Dës Zesummeliewe vun dementen an net demente Leit ass net optimal an et ass een zur Konklusioun komm, dass ee strukturell Annerunge misst virhuelen a méi e spezifeschen Encadrement virun allem fir déi Leit, déi méi schlëmm dement sinn, misst ariichten.

Duerch den Émbau an d'Extenssioun vun de Gebailechkeete soll och d'Capacitéit vun dëser Struktur erhéicht ginn, mä wéi scho virdu gesot soll sech virun allem an der Zukunft awer méi spezifesch op den Opfank vu Leit mat schwéiere psychogeriatresche Problemer konzentréiert ginn. Dat ass eng grouss Erausforderung fir déi Responsabel wéi och fir d'Fleegepersonal vun der Maison de soins vu Péiteng, déi sech bewusst sinn, dass den Opfank vun demente Leit trotzdem anescht muss organiséiert gi wéi dee vu Leit ouni sollech Problemer.

Zu Péiteng schafft och zënter September 2001 eng Fleegéequipe un engem neie Konzept, speziell fir d'Prise en charge vun eelere Leit a virun allem fir d'Prise en charge vun eelere demente Leit. An innerhalb vun der Maison de soins huet sech och sät Oktober 2002 eng multidisziplinär Aarbeetsgrupp zesumme gesat, eng Grupp, déi als Zil huet, d'Kenntnisser, déi se am Kader vu Weiterbildungsformatiounen a Form vu Coaching duerch en unerkannten Expert mat op de Wee krut, an d'Praxis ëmsetzen. Dës ganze Projet dréit de schéinen Numm „Maison de vie“.

Duerch seng spezialiséiert Struktur kann elo de betraffene Leit eng méi individualiséiert therapeutesch, psychologesch a sozial Prise en charge ugebuede ginn, déi de Besoiné vun de Patienten an dem Verlaf vun hirer Krankheet ugepasst ass. Doriwwer eraus ass fonnt ginn, dass et wichteg wär eng familiär Atmosphär an dës Strukturen ze schafen, esou dass dës Leit, souwäit et ebe méiglech ass, en heemlecht Gefill vermittelt kréien. Den Encadrement vun de Pensionnairé soll sech och méiglechst de Gewunnechten a Fäegkeete vun de Pensionnairen upassen, an dat gétt méi liicht wann d'Leit a méi kleng Unitéiten opgedeelt sinn ewéi a méi grouss.

An dës virleiende Projet entsprécht dës Fuerderungen honnertprozenteg. De Projet gesäit nämlech vir, fir d'Capacitéit vun der Maison de soins ëm 42 Better ze erhéijen, déi speziell fir d'Prise en charge vu Leit mat psychogeriatresche Problemer geduecht sinn. Dës 42 Better wäerten a sechs Unitéiten oder sechs Wunngruppen, wou maximal nëmme siwe Leit ënnerbruecht kënnen ginn, opgedeelt ginn. All Unitéit huet do hir eege Kichen, e Séjour wou ee sech mat aneren treffe kann, eng Salle à manger, en Nuetscafé wann een net schlofe kann, a wat ech wierklech flott fannen, d'Madame Ministesch huet et schon erwähnt, ass den therapeutesch Gaart, den esou aménagéiert soll sinn, dass een dobannen an dobausse fräi zirkuléiere kann an dass ee sech praktesch net verléiere kann.

(Interruption)

Majo, ech mierken. Dat schéngt méi Interêt hei ze erwecke wéi main therapeutesch Gaart, vun deem ech esou stolz sinn hei ze schwätzen.

All Wunngrupp befénnt sech op engem Niveau, wat d'Zirkuléieren dann och vereinfacht, well et kënt een da gläiche Fousse an de Gaart ouni mussen eng Trap erop an erfzogen.

Et gétt, wéi scho virdu gesot, probéiert e Maximum un Normalitéit an dat Konzept mat anzebauen an d'Gebailechkeeten esou anzerichten, dass se un eng normal Wunn-situatioun erënneren. An ee vun den Haaptpunkte vum architektonesche Konzept ass deen, dass déi eenzel Gruppen also keng Gäng, keng Couloiren opweisen, fir dass näischt un e Klinikmilieu erënnert. Esou kann een de Stress op all Eenzelen op e Minimum reduzéieren an et vermëttelt een e Gefill vu Sécherheet, wat dann och als Konsequenz huet, dass ee manner Medikamenter, also manner Psychopharmaka muss huelen.

Nieft de sechs Unitéiten, déi sech op den Accueil vun de Leit mat psychogeriatresche Problemer konzentréieren, sinn dann och nach 40 Better virgesinn um Niveau vum Centre intégré fir eeler Leit, déi nëmme liicht- oder mëttelschwéier fleegebedürftig sinn. Dës Better sinn och fir d'Revalidatioun gérontologique virgesinn, wou och esou Servicer wéi Ergotherapie a Kinésithérapie weider dévloppéiert solle ginn, mam Zil, de physischen a geeschten Zoustand vun de Patienten esou laang wéi méiglech ze erhalen. Dobäi kommen nach 15 Duebelzëmmer, déi a méi grouss a confortabel Eenzelzëmmer ëmdisponéiert ginn, an zwee Zëmmer, déi virgesi si fir de Familljemembere vun de Pensionnairen, déi um Stierweien, ze erlabe beim Stierwenden ze bleiwen.

Am Ganze wäert d'Capacitéit - d'Madame Ministesch huet et virdu gesot - vu Péiteng also 143 Better bedroen, an hei hat de Statsrot och eng Fro opgeworf, well an der Konventioun tëschent dem Stat, dem Familljeministère, dem Finanzministère an der Congrégation des Sœurs du Tiers Ordre Régulier de Notre Dame du Mont Carmel S.A., oder vläicht besser bekannt ënnert dem Numm Zithaschwëstere, vum 16. Februar nëmme vun 140 Better geschwat gouf. De Familljeministère huet do clarifiéiert, dass am ganze Projet och dräi Zëmmer fir den Hébergement vun de Schwëstere virgesinn a reservéiert sinn, déi dann och vun hinne selwer finanzéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net oninteressant ze wëssen, dass ronn 40% vun de Leit, déi d'Fleegerversicherung an Usproch huelen, un Demenz oder anere Verhaltensstéierung leiden. Wann een da weess, dass dës Pathologie relativ fréi optauchen, esou géint 65 Joer, an dass et am Moment nach net méiglech ass dës Krankheeten ze heelen, da stellt ee ganz schnell fest, wéi wichteg et ass esou spezifesche Opfaangstrukture fir eeler dement Leit zur Verfügung ze stellen.

Grad dofir ass et net nëmme noutwendeg, nei Strukturen an dësem Beräich ze schafen, wéi zum Beispill och d'Maison de soins zu Ierpeldeng, déi mer d'lescht Joer jo hei gestëmmt hunn, déi sech speziell op den Accueil vun demente Leit spezialiséiert huet, mä och a bestoend Infrastrukture wéi eben déi hei zu Péiteng ze investéieren an se esou ëmzënnen, dass se sech de Besoiné vun der Populatioun upassen.

Här President, de Choix vum Site, do muss een einfach soen, dass e superflott läit, dat d'Maison de soins vu Péiteng op engem Terrain ausgebaut gétt, dee mat senger Gesamtsurface vu 66 Ar matzen a Péiteng läit, matzen am Zentrum, niewent der Primärschoul, niewent der Museksschoul an niewent der

Kierch, mat enger imprenabler Vue op de Park vu Péiteng. Dat Péitenger Beispill beweist also, dat et méiglech ass, innerhalb vun enger Stad matzen am Zentrum esou e Komplex opzerichten a favoriséiert esou d'sozial Intéegratioun vun de Pensionnairé vun der Maison de soins an d'Bevölkerung vu Péiteng.

Ech wëll nach just ervirhiewen, dat an der direkter Noperschaft och e Foyer du jour fir Kanner fonctionnéiert, a vum Direkter vun der Maison de soins, vum Guy Kohlen, weess ech, dat zënter 2002 regelméissig Kontakter tëschent deem Foyer du jour fir Kanner an de Leit, déi an der Maison de soins wunnen, bestinn. Ech kéint mer gutt virstellen, dat no der Extenssioun dës Kontakter nach weider wäerten ausgebaut ginn, well déi zwee Terrainen, déi stoussen direkt uneneen. Et ass och gewost, dat esou e Lieu de rencontre - d'Madame Ministesch, kann ech mech erënneren, huet beim Projet vu Mamer dat schon erwähnt -, dat esou Kontakter tëschent Jonk an Al positiv Effekter mat sech bréngen fir déi zwou Gruppen.

Den Émbau an d'Transformatioun vun der Maison de soins zu Péiteng entsprécht och deene modernsten Normen am Domän vun der Prise en charge vun eelere Leit, a besonnesch vun eelere demente Leit. Et kann een och zu dësem Projet bemierken, dat immens vill Wäert op den nidderegen energeteschen Aspekt geluecht ginn ass, wou vill natierlech Licht mat eraspillt, an och duerch d'Récupératioun vun thermescher Energie dem ekologeschen Aspekt Rechnung gedroe ginn ass.

Weiderhin entsprécht dës virleiende Projet engem urgenten nationalen a regionale Besoin u spezifeschen Infrastrukture fir eeler Leit. Sät Dezember 2001 ginn d'Admissiounsmandat stänneg an d'Luucht. Eleng zu Péiteng sinn am Moment 350 Leit op der Waardelëscht an d'Halschent dovunner aus de Gemenge Péiteng, Kärjeng, Déifferdeng a Suessem. Et sollen dofir haaptsächlech och Leit aus der Gemeng Péiteng an den ustoussende Gemengen an der Maison de soins zu Péiteng opgeholl ginn.

Duerch dës Noutwendegkeet vum Projet dréit de Stat dann och 70% vun den Transformationskäschen, wat eng Participatioun vun 13.560.312,90 Euro ausmécht, nom leschten Indice semestriel des prix de la construction vum 1. Abréill 2004. De Gesamtprojet gétt op ongeféier 19,4 Milliounen Euro estiméiert. De Sold gétt vum Bauhär, den Zithaschwëstere, iwwerholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wier selbstverständlech frou wann dës Projet den Accord vu sämtleche Fraktiounen géif fannen. Hien huet op alle Fall den Accord vu menger Fraktioun.

Vläicht nach just eng Bemierkung, déi zwar net direkt an de Rapport gehéiert, mä déi awer indirekt mam Projet ze dinn huet, awer an engem sonnere Projet geplangt ass. D'Gemeng Péiteng baut nämlech um selwechte Site e Foyer du jour Centre gériatrique fir eeler Leit, an hei kënnen och dement Persounen vum Maintien à domicile profitéieren an en Deel vun Dag do verbréngen. Dës Struktur wäert am Kader vu Synergie vun eenzelne Servicer aus der Maison de soins profitéieren, wéi zum Beispill d'Kichen, d'Botz an d'Wäscherei, an esou entsteet hei wierklech en eenzegartege Komplex op engem Site, den awer a getrennte Strukturen déi ganz Panoplie vu Betreuungsméiglechkeete fir eeler Leit kann ubidden. An ech soen dat nach eng Kéier: Et sätzt alles a Péiteng selwer matzen am Stadzentrum. Voilà.

Ech soen Iech Merci fir d'No-lauschteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Madame Arendt. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun de Projets de loi 5372 an 5369, déi honorabel Madame Françoise Hetto-Gaasch. Madame Hetto!

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse du projet de loi 5372

Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), *rapporteuse*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, deen hei virläit, ass de 26. Juli d'lescht Joer vun eiser Familljeministesch deponéiert ginn an zwee Méint duerno, also am September, vum Statsrot aviséiert ginn. De 14. Oktober gouf en an der Familljekommissioun presentéiert an och duerchgeholl, an de schréffleche Rapport vun der Familljekommissioun, deen ech hei kuerz wäert resüméieren, ass de 17. November 2004 ugeholl ginn.

Deen heite Gesetzesprojet gesäit vir, d'Gesetz vum 20. Dezember 2002, dat déi finanziell Bedeelegung vum Stat beim Opbau vum Centre intégré pour personnes âgées zu Mamer festgehalten huet, e besselchen ëmzënnen. E kuerze Rappel: Dësem Gesetz no bedeelegt sech de Stat bis zu 80% un den Opbaukäsche vum Centre intégré, inklusiv engem Foyer du jour an engem Centre psychogériatrique. Am Ganze sollt déi finanziell Participatioun vum Stat bei engem Bauindex vu 563,36 op den 1. Abréill 2004 bei 20.541.449 Euro leien, natierlech ënnert dem Virbehalt vun enger legaler Erhéijung vum Konstruktionspräis bis zum Ofschluss vun den Aarbechten.

Här President, léif Kolleegeen a Kolleegeen, dass eis Populatioun ëmmer méi al gétt an domadder eng regelrecht Erausforderung souwuel fir d'Sozial- an d'Gesondheetspolitik wéi och natierlech fir d'Wunnungsbaupolitik duerstelt, ass gewost. Et ass wichteg, eisen eelere Matbiirger adequat Liebens- a Wunnungskonditiounen unzëbiden. Net jiddereen huet d'Méiglechkeet oder awer och de Wonsch, bei der Famill ze bleiwen. A wann déi eeler Leit net méi kënnen eleng an hirer Wunnung bleiwen, an dat trotz deene villen ënnerstëtzende Moosnamen, déi et vum Stat senger Sät aus gétt, mussen aner Léisunge fonnt ginn.

Wéi gesäit dat am Prakteschen aus? Ma ganz einfach, andeems een am Fong geholl Opfaangstrukture fir déi eeler Leit virgesäit an och schaaft, an zwar souwuel wat elo eng zefridde stellend Qualitéit wéi och eng héichwäerteg Quantitéit ubelaangt. De Stat dréit zënter Joren der demographescher Entwécklung Rechnung. D'Gesetz vum 20. Dezember 2002 an dësse Projet si gutt Beispiller dofir.

Uganks sollt d'Mamer Gemeng de Centre selwer exploitéieren, mä schlussendlech hunn awer déi Gemengeverantwortlech gemengt, et misst een d'Gestioun vum Centre engem spezialiséierten Organismus uvertralen. Et gouf eng öffentlech Ausschreibung gemaach, an opgrond vun engem Cahier des charges ass dunn als Gestionnaire d'Kongregatioun vun de Franziskanerschwëstere aus der Stad zréckbehalen ginn. De Gestionnaire war allerdéngs der Opfaassung, et misst een eng ganz Rei vun Annerungen, vu Modifikatiounen ënnerhuelen, fir d'Fonctionnalitéit a virun allem och d'Capacitéit vum Gebai ze erhéijen.

De CIPA zu Mamer hält souwuel Leit op, déi valid an onofhängeg sinn, wéi awer och Pensionnairen, déi opgrond vun hirem Gesondheitszoustand speziell encadréiert misse ginn. Well d'Leit net nëmme méi al ginn, mä och well de Prozentsaz vun deenen eelere, invali-

de Leit, déi jo op eng Hëllef an eng speziell Prise en charge ugewise sinn, permanent an d'Luucht geet, huet de Gestionnaire virgeschloen, fir där grousser Nofro a puncto Opfaangstrukture fir eeler invalid Leit nozokommen an d'Capacitéit vun CIPA zu Mamer ëm 18 Unitéiten ze erhéijen.

Dësen Émbau entsprécht dann och engem reelle Besoin, well d'Gebailechkeeten, esou wéi se am Ufank geplangt goufen, entsprechen net méi den Erwaardungen an och net den Uspréchen vun de Pensionnairen. Fir elo dësse Uspréch gerecht ze ginn, ass et virgesinn, fir um éischen an och um drëtten Stack vum Fligel E6 weider Zëmmer ze schafen, andeems verschidde bestehend Raimlechkeeten ëmgebaut ginn, wéi zum Beispill Raim, déi virgesi waren als Dépôt. Op dës Aart a Weis kënnen elo sechs zousätzlech Zëmmer ageriicht ginn, déi sech weider Pensionnairé kënnen ophuelen.

Et ass awer och virgesinn, dass sechs Séjournen ofgeschaf ginn. Amplaz, wéi am Ufank virgesi war, véier pro Stack, sollen et der elo nach just nëmme zwee ginn, wat lagement duergeet. An déi sechs Séjournen, déi sollen duerch sechs Appartementer ersat ginn, wou all Kéiers kënnen zwou Persounen dra wunnen. Duerch dës Transformatioun kann dann de Centre weider zwielf Pensionnairen ophuelen. D'Totalcapacitéit vum Centre soll vun 120 op 138 eropgoen.

Niewent deenen Transformatiounen, déi ech elo grad ugeschnidden hunn, kann een awer och nach eng ganz Rei vun aneren Emännerungen ervirhiewen. Ech picken der elo just e puer als Beispill eraus. Esou wäert zum Beispill de Sécherheitssystem verbessert ginn. D'Haaptkiche wäert un d'Ufuerderung vun der Prise en charge besser adaptéiert ginn. Dobäi baséiert sech de Gestionnaire op seng eegen Erfahrungs.

D'Zëmmer sollen an Zukunft duerch eng infrarout Commande beliicht ginn an et wäerten och, an dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn, Kameraen installéiert ginn, fir de Parking an d'Haaptentree ze iwwerwaachen. Dës Modifikatiounen bréngen natierlech eng ganz Partie Käsche mat sech, esou dass déi finanziell Bedeelegung vum Stat muss adaptéiert ginn, an zwar iwwert de Wee vun enger Ofännerung vum Gesetz vum 20. Dezember 2002.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, genee dat ass dann och d'Zil vun dësem Gesetzesprojet, deen de Stat autoriséiert sech mat 23.619.739,05 Euro un de Konstruktionskäsche vum Mamer Centre intégré ze bedeelegen. Domadder leie mer mat soe mer emol ronn dräi Milliounen Euro iwwert der Participatioun, déi am Gesetz vun 2002 virgesi war. Den Enheetspräis pro Bett allerdéngs changéiert - dat ass och wichteg - duerch dës Annerungen net.

Wat d'Finanzéierung ugeet, kann een nach soen, dass de Conseil de Gouvernement am Februar vun leschte Joer den Avenant gestëmmt huet, deen tëschent dem Stat an der Gemeng Mamer ënnerschriwwen gouf an eng Adaptatioun vum Stat senger Participatioun virgesäit. Et kann een och nach soen, fir komplett ze sinn, dass de Statsrot sengersäits zu deem heite Projet en Avis favorable ofginn huet, an ech géif Iech bidden, léif Kolleegeen a Kolleegeen, fir dësse Projet ze stëmmen, e Projet, deen och den Accord vu menger Fraktioun huet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse du projet de loi 5369

Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), rapportrice. - An da fueren ech direkt weider, hunn ech gesot kritt, an zwar mat dem Centre intégré vu Jonglënster. Ech fänken och elo erëm esou u wéi dat hei op menger Ried steet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, deen hei virläit, ass de 26. Juli 2004 vun eiser Familljeministes deponéiert ginn a vum Statsrot den 22. Oktober 2004 aviséiert ginn. De Projet baséiert op enger Konventioun, déi téschent dem Stat an der Croix-Rouge den 22. Abrëll vum leschte Joer ënnerschriwwen ginn ass an déi d'Finanzéierung vun de Baukäschtchen vun engem CIPA zu Jonglënster als Objet huet. Dese Projet autoriséiert de Stat, sech um Finanzement vun Jonglënster Centre intégré ze bedeelegen.

Dese Projet ass ee vu ville Bauprojeten, dee sech am Kader vum nationale Programm fir eeler Leit integréiert. E Programm, deen engersäits Moosname virgesäit, fir de Leit et ze erméiglechen esou laang et geet, oder och esou laang et erwünscht ass, an hirem Doheem ze bleiwen, an anerersäits Structures d'accueil fir eeler Leit ze schafen oder bestehender ze moderniséieren.

Et ass gewosst, ech mengen domadder soen ech lech näischt Neies, dass eis Gesellschaft ëmmer méi al gëtt. D'Zuel vun de Leit iwwer 65 Joer huet sech am leschte Jorhonnert vervéierfacht. An eise Géigende läit d'Liewenserwaardung en moyenne bei de Männer ëm 73 Joer. D'Frae packen et e bësse méi laang. Déi kréien eng Altersmoyenne vun 79 Joer. Vill eeler Leit sinn duerchaus capabel autonom ze liewen...

Une voix. - Dat ass de Gläichheitsprinzip.

Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), rapportrice. - Dat ass de Gläichheitsprinzip, ganz genee. Vill eeler Leit sinn duerchaus capabel autonom ze liewen an dat bis an den héijen Alter eran. Anerer ginn zum Deel vun hirer Famill encadréiert an och versuergt. Mä ëmmer méi dacks ginn eeler Leit an engem Altersheim oder eben an engem CIPA ënnerbruecht.

Ee Grond dofir ass, dass déi familiär Situatioun an der Struktur geännert hunn. Et gëtt ëmmer méi Familljen, wou déi zwee Partner schaffe ginn, an dann ass et natierlech net einfach dat Berufflech an dat Familiäert ënner een Hutt ze bréngen. Et gëtt ënnert dësen Émstänn natierlech dann och ëmmer méi schwéier eng Bomi oder e Bopa ronderëm d'Auer ze versuergen, och wann een d'Méiglechkeet huet op verschidde Servicer zréckzegräifen.

Niewent den Ännerungen um familiären Niveau kënn nach de Fait, dass vill eeler Leit vu Familljememberen encadréiert ginn, déi selwer e relativ héijen Alter hunn a sech net méi kënnen ronderëm d'Auer ëm déi al Persoun këmmen. Dofir ass et enorm wichteg, fir eben esou Opfaangstrukturen ze schafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Centre intégré vu Jonglënster soll eeler Leit aus der Gemeng Jonglënster an aus den ustoussende Gemengen ophuelen. Et geet hei drëms, fir eisen eelere Matbiirger aus Jonglënster an Émgéigend en adequaten Encadrement an engem wierklech fir si familiären Émfeld ze bidden, wou de Kontakt mat der Famill an och de Frënn méi llicht kann erhale bleiwen. Et ass méi schwéier Kontakt ze flegee wann dee Foyer, wou een ënnerbruecht ass, wäit ewech ass vu sengem fréieren Doheem.

De CIPA vu Jonglënster, deen eng Capacitéit huet vun 100 Better, wäert matzen am Zentrum vu Jonglënster leien. Duerch dësen zentralen Emplacement soll de Kontakt téschent der Jonglënster Popula-

tioun an de Pensionnairen aus dem Centre intégré gefuerdert ginn, wat zu enger gudder sozialer Integratioun vun de Pensionnairen bäidréit. A well dese Centre och nach ganz no bei där neier Spillschoul an dem Précoce läit, favoriséiert dese Projet och intergenerationell Eechangen, wou also déi jonk deenen eelere Leit kënnen begéinen. D'Madame Arendt ass elo éinescht scho méi am Detail dorobber agaangen.

Duerch seng Panoplie u Servicer ass et dem CIPA méiglech esou wuel valid eeler Persounen wéi awer och méi ofhängeg Leit, wéi zum Beispill dement Leit opzehuelen. Wann et och wichteg ass all Pensionnairen, egal a wéi engem Zoustand vun Ofhängegkeet se sinn, an enger eenzeger Struktur ënnerzebréngen, esou muss een dach awer bedenken, dass esou en totaal Zesummeliewen net ideal ass.

Läit de Prozentsaz vun de Patienten, déi ënnert schwéiere psychogeriatresche Problemer leiden, iwwer 25% vun der gesamter Populatioun, dann ass dat den Experten no net méi méiglech, dass een do kann eng komplett Cohabitatioun maachen.

Just als Niewebemierkung, eng vu fënnf Persounen iwwer 80 Joer leit ënnert Demenz. Wann ee bedenkt, dass déi Persounen, déi iwwer 80 Joer al sinn, d'Halschent vun der Populatioun an engem Centre ausmaachen, da schéngt et kloer, dass wann ee wëlles ass alle Pensionnairen déi beschte Liewens-konditiounen ze bidden, een an deem Fall wierklech muss kucken, déi Leit mat enger Demenz a getrennte Raimlechkeeten ënnerzebréngen, wou se dann och extra kënnen betreit ginn.

De Centre intégré vu Jonglënster wäert de Besoine vun all de Pensionnairen entspriechen. D'Gebai ass nämlech an zwee verschidden Deeler gespléckt. Schwéier ofhängeg, virun allem dement Leit kënnen an engem eegens fir si konzipéierten Espace liewen, ouni permanent deene fuerschen den an och dacks béise Blécker vun hire valide Co-Pensionnairen ausgesat ze sinn. Déi zwee Deeler fonctionnéieren alleguer mat eegenem Personal, an doduerch kann een de Pensionnairen méi en individuellen Encadrement garantéieren. Dat ass virun allem bei dement Pensionnairen wichteg. Si hunn an deem Fall ëmmer déiselwecht Bezuchspersounen.

Wann den CIPA och an zwee Deeler gespléckt wäert ginn, ass et awer esou, dass verschidde Raimlechkeeten vun de Pensionnairen alleguer kënnen benotzt ginn. Den CIPA gëtt op engem Terrain gebaut, deen d'Gemeng Jonglënster der Croix-Rouge ënner Form vun engem Bail emphytéotique fir eng Dauer vun 49 Joer zur Verfügung gestallt huet. An de Centre wäert sech och ganz harmonesch an dat bestehend Landschaftsbild afügen.

Den architektonesche Konzept notzt nämlech déi natierlech Pente vun Terrain wou d'Gebai histoe kënn, dat heescht vun der Rue Rham aus, wou ee Plain-pied eraageet, a wat och am Fong geholl den Haapttag ass, bis erof op den Niveau vun der Schwarzer Ern.

Fir dass Der lech dat elo bildlech kënn virstellen, vu dass mer hei net mat Powerpoint-Presentatioun kënnen schaffen, wollt ech lech awer soen, dass dat Gebai ausgesäit wéi en E. Den ieweschte Stack vum Réck vum E an dee viischten Deel, also dat eischt Been vum E, dat ass am Fong geholl dat wat erausstee.

(Interruption)

D'Philharmonie gesäit och esou aus.

Dat ass also dat wat erausstee, a wat een och vun der Strooss aus gesäit, wat am Fong geholl dee Moment um Niveau Null läit vun der Rue Rham.

An dann déi zwee Wunnfligelen, wat am Fong geholl dat mëttelst Been vum E, an dat ënnescht Been vum E ass, leien um Niveau minus eent a minus zwee, wou een dann ënnen op der Wiss erauskënn.

Vum ieweschte Stack, also um Niveau vun der Rue Rham, huet een eng Vue op d'Gäert, déi um Daach vum Wunnungsdeel aménagéiert sinn. An des Gäert sinn am Fong geholl geduecht, fir dass déi valid Leit kënnen doranner schaffen a wudder. Op dësem ieweschte Stack fanne mer dann awer och den administrativen Deel mat engem Restaurant, wou soll en Aquarium an d'Baussemauer integréiert ginn, engem Coiffeursalon, engem Cybercafé, keng Bar fir owes, dat ass hei net virgesinn, dann awer Pédicure a Manicure an eng Pianobar, wou d'Leit vu baussen häerzlech wëllkomm sinn.

All des Servicer sinn op der Säit vun engem Wee, dee laanscht d'Gebai erof bei d'Gréngs a bei d'Schwarz Ern zféiert.

Dës Raim a Servicer sollen, an dat ass wierklech de Wonsch och vun der Croix-Rouge, d'Points d'attraction gi fir d'Awunner aus der Gemeng, e ganz wichtegen Aspekt, well en dozou bäidréit, dass d'Pensionnaire sech valoriséiert fillen.

Um Stack drënner sinn dann d'Wunnenge fir déi valid Persounen a Raimlechkeeten fir spezifesch Servicer. De Foyer de jour, den Therapieberäich, wou e komplette Programm ugebued gëtt, zum Beispill Kiné, Ergotherapie, Psychogeriatric, e Snoozleraum, Raim wou déi eeler Leit wierklech d'Méiglechkeet hunn eng Bezuchspersoun fir e puer Minute ganz eleng fir sech ze hunn, an dat ass anscheinend fir déi eeler Leit ganz wichteg.

Doniewent ass hei eng Kichen an et ass virgesi fir e Wellness-Beräich mat Sauna a Whirlpool ze instaléieren. Dat, well déi Responsabel vun der Croix-Rouge der Meenung sinn, dass et hautdesdags net méi duergeet, dass ee riseg inox Bidden an e kale Raum setzt an dann déi eeler Leit do wäscht a buet, mä dass den eelere Mensch vun haut déielwecht Uspréich huet wéi mir, an am Fong geholl och e Recht drop huet a sengem Alter gutt versuergt ze sinn.

Deen ënneschte Stack ass da fir déi dement Persounen reservéiert, och eege Wunnengen, e Foyer de jour, wou d'Aktivitéiten, déi fir si ugebued ginn, kënnen ofgehale ginn, an och nees Raim wou spezifesch Servicer fonctionnéieren mat eegenem Personal, esou dass se och wierklech ëmmer erëm déiselwecht Bezuchspersounen ronderëm sech hunn.

Déi dement Leit kënnen och hei an en eegene Gaart erausgoen, e Gaart, deen am Fong geholl esou wéi e Bannenhaff konzipéiert ass, esou dass si sech net veriren an och ëmmer erëm duerch e Circuit, dee spezifesch ugeluecht ginn ass, an hir Wunneng ermëffnen. Duerch Hecken ass dat Ganzt e bësselchen ofgegrenzt, well haaptsächlech bei Alzheimerpatienten muss gefaart ginn, dass se sech net zurechtfinden an och de Wee net bis an hir Wunneng fannen.

Et gesäit een also zwee Haiser ënner engem Dach mat eegenem Personal a gemeinsame Raimlechkeeten, déi vun alle Pensionnaire kënnen genotzt ginn. Vun deenen 100 Better sinn iwwerengs véier Zëmmerer fir Koppele virgesinn. Hei kënnen aus aacht Eenzelzëmmer véier duebeler gemaach ginn, dat ewell d'Eenzelraim flexibel an och amovibel Maueren hunn.

Deene Responsabele vun der Croix-Rouge ass et awer och wichteg, dass an engem Esprit vu Soins

palliatifs gebaut gëtt. Si sinn der Meenung, dass bal all Mensch de Wonsch huet, do ze stierwen, wou e gelieft huet. Duerfir hu si bewosst op eng speziell Unité de fin de vie verzicht, well all d'Apparater, déi e Mensch brauch fir an der Dignitéit an och schmäärzfräi ze stierwen, déi kënnen hei bis an de Pensionnairen hir Wunnenge bruecht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt hei ass e ganz moderne Konzept vun der Prise en charge vun eelere Leit virgesinn, dee sech net nëmmen um Niveau vun der Konzeptioun vum Gebai ermëspigelt, mä och wat den Encadrement vun deenen eenzelne Pensionnairen ubelaangt. Soubal - just fir ee weidert Beispill ze nennen - nei Pensionnairen ugeholl ginn, gëtt fir si en individuelle Programm ausgeschafft a se ginn da vun enger Equipe parrainéiert. Zu dëser Equipe gehéieren ee Pensionnaire, ee Member vun der Equipe soignante an och ee Bénévole.

An dann nach een interessanten Detail um Enn: Gehézt gëtt de Centre intégré vu Jonglënster duerch d'Holzhackschnitzelfeuerungsanlag vun der Gemeng, un déi och aner öffentlech Gebaierschloss sinn.

Elo komme mer da bei deenen interessante Punkt, dat sinn d'Käschtchen, a wat déi ubelaangt, esou gëtt den Totalkäschtchenpreis op 22.395.225,97 Euro geschat, d'TVA an d'Honorairen abegraff. A laut dem Artikel 13 vum ASFT-Gesetz vum 8. September 1998 huet de Regierungrot decidéiert, dass de Stat sech géif mat 80% un de Baukäschtchen vun dësem Centre intégré vu Jonglënster bedeelegen.

Dobäi entsprécht dese Projet engem dréngende Besoin, esouwuel um regionale wéi och um nationale Plang. Dem Stat säin Engagement dierf net iwwer 17.916.180 Euro erausgoen, ofgesi vun de semestriellen Adaptatiounen vum Bauindex. Dee Moment, wou deen heite Projet adaptéiert gouf, louch dee leschte Bauindex, dee matgedeelt gouf, an zwar dee vum 1. Abrëll 2004, bei 588,92, an déi Montanten, déi elo ugeschwat goufen, entspriechen natierlech dësem Wäert.

Dobäi muss een och nach betounen, dass de Statsrot a sengem positiven Avis vum 12. Oktober 2004 drop higewisen huet, dass d'Präisser pro Bett am Allgemenge stabil sinn, an dese Projet mécht do keng Ausnahm; de Präis pro Bett läit bei 223.952 Euro.

Nach eng lescht Bemierkung: Falls d'Croix-Rouge misst dem Stat seng Participatioun virfinanzéieren, gesäit de Projet vir, dass de Stat d'Zënse vum Prefinanzement soll iwwerhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech am Numm vun der Familljekommissioun bidden, dese Projet ze stëmmen, e Projet, deen iwwerengs och den Accord vun menger Fraktioun huet, an ech soen lech elo villmools Merci fir dat laangt Nolauscheren.

M. le Président. - Merci, Madame Hetto. Als éischte Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Meisch (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréisch, dat ech deenen zwou Rapportrice félicitéieren fir hire ganz gudd schréfftlechen an och mëndleche Rapport, dee se hei zesammen an der Chamber ofgeluecht hunn. Ech kucken och ganz kuerz do derduerch ze kommen, well zu deem, wat mer presentéiert kritt hu vun deenen zwou Rapportrice, kann een op jidde Fall keng technesch Detailler nach dobäi soen oder aner Reflexiounen. Ech mengen, déi waren alleguer ganz, ganz komplett

Et ass effektiv esou, dass d'Leit ëmmer méi al ginn, dass d'Alterspyramid op der Kopp steet, wéi ee seet, an och wéi d'Madame Hetto virdu gesot huet, dass mer haut ebe véiermol méi Leit iwwer 65 Joer hunn ewéi dat nach virun 100 Joer war. Dat huet dozou gefouert, dass mer eng ganz Rei vu Waardelëschtchen hunn an eise Strukture fir eeler Leit opzehuelen, sief et an eise CIPAen, sief et an de Maisons de soins uechtert d'ganzt Land.

Dat huet och dozou gefouert, dass zu engem gewëssen Zäitpunkt ganz vill eeler Leit hu missen am Ausland op Strukture zréckgräifen, wat mat Sécherheet net déi glécklech Situatioun ass, respektiv och innerhalb vun eise dach klinge Land an eng aner Regioun hu misse goen, wou se dann awer ofgeschnidde ware vun hirem normalen Encadrement, vun deene Leit, déi se kann hunn, vun hirer Famill, etc., etc., wat bestëmmt net begrëssenswäert ass.

Dofir ass et nëmmen ze beluewen, dass deen Nohuelbedarf do zum Deel - ech soen zum Deel - schon opgeholl ginn ass. Mir hu jo och héiere virdu vun der Madame Minister, dass eng Rei vun Transformatiounen a Realisatiounen um Instanzewee an a Planung sinn, esou dass deen Effort do mat Sécherheet weider wäert goen, an dat kënnen mer als Demokratesch Partei och nëmme ganz kloer ënnerstëtzen.

Wann hei an der Chamber iwwer esou Projeté geschwat gëtt, da geet et meeschtens ëm de Bauprojet, dat heescht, do gi grouss Infrastrukture geschafen. Dat ass allerdéngs nëmmen een Element. Mer brauchen, wat d'Betreiung vun eelere Menschen ubelaangt, e ganze Mix u Mesuren; dat sinn Infrastrukturen, dat sinn awer och Servicer an Hëllesleeschunge fir d'Leit doheem. Esou laang se doheem eleng oder an der Famill kënnen betreit ginn an doheem eleng eegestänneg hiert Liewe kënnen féieren, solle mer dat sécherlech och als eng vun de Pisten opzeechnen, deene mer sollen no goen an déi mer sollen erméiglechen.

Gläichzäitig wëll ech och nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi heite Projeten, awer och aner Servicer, déi ugebued ginn, sécherlech dozou bäidroen, dass ëmmer méi Leit hei am Land hire Liewensowend an Dignitéit kënnen verbréngen. Och dat ass, mengen ech, vu jiddferengem hei am Haus beluewecht ginn an der leschter Zäit, a wäert och an Zukunft nach ëmmer positiv ënnerstrach ginn. Et si jo och ëmmer esou Projeten, déi hei eng grouss Unanimitéit fannen.

Ënnersträiche wëll ech och nach eng Kéier, dass déi dräi Projeten, esouwuel Péiteng wéi Mamer wéi awer och Jonglënster matzen an der Uertschaft leien, wat wichteg ass. Et ass emol eng Zäit ginn, wou esou Infrastrukturen ausserhalb un d'Peripherie geluecht gi sinn, wat sécherlech net dozou bäigedroen huet, dass mer déi eeler Matmënschen an eis Gesellschaft integréieren, dass mer och deene eelere Mensch als en aktive Mensch gesinn, deen net ausgespaart soll ginn, mä deen e ganz, ganz wäertvolle Mensch ass, op deem seng Erfahrung mer net solle verzichten, an dee mer och solle probéieren a ganz geziilt Aktivitéiten an eis Gesellschaft mat anzubannen.

Och dass mer Kontakt brauchen téschent jonken an eelere Leit ass an deem engen oder anere Projet hei ënnerstrach ginn. Dass mer deenen eelere Matmënschen och sollen erméiglechen um sozialen, um gesellschaftleche Liewen deelzuehelen, gëtt och alles doduerjer méiglech gemaach, dass mer déi Projeten do matzen an d'Uertschaften, also do wou dat gesellschaftleche Liewen sech och ofspillt, implantiéieren.

Wa mer méi eeler Leit kréien, heescht dat allerdéngs dann och, dass aner Phenomeener ëmmer méi

heefeg ginn, zum Beispill d'Altersdemenz. Duerfir ass et och wichteg, datt mer Infrastrukture schaffen, déi grad adaptéiert sinn op esou Problematiken ewéi déi doten, déi ëmmer méi heefeg ginn, an déi effektiv eng speziell Betreierung brauchen. Duerfir ass et ze begrëssen, datt zum Beispill am Projet vu Péiteng sech dorobber ënner anerem spezialiséiert ginn ass, respektiv wäert ginn.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Och sinn déi aner Mesuren, déi oft an esou Infrastrukturen ugebuede ginn, wéi e Foyer du jour, wéi e Centre psycho-gériatrique ze begrëssen. Do kommen eng ganz Rei vu Leit zesummen, déi herno och vun anere Servicer, déi op deene Plazen ugebuede ginn, kënnen profitéieren. Et familiariséiert ee sech mat deenen Infrastrukturen, mam Personal, etc.. Dat ass sécherlech alles ze begrëssen.

Och ze begrëssen ass et, datt d'Sterwe keen Tabu an deenen Haiser ass. Gestuerwe gëtt an deenen Haiser, dat ass wouer, an och datt vu virera gekuckt gëtt, ënner wat fir enge Konditiounen do gestuerwe gëtt, a wéi et méiglech ass, och de Mënsch op sengem allerleschte Wee ze begleeden, vun der Famill ze begleeden, an datt e wierklech ënner mënschewierdegen Emstänn aus dem Liewe scheet.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei op jidde Fall déi dräi Projeten do, wéi och aner Projeten, déi nach wäerte kommen an Zukunft an deem doten Domän, wäert ënnerstëtzen, an hei den dräi Projeten hir Zoustëmmung wäert ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président. - Als nächst Riednerin huet d'Madame Dall'Agnol d'Wuert.

Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Minuttdapp hunn ech haut d'Éierlech de Projet Péiteng ze kommentéieren. Et wäert d'Rapportrice sécher freeën, wann ech direkt Faarf bekennen a soen, dass eis Fraktioun dese Projet wäert stëmmen, well et e gudden Projet ass a well et och ee Projet ass, deen noutwendeg ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen allegueren, datt de Maintien à domicile och Grenzen huet, a virun allem ëmmer dann, wann déi betraffe Persoun net méi adequat kann encadréiert ginn, respektiv ëmmer dann, wann d'Qualitéit vu de Soenen net méi ka garantéiert ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir wëssen och, an dëst steet jo och explicite am Exposé des motifs, datt an deem bestëmmte Fall, nämlech an der Maison de soins zu Péiteng, eng Waardelëscht, wann ech mech richteg erënneren, vun ëmmerhin 350 Persoune besteet, an ech mengen, datt dee Chiffer eleng eis beweist, dass nach vill ze maachen ass, fir genuch Plaze fir eis eeler Matbergerinnen a Matberger ze schaffen.

Mir wëssen dann och, datt et sech bei deem Projet ëm en Ausbau op effektiv 140 Better handelt an datt dat also och nëmmen eng Drëps op de waarme Steen ass, wa mer dat mat der Waardelëscht vergläichen. Mä et ass eng richteg an et ass awer och eng wichteg Drëps. Et ass e Schrëtt an déi richteg Richtung, fir déi Leit, déi eben net méi kënnen doheem versuergt ginn, gutt, adequat a virun allem och mënschewierdegen ënnerzebréngen.

D'Bewunner vun deem Projet, dat hutt Der héieren, dat ass jo eng Population mixte. Dat heescht konkret an deem Fall, een Deel vun de Bewunner leit ënner Demenzproblemer. A genau hei läit dann och

den innovative Charakter vum Projet - d'Rapportrice ass jo och kuerz schonn drop agangenen -, nämlech datt d'Personal extra forméiert ginn ass, an datt an enger Aarbechtsgrupp och gekuckt gëtt fir progressiv eben en neie Modell de prise en charge anzeféieren, deen dem Liebensrhythmus vun demenzkranke Persoune verstärkt wäert Rechnung droen.

Eng gutt Saach also, well net nëmme garantéiere mer esou, datt déi betraffe Leit excellent encadréiert ginn, mä virun allem bidde mer hinnen och d'Méiglechkeet, trotz hirer Krankheet esou vill wéi méiglech en eegestännegen an och onofhängegen Alldag ze hunn.

D'Awunner ginn dann awer och un déi alldäeglech Tachen, déi ufalen, mat erugezunn, an och dëst ass eng gutt Iddi, net eleng well vill eeler Leit, ob krank oder och net, hiren Dagesoflaf, dee se 70 an och méi Joren haten, net méi wëllen an och net méi kënnen einfach vun haut op muer änneren an opginn.

Dese Projet bitt hinnen dann zum Beispill och d'Méiglechkeet ze kachen, net nëmme fir sech, mä och zum Beispill fir hir Matbewunner. An d'Haaptiddi vun deem Projet besteet jo dann och dodran, de Bewunner en „normaalt Liewen“ am Alldag ze garantéieren.

Ee Pluspunkt vun deem Projet ass och deen, datt e sech ganz flott a seng Émgegend agliddert, an datt eben och d'Awunner vun där Maison de soins doduerch, datt en no beim Zentrum ass a bei anere sozialen, gesellschaftlechen Arrichtungen, och déi eng oder aner Méiglechkeet ausserhalb vun hirem neien Doheem wäerten hunn.

Dir gesitt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, - an d'Rapportrice a mäi Virriedner hu jo och scho munches ënnerstrach an erausgestrach - datt dese Projet eben eng ganz Rei flott, modern an och innovativ Elementer beinhalte. Mir hunn dann och Enn Oktober d'lescht Joer hei an der Chamber schonn eng ganz Rei familljepolitesch Projeten, déi deem ähnlech sinn, evakuéiert. Ech erënneren Iech u Klierf, un Eitelbréck, un lerpeldeng bei Eitelbréck, an och d'Rumm hei an der Stad, esou datt dese Projet e weidere Schrëtt ass, fir eng adequat Betreierung vun eisen eelere Leit ze garantéieren an domat och hir Liewensqualität alles an allem verbessert.

Ech géing mer dann och erlaben, den Här Mill Majerus aus dem Familljeministère ze zitieren, dee vis-à-vis vum „Lëtzeburger Wort“ sot: „Wir brauchen Einrichtungen, die Geborgenheit, Anerkennung, Respekt und Gemeinschaft vermitteln, wo alte Menschen sich mit ihren persönlichen und generationsspezifischen Eigenschaften angenommen wissen. Senioreneinrichtungen brauchen den Bedürfnissen der Bewohner angepasste Infrastrukturen, qualifizierte und motivierte Mitarbeiterinnen und Mitarbeiter, die interdisziplinär, kreativ und engagiert zusammenwirken.“

Méi treffend, mengen ech, kann een et guer net op de Punkt bréngen. Alles an allem ass dëst esou ee Projet wéi den Här Majerus sech e virstellt, en excellentéiert Projet also, an deen dann och engem nationale Besoin entsprécht.

Ech géing domat schléissen, net ouni awer nach der Rapportrice Merci ze soe fir hir Aarbecht, an nach eemol u meng Wiederer aganks ze erënneren, nämlech datt eis Fraktioun dese Projet wäert stëmmen.

Domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam (DÉI GRENG). - Här President, Dir Dam-

men an Dir Hären, mir hunn elo dräi Projets de loi virleien, déi alleguer ganz no beienee leien, an duerfir ass dat och flott, datt mer se kënnen mateneen diskutéieren. Et sinn excellent Rapporté vun den zwou Rapportricen do, souwuel mëndlech wéi schrëftlech. Ech wëll elo hei net méi alles widderhuelen, wat scho gesot ginn ass. Ech wëll kuerz op déi eenzel Projeten agoen, duerno awer e bësse vu menger Riedezäit profitéieren, fir méi allgemeng Gedanken zu der Entwécklung am Secteur vun den Alters- a Fleegeheemer ze féieren.

Fir d'éischt de Projet 5370, d'Participatioun vum Stat un der Transformatioun an Extenssioun vum Fleegeheim Saint-Joseph zu Péiteng. Am Exposé des motifs steet, datt ganz vill Pensionnaire vill Hëllef brauchen an deem Haus. Virun allem déi ëmmer méi grouss Zuel vu Seniorene, déi un enger Altersdemenz leiden, maachen en Ausbau dréngend noutwendeg. Déi bestehend Infrastrukture mussen renovéiert a moderniséiert ginn. 2004 stoungen 350 Persoune op der Liste d'attente, dat ass vill. Mä déi Listen d'attente si mat Virsicht ze betruechten, ech kommen nach dorobber zrëck. D'Zuel vun de Better geet vu 76 op 143 erop, d'finanziell Bedeelegung vum Stat ass 70%. Déi gréng Fraktioun wäert dese Projet stëmmen.

De Projet 5372, d'Modifikatioun vum Gesetz vum 20. Dezember 2002 wat d'Bedeelegung vum Stat beim Bau vum CIPA zu Mamer duerch d'Gemeng betrëfft. Am Gesetz vun 2002 war dem Stat seng Hëllef bei ronn 3,6 Milliounen Euro Index 100. No deem Gesetz ass dem Stat seng Hëllef op ronn 4 Milliounen Index 100 eropgaangen. Dat ass en Dépassement vun ongeféier 10%.

Wann een dann nach bedenkt, datt mat deenen Transformatiounen d'Zuel vun de Better vun 120 op 138 eropgaang ass, da war et einfach eng Chance, datt déi Mamer Gemeng decidéiert huet, d'Gestioun vun hirem Haus enger spezialisierter Organisatioun ze iwwerloossen. De Statsrot an d'Chamberkommissioun halen och fest, datt d'Participatioun vum Stat net iwwert déi ursprénglech ofgemachten 80% erausgeet.

Interessant bleift awer d'Tatsach, datt den urspréngleche Projet, nach ier e richteg fäerdeg war, huet misse relativ wäitgehend modifizéiert ginn, wéi d'Gemeng déi a mengen Ae richteg Décisioun geholl huet, d'Gestioun net selwer ze maachen. Och wann dat hei zu engem gudden Resultat gefouert huet, bleift awer erëm d'Fro vun der professioneller Begleedung a Planung an esou grouss Projeten duerch de Stat, deen hei am Ufank mat 20,5 Milliounen Euro an elo mat 23,6 Milliounen Euro engagéiert ass. Déi gréng Fraktioun wäert och dese Projet stëmmen.

Dann de Projet 5369, d'Participatioun vum Stat beim Bau vum engem CIPA zu Jonglënster. Een, wéi mir fannen, ganz interessante Projet, deen e puer Iddie mat verschafft, déi och deene Gréngen extra um Häerz leien. Et ass e Projet mat 100 Better, also e bësse méi bescheiden an der Zuel vun de Pensionnairen. En ass bewosst zentral an der Uertschaft Jonglënster ugeluecht. Am Exposé des motifs geet Rieds vun engem «modèle intergénérationnel dans lequel se croisent les jeunes et les avancés en âge». Déi geographesch Proximitéit zum Précoce an der Spillschoul ass interessant. Do kéint jo deen intergenerationellen Austausch realiséiert ginn, deen am Exposé des motifs ugeschwat ass.

Weider heescht et, de Centre soll en Haus vun der oppener Dier sinn an e Kommunikatiounszentrum fir Veräiner a Leit vun allen Alteren. Et

solle Geschäfte an de Centre kommen, déi fir all Leit op sinn, genau sou wéi déi medezinesch Déngschtleeschungen am Centre och solle fir d'Leit op sinn.

Et geet Rieds vun enger Équipe de parrainage, déi fir all Pensionnaire direkt no senger Admissioun an individuelle Programm zesummenstellt. Dës Equipe setzt sech zesummen aus engem Résident, engem Member vum Fleegepersonal an engem Bénévolon. Eng formidable gutt Saach! Hoffentlech klappt et mam Bénévolat.

Dat sinn alles flott Virstellungen, an ech mengen och déi responsabel Gestionnaire vum zukünftege CIPA Jonglënster wëssen, datt dat alles net vum selwe funktionéiert, mä professionell begleet an ënnerstëtzt muss ginn. Luwenswäert fanne mir och, datt d'Gebai mat enger zentraler Holzpaletten-Heizung soll gehéizt ginn an datt Wäert op eng gutt Isolatioun geluecht gëtt.

De Projet huet awer och zwee Aspekter, déi eis net esou gutt gefallen. Op der Sait 5 vum Exposé des motifs steet e Saz, deen inhaltlech ganz bestëmmt seng Berechtigung huet, a senger Formulatioun awer e bësse brutal ass, an un deene ville gudden Virsätz, déi ech elo grad gelueft hunn, e bëssen zweifele léisst. Dat ass de Saz: «Le fait de créer deux maisons différentes sous un même toit permet de séparer les personnes démentes des personnes valides.»

Esou brutal wéi de Saz dosteet kéint ee mat e bësse schlechtem Wëlle sech virstellen, datt déi Équipe de parrainage do sëtzt an Uerteeler fällt. Dobäi ass jo awer Altersdemenz e Prozess, dee bei all betraffenen Patient ënnerschiddlech schnell antrëtt a sech ënnerschiddlech entwéckelt, a bei jiddferengem och aner Auswierkungen huet.

Wa mer dann och nach keng transversal Wiesselméiglechkeeten tëschent deenen zwou Filiären zouloossen an och nach keng Mesures de recours virgesinn, dann hu mer een zweeglidderege CIPA-System, dee mer jo awer net wëllen a brauchen. Well ech awer voll guddem Wëll sinn an och den Ausféierung vum der Rapportrice nogelauschert hunn, ginn ech einfach dovunner aus, datt dee Saz e bësse streng formuléiert ass, an et ass just gemengt ginn, datt mer deene Leit, déi un enger Altersdemenz leiden, Raimlechkeete wëlle schaffen, wou si sech wull fillen an ënner enger gudder Betreierung hirem Liewen an Dignitéit kënnen no-goan, sou wéi hire Gesondheitszoustand et erlaabt.

En zweete Punkt, deen ech och nach well uschwätzen: Och wa mer et begrëssen, datt de regionale Charakter vum CIPA vu Jonglënster ervirgehuewe gëtt, menge mir, datt et e bëssen iwwert d'Zil ewechgeschoss gëtt, wann et heescht: „Les conditions d'admission des pensionnaires sont fixées par écrit par un comité d'admission composé de représentants des communes, des médecins exerçants dans ces communes, de travailleurs sociaux ainsi que de gestionnaires de l'établissement.“

Dee Gedanke geet dovun aus, datt nach ëmmer déi meescht Leit do an d'Schoul ginn, wou se op d'Welt kommen, do schafft ginn, wou se an d'Schoul gaange sinn, eventuell nach d'Nopeschmeedchen oder den Nopeschjong bestueden, an da schliesslech a logescherweis do an d'Altersheem ginn, wou se hiert ganz Liewe verbruecht hunn. Dat klappt awer ëmmer manner oft, an et ass och nëmmen e klengen Deel vum Problem. Ech kommen elo geschwënn a menge méi allgemengen Ausféierungen nach eng Kéier op dese Problem zrëck.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, ech hunn et scho gesot, déi Gréng si mat deenen dräi Projeten d'accord, a mir wäerten déi dräi Projeten och mat stëmmen.

Ech wëll awer nach e bësse vu menger Riedezäit profitéieren, fir eng Rei Froen opzerwerfen, déi sech mir gestallt hunn, wéi ech mech mat deene ville CIPA- a Maisons-de-soins-Dossieré vun der leschter Zäit beschäftegt hunn. Ech mengen, et wier derwäert, sech mat dese prinzipielle Froen e bësse méi intensiv ofzeginn.

Als Iwwerschrëft fir mäi klengen Exposé klauen ech mer den Titel vum 12. Kapitel vun der Broschür „Für und mit Senioren“ vum Familljeministère. Den Titel ass op lëtzebuergesch dann „Wéi vill Alen- a Fleegeheembetter braucht eist Land?“. Niewent deenen dräi Projete vun haut, déi mer elo geschwënn - an ech ginn dovun aus mat Unanimitéit - stëmme wäerten, hate mer schonn am Dezember dräi aner Projete gestëmmt: d'Fleegeheim fir Alzheimerpatienten zu lerpeldeng bei Eitelbréck, d'Vergrësserung an d'Transformatioun vum CIPA um Plateau du Rham hei an der Stad an e Fleegeheim zu Klierf.

Déi Hären Empel, Majerus a Wagner vum Familljeministère hunn an hirem Artikel eng Rei ganz interessant Zuele verschafft a ginn och direkt eng Antwort op hir Fro, wéi vill Better datt mer brauchen: „Der Bedarf an Altenheimbetten könnte im Jahr 2010 zwischen 5.460 und 5.480 liegen.“ Dës, wéi ech mengen, ganz prezis Zuele sinn d'Resultat - dat schreiwen déi Häre selwer - vun den Zuele vun der Vollekszielung vum 1. Januar 2001 an enger Statec-Virausso fir d'Joer 2010. A well d'Auteurs eis net verrodnen, wéi se gerecht hunn, ass et och net kloer, wéi eng grouss Feelerquot muss agerechent ginn.

Aus deenen Zuelen, déi mer haut de Mëtteg kritt hunn, geet ervir, datt elo scho mat den Transformatiounen a Planungen, déi engagéiert sinn, 6.036 Better a Senioreneinstitutiounen engagéiert sinn. Also, scho méi ewéi 600 weider, wéi mer der eventuell 2010 géinge brauchen.

Ech hu meng Problemer mat deenen Hypotheesen aus dem Familljeministère, an ech erklären och firwat. Mir wëlle jo, datt ëmmer méi Leit ëmmer méi al kënnen ginn, an datt mir dat kënnen ënner deene beschtméigleche Konditiounen ginn. Al ginn an al sinn ass net ëmmer mat Krankheet a Misär verbonden. Et gëtt zu Lëtzebuerg ganz vill eeler Leit, déi valid, selbststänneg a gesond sinn. Wann dann och nach d'Pensioun stëmmt an déi finanziell Suerge méi kleng sinn, dann ass et eng Freed al ze ginn. Och dat soll eng Kéier hei gesot sinn.

Mir fueren hei zu Lëtzebuerg zweegleiseg, fir eise Leit am Alter eng méiglechst héich Liewensqualität ze erhalen. Mir bauen eist Netz vun ambulanten Hëlfeemoosname konsequent aus, fir datt d'Leit méiglechst laang doheem kënnen wunne bliwen, wa si dat wëllen; a mir renovéieren, moderniséieren a bauen Alters- a Fleegeheemer, fir datt déi Leit, déi net méi kënnen oder wëllen an hiren Wunneng bliwen, en neit Doheem fannen. Dat ass eng Politik, déi déi Gréng ausdrécklech ënnerstëtzen.

D'Aféierung vun der Fleegeversécherung den 1. Januar 1999 hat ënner anerem als Zil, eelere Mënschen een onofhängegt Liewen doheem ze verlängeren duerch d'Schaffung vun engem Réseau de soins à domicile, an duerch eng finanziell Ënnerstëtzung vu Leit aus dem Émfeld vu kranken oder behënnerte Mënschen, wa si sech doheem ëm hir Leit këmmere.

Déi Aféierung vun der Fleegeversécherung huet eng interessant Evolutioun mat sech bruecht. De Prozentsaz vun de Bénéficiaire vum der Fleegeversécherung, déi an Alters- a Fleegeheemer ënnerbruecht sinn, huet sech vu 47% am Joer 2001 lues a lues op 38% am Joer 2004 reduzéiert. Och wann d'Nettozuele vun de Bénéficiairen aus den Institutiounen nach llicht

eroppaange sinn, esou schéngt et awer däitlech ze sinn, datt d'Fleegeversécherung en Erfolleg ass: Émmer méi Leit loosse sech vun de Soins à domicile oder vu Leit aus hirer Famill doheem versueren.

Dobäi ass verständlecherweis den Ofhängegkeetsgrad vun de Leit an den Etablissementer méi héich wéi doheem. An den Etablissementer sinn duerchschnëttlech 26,9 Stonne pro Woch accordéiert, doheem 21,2. D'Réseaux de soins à domicile hunn eng gewaltig Expansioun gemaach. An de Réseauen ass d'Zuel vun de Ganztagsaarbechtstäch vum 148 am Joer 1999 op 800 am Joer 2004 eropgaangen. Dat ass méi ewéi fénnefmol esou vill an Zäit vu fénnef Joer. An den Etablissementer ass d'Zuel vun de Ganzdagstächen am selwechten Zäitraum vun 1.216 op 1.965 eropgaangen. Dat sinn och nach gutt 60% méi an Zäit vu fénnef Joer, mä et ass awer net ze vergläiche mat der Explosioun am Secteur vun de Soins à domicile. En ähnleche Boom verzechnen och d'Structures semi-stationnaires, dat heescht d'Centres de jour.

Ech mengen, mir sinn eiser eelerer Generatioun an och eiser jonker Generatioun et schëlleg, dës Evolutioun am A ze behalen. Et ass och an deem Kader, datt ech meng Bedenken zu der Estimatioun hunn, déi ech virdrun zitéiert hunn.

Den 1. Januar 1999 hate mer 2.562 Better an Altersheemer an 975 Better a Maisons de soins. Den 1. Juli 2003 hate mer 3.239 Better an eise 34 Altersheemer an 1.266 Better an eise 15 Fleegeheemer. Déi Zuelen, déi mer de Mëtteg kritt hunn, weisen, datt eben 2004 schon d'Unitéiten ëm 300 Stéck eropgaange sinn. D'Zëmmere waren zu 96% respektiv zu 97% beluecht, a mir stelle fest, d'Regierung huet an deene leschte Jore vill Efforten an deem Beräich gemaach. Mä firwat gëtt et dann nach ëmmer déi laang Waardelëschten? Firwat gëtt et ëmmer nees dramatesch Situatiounen an de Familljen, wann ee Member stënterlech an eng Institutioun goe muss, well en doheem net méi liewe kann? Firwat muss een dann all Haus eenzel ofklappen? Firwat muss ee ganz oft politesch Gréissten aschalten - wann een dann eng politesch Gréisst kennt?

(Interruption)

Firwat steet zum Beispill op der Homepage vun der ALA, der Association Luxembourg Alzheimer: „Folgende Pflegeheime führen eigene Wartelisten, bei diesen Heimen ist es ratsam, den Patienten auf die Warteliste eintragen zu lassen, auch wenn die Aufnahme erst zu einem späteren Zeitpunkt eventuell erfolgen soll (...)“. An an den Informatiounsblieder vun de CIPA steet alt emol: „Ugemellt sinn heescht net kommen ze mussen.“

(Hilarité)

Wat ass da mat deenen 350 Leit, déi 2004 op der Liste d'attente vun der Péitenger Maison de soins stoungen? Sinn esou Waardelëschten net schrecklech onsennege? Geet et net meeschtens esou wéi an deem Altersheem, wou ech e bësse méi kënneg sinn: Gëtt ee Bett frai, stelle mer fest, datt eng Rei Leit vun der Waardelëscht bal bëis ginn, datt si elo scho sollen an d'Altersheem goen. Anerer si scho laang an engem aneren Heim. Heiansdo kréie mer och matgedeelt, datt déi concernéiert Persoun scho gestuerwen ass.

Eng seriö Planung gëtt doduerch erschwéiert, datt et der Cellule d'évaluation et d'orientation net erméiglecht gouf, eng vun hiren Aufgaben ze realiséieren, an zwar de centraliser les données sur l'offre en établissements ou en centres de jour ou de nuit. D'Cellule d'évaluation et d'orientation ka keng Donnéeën zentraliséieren, wa se keng Donnéeë geliwwert kritt. Weder d'Fleegeversécherung nach de

Ministère de la Famille kënnen eng Orientatioun an e frait Bett garantéieren. Dat ass mindestens genesou vill e Problem vun enger zentraler Ulaflap, déi net funktionéiert ewéi vun ze mann Capacitéiten.

Firwat ginn nach ëmmer Leit an d'Ausland?

Am Rapport général de la sécurité sociale vum November 2004 - dorraus hunn ech iwwereng och all meng aner Donnéeën - gëtt et am Ganzen 241 Demandeurs vu Leeschtunge vun der Fleegeversécherung, déi am Ausland an engem Établissement d'aides et de soins liewen, 135 an Däitschland, 93 an der Belsch, 13 a Frankräich. Natierlech ass et oft de Leit hire Choix fir an d'Ausland ze goen, deen heiansdo och mat finanziellen oder ierfschaftleche Grënn zesummenhängt. Mä, dat ass awer net ëmmer de Fall. Oft fannen d'Leit hei am Land dee Moment kee Bett, wa si eent brauchen.

Eng aner relativ rezent Entwécklung kritt och ëmmer méi Bedeitung. D'Schafung vu Seniorewunnungen, déi sech zwar un éischer Stell u rüsteg a valid Seniore wende, deenen hiert erklärent Zil awer ass, hire Bewunner eng mëglechtst laang Autonomie an hirer neier Wunneng ze garantéieren. Ech denken do un d'Haus Sisy Lentz, dat elo viru kuerzem zu Bartenreng ageweit ginn ass an un e Projet zu Bierschbech bei Miersch, wou ënner privater Initiativ eng gutt 30 senioregerecht Wunnenge gebaut ginn. Där Beispill gëtt et bestëmmt nach vill méi.

Och hei froe mir eis, wéi wäit de Stat esou eng Wunnform ka förderen. An dass esou Seniorewunnungen en Afloss op d'Populatioun vun den Altersheemer hunn, schéngt eis evident.

Fir ofzeschléissen erlaabt mer nach eng Remarque zu deenen 20 oder 30% vun den Onkäschte, wou de Stat net dru participéiert. Dës 20 oder 30%, ech ginn emol dovun aus, dass et gutt Grënn gëtt, dass déi eng 20 an déi aner 30% mussen bäidroen, ginn zum Deel och vun de Gemenge bäigeluecht.

Grondsätzlech hu mir Gréng kee Problem domat, wann d'Gemengen sech un den Infrastrukture fir Seniore an hirer Region bedeelegen. Iwwert de Schlëssel vun dëser Bedeelegung misst een awer emol eng Kéier nodenken. Et wier vläicht méi gerecht, wann et zu enger Onkäschtebedeelegung no engem Awunnerschlëssel géng kommen. Am Moment keeft eng Gemeng sech mat esou vill Better an, wéi se mengt der ze brauchen. Dobäi kann et jo awer net esou sinn, dass eng Gemeng ganz eleng iwwert déi Better kann decidéieren, wou si sech dru bedeelegt huet.

Ech ginn dovun aus, dass et zu Jonglënster net anescht geet wéi zu Miersch. Wa keen Interesséierten aus der Gemeng do ass, deem dat frait Bett eigentlech zur Verfügung steet, da bleift dat Bett dofir awer net eidel, da si mer alleguer solidaresch, an da kënnst eben en anere Mënsch an dat Zëmmer. An een, deen dat net versteet, dee muss ee vläicht drun erënneren, dass de Stat jo schlieslech och mat 70 bis 80% un all Zëmmer bedeelegt ass, an dass mer eis einfach keng eidel Better leeschte kënnen.

Wéi gesot, déi Gréng stëmmen déi dräi Projete mat. Mir erwaarden eis awer e kritesche Suivi vun der Entwécklung am Seniore- a Fleegesecteur, fir dass mer net riskéieren deier Feelplanungen ze maachen.

An an deem Sënn, fir dass mer och eppes hei zréckbehale wat eis drun erënnert, dass mer wëllen dee richtege Suivi maachen, déposéieren ech eng Motioun am Numm vun der grénger Fraktioun, wou mer, aus deenen Ursachen, déi ech a mengem klenge Referat hei opgezielt hunn, d'Regierung in-

vitéieren, dass all d'Acteure vum Familljeministère, vum Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale a vum Ministère des Travaux publics solle bei der Planung vun esou Institutiounen méi enk zesummeschaffen.

Mir hätten och gär, dass d'Zesummenaarbecht vun all deene verschiddenen Acteuren um Niveau vun der Gestiou vun de Capacités d'accueil an den Institutiounen soll verstärkt ginn.

Voilà, ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *saluant la politique d'investissement du Gouvernement en matière d'institutions d'accueil pour personnes âgées;*

- *soulignant la nécessité d'une mise en place d'infrastructures de qualité et économiquement efficaces;*

- *estimant que lors de la planification en matière d'institutions d'accueil pour personnes âgées, une étroite collaboration des différents acteurs (Ministère de la Famille, Ministère de la Sécurité Sociale; Union des Caisses de Maladie et Cellule d'évaluation et d'orientation de l'assurance dépendance, Ministère des Travaux publics) est indispensable;*

- *estimant qu'une bonne planification nécessite des statistiques fiables sur les besoins réels;*

- *estimant que la gestion des listes d'attentes en matière d'institutions d'accueil pour personnes âgées doit se faire dans un esprit de transparence et d'efficacité et qu'il faut donc éviter les multiples inscriptions,*

invite le Gouvernement

- *de renforcer la collaboration de tous les acteurs au niveau de la planification des institutions d'accueil pour personnes âgées;*

- *de renforcer la collaboration de tous les acteurs au niveau de la gestion des capacités d'accueil des institutions pour personnes âgées.*

(s.) *Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Viviane Loschetter.*

M. le Président. - Merci, Här Adam. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Aly Jaerling age droen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop wëll ech och deenen Damme Rapportrice félicitéieren fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport an deenen dräi kumuléierte Projeten hei.

Wat de Projet 5370 ubelaangt, am Zesummenhang mat den Transformatiounen an dem Ausbau vun der Maison de soins zu Péiteng, gëtt et keng Objektivitéit vun eiser Säit, esou dass mer do eisen Accord kënnen ginn.

Och de Projet 5372, wat de Bau vun engem Centre intégré fir eeler Leit zu Mamer betrëfft, ka vum ADR ouni Bedenken akzeptéiert ginn, an de Projet 5369 am Zesummenhang mat der Participatioun vum Stat um Bau vun engem Centre intégré fir eeler Leit zu Jonglënster gëtt eis och keen Ulass zu Bedenken.

Begrëssenswäert ass bei deene Projeten, dass am Fong versicht gëtt, esouwuel Fräizäitaktivitéite fir déi eeler Leit mat anzubauen, awer och d'Verbindung gesicht gëtt zu deene Jonken, fir eben duerch d'Liewensfreed vun de Kanner deenen eelere Leit och e bësse méi Liewensfreed nach mat op de Wee ze ginn. Dat schéngt mer déi

richteg Approche ze sinn an dat sollt och eiser Usiicht no an deem Sënn weidergoen.

Am Projet vu Jonglënster, hunn ech gelies, ass och d'Renaturéierung vun der Schwaarzer Ern mat ernimmt, mat enger Rei vun ökologeschen Opwäertungen, déi mat der Renaturéierung zesummenhängen. Do stellt d'Fro sech: Gëtt d'Ernz elo gläichzäiteg mat der Realiséierung vun deem Projet renaturéiert? Da misst jo awer och do iergendwéi schonn e Projet virleien.

D'Fro stellt sech och, ob dann net vläicht muss e Remembrement gemaach ginn, well d'Bett vun der Ern jo forcément muss méi breet gemaach ginn, an dann eben op Terrainen iwwergräift, déi vläicht elo net am Stat senger Hand sinn, a wou ee sech och d'Fro stelle muss, ob déi Renaturéierung esou no bei der Quell vun der Ern sénnvoll erschéngt, well riskéiert gëtt, dass dat Ganzt sech zu engem breeden Dëmpel entwéckelt, wann net vill Waasser do ass, a sech wierklech am Fall vu Waassermangel kënn zu engem bakterielle Problem entwéckelen, deen esou no bei engem Altersheim awer déi eng oder aner Problemer kënn opwerfen, wou ech awer elo net wëll gesot hunn, dass mer géint déi Renaturéierung sinn, mä wou een awer misst déi Fro klären, ier domadder ugefaange gëtt.

Här President, säit enger Rei vu Joren, haaptsächlech säit der Aféierung vun der Fleegeversécherung, sécher awer och scho virdrun, versiche mer deenen effektive Besoin vum Fleegebetter gerecht ze ginn, dat fir ze verhënnern, dass eis eeler Leit sech mussen am Ausland fleege loosse, mat deene Konsequenzen, déi mer kennen, awer och fir eise Leit hei am Land alleguer d'Méiglechkeet ze ginn, fir e rouege Liewenswend ze verbréngen.

Säit 1999 hu mer dofir och eng Rei Projeten hei gestëmmt, mat deenen zwee haut eelef fir de Bau vu Centres intégrés an der véier mat deem haut fir den Ausbau oder d'Moderniséierung. Mir hunn also versicht mat der Participatioun vum Stat de Besoin gerecht ze ginn. D'Fro, déi opsteet, ass: Wéini ginn déi Centres gebaut, respektiv, wéini ginn déi fäerdeg, déi schonn am Bau sinn?

D'Fro, déi hei opgeworf ginn ass vum Här Adam, Spriecher vun de Gréngen, wéi vill Fleegebetter dass mer effektiv brauchen, ass keng statistesch Fro, et ass menger Usiicht no éischer eng grouss gesellschaftspolitesch Fro, wou mer mussen kucken a wat fir eng Form vu Familljestruturen dass mer an Zukunft eraginn, dass mer kucken am Zesummenhang mat gesonde Famillje versichen emol an enger éischer Phas déi eeler Leit esou laang wéi méiglech an hirer Famill ze halen an dann duerno ze kucken iwwert d'Heemfleeg se nach an enger weiderer Phas doheem kënnen ze fleegen. Dat géif dann zum Beispill mat sech bréngen, dass mer do och e Reguléierungsfaktor hunn, wou mer spéider manner Fleegeheimer brauchen.

Well et geet net duer zeg Projeten ze stëmmen an domadder de Leit den Androck ze ginn, dass de Problem vun de Fleegebetter geléist gëtt, dass et awer nach zéng Joer dauere ka bis eng effektiv Erlichterung kënn, well d'Zuel vun de Fleegefäll net méi kleng wäert ginn an doduerch de Besoin weider klëmmt. Dofir eng kloer Fro un d'Regierung: Sinn an deene Spezialfonge fir d'Finanzéierung vun de Fleegeheimer, respektiv de Centres intégrés iwwerhaapt nach Sue genuch, fir déi gestëmte Projete kënnen ze realiséieren? Wéi vill Sue sinn nach an deene Fongen, a wann der net méi genuch dra sinn, kann d'Regierung eis da soe wéi se gedenkt déi Projeten ze finanzéieren, déi mer elo hei massege stëmmen, wou jo awer déi finanziell Moyene mussen do sinn, fir se effektiv kënnen ze realiséieren?

Här President, ech wëll dës Geleeënheet awer net verpassen, fir och emol e puer prinzipiell Froen opzeweieren am Zesummenhang mat de Centres intégrés. Ech ginn de Verdacht net lass, dass déi sech ëmmer méi an eenzeg Maisons de soins verwandelen, dat aus der Ursach, well d'Fraisé vum Personal, wat gebraucht gëtt, fir d'Soine vun de Fleegefäll ze garantéieren, ebe vun der Fleegeversécherung iwwerholl ginn, an doniewent d'Personal fir déi reng Altersheimstrukture vun de betraffenen Etablissementer selwer muss gedroe ginn. Ech schwätzen elo net vun deene Projeten, déi mer haut stëmmen, mä ech schwätzen am Fong vun deene Fleegeheimer, déi scho realiséiert sinn, also deene Centres intégrés, déi scho bestinn.

Gëtt et an deem Zesummenhang eng Kontroll, fir do eventuell Ausschreidungen ze vermeiden? Dat ass am Fong déi Fro, déi ech stellen. Gëtt et eng Kontroll oder ass der Regierung bekannt, dass dat effektiv an der Praxis esou gehandhabt gëtt? Et gesäit ganz esou aus, dass wa Leit an déi Centres intégrés erageholl ginn, dat ëmmer méi Fleegefäll sinn, an dass déi Leit, déi am Fong einfach wëllen an en Altersheim goen, fir eben do ze bleiwe bis zum Schluss, net méi esou an deene Centres wëllkommen sinn.

Net verfeele wëll ech awer och, fir iwwert d'Hebergementspräisser an deene einzelnen Etablissementer, déi Alters- a Fleegefäll betreien, e puer Wuert ze verléieren.

D'Präisser fir den Hébergement variéieren laut dem Rapport vun 2001 zwëschen 1.250 an 2.500 Euro. Den Etablissementer steet et frai hir Präisser selwer festzeleeen. Do kéint een elo einfach soen, datt do de fraie Marché spillt, wann net do awer ee Phenomeen wier, dee mech awer onheemlech stéiert. Wann nämlech e Pensionnaire an esou engem Etablissement net genuch Moyenen huet, fir deen Hébergement aus senger Täsch ze bezuelen, da muss de Stat d'Differenz bäileeën.

Déi Etablissementer fixéieren also hir Präisser an der Gewëssheet, datt, egal wat se froen, de Stat bis zu enger bestëmmter Zomm d'Differenz iwwerhëlt. An hei misst menger Usiicht no de Stat a sengem Interesse, am eegenen Interesse, awer och am Interesse vun de Steierzueler méi reguléierend agräifen an eng kloer Berechtigung vun de Präisser vun deenen Etablissementer fir hiert Hébergement verlaangen. Ebe well de Stat och de gréissten Deel vum Finanzement vun deem Ganzen dréit, awer och well de Käschtepunkt vun de Better, déi offréiert ginn, jo zimlech an all Etablissement bal dee gläichen ass.

Här President, e leschte Punkt awer, dat sinn d'Soins à domicile, déi och zum Sujet vun de fleegebedürfte Leit gehéieren. Well wat mer méi Leit, wéi ech scho gesot hunn, méi laang doheem kënnen fleegen, wat mer manner Fleegebetter brauchen, wat also heescht, dass mer manner Finanzmëttel brauche fir eben d'Fleeg ze garantéieren.

Éischtens emol wëll ech nach emol déi Stopauerfleeg, déi den hëllefbedürfte Leit zougemutt gëtt, hei offiziell emol uprangeren. Et ass souwuel fir de fleegebedürftegen onmënschlech no engem Terminplang gefleegt ze ginn, mä och fir d'Fleegepersonal, dat ganz oft staarke Constraints ausgesat ass, fir déi Terminer ze respektéieren. Et huet een heiansdo den Androck, wéi wa méi d'Terminer gefleegt géife gi wéi d'Mënschen.

Do derbäi kënn nach: Alles wat net direkt mat der medezinescher Fleeg ze dinn huet, muss vun Patient bis op dee leschten Cent bezuelt ginn. Et ass einfach net méi zoomutbar, datt fleegebedürfte Leit mussen zum Beispill d'Hänsche bezuelen, déi d'Fleegepersonal undeet, oder souguer

mussen dofir bezuelen, wann d'Fleegepersonal hinnen hir Medikamenter doséiert, respektiv eng Medikamentebbox zesummestell, wat jo awer misst eigentlech zur Fleege gehéieren.

Ass et net traureg, datt zum Beispill eng fleegebedürftig Fra souguer muss bezuelen, wann d'Fleegepersonal hir mam Kamp eng Kéier duerch d'Hoer fiert oder soss nach eng Klenggekeet mécht? An et ass scho virkomm, an ech mengen déi Leit, déi um Terrain schaffen, déi wëssen dat, an och d'Regierung weess dat, dass déi Fleegebedürftig Rechnunge geschéckt kréien, déi bis zu 800 Euro pro Mount ausmaachen, fir Saache vun deenen se mengen, se hätte mat hirer Fleege ze dinn an déi se awer aus hirer eegener Täsche muss bezuelen, ebe well se net genuch opgeklärt sinn, wat se dann eigentlech zegutt hunn am Kader vun der Fleegeversicherung, fir där hiert Finanzement jo awer trotzdem jiddfereen 1% vu sengem Revenu muss ofrieden.

Fir mech grenzt dat do schonn e bëssen un Ausbeutung grad un deene Leit, déi duerch hiert Gebriechen sech net kënnen géint eppes wieren oder net fäeg si grad nozevollzéien, wat dann eigentlech mat hinne geschitt. Dofir missten déi ganz Soins à domicile, déi am Kader vun der Fleegeversicherung bestinn, grondleeënd iwwerducht ginn an dem wierkeleche Besoin vum Patient ugepasst ginn.

Et muss awer och dofir gesuergt ginn, dass d'Fleegepersonal ënner mënschewierdege Konditiounen ka schaffen. Och wann hei elo Chiffrer gesot ginn, deenen no ëmmer méi Fleegepersonal agestallt gëtt an ëmmer méi Fleegepersonal zur Verfügung steet, esou wëllt dat nach laang net heeschen, dass déi Leit ënner mënschewierdege Konditiounen schaffen, well et sinn der nach ëmmer net genuch.

Wann Der déi Leit um Terrain frot, da kënnen déi lech e Liddchen dovunner sangen, ënner wat fir enge Contrainten, dass se vun engem Patient bei deenen anere mussen lafen, fir hiren Terminplang owes iwert d'Bühn ze kréien. Déi Leit, déi hir Aarbecht da ganz seriö maaachen, déi schaffen dann ebe méi laang an déi kréien dann och awer emol dofir keng Iwwerstone bezuelen. Déi mussen sech einfach un de Plang halen. Ech fannen dat einfach onmenschlech an och deem Personal do géigeniwwer onwierdeg.

Et dierf och net méi sinn, datt einfach fir den Dagespensum kënnen ofzewéckelen, duerch de Stress, deenen opkennt duerch d'Stoppauertminer, riskéiert gëtt, dass de Patient drënner leit an datt dramatesch Situatiounen kënnen entstoen - an där Fäll ware schonn -, dass einfach versicht ginn ass de Pensum erofzerasselen an dass dann déi eng oder aner Betreuer vergiess ginn ass oder einfach iwwersi ginn ass.

Als Konklusioun wëll ech ofschléissend soen, et wier noutwendeg erëm eng déif gräifend Diskussioun ze féieren iwwer déi ganz Problematik vun der Fleege, an dat am Interesse vun de Patienten. Et dierf net méi sinn, datt duerch se vill restriktiv Fleegepläng Patienten Schued erliden. Esou wéi et och net méi dierf sinn, datt an de Centres intégrés nach just gesuergt gëtt fir Fleegefäll ze hébergéieren, well d'Fleegeversicherung hei d'Fraisén dréit. Esou wéi et och net méi dierf sinn, datt déi betreffen Etablissementer kënnen Hébergemetspräisser fixéiere wéi se wëllen, an datt de Stat muss de Supplément oder den Ennerscheid droen.

Dat gesot wier ech frou, wa mer an der zoustänneger Kommissioun kënnen dës Problematik eng Kéier an aller Serenitéit ugoen an der Chamber, an an engem Rapport déi néideg Konklusiounen a gewënschten Objektivitéit kënnen virleeë fir eben an der Fleege nei

Weeër ze goen am Interesse vum Patient.

Dat gesot, hoffen ech, datt all Projeten, déi mer gestëmmt hunn, och schnellstméiglech kënnen realiséiert ginn, an ech kann och do soen, dass mer déi dräi Projete stëmme an och déi Motioun vun de Grénge wäerten ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président. - Merci, Här Jaerling. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

M. Roger Negri (LSAP). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Rapportrice Merci soe fir hiren excellente mëndlechen a schrëftleche Rapport an och dass si sech mat mir zesammen de Projet zu Mamer op der Plaz am Virfeld vun deem heitege Vote zesammen ugekuckt huet. Mam Projet de loi 5372 gëtt haut déi lescht legislativ Etapp vum Centre intégré pour personnes âgées vu Mamer ofgeschloss.

Als Bauteschäfte vun der Gemeng Mamer freet et mech, dass meng Kolleegin Claudia Dall'Agnol mir offréiert huet an hirer Plaz haut iwert dësse Projet schwätzen ze dierfen, engem Projet - dat wëll ech betounen -, deen eng regional Vokatioun huet, also fir d'Wuefbefannen am Alter suergt fir d'Biergerinnen a Bierger vu Mamer an der Region ronderëm.

Et gëllt hei mat dësem Projet de loi dat ursprénglech Gesetz vum 20. Dezember 2002 unzepassen. Dës Upassung gouf noutwendeg duerch eng Rei vun Ännerungen, déi gemaach goufen an déi natierlech och weider Käschte mat sech bréngen.

Et sinn am Laf vun de Joren eng ganz Rei vun neien Erkenntnisser entstanen, besonnesch duerch den Emstand, dass d'Leit ëmmer méi spët an d'Altersheimer ginn. Et ass wëssenschaftlech bewisen, dass d'Moyenne d'âge an den Altersheimer ëmmer méi héich gëtt.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...awer net zulescht gëtt et méiglech duerch d'Fleegeversicherung, duerch déi d'Leit och doheem kënnen gehollef kréien, dass d'Moyenne d'âge an den Altersheimer ëmmer méi héich gëtt.

Dee Moment, wou d'Gebai zu Mamer geplangt ginn ass, louch d'Moyenne d'âge vun de Leit, déi an en Altersheim gaange sinn, nach bei 80 Joer. D'Moyenne d'âge vun de Pensionnairen am CIPA vu Mamer läit haut op den Dag genau bei 86 Joer. Fir dës Evolution Rechnung ze droen huet de Familljeminstère zesumme mat der Gemeng Mamer a mat der Kongregatioun vun de Franziskanerinnen, déi no enger europawäiter Ausschreibung als Gestionnaire ausgewielt ginn ass, et fir richtig gehalen am Detail de Projet duerchzegoen an d'Fonctionnalitéit an d'Utilisatioun vun alle Raimlechteken nach eng Kéier ze iwwerdenken.

Als Fallbeispill wëll ech hei ernimmen, dass et sech eriwweert huet op all Stack eng Partie Kichen ze installéieren, mä dofir gëtt eng gutt koordinéiert Zentralkichen installéiert. Doduerch gëtt engersäits d'Prise en charge vun de Pensionnaire vereinfacht an op där anerer Säit konnt d'Capacitéit vum CIPA eropgesat ginn; amplat vun 120 Pensionnairen kënnen elo am Ganzen 138 Pensionnairen am Mamer CIPA wunnen.

Ech wëll a Saachen Architektur och nach eng Kéier ënnersträchen, datt déi ursprénglech geplangten 120 Eenzelzëmmer mat enger Surface vun 31,8 m², dovunner 6,4 m² fir d'Buedzëmmer, grousszüeg geplangt sinn an dass am Ganzen en héije Wäert op Confort a Liewensqualität gëtt ass.

An dësem Konzept gëtt et an eise CIPA zu Mamer zum Beispill och e Coiffeur, e Restaurant an e ganz schéine japanesche Gaart, déi zesumme fir eng flott Ambiance suergen.

Am Ganzen huet de CIPA zu Mamer 37,6 Milliounen Euro kascht. Mam Gesetz, dat mir haut wäerten ofstëmme, soll d'Participatioun vum Stat op 23,6 Milliounen Euro eropgeschraaft ginn. No engem deelweise Remboursement vun der TVA gëtt e Rescht, ronn 10,8 Milliounen Euro vun de Gemenge Mamer, Kielen, Kënzeg, Dippech, Garnech, Koplescht, Stroossen a Simmer finanzéiert, wouvun ereng 6,5 Milliounen Euro op de Kont vun der Gemeng Mamer ginn. Dat sinn héich Zommen, mä am Hëllef op d'Wuefbefanne vun eisen eelere Matbirger ass dësse Projet en absolut berechtigten a wichtege Investissement.

D'Diere vum CIPA sinn den 1. Abrëll 2004 a Prezenz vun der Madame Ministesch Marie-Josée Jacobs opgaangen, an op den Dag vun haut wunnen 122 Pensionnairen am Mamer CIPA, wouvun 99 Pensionnaire Fraen an 23 Pensionnaire Männer sinn. Vun där Zuel vu Pensionnaire brauchen 59 Leit Soinen an der Geriatrie. Et ass virgesinn, dass de Betrib ab deem nächste Mount au complet, also mat 138 Pensionnairen, fonctionnéiert.

Ech wëll hei ënnersträchen, dass dës CIPA sech exemplaresch an den Zentrum vu Mamer integréiert. D'Lag bei der Mamer Gemeng, dem Mamer Schloss an dem Naturpark Brill garantéiert eng héich Liewensqualität. D'Leit, déi am CIPA wunnen, bleiwen domadder an direktem Kontakt mam gesellschaftleche Liewen an der Gemeng, an dat ass eng ganz wichtege Konditioun fir sech wuel ze fillen.

Iwwregens fonctionnéiert am CIPA zu Mamer och e Foyer du jour mat engem Centre psycho-gériatrique, deen den 19. November 2004 a Prezenz vun eiser Familljeminstesch ageweit gouf. De Foyer du jour, dee vun „Hëllef doheem“ bedriwwen gëtt, ass vum Ministère de la Famille agréiert gi fir eng Capacitéit vun eelef Still, déi vun 39 Persounen an Usproch geholl ginn. Dës Persoune komme gréisstendeels nëmme e puer Deeg an der Woch an de Foyer a setze sech de Moment aus 24 Fraen a 15 Männer zesummen, wouvun 33 Persoune Soiné brauchen. De Moment fonctionnéiert de Foyer du jour während fënnf Wochendeeg an ab dësem Summer wäert och samschdes op sinn.

Engersäits ass mat dësem zousätzleche Projet de loi duerch eng méi héich Bettenzuel fir insgesamt 138 Leit an anerersäits duerch d'Schafe vun engem Foyer du jour fir 39 Leit, am Total also fir 177 Leit amplat vun deenen an initiale Projet virgesinnene 120 Leit, wou ausserdeem och nach zousätzlech 60 Aarbechtsplaze geschafe gi sinn, insgesamt eng echt Plus-value fir de Mamer CIPA a seng Biergerinnen a Bierger geschafe ginn.

An deem Sënn ginn ech hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Negri. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (DP). - Här President, schreift mech nach op, ech muss nach eppes Klenges soen.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Très bien. Den Här Bettendorf schreibe mer och nach an.

M. Marc Angel (LSAP). - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol der Rapportrice Merci fir hir gutt Aarbecht. Zënter bal 20 Joer bedreift Lëtzebuerg eng Politik vum drëtten a vum véierten Alter, déi jo nieft dem Maintien à domicile als éischt Zil och nach d'Zuel vun de Wunnengen, wou eeler Leit kënnen wunnen, eropschraaft. De CIPA zu Jonglënster schreift sech natierlech an dës Politik an. Dës Politik, esou vill wéi ech dat matkréien, huet jo och e Konsens an der Kommissioun gehat, iwwer all Parteien eraus.

Interessant ass och déi Kaart, déi mer vun der Madame Ministesch virdrun ausgedeelt kritt hunn, wou ee gesäit, dass an deenen zwielef Kantone vun eise Land iwwerall där CIPAE stinn. An en aneren Detail wat mer opgefall ass: Ech sinn elo véier Méint hei an deem Haus an dat hei ass dee sechste Projet vu CIPAE a Maisons de soins, dee mer stëmme. Ech mengen dat soll een och ervirsträchen! Eleng haut stëmme mer jo of iwwer 187 Better.

Mir kruten de Projet ganz am Detail virgestallt. Ech wollt nach eng Kéier drop agoen, dass jo déi zwou Partië Gebaier sinn, deen een Deel fir déi Leit, déi nach besser sinn, an deen aneren Deel fir déi Leit, déi nach méi Fleege brauchen. Ech mengen, d'Kohabitatioun gëtt sécherlech eng Erausforderung fir déi Leit, déi do schaffen an déi dat hei ze leeden hunn. Am Exposé des motifs steet, an och d'Rapportrice huet eis gesot, dass d'Rout Kräiz jo do eng ganz Rei flott Konzepter huet fir déi Kohabitatioun ze sécheren.

De CIPA zu Jonglënster huet sécher och eng regional Vokatioun. En integréiert sech perfekt an d'Uertschaft, an dat ass jo och wichtege fir déi Leit, déi do wunnen, dass déi am Kär vun enger Uertschaft kënnen liewen. Fir eis absolut wichtege an ervirzepräieren ass de Fait, dass de CIPA zu Jonglënster an déi nei Schoul, wéi schonn aner Riedner et och gesot hunn, nieftenee leien. Dës erméiglecht e Kontakt.

Mä ech wëll awer ënnersträchen, dass dee Kontakt zwëschen de Generationen net ëmmer vum selwe geet, an ech mengen, dës Situatioun ass eng eenzegaarteg Geleeënheet fir am Kader vun engem Projet dësse Kontakt an dës Échangen zwëschen de Generationen geziilt ze encouragéieren an ze encadréieren. Al a Jonk zesummen, ech mengen dat ass eng Devise, déi an deem Kontext ganz wichtege ass.

Erlaabt mer nach e puer Detailler, déi haut nach net gesot gi sinn, wat d'Baukäschten ubelaangt. Dovunner ginn 33% eleng an d'Technik. Ech mengen dat ass interessant. Den Terrain ass och relativ grouss, wat ech och gutt fannen. Et ass en oppenen Espace vun 1,24 Hektar, an och dee soll genotzt ginn als Espace de rencontre zwëschen de Leit aus der Uertschaft an deene Leit, déi am CIPA wunnen.

Da vläicht d'regional Vokatioun nach eng Kéier kuerz ugeschwat. 80% bezilt jo de Stat an dann 20% déi Gemengen, déi matmaachen, an do wollt ech soen, dass Jonglënster 40 Better huet, Betzder 10, Konsdref 6, Waldbëlleg 4, Fëschbech 2, d'Fondation Félix Chomé huet der 10 an d'Rout Kräiz der nach 28. Dat sinn dann insgesamt déi 100 Better vun deene mer jo hei schwätzen.

Ofschléissend wollt ech dann nach selbstverständlech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet 5369 ginn. Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Angel. Dann als allerleschte Riedner ass den honorabelen Här Niki

Bettendorf ageschriwwen. Här Bettendorf!

M. Niki Bettendorf (DP). - Merci, Här President. Dir kënnlech jo virstellen, dass ech perséinlech déi Projeten, déi mer haut hei stëmme, och vun Härze gäre matdroen,...

(Hilarité)

...well jiddfereen weess jo wat mir a puncto Altenfleege an der Gemeng Bartreng an der Vergaangenheet schonn realiséiert hunn.

Et sinn e puer Saache gesot ginn, mengen ech, virun allem vum Kolleeg Adam vun deene Grénge, déi een net onbedéngt esou kann am Raum stoe loosse. Hien huet zum Beispill geschwat dovunner, dass mer an enger Gemeng op d'Welt koumen, do an d'Schoul ginn, do schaffe ginn an och waméiglech sollen do bestuet ginn, jo, an dann och nach herno do gefleegt ginn. Hien huet dat e bëssen a Fro gestallt. Hien huet dat vläicht méi landeswäit gesinn. Hien huet och déi Lëschten a Fro gestallt, déi elo vun den eenzelnen Haiser gefouert ginn. Hien huet éischer enger allgemenger grousser Planung d'Wuert geriet.

Ech muss hien do e bëssen opklären, wéi mer dat hei am Land an der Zäit haten. Mir haten eng Lëscht, déi huet deemools beim Ministère vun der Santé fonctionnéiert, oder sollt do fonctionnéieren. Wann Der dann do ugeruff hutt an Dir hutt gefrot: Dee Wéi villten ass mäi Kolleeg XY op der Lëscht fir an e Fleegeheim ze kommen, da krut een heiansdo gesot, dat ass den 2.385sten. Dann hutt Der misse d'Famill uruffen an der Famill soen, äre Monni oder äre Tatta ass den 2.385sten, an ech muss lech soen, datt mer als Chamber kënnen houfrench sinn, dass deen Zirkus eriwweert ass, dass et dat net méi gëtt.

(Interruptions)

Ech muss lech soen, wann Dir en Haus hutt wat ka bewisen, dass se eng Beleeung vun 98, 99% hunn, a wa se virausgesinn hunn, wa se mat engem zweeten Haus zum Beispill zesummeschaffen, wou d'Leit mat Zäiten ugemellt ginn, wou d'Leit fréi genuch en Dossier ugeluecht kréien. Mir hunn haut Cellule-d'évaluationen, wou déi Leit kënnen suivéiert ginn.

Mir haten am Ufank ënnert dem Carlo Wagner, no der Madame Delvaux, eng Cellule d'évaluation. Du krute mer eng zweet. Mir kruten eng drëtt, eng véiert, souguer eng fënneft, ech weess net ob mer souguer haut eng sechst Cellule d'évaluation hunn, wou d'Leit kënnen kucken, wéi vill Stonne Fleege dass se brauchen. Dat ass Gott sei Dank net méi esou wéi et war.

Wann een lech héieren huet, dann hätt ee kënnen mengen, mir hätten op där enger Säit schonn ze vill Better an op där anerer Säit...

(Interruption)

Dir hutt awer gesot, dass der nach iwwer 200 am Ausland sinn. Domadder widderspricht Der lech jo, dass dat wat bis elo geschafft ginn ass, wat haut och nach geschafft gëtt, och nach ëmmer wichtege ass, dass mer mussen weiderschaffen, vu dass mer nach ëmmer méi eeler Leit wäerten...

M. Claude Adam (DÉI GRÉNGE). - Navigation à vue, Här Bettendorf!

(Interruptions diverses)

M. Niki Bettendorf (DP). - Navigation à vue nennt Dir dat. Da soen ech lech elo emol eppes wat ech fanne wat mer mussen méi geziilt kucken, dat ass de Fonctionnement vun de CIPAE. E CIPA, e Centre intégré pour personnes âgées, all Kéiers wann en ufängt wëllt en ufänke mat Leit, déi am Haus sinn, déi valid sinn, an da gi se lues a lues méi al, si hu Recht op méi wéi 15 Stonnen, an da gi se automatesch Fleegefäll am Centre

intégré pour personnes âgées. Ech muss lech soen, dass dat e Modell ass, deen ech perséinlech net esou gären hunn.

Ech hunn och versicht, en anere Modell ze konzipéiere bei eis an der Gemeng zu Bartreng. Mir hunn zwee Haiser niewenteneen. Den Här Adam huet geschwat vun de Seniorewunnengen „Sisy Lentz“. Mir hunn awer aner Seniorewunnengen wou 53 Leit kënnen esou wunnen. An déi Leit liewen, déi si valid an déi kréien zur Zäit hir Demande gemaach fir an d'Geriatric eranzekommen, wann ee gesäit au fur et à mesure wéi se méi schlecht ginn. A wa se da wierklech geriatricbedürfteg ginn, da gi se an d'Haus niewendrun.

Mä an deem Haus selwer, an de Seniorewunnengen, do behaalt Der Leit, déi nach valid sinn, well wat geschitt an engem Centre intégré pour personnes âgées? Herno wëllt kee méi dohinner goen, well der esou vill geriatricbedürfteg do dra sinn. Et ass hei gesot gi vun der Moyenne d'âge, déi wäit iwwer 80 Joer ass. Mä an eng Seniorewunneng do kann ee mat 70 Joer dragoen. An dann hutt Der Zäit fir effektiv alles ze kréie wat jiddereen am Land zegutt huet. Hëllef doheem, Aides à domicile, Soins à domicile am Haus selwer, an dat ass e Konzept, mengen ech, wat ee sech kann iwwerleeë vis-à-vis oder niewent deene CIPAE wéi mer se haut kennen.

Ech mengen, et wier gutt, wann een och en anere Modell sech géif iwwerleeën, fir dass déi Haiser awer e bësse getrennt ginn. Et ass haut nach geschwat gi vun zwee Haiser enner engem Daach. Och dat alles ass gutt, mä ech mengen, mir mussen de Modell CIPA iwwerdenken, well en an Zukunft wäert an eng Richtung féieren, wou mer aus deene CIPAE a ronderëm nëmme Geriatric wäerten hunn, an dat mengen ech ass net ganz gutt. Mir sollen eis dat fir d'Zukunft nach weider iwwerleeën.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

M. le Président. - Merci, Här Bettendorf. Domat ass d'Diskussion definitiv ofgeschloss. Den Här Minister Biltgen freet d'Wuert.

M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Ech wollt just nach kuerz Stellung huelen. D'Madame Jacobs ass jo leider verhënnert. Si huet och schonn am Ufank e puer Saache gesot.

Just e puer Punkten. Deen éischten ass deen, dass ech ganz frou sinn, dass mer elo während praktesch zéng Joer hei versicht hunn déi Besoinen, déi ganz dramatesch waren, opzeschaffen. Dir hutt och de Plang ausgedeelt kritt wéi sech d'Land ewell weist a wa mer dovunner ausginn, dass mer wa mer elo nach weider bäigebaut hunn, ronn 6.000 Plazen hunn, da leie mer wesentlech iwwer der Moyenne vun Europa, esou dass mer och do dann net méi an där Noutsituatioun sinn, déi mer fréier kann hunn.

Natierlech gétt et ëmmer, an ech mengen et sinn eng ganz Partie Orateuren, déi aus hire praktesch Erfahrungs drop higewisen hunn, déi elo net direkt dohinner komme wou se wëllen, am Nouffall dohinner kommen.

Mir hunn och effektiv nach ëmmer Leit am Ausland, notament an der Belsch, wat awer oft zwou Ursachen huet. Dat heescht, eng Partie Leit wëssen net, dass wa se net genuch Suen hunn, de Fong hinnen hëllef fir hei d'Pensionsprässer ze bezuelen. Dat soll een och deene Clienten, déi ee kennt, déi Problemer hunn, déi fäerte si géifen net enner Daach komme wéinst dem Präis, soen, dass de Fong do een ennerstézt. Da gétt et natierlech Fäll, dat kann een och net évitéieren, déi aus lerschaftsgrënn léiwier an engem anere Land si wéi an eisem.

(Hilarité)

Si sinn net all an Ärem Fall, Här Grethen, op der Welt.

(Hilarité)

Mä do ginn et aner Fäll. Et ginn aner Virzeechen heiansdo.

(Interruption)

Ma da si mer och zefridden, well mer géifen lech nach gären laang halen.

Dann ass d'Fro gestallt gi vun der zentraler Waardelëscht. Dat wier wünschenswäert. Dat ass natierlech schwierig, well mer eben hei eng Partie Intervenanten hunn. Mir hunn notament d'Fleegeversécherung a villes leeft méttlerweil iwwer d'Fleegeversécherung. Mir hu staatlech Haiser, also öffentlech Haiser a mir hu Privathaiser, esou dass dat nach wie vor net esou einfach ass do op eng Gesamtlëscht ze goen.

Dann ee leschte Punkt, deen opgeworf gouf, ass dee vun de Suen. Si genuch Suen do? Jo, fir alles wat mer haut stëmme si Sue virgesinn. Mir hu jo de Fong. Dee Fong gesäit an engem Méijoresplang och eng Moyenne vu 60 Milliounen pro Joer vir, esou dass op alle Fall de Finanzement vun deesen Infrastrukture garantéiert ass.

Da wollt ech lech och soen, dass d'Regierung kee Problem huet fir déi Motioun vun Här Adam unzuhuelen. Natierlech ass dat net ëmmer einfach ze maachen, all déi Leit do un den Dësch ze bréngen, an dat nach besser ze maachen, mä ech mengen, et soll een ni seng Efforten opginn, fir eppes nach besser ze maache wéi et haut ass. An deem Sënn huet d'Regierung absolut keng Schwieregkeet wann d'Chamber géif déi Motioun un huelen.

M. le Président. - Merci, Här Minister.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 5370 iwwer d'Fleegeheim zu Péiteng.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass à l'unanimité mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetta-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Norbert Hauptert), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Mmes Martine Stein-Mergen, Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Emile Calmes), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gétt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 5372 iwwer d'Altersheim vu Mamer. Den Text steet am Document parlementaire 5372².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass à l'unanimité mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetta-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Marcel Oberweis), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Norbert Hauptert), Marc Spautz, Mmes Martine Stein-Mergen, Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Camille Gira), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Felix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gétt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 5369 iwwer d'Altersheim vu Jonglënster.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass à l'unanimité mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetta-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Lucien Clement), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mmes Martine Stein-Mergen, Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Camille Gira), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Felix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gétt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann nach zur Ofstëmmung vun der Motioun, déi vun dem honorablen Här Adam abruecht ginn ass. Ech denken, dass dozou d'Positioun kloer sinn. D'Regierung huet déi Motioun ugeholl.

Motion 1

Kënne mer par main levée ofstëmme?

(Assentiment)

Vote

Wann dat esou ass, wien ass d'accord domat?

Ech gesinn, d'Unanimité ass fir d'Motioun vun dem Här Adam.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat heescht zur Diskussioun iwwer de Projet de loi 5413, iwwer déi budgetär Upassung beim Bau vum Concertsall um Kierchberg. Et sinn ageschriwwen bis elo: déi Häre Calmes, Diederich, d'Madame Loschetter, den Här Mehlen an den Här Grethen. D'Wuert huet elo fir d'éischt de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

6. 5413 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, se gläichen sech, déi verschidde Projeten, bei deenen et ëm finanziell Adaptatioun geet. Et gétt Erklärungen, et gétt Explikatiounen, firwat a wuerfir dat eent huet missen esou gemaach ginn, an dat anert esou gaangen ass oder huet missen esou goen. Et kann een des Explikatiounen an Erklärungen zum Deel verstoen oder och net; Fakt bleift allerdéngs, datt an deem Projet hei ewéi an deene virdrun - an dofir gläichen se sech och - d'Parlament praktesch virun e Fait accompli gestallt ginn ass.

Dee Punkt awer, an deem deen heite Projet sech vun deenen ennerscheet, déi mer bis elo haten, ass mat Sécherheet déi finanziell Envergure. Am Projet iwwer d'Salle de concert geet et ëm déi staatlech Zousazzomm vun 29,7 Milliounen, wat plus minus 1,2 Milliarden al Frangen ausmécht. Rechent een elo de Präis vun 78 Milliounen aus dem initiale Projet dobäi, esou kënnt een op déi imposant Zomm vun 107,7 Milliounen Euro, wat u sech 4 Milliarden an 345 Milliounen al Frangen ausmécht. Dat wier, an dat hoffe mer wéinstens alleguerten heibannen, dann dee reelle Präis, deen d'Salle de concert kaschte géif.

Zum Projet selwer wier ze soen, datt en de 6. Dezember 2004 vum Bauteminister, dem Här Claude Wiseler, hei an der Chamber dépo-

séiert gouf. De Conseil d'État huet dunn säin Avis de 17. Dezember 2004 ofginn; de 4. Januar 2005 huet d'Bautekommissioun vun der Chamber mech als Rapporteur bestëmmt, an an der gläicher Sitzung souwuel de Projet ewéi och den Avis vum Conseil d'État analyséiert.

De 16. Januar huet d'Kommissioun dunn op d'Demande hi vun der Madame Brasseur zesumme mat der Kulturkommissioun eng Visite des lieux gemaach, eng Visite, déi mat Sécherheet ganz interessant war, a fir all Bedeelegt séier opschlossräich war.

Mir krute vun de Fachleit Erklärungen zum Bau, zur Technik a firwat dat eent oder dat anert huet missen anescht gemaach ginn ewéi et am initiale Projet virgesi war. No der Visite ass dann an enger separater Sitzung och de Rapport adoptéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo kuerz d'Ursachen oplëschen, déi zum Surplus vun de Käschte gefouert hunn. Dat waren éischters zousätzlech Uspréich vun den Utilisateuren, déi de groussen Auditorium betreffen, déi d'Salle acoustique betreffen, déi d'Büroen an d'Zon vun der Arrière-scène esou wéi den Équipeement technique uginn.

Zweetens, d'Partie architecturale. Do ass d'Verbinding vun der Salle de concert mam Parking de l'Europe nei definéiert ginn. Anstatt zwee Tunnellen ewéi am urspréngleche Projet virgesi war, gesäit de Projet elo nëmme méi een Tunnel vir. Eng zweet, méi eng kleng Coque zur Säit vum Boulevard J.F. Kennedy war net virgesinn, mä gétt elo gebaut oder besser gesot ass scho gebaut ginn. Den Déambulateur public ass architektonesch emgéännert ginn.

Op Grond vun Tester hu 590 vun deenen 823 Pilieren, déi d'Ausfassad duerstellen, misse mat Amortisseurs à pendule intégrés ausgestatt ginn - dat, Här President, huet misse geschéie fir d'Vibratiounen an d'Schwankungen, déi duerch de Wand kommen, op e Minimum ze reduzéieren.

Elei bleift och nach ervirzehiewen, datt op Interventioun hi vun der Administration de l'Environnement eng duebel Verglasung huet missen installéiert ginn, anstatt enger einfacher, wéi se eigentlech am initiale Projet virgesi war. Obwuel Lëtzebuerg scho säit 1993 eng Wärmeschutzverordnung huet, déi eng duebel Verglasung u sech virschreift, war den Architekt laut eisen Informatiounen am urspréngleche Projet awer net bereet mat op dese Wee ze goen, an dat mam Argument d'Hellechkeet vum Gebai géif dorënner leiden.

E Bassin de rétention mat enger Capacitéit vun 48.000 Liter, deen net virgesi war, huet missen am Kader vun der Kommodosprozedur nogebaut ginn.

Nei zousätzlech Exigenzen am Kader vun der Akustik sinn dee véierte Punkt. Fir d'Transmissioun vu Geräischer ze vermeiden, huet missen de Parking a verschidden aner Raimlechkeete vum Hauptgebai désolidariséiert ginn; eng Operation, déi mat Sécherheet och zu Méikäschte gefouert huet. Wéi des Emännerungen an Neierunge sech elo a finanziell par corps de métier opdeelen, kënnt Dir am schrëftleche Rapport noliesen. Fakt ass, datt déi ganz Operation ewéi schonn uganks gesot 29,7 Milliounen Euro kascht.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

De Conseil d'État sengersäits ass guer net averstane mat de Prozeduren a Praktiken ewéi hei virgaange ginn ass. E weist op aner Projeten hin, déi ähnlech gelagert sinn a bei deenen d'Remarqué vum Conseil d'État déiselwecht sinn.

Dofir zitieren ech ee kuerze Passage aus dem Avis vum Conseil d'État: «Le Conseil d'État, s'il peut

admettre à la rigueur le caractère imprévu de certaines dépenses, doit cependant remarquer que d'autres sont peu compatibles avec une conception, préparation et planification sérieuses d'un projet de construction d'une telle envergure. En effet, les surcoûts évalués des travaux supplémentaires dépassent de plus d'un tiers les dépenses du devis estimatif initial. Il estime qu'une telle ampleur, voire de telles anomalies sont purement inacceptables et surtout contraires à une gestion responsable des deniers publics.»

De Conseil d'État proposéiert dann zum Schluss nach den Intitulé ze änneren. Dës Ännerung gëtt och vun der Kommissioun acceptéiert. Déi zweet Suggestioun vum Conseil d'État ass déi fir de Präis un den aktuellen Index unzepassen. D'Kommissioun wier am Prinzip domadder d'accord gewiescht, mä obwuel mir wuel en neien Indexstand hunn, brauche mir de Präis an deemem Projet awer net ze änneren, well den Index, dee mer hunn, bis haut nach net am Memorial publizéiert ginn ass, an dofir och nach net offiziell ass.

Nodeems de Conseil d'État zum Schluss vu sengem Avis nach eng Kéier op dee finanziellen Impakt vum Projet higewisen huet, gëtt en awer trotz allem säin Accord zu deemem Projet.

Dat, Här President, esou wäit wat deen technesch Volet vun deemem Projet ugeet. Erlaabt mer awer nach e puer Bemierkungen zum Projet ze maachen, Bemierkungen, déi d'Prozeduren am Allgemengen uginn. Ech hat uganks vu mengem Rapport gesot, d'Chamber wier virun e Fait accompli bei deemem Projet gesot ginn, well awer virausgeschécken, datt et hei a mengen Observatiounen net em Scholdzouweisung geet, an deemno sollen se och net esou opgeholl ginn.

Et geet vill méi drëm wéi eng Prozedur mir eis fir d'Zukunft ginn, wat fir eng Moyené mir eis ginn, fir datt esou Praktike wéi an deemem Fall, oder besser gesot wéi bei der Salle de concert, zu Auslafmodeller ginn. D'Chamber selwer huet an der leschter Legislaturperiode laang dru gedoktert, koom awer och net zu engem Ofschluss - jiddefalls net zu engem Ofschluss, deen eis Satisfaktioun hätt kënne ginn.

Wouréms geet et elo? Et geet net drëms, fir gréisser Bauprojeten iergendwelcher Art wëllen ze stoppen oder wëllen ze boykottéieren. Dat sief emol kloer dohi gestallt. Et geet vill méi drëm, datt an Zukunft bei esou Bauprojeten, eischtens d'Konzept vum Bau, also dat, wat mer wëllen hunn, vill méi detailléiert ausgeschafft gëtt, a virun allen Denger och vill méi ausdiskutiert gëtt. Sinn des Diskussiounen mat den Utilisateuren, gegebenenfalls och mat anere Ministären an Administratiounen emol ofgeschloss - an déi mussen och iergendwann eemol ofgeschloss ginn - dierft et keng substantziell Ännerung méi um Projet ginn ouni den Accord vun der zoustänneger Chamberskommissioun.

D'Enveloppe financière, déi am detailléierte Projet virgesinn ass, ass nom Ofschluss vun den Diskussiounen, wahrscheinlech dee Moment, wou d'Administratioun da jo och am Besët vu méi detailléierten Donnéeën ass, méi genee a besser a méi einfach ze fixéieren. Si muss op jidde Fall ofgesi vun deenen übleche Verdeierunge wéi déi, déi duerch den Index entstinn, dann awer och agehale ginn. Wier dat net de Fall misst d'Erklärung fir eng Iwwerschreidung vun de finanzielle Méttelen op jidde Fall an d'Comexbu kommen.

Fir d'Diskussiounen ze verfeinere, wier d'Nominatioun vun der zukünftiger Direktioun vun esou engem Gebai zu engem méi fréien Zeitpunkt sécherlech och net vun Nöddel. Et ass jo en fin de compte d'Direktioun vun deem Etablissement, déi mat deem wéi gebaut gëtt, a mat deem wat gebaut gëtt, an der Praxis muss eens ginn.

Den Här Minister Claude Wiseler, deen intensiv - dat muss ech wirklech soen - mat dru schafft, fir deem Problem bäizekommen, huet eis versprach wéinstens all sechs Méint mat Zwéschendecompté vun deene grouss Bau- a Stroosseprojeten an d'Comexbu ze kommen. Op d'mannst kann een duerch des Mesure feststellen, wou mer finanziell, an och par corps de métier, an de Bounen dru sinn.

All Parteien, déi hei an der Chamber vertraude sinn, sinn opgefuerdert ginn, hir Vuen iwwert de Problem vun den Dépassementer an iwwert d'Interpretatioun vum Artikel 99 vun der Verfassung duerzelleen. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir hei zu vernünftege Konklusiounen komme wäerten, Konklusiounen, déi engersäits der Chamber hirem Rôle Rechnung droen, wat de Contrôle vun der Regierung ugeet, an anersäits awer och dem Ministère an der Administratioun déi néideg Flexibilitéit loosse, fir esou grouss an dacks och wirklech komplizéiert Bauprojeten ze realiséieren.

Et gëtt wéi gesot e ganze Pak Mesuren a Prozeduren, wouriwwer ee sech muss Gedanke maachen a wou ee muss Konklusiounen zéien. Ausser dem Projet détaillé, dem Artikel 99 vun der Verfassung, gehéiert dozou nach d'Festleeë vun de Responsabilitéiten, déi professionell, déi administrativ a selbstverständlech och déi politesch Responsabilitéiten. Des Weidere muss mer eis Gedanke maachen iwwert d'Noutwendegkeet vun engem „project manager“, iwwert d'Honorairé vun den Architekten bei Netanhale vun der finanzieller Enveloppe. Ech schwätzen och do vun enger eventueller Prime op där enger Säit an enger Penalisation op där anerer Säit. Och de Concours d'architecte, wéi en an deem heite Projet gehandhabt ginn ass, ass mat Sécherheet ze iwwerdenken.

Här President, wier et net eng Méiglechkeet, bei esou Concoursen am Virfeld eng Enveloppe financière festzeleeen, un déi den Architekt sech dann och selbstverständlech misst halen, an dann eréischt de Concours auszuschreiwen? Och muss een d'Fro klären, ob de Stat iwwerhaupt nach soll bauen éier e Propriétaire vun deem Terrain ass, wou drop gebaut soll ginn.

Mä och d'Chamber, Här President, muss hire Rôle nei definéieren a soen, wou a wéini d'Kontroll stattfanne soll. Ass et all Kéiers de Plenum, wat u sech eng opwändig Prozedur gëtt, ass et d'Comexbu, selbstverständlech mam Accord vun der Chamber, wat sécherlech méi e flexibele Modell wier, oder ass et d'Comexbu zesumme mat der Ressortkommissioun vun der Chamber? Dat alles, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, si Froen, op déi mer an nächster Zukunft, an zwar esou schnell wéi méiglech, eng Äntwert musse ginn, wann dat Haus hei senger Roll als Kontrollorgan vun der Regierung wëllt gerecht ginn.

Zum Schluss nach ee Wuert zu der Concertshal selwer. Déi zwou Kommissiounen konnten sech vun der Eemolegkeet vun deemem Bau iwwerzeegen. Dës Eemolegkeet ass och zum Deel eng Erklärung fir déi grouss Dépassementer. Et war der Administratioun bei deemem spezielle Bau net méiglech, op iergendwelch fréier Wäerter oder Donnéeën zréckzegräifen. Ech sinn awer der Meinung, wann dese Bau, nodeems datt e fäerdeg ass, herno mat Liewen erfëllt gëtt, an e gëtt et, dovu sinn ech ganz iwwerzeegt, da wäert e wäit iwwer eis Grenzen eraus Reklamme maache fir Lëtzebuerg an a kulturelle Kreesser mat Sécherheet och fir vill Gesprächsstoff an och fir vill Unerkennung suergen.

Och wa mir als Parlament net onbedéngt mat där bestehender an applizierter Prozedur kënnen

d'accord sinn, géif ech d'Chamber awer bieden, no all deenen Explikatiounen, déi mer kruten, an déi ech als Rapporteur probéiert hunn un lech weiderzeginn, fir dese Projet ze stëmmen. Ech wëll all deenen, déi dat dann och maachen, am Viraus Merci soen dofir, all deenen, déi heibanne waren, Merci soe fir d'Nolauschteren, a selbstverständlech wëll ech zum Schluss awer och nach den Accord bréngen vun der CSV.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Clement. Als éischte Riedner ass den Här Emile Calmes ageschriwwen. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Emile Calmes (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer virop dem Här Clement als Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport ze félicitéieren. Et war bestëmmt kee Pléséier fir hien, dee Seiltanz hei bei deemem Gesetz ze maachen.

Ech wëll och vu vireran ufänken an eng Zuel nennen, nämlech déi Zuel vun 184.348.000 Euro. Datt ass de Montant vun deenen Dépassementer, déi mer an deemem Haus hei an deene leschte Joren nogestëmmt hunn. Et sinn 8 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang. Dat fänkt u bei deemem Projet iwwert d'Adaptatioun vum Campus Geeseknappchen, dem Centre pénitentiaire, dem Pei-Musée, der Coque bis iwwert d'Saarautobunn. Ech erspueren lech déi opzezielen, wat méi kleng Adaptatiounen waren, wéi zum Beispill e Kulturhaus vun lechternach.

Wéi mer dee Projet de loi hei zum Geeseknappchen, dem Prisons, dem Pei-Musée an der Coque den 3. Juli 2001 gestëmmt hunn, du ware mer eis awer sécher deemools - an dat ass jo schon eng Rei vu Joren hier - alleguer eens, datt ee sech misst Gedanke maachen, wéi een an Zukunft esou Dépassementer hei kennt évitéieren. Schon déi fréier CSV-Bauteministesch, d'Madame Hennicot, war och där Meinung. Deemools si mer schon gewarnt ginn, datt nach aner Projeten am Tube wieren, wou mer Dépassementer missten ofstëmmen. Ee vun deenen ass dann eben dee vun haut mat 1,2 Milliarden.

An net méi spéit wéi haut wäert deen neien CSV-Bauteminister, den Här Wiseler, eis soen, datt mer eis missten drop astellen, datt och an Zukunft nach Projete wäerte kommen, wou mer eng weider Enveloppe budgétaire musse nastëmmen.

Net méi spéit wéi de Muere si mer jo schon um Radio gewuer ginn, wann ech mech net ieren, missten dat no engem Chiffer vun 1996 awer gutt verstanen 2 Milliarde sinn. Wann een dat op haut héichrechent, weess ech net wat dat ongeféier ausmécht, mä le moment venu wäerte mer dat jo hei gewuer ginn. Mir fänken also véier Joer nodeems mer déi Dépassementer hei gestëmmt hunn erëm déiselwech Diskussioun u wéi déi, déi mer schon deemools haten. An deemem spezifesche Fall hei geet den Dépassement anscheinend, esou wéi mer dat gesot kritt hunn a wéi een dat och aus de Rapporte kann erausliesen, op e puer Ursachen zréck.

Et gëtt zum Beispill gesot, datt d'Käschten ënnerschat gi wieren. Et gëtt eis och gesot, datt d'Dépassementer einfach esou héich wieren, an datt dat normal ass, well een et hei mat engem Projet unique ze dinn hätt, wou een a sech keng Vergläichswäerter hätt, och keng géife bestoen hei am Land. Et hätt

een och keng Erfahrung domat, an d'Projete wieren einfach esou komplex, datt dat einfach net besser ze maache wier.

Do muss ech allerdéngs d'Fro stellen, wien dann elo a sech déi Projeten hei ënnerschat huet. Et ass en Optraggeber do, dat ass de Maître d'oeuvre vun esou engem Projet. Op där anerer Säit sinn et dann awer och den Architekt an d'Bureau-d'études, déi fir den Optraggeber déi Devien hei hierstellen.

Wann op där enger Säit de Problem bei den Architekten an de Bureau-d'étudé läit, da läit et eiser Meinung no awer och un den Architekten an un de Büroen, an Zukunft awer méi komplett duerchduechten a ficeléiert Projeten hei ze proposéieren, déi dann awer och musse standhalen. A wa se dat net maachen, da mussen si awer och fir dat, wat se do fabrizéieren, geruetstoen, wann dat net de Fall ass.

Ass et net den Architekten an de Bureau-d'études hire Problem, dann ass et selbstverständlech der Verwaltung hire Problem, mä vu datt d'Verwaltung jo awer och kee Problem oder op d'mannst keen Intérêt huet, d'Projeten hei absichtlech a mutwëlleg ze ënnerschätzen, kann dat Ganz jo da mengem Gefill no awer nëmme politesch Ursachen hunn, nämlech déi, de Käschtepunkt vun esou Projete mat Absicht op akzeptabelen Niveaueen ze halen, fir datt mir hei an der Chamber et dann och méi einfach hunn, esou Projeten ze schlécken. Ass dat esou, da wier dat allerdéngs bedenklech.

Erstaunlech ass an deem Fall hei awer och, datt d'Utilitaires - dat si jo a sech déi, déi vun Ufank u gefrot misste ginn, wann déi Projeten hei gemaach ginn - op eemol en cours de route soen, datt si dach awer léiwer eng modulabel Bühn hätte mat enger Fosse wou den Orchester kéint drastoen. Do muss ech allerdéngs d'Fro stellen: Firwat sinn déi Leit, just déi do, déi dat elo gären hätten, net am Virfeld gefrot ginn? Dat sinn a sech d'Leit vum OPL, vum Orchester, deen do jo soll optrieden, déi jo a sech an deene gréisste Concertssäll vun der ganzer Welt optrieden. Wat soll ee maachen, wann déi Leit am Virfeld net gefrot ginn, op d'mannst dann net soen, wat se gären hätten, an dann en cours de route Emännerunge musse duerhalen, oder awer et ass mat Absicht ënnerschloe ginn.

Ech mengen an deem Fall hei wier dat dach relativ einfach gewiescht fir d'Utilitaires ze froen, well et jo ëmmer erëm déiselwech Persoun war, op där enger Säit war de Bauteminister deeselwechte wéi de Kulturminister, an de Kulturminister war och deeselwechte wéi de Bauteminister, an ech verstinn a sech net, firwat datt déi zwou Persounen, déi a sech nëmmen eng waren, net matenee geschwat hunn.

Ech brauch och net op d'Häresie anzegoen, datt ee sech op eemol en cours de route hei Froe stellt wat d'Akustik vum Sall ugeet, a firwat datt op eemol musse grouss Emännerungen hei virgeholl ginn, datt hätt jo a sech déi éischt Fro misse si vun engem Concertssall, anstatt datt mer eis déi Fro herno stellen - oder op d'mannst herno, wann alles gelaf ass, dann eis déi Froe stellen.

Méi penibel fannen ech dann nach, wa mer op eemol musse déi Froen opwerfen, datt een net dru geduecht huet ee Bassin de rétention ze bauen, deen haut awer all kleng Betrib muss bauen. Wann een och versteet, datt haut d'Autorisatiounen oder d'Kommodosautorisatiounen net ëmmer do sinn, wann ugefaang gëtt mat bauen, well déi Leit, déi déi Autorisatiounen ausstellen, dach awer relativ vill Aarbecht hunn, dann ass et awer gemengerhand esou, datt ee bei déi zwou Verwaltunge geet, souwuel bei d'Gewerbeinspektioun awer och bei d'Ëmweltverwaltung

a fret, wat déi Verwaltunge gären hätten a sech op d'mannst op dat stellt, wat een herno als Autorisatioun kritt.

Dat ass hei total ignoréiert ginn, an dat versteet een net, obschonn de Stat sech misst drun halen, fir d'Kommodosprozedur ofzewearden, ier en ufänkt mat bauen, mä do kann ee keen Heel draus maachen, well dat dann awer laang misst daueren.

Da gëtt et déi penibel Geschicht nach vun der duebeler Verglasung. Also, ech muss lech soen, an de leschten Debatten iwwert de Budget ass op eemol hei d'Fro opgeworf ginn iwwert d'erneierbar Energien, wou op eemol drop higewise ginn ass, datt een Deel vun der leschter Regierung do lerweeër gaangen ass, fir d'erneierbar Energien ze ënnerstëtze mat engem Chiffer, deen emol net un dat erukennt, wat dat hei ass, wou mer dann ze vill Suen ausginn hätten, wat d'erneierbar Energien ugeet.

Wann ech dann awer hei liesen, datt bei Projete wéi deem heiten awer emol net dru geduecht gëtt, eng duebel Verglasung ze maachen, da muss ech mer awer éierlech gesot Froe stellen, nodeems allerdéngs an der Zwéschenzäit do geléiert ginn ass. Ech weess jo och wéi haut beim Réidener Lycée gebaut gëtt. Dat hei war virdu gestëmmt, mä och de Réidener Lycée war virdu schon an de Gedanken. Et kann een nëmmen hoffen, datt mer hei an Zukunft wäerten aner Weeër goen.

D'Fro vum Parking wëll ech elo net opwerfen. Et ass vläicht méi eng spezifesch, mä och do muss een sech mengen ech, awer am Virfeld Gedanke maachen, wéi datt een d'Leit, wa schon de BTB net dohinner fiert, mat hiren Autoen an de Parking kritt, déi dat dohinner lauschtere kommen. Ech muss éierlech soen, et ass relativ penibel, déi Froen hei ze stellen, déi dach awer relativ einfach eng Äntwert misste fannen.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi grondsätzlech Fro, déi ech awer och hei muss stellen, dat ass déi, wat een a sech wëllt: Wëllt een eppes fir d'Kultur maachen, oder wëllt een a sech nëmmen eppes hunn, wat no baussen immens gutt ausgesäit? Mir alleguer wënschen dat a wëssen dat aus Erfahrung, datt béid zesummen den Idealfall an dat Beschit sinn. Nach si mer awer der Meinung, datt un éischter Stell dem éischte Souci soll Rechnung gedroe ginn, an datt an deem Fall hei eppes fir d'Kultur, an an deemem spezifesche Fall hei awer eppes fir d'Musek misst gemaach ginn, an déi jo hei misst zur Geltung kommen. Datt de Contenant och usprache soll, doriwwer si mer eis - mengen ech - alleguer eens.

Ech verstinn allerdéngs net, datt mer esou waghalseg Experimente aginn, wa mer herno dann op eemol Tester an enger Soufflerie maache musse, fir dann ze kucken, ob déi Poteauen, déi ronderëm dat schéint Gebai do stinn, dem Wand duerhalen. Wann een doriwwer esou nodenkt, da stellt een sech awer a sech d'Fro, ob mer hei net eng Kaz am Sak kaaft hunn, ob mer hei net awer zum Deel ferme op d'A gedréckt si gi mat engem Tirangsprojet vun engem Stararchitekt, bei deem mer, mengen ech, am Virfeld besser gehat hätten, der Saach op de Fong ze kucke wéi dat im Nachhinein de Fall ass.

Elo huet ee ganz einfach d'Impressioun, datt mer wuel e schéint Gebai hei hunn, dat vu bausse ganz gutt ausgesäit, ouni sech awer d'Fro ze stellen, ob et iwwerhaupt deem entsprecht, wat mer brauchen, an ob een net mat manner hätt kënnen duerkommen. Mä virun allem, wann een iwwert de Kierchberg fiert, an de Kierchberg erfährt, gesäit dat jo emol ganz schéin aus - den Aen allerdéngs gefält et!

Ech hunn och d'Impressioun, datt d'Architekten, mengen ech, sech ëmmer manner Gedanken doriwwer maachen, fir eppes riichtzestoen, well souwisou der hannendru stinn, déi gutt domm Politiker, déi da musse kucke wéi se eens ginn, an de Problem musse léise fir d'Kreditter erbäizekréien.

Ech mengen, datt et awer a sech esou misst sinn, datt de Maître d'oeuvre misst Chef sinn, an dem Architekt an dem Büro misst soen, wou d'Saach higeet, an dat net ëmgekéiert de Fall ass, datt dann och déi Leit, an dat kann ee jo och aus dem Rapport hei noliesen, fir all déi Emännerungen, déi dat do mat sech bréngt, nach 5 Milliounen Euro, dat heescht 200 Milliounen Honorairé méi kréien. Dat versteet een a sech net. Entweder sinn et d'Architekten oder d'Büroen, déi Schuld dorun hunn, oder awer et ass d'Verwaltung, mä wann een den Architekt jo ouni mam A ze zucken 200 Milliounen méi ausbezuelt, da kann ee sech jo virstellen, wou datt de Problem läit.

Ech hu schon am Virfeld ënnerstrach, mengen ech, datt mer awer an Zukunft d'Acteurs alleguer, och d'Architekten, d'Büroen, d'Verwaltung an d'Politiker, déi dat do decidéieren, méi musse responsabiliséieren. Ech mengen, et muss hei jiddferee seng Verantwortung iwwerhuelen a kucken, datt d'Rechnung opgeet.

Ob de „project manager“ do d'Léiung ass, Här President, dat woen ech emol ze bezweiwelen, well de „project manager“ gëtt jo herno drop gesat. Op all déi aner, op de Stararchitekt, op den Architekt - de Lëtzebuerger Architekt -, op de Bureau d'études, op déi vun der Verwaltung, setze mer de „project manager“ drop, an da musse mer jo eng Kéier erëm de „project manager“ kontrolléieren, an dat muss jo erëm ee vun der Verwaltung sinn.

Do wonnert ee sech net, datt dat 200 Milliounen wäert kaschten, an domat wäerte mer ni fäerdeg ginn. Dobäi ass dann nach ee Sécherheitsberoder an alleguer déi Leit, déi op deene Schantercher do schaffen, mat deenen och de „project manager“ an ech weess net, wéi se alleguer heeschen.

Mä op jiddfer Fall, eent weess ech a kann an deem Chiffer hei liesen, Här Scheuer, datt et deier gëtt, a kee besser wéi Dir muss wëssen, wéi deier datt et gëtt.

(Interruption)

Duerfir, mengen ech, musse mer och déi Debatt iwwer eng Ännerung vun de Prozeduren elo ee fir allemol bis zum Schluss hei féieren. D'Kontrollkommission oder d'Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire huet ënnert dem Virsätz vum Henri Grethen a sech schon domat ugefaang, mä et ass awer elo sécherlech net där Kommission hir Aufgabe an Aarbecht dem Minister a senge Leit hei ze diktéieren oder deene virschreiwene, wat se hei ze maachen hunn. Ech mengen, do muss de Minister scho seng Verantwortung iwwerhuelen. Dat huet e jo och wëlles ze maachen, esou wéi en dat hei gesot huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir als Demokratesch Partei hunn den initiale Projet hei mat gestëmmt, well mer der Meinung waren, datt esou ee Concertssall eise Land, eiser Kultur an deene Leit, déi doranner schaffen, an natierlech selbstverständlech deene Matbierger, déi dat do lauschtere ginn, dénge kann.

Ech muss lech awer soen, datt mer eis bei deem Vote hei elo wäerten enthalten. Mir kënnen keng Politik cautionnéieren, wou esou lichtfank mam Geld ëmgaange gëtt, och wann et sech ëm dee prestigiéiste Projet handelt. Duerfir verlaange mer elo endlech vum Bauminister a sengen CSV-Kolleegen an der Regierung,...

(Interruption)

Jo gären!

...eng verantwortlech Budgetpolitik ze féieren. De Finanzminister an de Budgetminister kommen eis jo hier weisen, datt se hir Responsabilitéiten och an deenen aneren Domänen hei iwwerhuelen a konkret Léisungen ausschaffen a proposéieren.

Mir verlaangen, datt ee Wee fonnt gëtt iwwert deen déi Leit, déi Verantwortung hunn, déi och droen, an dat net versicht gëtt, sech där Verantwortung ze entzéien, a se ëmmer erëm op anerer ofzeschieben.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. - Merci, Här Calmes. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Diederich (LSAP). - Merci, Här President. Häre Ministeren, erlaabt mer fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Clement, Merci ze soe fir säin excellenté Bericht.

Wa mer iwwert d'Dépassementer bei deem Projet schwätzen, esou muss een op hir Envergure hiweisen - ëmmerhi maachen déi 29,7 Milliounen Euro 38% vum initialen Devis aus - an datt sech déi Suen och nach op zéng Positionen opdeele vun den Travaux de gros oeuvre ugefaangen iwwert d'Toiture a sou weider bis op d'Surveillance an d'Honorären.

Wéi den Devis estimatif, deen op de 17. Mee 2000 datéiert war, am Dezember 2000 an der Chamber diskutéiert ginn ass, hu schon eng Rei Deputéierten sech deemools kritesch dozou geäussert. Esou huet de Ben Fayot gefrot, d'Regierung soll der Chamber mat Zäit soen, wéini den Devis iwwer 78 Milliounen Euro reaktualiséiert géif ginn. Den Deputéierte Robert Garcia huet gemengt, op Grund vun Erfahrung mat anere Projekte kënn ee realistesch mat 4 Milliarde Frang oder 100 Milliounen Euro rechnen.

Déi zoustänneg Ministesch, d'Madame Hennicot-Schoepges, huet dozou gesot, ech zitieren: „Da gëtt natierlech d'Fro gestallt: Kann een de Baupräs halen? Dir Dammen an Dir Hären, an alleguer déi, déi Buergermeeschter oder Buergermeeschtesch sinn: Dir wësst, dass een esou ee Versprieche net ka ginn. Ech ka soen, dass ech den Architekt ënner Drock gesat hunn, fir mam Präis erfzogen, dofir si mer op 3,1 Milliarde komm, e war vill méi héich. Dat ass geschitt andeems un de Volumé reduzéiert ginn ass, awer net un den Inhalter vum Projet.“

Ech hunn deem och d'Fro gestallt: Kënnen mer dee Präis do halen, ofgesinn natierlech vun den Hausses légales - do si mer eis jo eens driwwer? Den Architekt huet mer d'Assurance ginn: Dir kënn dee Präis halen. Ech muss awer soen, dat ass eng Berechnung, un Devis, dees gemaach ginn ass opgrond vu Pläng, wat Avant-projet-sommairé sinn, also keng Detailpläng. Dat si jo nëmme déi Iwwerraschungen, déi mer kréien.

Ech si bereit bei der Chamber Schrëtt fir Schrëtt ze berichten, wéi dann d'Ausschreiwungen ausginn, fir datt Der lech emol selwer kënn e Bild maachen, wéi dat am Devis an herno, no der Soumission, ausgesäit. Et soll esou sinn, datt d'Statsgelder spuersam agesat ginn, an et soll och net esou sinn, datt ee mengt, wann 3 Milliarden an der Luucht stinn, da wieren déi vu vireran „dus“, well wann et méi bëleg gëtt, desto besser.“

Ech mengen, ouni laang mussen Erklärungen ze ginn, gesäit ee wie Recht hat an där Saach hei, d'Deputéierten, déi ech zitéiert hunn, oder d'Madame Ministesch.

Den Avis vum Conseil d'État - dat ass gesot gi vum Här Clement - ass ganz kritesch. E weist op déi onserio Planifikatioun hin, op d'Aus-

mooss vun den Dépassementer, an e schwätzt vun enger irresponsabeler Gestiou vun den Deniers publics, stellt d'Fro vun den Ursachen vun den Ecarten an no de Moyené fir deem entgéintzewierken. An e stellt déi aktuell Prozedur a Fro.

An der Kommission vun den Travaux publics huet de Bauminister proposéiert, an Zesummenaarbecht mat der Commission des Comptes et de l'Exécution budgétaire, no Ännerungen vun de Prozeduren ze sichen an déi bestehend Mechanisme vun der parlamentarescher Konsultation ze reforméieren. Weider huet d'Kommission d'Noutwendegkeet vun engem „project manager“ bei esou komplexen Infrastrukturen ënnerstrach, dee mam Suivi vun den Aarbechte chargéiert ass an d'Anhalung vum Timing an d'Envergure vun eventuellen Dépassementer kontrolléiere soll. Kritesch hannerfrot ass och de Rôle an d'Responsabilitéit vun den Architektbüroen a vun de Bureaux d'études ginn.

Et muss een awer och festhalen, datt gewëssen Dépassementer net prévisibel waren, well eng Rei Modifikatiounen vum Utilisateur gefrot gi sinn a well eng Rei Ännerungen sech eréischt no der Erstellung vun de Plans détaillés als noutwendeg erweisen hunn.

Et muss een och wëssen, datt bei esou enger exceptioneller Infrastruktur, engem sou genannte Prototyp - elliptesch Form, eng Pente vun 2%, 823 Piliere, eng Colonnade, an dann den Hauptproblem Akustik - net e standardiséierte Programm kann applizéiert ginn. Ausserdeem kënnen d'Genehmigung vum Ministère de l'Environnement a vum ITM eréischt opgrond vun detaillierte Pläng erdeelt ginn an net op Basis vum Avant-projet sommaire. Déi Oploen, déi mussen erfüllt ginn, hunn oft meeschtens awer finanziell Implikatiounen.

Et muss ee sech awer och d'Fro stellen iwwert d'Responsabilitéit vun den einzelnen Acteurs, iwwer eventuell Sanktiounen, iwwert de Sënn an d'Stabilitéit vu Projeten, déi den Deputéierte virgeluecht ginn, an och iwwert de Respekt vum Bierger, dee sech eng seriö Gestiou vun den öffentleche Gelder erwaarde kann.

Ech wëll zum Schluss nach drop hiweisen, datt esou Dépassementer bei ville Projeten eng plurianuel Planifikatioun schwieereg maachen, esou datt eng Rei Infrastructure risikéiere gekierzt oder guer net realiséiert kënnen ze ginn.

Erlaabt mer kuerz awer och e Vergleich mat de Gemengen. - et gëtt Leit, déi dat net gären héieren. Wa mir emol eng Kéier an de Gemengen, ausser vläicht d'Madame Frank vu Betzdorf - si ass grad net hei - 38%...

(Interruption)

...Dépassement bei engem Projet hätten, da misste mir op alle Fall zu Kolmer déi aner Projeten deementsprechend e bësse kierzen oder op alle Fall e puer Joer zrëckstellen.

Ech wëll trotz deene kritesche Bemerkungen awer heimadder, well mer virun engem Fait accompli stinn, wéi gesot ginn ass, den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président. - Merci, Här Diederich. Als nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter virgesinn. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als nei Deputéiert an der Chamber hunn ech haut an deene puer

Méint, wou ech heibanne schaffen, scho fir d'drëtt Kéier d'Geleeënheet ee Projet de loi aus der Bautekommission hei kënnen fir meng Fraktioun ze kommentéieren. Dräi Projets de loi an dräi Adaptations budgétaires!

Eigentlech hu mir eis an der Kommission bis elo praktesch ausschliesslech beschäftegt - op gutt lëtzebueresch gesot - fir d'Kar aus dem Dreck ze zéien. Bei deem Projet handelt et sech wuel ëm e Musterbeispill vu Missmanagement an awer och vu Feelplanung. Sécherlech begrësse mir déi Suggestioun vum Bauminister, déi och am Rapport vum Här Clement opgezielt sinn. Ech erënneren och drun, datt ech bei där leschter Adaptation budgétaire - an dat ass jo och nach guer net esou laang hier - eng ganz Rei Suggestiounen vu menger Fraktioun opgezielt hat, wou ee kéint éierlech Verbesserungen a wichteg Verbesserungen maache betreffend souwuel de Choix vun de Projeten, wéi virun allem awer och d'Prozeduren an d'Realisatioun anescht duerchféieren.

Ech hat och deemools gesot, datt mir géingen esou wesentlech an noutwendeg nei Prozeduren ënnerstëtzen a konstruktiv matschaffen. Trotzdeem wäerte mer nach eng ganz Rei vu budgetären Adaptatiounen, déi méi oder wéineger zum Schuddere bréngen, hei defiléiere gesinn, an et ass och scho virdrun opgezielt ginn.

Et gëtt där Bauprojeten, Här President, déi mir vun Ufank un net matgedroen hunn, well se fir eis politesch an déi falsch Richtung ginn a well se fir eis gréng Politik d'Weihe fir d'Zukunft falsch stellen. Ee Beispill dovunner ass d'Nordstrooss, déi och haut schonn erëm - an nach laang net fir d'lescht, leider - an d'Schlagzeile komm ass. Et ginn awer aner Bauprojeten, déi fir eis komproméssfäeg gewiescht wieren, wa se dann och transparent a konsequent duerchducht a logesch geplangt gewiescht wieren. D'Salle philharmonique um Kierchbiereg ass esou ee Projet.

Erlaabt mir eppes wat den Här Calmes eigentlech net konnt maachen, wat mir als Gréng awer kënnen maachen. Erlaabt mir aus grénger Sicht de Parcours vun der Salle philharmonique déi lescht zéng Joer ze retracéieren, fir ze ënnersträichen, firwat mir eis net kënnen mat där Virgehensweis averstanen erklären.

Viru knapp zéng Joer huet déi deemoleg Regierung des Concertshal, zesumme mat engem Musée d'Art moderne, enger Plaz fir eng Bibliothék an dunn och nach engem Musée de la Forteresse an engem Package entworfen. Deemools war d'Bedenke vun der grénger Fraktioun haaptsächlech d'Konzentrierung vun esou ville kulturellen Aktivitéiten op engem eenzege Site. Dëst och nach zimlech wäit ewech vum Stadkär, dee schonn zu där Zäit bedrot war, eng doude Stad ze ginn, datt heescht eng Stad wou d'Leit nach just schaffe kommen, wou se praktesch net méi wunnen a wou se och ganz wéineg Fräizäitaktivitéiten ugebuede kréien.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wéi dunn den éischten Devis vun der Concertshal bekannt war, sou konnte mir deen och nach matdroen. An ech wëll lech hei drun erënneren, datt déi gréng Fraktioun nach ni e kulturelle Projet wéinst sengem héije Budget net matgedroen huet! Mir waren éischer besuergt iwwert d'Fonctionnementskäsche vun esou engem Gebai, dëst awer an der Optik vun engem Equiliber am Kulturbudget. Dëst souwuel iwwert d'Aart vun der Kultur wéi awer och iwwert dee geographeschen Equiliber.

Dat bréngt mech dann och zum Kärproblem vun deem Bauprojet a vu senger Adaptation budgé-

taire. Mir sinn als Gréng schon ëmmer der Iwwerzeugung gewiescht, datt een eppes baut, well een eppes brauch, respektiv well eppes feelt. Déi Besoiné fannen hiren Nidderschlag an engem Konzept. Dat Konzept gëtt begleet vun enger Fonctionnementsbeschreibung, wat definéiert, wéi, vu wem, wéini a mat wat dat Konzept ëmgesat gëtt. Wann dës zwou Saachen definéiert sinn, ass et un der Zäit, datt d'Konzept an de Fonctionnement hir reell Plaz fannen, sprich eben an engem Gesetz. An dann, dann ass et un der Zäit fir den Architekt a fir d'Bétonsmaaschinn.

Hei ass net der Rei no gefuer ginn. Hei hat den Architekt schonn säi Concours gewonnen, wat mer verstinn, well d'Gebai ass impressionnant, mä mat der Gestiou vun deem, wat am Gebai sollt geschéien, ass eppes schief gelaf.

De 26. Oktober 2000 huet déi deemoleg Bautekommission de Rapport vun deem Bauprojet vun der Concertshal ugeholl. Meng Virgängerin hat sech deemools beim Rapport enthalten, an ech zitieren aus dem Procès-verbal: «à la demande de Madame Wagener, les représentants du Gouvernement s'engagent à faire parvenir à la commission le projet de loi sur l'établissement public chargé de la gestion de la salle de concert, et ce avant le vote du projet de loi 4685.»

Dëst Engagement huet d'Regierung eigentlech net agehalen, andeems si de Projet vun engem Etablissement public deeslewechte Moie presentéiert huet an enger Kommission, wou e puer Stonnen duerno hei an deem Haus iwwert de Bauprojet vun der Hal ofgestëmmt ginn ass. Dat war de 5. Dezember 2000.

Esou wéineg Sputt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären - e puer vun lech waren deemools schonn derbäi -, ass den Deputéierte gelooss ginn, grad eng Mëttesstonn, fir sech eescht Gedanken ze maachen iwwert d'Gestiou vun engem deemools schonn iwwer 3 Milliarden aler Frangen deiere Projet - 78 Milliounen Euro!

Mir Gréng, Här President, mir schaffe séier, mä hei war et eis onméiglech, d'Konzept an d'Gestiou mam Bauprojet ze associéieren a mat engem kloer Kapp doriwwer ze decidéieren, an dat war dann och haaptsächlech de Grund, firwat mir eis deemools enthalten hunn.

Mä d'Geschicht geet virun. Eréischt den 21. November 2002 ass d'Gesetz iwwert den Etablissement public vun der Concertshal veröffentlecht ginn. Zwee Joer - Zwee Joer! - trennen de Bauprojet vum Fonctionnementsprojet. Dës an eisen Aen onlogesch Aart a Weis virzegoen, huet an Tëschenzäit zu wesentleche Programmännerunge gefouert.

An éierlech gesot, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, wann ee sech mat esou wéineg definéierte Kritären duerch e Gesetz, dat a kuerzen Zich de Bau vun enger Concertshal resüméiert fir praktesch 78 Milliounen Euro, an en Abenteuer lancéiert, da si Programmännerunge scho virprogramméiert. An dës Programmännerungen hu stattfonnt, an niert aneren, ech muss wierklech soen onverzeilechen an och onerklärlechen Oublien, wéi dem Bassin de rétention oder dem Double vitrage - den Här Calmes ass schonn drop agaangen - hunn dës Programmännerunge wesentlech zu enger Adaptation budgétaire vun 30% vum Montant gefouert.

Nom Vote vum Bauprojet de 5. Dezember 2000 ass et du weitergaangen. Do sinn am Abrëll 2001 déi Études spécialisées duerchgefouert ginn, eben ënner awer déi iwwert d'Akustik, dat heescht no deem eigentlech mir hei gestëmmt hu wat gebaut gëtt. Am Oktober 2001, bal ee Joer duerno, sinn d'Wënsch vun den Utilisateuren eragereecht ginn an och adaptéiert

ginn. En cours de route huet den Ëmweltministère sech zu Wuert gemellt an hien huet eben en double vitrage an dee Bassin de rétention gefuerdert. Datt den Ëmweltministère dat mécht, dat ass seng gottverdammt Flicht, an eigentlech hätt hien dat guer net brächten ze fuerderen, wann de Bauteministère respektiv d'Bauteministesch hir Flicht erfëllt gehat hätt. Dat wëll ech just ënnersträichen.

De Fait och, dass d'Concertshal iwuer keen eegene Parking verfügt huet, schéngt déi Responsabel och net mat Rou gelooss ze hunn. Och de Parking hat Urecht op eng Programmännerung. D'Mediathék, déi jo och mat gestëmmt gi war vun lech heibannen, war en cours de route kee Besoin méi: an aus der Mediathék ass en Accès zum Parking entstanen mat dräi Liften.

Fort, déi gutt Proposen, notament vum deemolege Rapporteur, fir Bustickete mat Entréesticketen ze verbannen; fort déi couragéiert Spréch iwuer d'Förderung vum öffentliche Transport bis bei dee kulturellen Dräieck um Kierchbiërg. Kee Foussgängerwee vun der Hal zum öffentliche Transport, deen ass op kengem Plang virgesinn. Et si Beem do gemoolt, mä kee Wee. Dat ass déi traureg Realitéit vun enger urbanistescher Zukunftsplanung um ënneschten Deel vum Kierchbiërg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn en impressionnant Gebai, wou ech menge jiddferen heibannen d'accord ass, datt et schéi gëtt; bal jiddferen sech freet, dass et dann awer nach fir d'Présidence zumindest zum Deel fäerdeg gëtt. Jiddferen ass och gespaant haut, esou wéi viru véier Joer, mä nach ëmmer kee weess esou richteg Bescheed - gradesou wéi viru véier Joer -, wat, wéini a wéi et herno fonctionnéiert.

An dat ka jo och net sinn, well Dir, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, am Joer 2000 e Bauprojet gestëmmt hutt an am Joer 2002 e Fonctionnementsgesetz gestëmmt hutt, an elo 2005 eng Adaptation budgétaire, ebe bedéngt duerch Programmännerungen, stëmmt. Also ass do iergendwéi eppes, wat net richteg fonctionnéiert.

An aus deene Grënn kënnen mir dese Projet haut hei net mat stëmmen an domadder soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. - Merci, Madame Loschetter. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR). - Merci, Här President. De Rapporteur huet et scho gesot, ëmmer erëm - et fällt engem geschwënn näischt Neies méi an - ass et effektiv gebetsmühlentaartig ëmmer datselwecht, wat hei widerholl gëtt an et kritt ee scho bal d'Flemm.

Ech wëll ganz kuerz rappeléieren, datt mer hei mat enger ganz substanzierter Augmentatioun befaasst sinn, souguer wann een d'Adaptatioun un d'Entwécklung vun de Baupräscher mécht, da sinn et vläicht keng 38%, mä awer nach 35,5%, mä dat mécht leschten Enns der Kaz dat kee Bockel. Den Ennpräis geet doduerch erop bis op 4,6 Milliarden där aler Frangen.

Eent muss een awer och nach dozou soen. Am Oktober 2004, Här Minister, wéi Dir eis déi Tableaue virgeluecht hutt vu praktesch sämtleche Projeten, déi en cours sinn, war et schonn iwuer déi autoriséiert 83,8 Milliounen Euro eraus, well 106 Milliounen Euro engagéiert waren, dat heescht 26% méi wéi d'Gesetz et zouléisst. An Dir sidd domat ganz kloer an der Illegalitéit vis-à-vis vun deem Gesetz, wat mer hei gestëmmt hunn, wat d'Regierung obligéiert, datt keng Engagementer därfe geholl ginn iwuer dat eraus, wat gesetzlech autoriséiert ass.

Ech stelle mer d'Fro: Wéi solle mer d'Leit dobaussen dozou bréngen fir d'Gesetz, déi mir hei stëmmen, ze respektéieren, wann d'Regierung selwer sech net dorunner hält?

Här President, ech wëll e Wuert soen zu den Ursaachen. De Minister huet eis gesot, et wier en exceptionnellé Projet, a mir hätte jo hei, als déi Leit, déi dat bauen, keng Referenzen, duerfir wier et immens schwéier gewiescht, fir dat alles richteg anzeschätzen.

Ech mengen, de Problem läit virun allem dran, datt hei ee Gebai gewielt ginn ass, quitte datt et eng Kommissioun war, déi de Choix gemaach huet. Et war jo e Concours an et war eng Kommissioun vun anscheinend ganz dichtege Leit, déi dann de Projet erausgewielt huet, wat fir een dee beschte sollt sinn. De Problem ass, datt dat praktesch nëmmen no sou genannten esthetesche Kritäre vir sech gaangen ass. Ech hunn, wéi ech och déi Débaté vun deemools nogelies hunn, e flott Zitat fonnt, wat ech lech hei net wëll virethalen, vum deemolege Spriecher vun der CSV, dem regrettéierten Nicolas Strotz, dee gesot huet...

(Interruptions diverses)

Une voix. - Regrettéierten?

M. Robert Mehlen (ADR). - Wa mer vun hei aus dat kucken - mir bedauere jo, datt hien net méi hei ass. E seet, oder hien huet gesot: „Déi harmonesch geschwonne Forme vum Projet spigelen d'Philosophie vum Portzamparc erëm, deen d'Rhythmik an d'Harmonie vun der Musek gläichsetzt mat der Metrik an de Proportionen vu senger Architektur.“

(Interruptions)

Do fanne mer scho vläicht eng vun den Explikatiounen, woufir déi Affär eis hei aus dem Rudder gelaf ass. Do hëlleft et och näischt méi, wa mer dann elo gesot kréie vun de Leit aus dem Ministère, an Zukunft soll méi Wäert op de Facteur Economicitéit geluecht ginn.

Hei ass, an dat huet d'Madame Minister och scho gesot, e Projet sommaire gestëmmt ginn. Dat ass esou e bëssen - wéi ee seet - Daum mol Pi, an da kucke mer emol wou mer erauskommen. Et ass awer onbegreiflech, datt d'Oploe vun der ITM, déi awer jo méi oder weiniger bekannt sinn, an och déi vun Environnement hei einfach op der Säit gelooss gi sinn, net berücksichtegt gi sinn.

Et si scho Kolleegen, déi virun drop higewisen hunn, datt hei déi eenzel Verglasungen, ofgesi vum thermeschen Effet, wann ee gesäit, datt do praktesch nëmme Glas ronderëm ass, et ass jo net nëmme de Wanter, wann et kal ass, dee Bau do bal net ze hëtze wär, mä och de Summer, wann et extrem waarm ass - quitte datt déi Kolonne ronderëm vläicht e bëssen ofhalen - esou e Bau thermesch net an de Grëff ze kréien ass, wann en net anstänneg isoléiert ass. Ofgesinn dovun, datt akustesche Momenter matspillen, déi vill méi grouss si wéi déi Isolatioun vis-à-vis vum Parking, déi jo och nodréiglech imposéiert ginn ass. D'Affär vun Bassin de rétention, do géing ee mengen dat misst fir jiddferen eng Selbstverständlechkeet sinn.

Een anere Facteur ass d'Ënnerschätzung vun den technesche Schwieregkeeten. Ech erlabe mer hei och e Saz ze zitieren: «En plus l'extrême complexité architecturale et les exigences acoustiques ont été largement sous-estimées lors de l'avant-projet sommaire.» An do muss ee sech awer d'Fro stellen: Wéi ass esou eppes méiglech wann esou e Stararchitekt engagéiert gëtt, dee jo awer just an där Matière méi Erfahrung misst hunn?

Ech erlabe mer de fréieren a jëtzege Kolleeg Néckel Strotz nach eng Kéier ze zitieren, dee gesot huet: „De Christian de Portzamparc ass als Architekt an der Musekswelt

keen Onbekannten, huet hien dach schonn zu Paräis d'Cité de la Musique an de Conservatoire Eric Satie, an zu Nanterre d'École de danse de l'Opéra de Paris realiséiert.“ Vun esou engem Architekt misst een awer kënnen verlaangen, datt, wann hien e Museksgebaai konzipéiert, hie misst wëssen, datt een do misst op d'Akustik oppassen!

D'Geschicht vun de Kolonnen, do kéint ee jo e Roman driwwer schreiwen, wat alles do geschitt ass wéinst iwuerhaupt deene Schwingungen, wou op eng Kéier gefaart ginn ass a festgestallt ginn ass, datt déi kënnen kommen. An do - do schléissen ech mech deem u wat schonn anerer viru mer gesot hunn - si mer wierklech d'Versuchskanickel vun deem Architekt gewiescht.

Wann et net fir ze kräische wär, hätt ech bal misse laache wéi ech gelies hunn, datt bei der Ventilatioun - well se festgestallt hunn, datt d'Réier ze enk wäeren, a wann een da vill Loft doduerchbléist, dann dauscht et selbstverständlech - misst nodréiglech décidéiert ginn, datt méi grouss Réier misste kommen, fir datt een dat Gedausch dann am Concertsall net géing héieren. Ech géing och vun esou engem Architekt erwaarden, wann en dann eppes vu Museksgebaier kennt, datt hien dat vun Ufank u gewosst hätt.

Eng aner Geschicht - et kënt een der jo méi hei opzielen - ass de Revêtement de sol du disque, wou probéiert ginn ass fir mat enger dënner Schapp ze fueren, wat awer net gaangen ass, a wou elo dann Dalles en béton préfabriqué musse geluecht ginn, «dont la pose s'avère compliquée vu la dalle en pente.» - déi 3%, dat ass jo dat wat de Reiz bei der Geschicht ausmécht - «les nombreuses colonnes et l'exigence de poser des dalles de grands formats.»

(Hilarité)

Ech géing och mengen, datt esou en Architekt sech dach awer, wann hien esou eppes konzipéiert, där Problematik bal misst bewosst sinn.

Duerfir eis Fro: Wat ass genee den Optrag an d'Aufgabenstellung un den Architekt gewiescht? Wat ass seng Responsabilitéit bei deem Bau? Wat steet a sengem Vertrag a wéi gëtt hie rémunéiert? Ech hoffen, datt mer dat eng Kéier am Detail gewuer ginn. Huet hie just eng schéi Maquette an e puer Pläng geliwwert? Oder ass hien och fir d'Detailplanung an den technesche Volet verantwortlech?

Et gëtt eis gesot, hie géif net an deselwechte Proportionen un den Iwwerschreidunge verdénge wéi un Basisprojet. Ech hunn dat emol nogerechent. An deemem Projet, wou et jo em d'Augmentatioun geet, maachen d'Honorairen - dat ass hien awer wahrscheinlech net eleng - bal 17% vum gesamte Käschtepunkt aus. Am urspréngleche Projet de loi waren et 12%. Iergendwou passt dat Ganz dann awer net beieneen. Am Ganze belafen d'Honorairé sech op ronn 15 Milliounen Euro oder 600 Milliounen Frang.

Här President, et ass jiddefalls onerträglech ze gesinn, wéi blauäugeg hei an dese Projet eragespronge ginn ass, wéi all méiglech Problemer net gesinn oder ënnerschat gi sinn, a wéi de Steierzueler dann och nach duerfir zousätzlech Honorairé bezuele muss!

Da kënt deen anere Punkt, deen och politesch net ze entschëllegen ass, datt sinn d'«demandes supplémentaires de la part des utilisateurs et du Ministère de la Culture» wat d'Changementer, heiansdo important Changementer vum Projet nom Vote mat sech bruecht hunn,

ouni datt d'Chamber duerfir hiren Accord ginn huet. Dat ass ënner anerem d'Accès vum Parking, dee geännert ginn ass. Et ass déi zweet Coque, déi dohinnergepraft ginn ass, ouni datt se viru geplangt war an ouni datt en Accord komm ass. D'Changementer vum Déambulatoire - ech hu mer Gedanke gemaach wéi een dat soll ẽmschreiwen. Dat ass déi Promenade, déi ronderëm den eigentlechen...

M. Henri Grethen (DP). - Dat ass eppes wéi ee Kräizgang.

(Hilarité)

M. Robert Mehlen (ADR). - Séier richteg, wéi fréier an de Kléischer, wou een da kann do ronderëm flanéieren, wann dann net grad Musek ass, an och vläicht e Pättchen drénken. Do sinn important Changementer virgeholl ginn. Da gëtt och nach vun der Falaise geschwat, déi iergendwéi Fielse soll duerstellen, an esou weider.

D'variabel Bühn, do muss ech alerdéngs soen, am initiale Projet war eng Fosse d'orchestre virgesinn, obschonn natierlech déi Fro gestallt gëtt: Wat maache mer mat esou eppes, wann et net soll a Konkurrenz zum Theater stoen?

(Interruptions diverses et hilarité)

(Coups de cloche de la Présidence)

De Conseil d'État, Här President, huet äusserst streng Kritiken ubruecht, an zu Recht! Ech erspueren lech d'Zitater, well et hu schonn anerer dat hei gemaach. E seet, datt et inakzeptabel ass, an datt dat, wat hei geschitt ass, kee responsablen Émgank mat de Steiergelder ass. Ech muss awer bedauern, well ech hunn an der Kommissioun gefrot, datt mir als Chamber weinstens sollten de Saz hannendru setzen: «La commission se rallie à ces critiques.»

Dat ass mer vun der Majoritéit refuséiert ginn, an duerfir hunn ech de Projet och net gestëmmt. Mir haten dat schonn eng Kéier hei. Ech bedauern dat, well dat hei ass kee Parlament wat Krallen an Zänn huet vis-à-vis vun der Regierung wéi ee sech dat géing wënschen. Dat hei ass e Pabeiertiger, deen ëmmer erëm eng Kéier e bësschen opmuckt, a méi passéiert net.

Här President, ech wollt och nach agoen op e puer Entgleisungen, déi an där ganzer Prozedur hei geschitt sinn. Et ass gesot ginn, op d'Demande hin an der Kommissioun, den Architekonecours wär ouni Enveloppe globale a contraignante ausgeschriwwen ginn. Ech wollt wësse wat dann d'Konditiounen gewiescht wäeren, déi d'Architekone gestallt kritt hätte wéi se dann de Projet auszeschaffe kritt hunn oder hiren Entwurf virzeleeë kritt hunn. Wéi soll een ënner esou Konditiounen den Architekt responsabiliséieren?

Mir wëssen, datt selbstverständlech d'Tendenz do ass fir sech Denkmäler ze setzen. Net nëmme bei de Politiker, mä och bei den Architekten. Dat ass evident. Mä just duerfir ass et awer noutwendeg, datt ee se mat an d'Boot eranhält an datt een hinnen, och bei esou Projeten, d'Konditioun setzt, datt de Budget, deen zur Verfügung steet, muss respektéiert ginn.

Et kann ee sech d'Fro stellen: Huet d'Geld hei keng Roll gespilt? Well mir waren an enger Zäit wou d'Geld nëmmen esou erageschneit komm ass. Et kann ee sech och op de Standpunkt stellen, wann een esou en ambitiöse Projet wëllt realiséieren, datt ee seet: Mir hätte gär den dat, a wat et dann herno kascht, dat bezuele mer. Ech wëll awer gläich hei soen, datt mir net där Meenung sinn. Et wär och contraire zu enger seriöser Finanzplanung ganz allgemeng, an et wär contraire zum Artikel 99 vun der Verfassung, soss brächte mer jo net en extrat Gesetz ze stëmmen.

Wann een den Débat vum 7. Dezember 2000 kuckt, wou jo hei iwuer den éischte Projet debattéiert ginn ass, et ass schonn zitéiert ginn, den Här Garcia huet ënner anerem gesot, am Ufank wär et mat 2 Milliarden ugaangen. Du war et op eng Kéier 2,6 an dann op eng Kéier 3,2.

Mäi Kolleeg Fernand Greisen huet deemools och hei drop higewisen: „Wat awer elo - ech zitieren hie kuerz - de reelle Baupräis ubelaangt, hu mir do eng Suerg.“ Do muss ech un all déi Iwwerschreidungen erënnere, déi eise Baute-ministère eis deslescht huet misse beichten. D'Beispiller Pei-Musée oder de Geesseknäppche soen lech genuch. Och den Theater vun der Stad Lëtzebuerg ass do ze ernimmen.

D'Fro un den Här Minister ass déi: Ass des Kéier den Devis korrekt? Sinn des Kéier d'Parkingen an d'Baussenanlagen derbäigerechent ginn, oder kréie mer erëm stéckelchersweis alles nogereecht? Kann den Här Minister eis hei garantéieren, datt si zum Schluss vum Bau net erëm eng Kéier komme muss fir nei Dépassementer matzedeelen an nei Kreditter unzefroen?

D'Madame Minister - mä Virriedner, den Här Diederich, huet schonn e groussen Deel hei zitéiert - huet ganz kloer gesot, si hätt Drock op den Architekt gemaach, an hien hätt hir versprach oder d'Assurance ginn, hie kënt de Präis halen. A si seet selwer, et soll esou sinn, datt d'Statsgelder spuersam agesat ginn, an et soll och net esou sinn, datt ee mengt, wann 3 Milliarden an der Luucht stinn, da wieren déi „dus“ vu vireran, well wann et méi béleg gëtt, desto besser. Si ass dovunner ausgaangen, datt se eventuell nach kënt drénner bleiwen.

Ergo kann een dovunner ausgoen, datt deemools de Präis schonn eng Roll gespilt huet, an datt d'Chamber, wa se hei e Gesetz gestëmmt huet, eng Enveloppe budgétaire, schonn dovunner ausgaangen ass, datt sech misst dru gehale ginn. Aus där Siicht gekuckt ass dat, wat mer haut musse stëmmen, en totalen Echec.

Et ass vläicht dorop zrëckzeféieren, Här President, datt de Kulturministère an de Bauteministère an enger Hand waren. Ech mengen, et soll een an Zukunft drop oppassen, datt wierklech do eng Trennung ass, an datt deen ee Minister muss bei deen anere goe fir eng Autorisatioun ze froe wann eppes ass, an datt dee selbstverständlech dann och d'Prozedur anhält, déi mer wëllen aféieren, datt d'Chamber consultéiert gëtt wann Ännerunge kommen.

Eis Fuerderungen, ech hu se schonn hei opgezielt: Et ass op jidde Fall noutwendeg, datt d'Architekten, d'Bureaux d'études an de „project manager“, datt dat muss op den Dësch kommen, datt si och musse responsabiliséiert ginn. Mir sinn amgang d'Prozeduren ze iwerschaffen. Ech sinn och der Meenung, datt d'Chamberbautekommissioun an Zukunft d'Projeté méi genau ënnert d'Lupp huelen, examinéiere loosse, wann et net anescht geet, ob dat alles realistesch ass, wat se dohinner geluecht kritt huet, well et war an der Vergaangenheet net realistesch. Et mussen och politesch Sanktiounen kommen, wa sech net dru gehale gëtt.

M. le Président. - Här Mehlen, ech muss och déi Décisioun huelen, well Är Zäit ofgelaf ass.

M. Robert Mehlen (ADR). - A geschicht beim Här Ausseminister! Ech sinn direkt fäerdeg.

M. le Président. - Jo, deen huet aner Mëttele wéi Dir, Här Mehlen.

M. Robert Mehlen (ADR). - Ech kommen zur Konklusioun. Eng

Kéier méi ass den Devis staark iwwerschratt ginn, an zwar 5 bis 36 Prozent. Eng Kéier méi kann d'Chamber näischt anescht wéi en décke Kredit nostëmmen, eng Kéier méi kënnt ee sech als Deputéierten zimlech „ver...“ vir, eng Kéier méi kënne mer dofir déi responsabel Ministesch net zur Verantwortung zéien, eng Kéier méi, dofir Félicitatiounen un d'CSV, déi se preventiv aus der Schossinn geholl huet.

Déijéineg, déi dese finanziellen De-saster ze verantwerten hunn, sollen och elo hir Verantwortung iwwerhuelen. Mir haten den éischte Projet gestëmmt. Mir kënnen d'Augmentatiounen awer net stëmmen a mir wäerten eis dofir enthalen.

Merci.

M. le Président. - De Baute-minister, den Här Claude Wiseler, huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt d'selwecht wéi meng Virriedner dem Rapporteur Merci soe fir säi gudden Rapport, deen e gemaach huet, an och deene Kommissioun mat deenen ech d'Geleeënheet hat iwwert dese Projet an deene leschte Méint zesummen ze schaffen, der Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire, der Commission de la Culture a selbstverständlech der Commission des Travaux publics, déi diesen Text a sech behandelt huet.

Déi Zesummenaarbecht, déi mer op desen Dossier haten, war an der Kommissioun eng ganz konstruktiv Zesummenaarbecht, an ech hunn och gehalen, relativ schnell, notamment an d'Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire ze kommen, direkt de 27. September, well ech der Meenung war, datt et wichtig ass fir des Chamber esou schnell wéi méiglech iwwer Froe wéi déi hei ze informéieren, fir ze kucken wat fir eng Prozedur mer géinge gemeinsam kënnen huele fir dee Problem, deen dee Moment manifestement do war, ze léisen.

Et war also fir mech extrem wichtig, esou schnell wéi méiglech déi Relatiounen a Klarheet mat der Chamber unzefänken, fir eng konstruktiv Aarbecht kënnen ze maachen.

Mir sinn an deenen Diskussiounen, déi mer haten, och virukomm, och an deenen Diskussiounen iwwert desen Text, an déi Diskussiounen hunn eis ëmmer erëm a menger Appréciatioun zréckgefouert, datt mer sécherlech eng ganz Rei Froen op deem Dossier individuell haten, mä datt mer iwwert deen individuellen Dossier vun der Concertshal, an et ass schon ugeklonge wéi virdrun iwwert d'Nordstrooss oder iwwert d'Cité judiciaire geschwat ginn ass, datt mer och e strukturelle Problem hunn an der Virgehensweis, déi mer momentan hunn an der Prozedur, déi mer säit Joren amgang sinn, d'Chamber op där enger Säit, d'Regierung op där anerer Säit, ze maachen.

An ech wëll selbstverständlech eng ganz Rei Saachen iwwert dese Projet individuell soen, an duerno awer och vläicht dat eent oder anert Wuert iwwert déi prozedurell Froen, esou wéi se sech hei applizéiert hunn, mä esou wéi se sech awer och, wa mer se net änneren, sécherlech nach wäerten an Zukunft reproduzéieren.

Dat éischt iwwert de Concertsall. Ech wëll net ze vill dat resüméieren, wat éischts am Exposé des motifs schon an all Detail steet, wat och vun enger Rei vun lech gesot ginn ass, wou déi verschiden Emännerungen hierkommen. Éischts als Demande vun den Utilisateuren, wou de groussen Auditorium anescht gemaach ginn ass, mat anere Plattformen, wou den elektro-akustesche Sall méi grouss ginn ass, wou de Foyer ver-

bessert ginn ass, wou och d'Variabilitéit vun der Akustik verbessert ginn ass, d'Adaptatioun vun de Bü-roen, fir se anescht ze agencéieren, datt se och deem entspreche wat duerno gebraucht gëtt, den Aménagement vun den administrativen Zonen, d'Surfacé vun de Bü-roen, den techneschen Equipement, wou a sech gekuckt ginn ass, datt och d'Utilisatioun am Dagdeeglechen, wa keng Concerté sinn, anescht ka gemaach ginn, praktesch ka gemaach ginn, sécher ka gemaach ginn.

Dann déi architektonesch Partie, wou a sech de Parking vun der Place de l'Europe direkt domadder verbonne ginn ass, wat engem erlaabt, dann och independent eng Billetterie op ze hunn, ouni de ganze Concertsall opzehalen, also och d'Fonctionnalitéit wesentlech verbessert huet, wat awer mat sech bruecht huet, datt beim initiale Projet eng zweet Coque dobäikomm ass, den Déambuloire, dee modifiéiert ginn ass, dee méi funktionell esou ass, wéi en elo ausgesäit.

D'Verrière, d'Colonnaden, et ass driwwer geschwat ginn, Amortisseurs dra wéinst de Vibratiounen, d'Exigences thermiques, déi ugepasst gi sinn, an déi haaptsächlech, an dat ass de wesentleche Punkt, obwuel en elo net hei an der Diskussioun esou erklongen ass, déi an Aklang bruecht gi si mat den architektoneschen Exigence vun der Transparenz haaptsächlech, wat net ëmmer bei thermeschem Glas esou ginn ass.

De Bassin de rétention, do gëtt gesot, dat hätt een alles missen am Viraus wëssen, mä och do gëtt et eng ganz Rei Méiglechkeeten, an de Bassin de rétention ass an enger zweeter Etapp als Solutioun festgehale ginn, wéi se an deem Fall ubruecht war, och wann aner Solutiounen hätte kënnen envisagéiert ginn. Déi akustesch Exigence, an ech kommen duerno nach eng Kéier drop zréck.

Den Här Calmes huet gesot, et hätt een d'Impressioun, datt den Architekt eis hei op d'A gedréckt hätt. Ech muss soen, déi Prozedur, déi mer gewielt hu fir den Architekt erauszewielen, ass jo awer eng ganz classesch Prozedur. Et ass en internationale Concours, wou eng ganz Rei Architekten, där enger, där anerer, déi vu Lëtzebuerg, déi aus Europa, déi aus dem Rescht vun der Welt zougeloo ass ginn. Et ass e Concours, wou anonym jugéiert gëtt. Dat heescht, et gëtt net op en Numm jugéiert. Et kommen eng Rei Projeten eran, dat Ganz ass versigelt, et sinn eng Rei Experten, déi, mengen ech, awer eppes vun deem Dossier kennen.

Ech kann lech och opziele wien alles an deem Jury war, wann Der dat wëll, mä ech denken, datt dat alles Leit waren, déi erausgesicht gi sinn, well se eppes vun deene Problemer kennen, déi also anonym iwwer zéng Projeten dohinner geluecht kruten a wou eng gewësse Prozedur besteet, fir ee Projet dann erauszewielen. An doropshi kënnt dann e Laureat eraus, an et gëtt den Numm ebe bekannt wann d'Enveloppe opgemaach gëtt vun deem Projet, deen erausgewielt ginn ass. Dat ass awer eng Prozedur, wou ech muss éierlech soen, a priori gesinn ech net wéi een dann d'Prozedur kann anescht maachen.

An da kommen dem Här Mehlen seng Froen hannendrun, dee seet: Ma no wat fir enge Kritäre jugéiert dann déi do Kommissioun? Mä do gëtt et der eng ganz Rei.

Ech hunn dat matbruecht. Dir hat ee Moment gefrot an der Kommissioun, ech soll lech et resüméieren. Mir hunn et net fäerdeg bruecht, well dat wat déi Leit an de Grapp kréien, dat sinn zwee Bicher, wou dann all Detail dra steet vun all Sall vun deem wat a sech gefrot ginn ass, an doropshi muss dee Projet ausgeschafft ginn, mat deenen eenzelne Spezifitéite vum Sall, wat fir eng Fonctionnalitéite se

hunn, wéi se muss gesinn an dat muss dann den Architekt a sengem Projet eralliwweren. An de Jury, dee soll duerno jugéieren, an dat ass och am Concours vum Jury festgehale, an dat kréien och d'Leit vir-druck matgedeelt, och eng Rei Kritären.

An et gëtt nëmmen ee Kritär, mä dat ass dann d'Conception architecturale intérieure et extérieure, dat sinn d'Traitements des aspects acoustiques, d'Relations fonctionnelles d'utilisation, den Accomplissement du programme et des fonctions, d'Économie, och als e Kritär, d'Conception technique énergétique et structurelle.

Elo kann een natierlech soen am Nachhinein, datt ee vläicht d'Pondératioun vun deene Kritären hätt kënnen anescht maachen. Ech mengen, datt mer dat och sollen anescht an Zukunft maachen. Ech wëll och op dee Wee goen, datt mer vläicht dem Kritär vun der Économie eng aner Gewichtung ginn, an och a priori anescht upaken, mä ech wëll just soen, et ass awer net, datt en net considéiert ginn ass dee Moment wéi de Jury de Projet lauréat erausgesicht huet. Dat just fir déi Fro.

An dann huet ee sech d'Fro gestallt, ech wëll déi och nach eng Kéier kloer soen. Doropshi, nodeem déi Emännerungen dann all am initiale Projet gemaach gi sinn, kann ee sech natierlech d'Fro stellen: Huet dat do misse sinn oder hätt een dat net kënnen virausgesinn? An all Ried, déi mer haut héieren hunn, hutt Der jo déi zwou Froen héieren: Huet dat misse sinn an hätt een et net kënnen virausgesinn?

Huet et misse sinn? Eng einfach Fro, mä wéi esou vill einfach Froe gëtt et keng einfach Antwort op eng einfach Fro, well d'Fro am Fong guer net esou einfach ass wéi se an deene fënnel Wieder, déi een do héiert, kënnt emol draus schléissen. Et ass eng komplizéiert Fro an eng komplizéiert Antwort.

Verschidde Saachen hu misse sinn. Déi Saache vu Sécherheet, Stabilitéit, Veruerdung vu Wärmeschutz, hu misse sinn. Ech kommen duerno op d'Fro zréck: Hätt een et kënnen virausgesinn? Mä se hu misse sinn, do si mer eis jo am Prinzip alleguer eens.

Bei anere Saache kann ee sech natierlech soen: Et hätt eventuell net misse sinn. Wann ech vun enger zweeter Coque, der Surveillance vun de Kamerae schwätzen, engem aneren Déambuloire, der Entrée vum Parking, der Verbesserung vun der Akustik, hätt een dat och anescht kënnen ugoen. Mä natierlech all déi Antworten, déi hei gi gi sinn au fur et à mesure wou de Projet evoluéiert huet, droen awer, an dat huet jo och kee Mensch haut ugezweifelt, wesentlech zur Verbesserung vum Projet bäi. Dat kann een am Prinzip och net contestéieren an et ass an deem Sënn - dat gesinn ech an et ass dat, wat ech wëll soen; ech hunn déi Décisioun net geholl - wou déi Décisiounen sengerzäit geholl gi sinn.

Elo kann ee sech natierlech Froe stellen iwwert d'Prozedur, wéi dat hätt kënnen, wéi dat hätt sollen oflafen, an ech kommen duerno nach eng Kéier op déi Froen zréck, well dat och hei am politesche Feld wesentlech Froe sinn.

Dann ass d'Fro: Hätt een dat kënnen virausgesinn? Déi ass jo och oft gestallt ginn. Wéinst der Zäit ginn ech do nëmmen zwee grouss Bléck vun Antworten. Selbstverständlech hätt ee sécherlech eng Rei Saache kënnen virausgesinn, mä ech wëll awer soen, dass een an deem Moment, wou en Dossier hei an d'Chamber kënnt, net alles ka virausgesinn. Firwat?

Et ass virdu gesot ginn, et kënnt een hei an d'Chamber mat engem Dossier, deen am APS-Stadium, dat heescht an engem Avant-projet-sommaire-Stadium ass. Dat ass ee Wuert wat jidderengem eppes seet, mä wat heescht dat fir d'Prozedur? Dat heescht, datt eréischt nom APS, an dat ass déi classesch Prozedur, eng Rei Étude gemaach ginn.

Déi ganz Etüd iwwert de Kommodo-Inkommodo, déi gëtt op den APD - op den Avant-projet définitif - gemaach, an définitiv gëtt d'Technik eréischt festgeluecht op Basis vun engem APD, dat heescht nom APS. Dat muss een einfach wëssen. An den définitiven Dossier kritt een dann eréischt, wann een APD-Pläng ka virleeden; dat ass e wesentleche Punkt. An dat ass ee Punkt, dee mer duerno, wa mer iwwert d'Prozeduren nodenken, awer mussen a Considératioun zéien, well op Grund vum APS leet kee sech op déi définitiv Technik fest, déi een a Sécherheetsnorme muss kënnen gebrauchen.

Émwelt: Déi Étude énergétique iwwert dee ganze Projet ass nom APS gemaach ginn. Et ass eng Etüd iwwert den „Ensoleillement et déperdition de chaleur“ - heescht dat - gemaach ginn, nodeem datt den APS fäerdeg war, fir den APD opzustellen. Et ass eng „Simulation en feu réel“ gemaach ginn nom APS fir den APD, an et ass eréischt do wou déi ganz Problematik vum Désenfumage définitiv huet kënnen geléist ginn, wou och d'Stabilitéit vun der Struktur, am Fall wou et ee Feier gëtt, ausgerechent ginn ass en fonction vun de Kalorien - normalerweise ass dat en anere Bereich -, déi agebaut ginn an e Bau-thermesch Kalorien -, a wann e géing verbrennen, wat fir eng Hëtz dee kann entwéckelen. Dat ass natierlech eréischt nom APS gemaach ginn.

Duerno ass vun den Ingenieure suggéiert ginn, datt eng Étude de vibrations soll gemaach ginn, a wat d'Kolonnen ugeet, do sinn Essai-en-soufflerien - ech entschëllege mech fir déi franséisch Terminologie, mä et ass elo méi einfach gemaach ginn an duerno sinn eng Rei Moosname geholl ginn.

Vun der Akustik, do gëtt gesot: Jidderee weess jo, datt et e Concertsall ass, also hätt ee misse déi Akustik virdu kucken! Jo, dees sinn ech mer och bewusst. Mä déi Akustik ass och zu engem Deel virdu gekuckt ginn, an zwar vun engem Akustiker, dee Xu geheescht huet. Deen huet virdu Computersimulatiounen gemaach, fir déi Akustik kënnen zu engem Deel festzeleeden. Et ass awer eréischt duerno wou eng Maquette 1:20 gemaach ginn ass a wou Akustikwuerpréiwunge mat Material gemaach gi sinn, esou wéi et dann och dra kënnt, a wou définitiv festgehale ginn ass, op Basis vun deenen Etüden, mat wat fir engem Material géing geschafft ginn.

Et sinn och zousätzlech Studie gemaach ginn iwwert den akusteschen Isolement vu baussen, wou duerno dann définitiv festgehale ginn ass, wéi dee soll ginn. Dat war awer nom APS. Et konnt een déi och kaum, well dat immens pousseiert Étude sinn, virdu maachen; si sinn also vum APD, awer nom APS gemaach ginn.

M. le Président. - Här Wiseler, hutt Der nach fir laang?

M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics. - Jo, et dauert nach e wéineg, Här President.

Duerfir sinn dat awer wichtig Studie gewiescht an duerfir muss ee sech hei iwwert déi Prozedur Gedanke maachen. Ech soe jo awer och ganz kloer, datt d'Chamber e Recht huet fir e Präis ze kréien, deen zu engem Deel deene Saachen, déi wesentlech sinn an esou engem Gebai, Rechnung dréit, fir datt Der besser kënnt wëssen, wat Der dann elo stëmmt a wat et kascht. Dofir ass dat do, mengen

ech, awer zu engem Deel eng Prozedurro.

An dann ass gesot ginn - ech mengen et war d'Madame Loschetter -: Et ass jo awer och normal, datt Der den Utilisateur virdu musst froen, an et ass net seriö, datt am Fong eréischt den Dag selwer den Établissement public hei virgestallt ginn ass. Do soen ech lech awer: Wann de Projet de loi sechs Méint virdu virgestallt gi wär a souguer wann en zur selwechter Zäit, wéi d'Concertshal gestëmmt ginn ass, hei déposéiert gi wär, e wär och nach deeselwechten Dag gestëmmt gi wéi d'Concertshal, dann hätte mer nach ëmmer den APS gestëmmt gehat an den Établissement public vläicht deeselwechten Dag, mä dann hätt Dir eis awer virdrun nach keen Avis ginn, well e wär nach net en place gewiescht.

Mir brauchen also theoretesch schon en Établissement public, wa mer lech do nolauschten - an ech verstinn dat jo och als Gedanken -, dee mer virdu stëmmen an d'Leit virdrun zu engem Deel engagéieren, datt se eis kënnen eng Meenung ginn, an da soe mer Jo oder Nee zum Bau. A wa mer dann Nee zum Bau soen? Dir verstitt de Problem.

An de Problem ass elo momentan och net méi esou akut, well ech elo net an deenen nächsten zwee bis dräi Joer Baute gesinn, wou mer iwwert den Établissement public an där Form fueren.

Wou Der Recht hutt, dat ass, datt et vill besser ass, et weess een déi Saache virdrun; dat ass absolut evident. Wa mer awer an deenen nächste Joren, an dat wäert en Haaptuleies sinn, Schoulen oder Ähnlech, Altersheimer, déi Der haut gestëmmt hutt, oder wat och ëmmer, bauen, da geet dat natierlech vill méi einfach well den Utilisateur scho bekannt ass a well Der déi Referenzpersoun, déi Der hutt, kënnt détachéieren an dohinner setzen, a mat där virdu schon zumindest een Deel - et geet och nach net alles - determinéieren. Dat ass och déi richteg Prozedur; dat ass déi, déi ee soll maachen.

Ech wollt lech awer elo just soen, datt et an esou engem Fall wéi deem hei esou einfach wéi dat elo beschriwwen ginn ass trotzdeem net ass an net war déi Zäit. Et ass op jidde Fall e wéineg méi komplizéiert a mengen An, obwuel ech lech inhaltlech Recht ginn.

Elo ass et och vill manner problematesch wann een all déi Froen do an engem classesche Bau ugeet, an engem Bau deen ee kennt. Wann een eng Schoul baut, en Altersheim, administrativ Gebai, dann huet een eng Standardisatioun an et kënnt ee weider.

Ech probéieren an zwou, dräi Minuten ofzeschléissen, Här President.

M. le Président. - Jo ech géif lech wierklech bieden, Här Minister. Dir hutt Är Zäit elo ëm 50% iwwerschratt, a wann d'Deputéierten sech hei alleguerte Méi gi fir sech plus ou moins un d'Zäit ze halen, muss d'Regierung och ze maachen, och wann den Dossier e bësse méi komplizéiert ass.

M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics. - Et ass gutt, Här President, ech probéieren dann hei zwou Iddien nach ze soen, an de Rescht loossen ech dann ewech. Dat ass, datt mer hei e Bau mat enger relativ grousser Komplexitéit haten. Et ass virdu gesot ginn, d'Komplexitéit wär ënnerschat ginn. Si war och schwéier virauszegesinn an d'architektonesch Erausforderungen, déi sech gestallt hunn, ware méi grouss wéi een dat am Ufank virausgesinn hat.

Dozou kënnt, datt bei esou engem Projet d'Fro vun de Soumissiounen net ëmmer evident ass, well just bei esou onklasesche Bauten d'Präisser, déi an deenen eenzelne Soumissiounen sinn, ganz schwéier

am Viraus ze schätze sinn, haaptsächlech bei esou exceptionnellé Konstruktiounen wéi déi hei eng ass.

An da kënt nach dozou - an dat muss een einfach och wëssen -, well et esou een technesch schwéiere Projet ass, well et eppes Onübliches ass, datt een och net onwahrscheinlech vill Firmen huet, déi Ugebote maachen, an datt am Fong d'Zuel vun de Firmen, déi Ugebote maachen, enorm kleng ass. Dat heescht dann, datt d'Konkurrenz net esou grouss ass an datt d'Präisser och net esou concurrentiel sinn a kënnen méi deier ginn, gradesou bei solche Baute wéi bei méi classeschen. An ech wëll just, datt een awer d'Komplexitéit vun der Problematik hei gesäit.

Da wëll ech soen, datt an deenen Diskussiounen, déi mer hunn - an ech wollt dorop agoen, mä da maachen ech dat net; da maache mer dat an de Kommissiounssit-

zungen -, mer eis genau déi Froen zesumme mussen stellen, mat deenen d'Realitéit eis konfrontéiert wa mer esou ee Bau wéi deen hei uginn - zum Beispill, dass mer soen: Wat fir eng Léisung fanne mer dann? -, fir datt ech déi berechtigt Bedenken, déi den Här Mehlen, den Här Calmes an d'Madame Loschetter hei ugemellt hunn, ka mat an d'Chamber bréngen a mer driwwer kënnen diskutéieren, an enger Etapp wou et nach sénnvoll ass ier gestëmmt gëtt.

Dat ass déi Fro, déi ech gär mat lech géif léisen a wou mer Methode mussen fannen. Et ass och wesentlich, datt wann een duerno nach ähnlech Problemer huet, well där kommen och nach duerno vir, mer eng Prozedur fannen, déi ee ka mat lech diskutéieren, wéi eng Léisung mer dann huelen. Dat ass mäi Wonsch an ech hoffen, datt mer esou schnell wéi méiglech do zu enger Léisung kommen, well déi nächst Projekte muss ech an Zu-

kunft déposieren, an ech hätt am allerléifste mer géngen dat mat där neier Prozedur kënnen maachen, well et géng mir d'Saach fir d'Zukunft ganz vill erlichteren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président. - Merci, Här Minister, fir Är Ausféierungen. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 5413. Den Text steet am Document parlementaire 5413².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugehall mat 36 Jo-Stëmmen, 7 Nee-Stëmmen an 12 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM.

François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. François Maroldt), Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel (par Mme Lydie Err), Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein (par Mme Lydia Mutsch), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Felix Braz),

Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Charles Goerens), MM. Emile Calmes, Charles Goerens, Henri Grethen, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.41 heures)

Ordre du jour

5132 - Projet de loi relative au référendum au niveau national

3762 - Proposition de loi tendant à instituer un référendum d'initiative populaire

(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Résolution)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden et Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président. - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Neen, Här President.

M. le Président. - Merci, Här Minister.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5132 iwwer de Referendum. Am selwechte Kader gëtt d'Proposition de loi 3762 vum Här Robert Mehlen behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen, niert dem Rapporteur: d'Madame Flesch, den Här Bodry, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 5132, den honorebelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers!

5132 - Projet de loi relative au référendum au niveau national

3762 - Proposition de loi tendant à instituer un référendum d'initiative populaire

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, dee mer haut de Mëtteg diskutéieren an ofstëmmen, betrëfft de Referendum um nationale Plang. De Projet, deen dat virgesäit, d'Dokument 5132, ass den 20. Mee 2003 an der Chamber deponéiert ginn. Mir hunn am Laf vum Joer 2003 an 2004 d'Avisé vun de Berufschamberen kritt.

Den Avis vum Conseil d'État hu mer den 12. Oktober 2004 kritt. D'Kommissioun huet de Projet analyséiert, si huet dann den 29. November 2004 Amendementer un de Statsrot geschéckt, an de Statsrot huet de 4. Januar vun dësem Joer een zweeten Avis ofginn. D'Kommissioun huet de schréfleche Rapport an hirer Sitzung vum 12. Januar eestëmmege uegoholl. Gläichzäitig huet awer och d'Kommissioun d'Proposition de loi 3762 vum Här Mehlen mat diskutéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass dat éischt Gesetz hei am Land, wat déi allgemeng Bestëmmunge festleet no deenen e Referendum kann ofgehele ginn. Allerdéngs hate mer hei zu Lëtzebuerg schonn zweemol e Referendum. Zënter 1919 steet och an der Verfassung d'Recht op e Referendum. Et ass virgesinn, dass de Wieler an engem Referendum seng Meenung ka soen oder zu Wuert ka kommen. Dat ass geschitt am Joer 1919 zu der Fro vun der Dynastie an zu der wirtschaftlecher Orientéierung vum Land an 1937 an der Fro vum Verbuert vun eenzelne Parteien.

D'Gesetz iwwer e Referendum ass awer elo noutwendeg ginn, well d'Chamber am Dezember 2003 den Artikel 114 vun der Verfassung geännert huet. Deen neien Text vum Artikel 114 gesäit nämlech vir, dass bei alle Verfassungsännerunge mindestens 16 Deputéierten oder awer 25.000 Wieler e Referendum kënnen froen, fir iwwer e Verfassungstext ofzestëmme, deen d'Chamber an enger éischter Ofstëmmung guttgeheescht huet.

Am Projet, dee mer den 20. Mee 2003 vun der Regierung kritt hunn, war awer nach en anere wichtege Deel dran, eng wichteg Neierung war do virgesinn, an zwar d'Initia-

tive législative populaire an de Referendum, dee vun de Wieler selber konnt gefrot ginn. Deen Deel ass am Projet, esou wéi en haut zur Ofstëmmung kënt, net méi dran, also en ass net méi virgesinn. Déi verfassungsrechtlech Argumenter, déi de Statsrot virbruecht huet, hunn der zoustänneger Kommissioun ageliicht a si huet de Virschlag vum Statsrot uegoholl, fir zu dësem Moment deen Text net och ze analyséieren an och net der Chamber ze proposéieren.

Wann och deen Deel vum Projet iwwer d'Initiative législative populaire net zréckbehale gouf, ass et awer noutwendeg, mengen ech, sech mat den Argumenter ausereneen ze setzen an déi virzebréngen, firwat dass de Statsrot net mat deem Text d'accord war, a wat dann zu der Décisioun vun der Kommissioun gefouert huet, fir och deen Deel aus dem Projet zu dësem Ament ewechzeloossen. Duerfir wëll ech och hei a mengem mëndleche Rapport op d'Problematik vun der Initiative législative populaire agoen.

Déi Initiativ war fir d'éischt an der Regierungserklärung vum 12. August 1999 uegekënnegt ginn. Den Text hu mer am Mee 2003 kritt. Deen huet virgesinn, fir dat an e puer Wieder ze resüméieren, dass fënnf Wieler dem Statsminister eng Proposition de loi kënnen ënnerbreeden. Déi Proposition de loi kënt awer eréischt an d'Chamber goen, an d'Chamber weidergeleet ginn, wa si vun 10.000 Wieler ënnerstëtzt géif ginn.

D'Chamber wier fräi gewiescht, déi Proposition de loi unzehuelen oder ofzulehnen. Wann d'Chamber déi Proposition ofgelehnt hätt, hätt se hire Vote misse motivéieren. Wann d'Chamber d'Proposition de loi uegoholl hätt, mat Amendementer, hätt se dat misse maachen an zwou Ofstëmmungen an en Zäitraum vun dräi Méint dertëscht loossen. D'Dispens vum zweete Vote constitutionnel war net méiglech gewiescht, an tëscht deenen zwou Ofstëmmungen vun der Chamber hätten och d'Initiateure vun där Proposition de loi e Referendum mat konsultativem Charakter kënnen froen.

Et ass interessant fir d'Avisé vun de Berufschamberen ze liesen, well

déi meescht Berufschamberen hunn an hiren Avisen eng kritesch a souguer negativ Haltung vis-à-vis vun der Initiative législative populaire aegoholl. De Statsrot huet den Text haaptsächlech ënnersicht no senger Vereinbarkeet mat de Bestëmmungen vun der Verfassung, an zwar no der Vereinbarkeet mat den Artikelen 47, 51 an 59. Ech wëll déi Artikelen kuerz zitieren ouni iergendeen Kommentar iwwer een Avis ofzeginn, well de Rapporteur dat neutral soll bréngen.

Den Artikel 47 gesäit vir, dass de Grand-Duc an d'Chamber d'Initiativrecht op legislativem Plang hunn, obschonn deen Artikel weder dem Grand-Duc nach der Chamber do en Exklusivrecht araut. De Statsrot huet dann och den Artikel 51 zitëiert, dee virgesäit, dass Lëtzebuerg en enger parlamentarescher Demokratie leeft. Et sinn awer haaptsächlech d'Bestëmmungen vum Artikel 59 vun der Verfassung, déi de Statsrot uegefëiert huet, fir seng Opposition formelle zu deem ganzen Deel vun dem Projet de loi ze motivéieren.

De Projet hätt d'Chamber forcéiert, zwou Ofstëmmungen virzehuelen. Den Artikel 59 gëtt awer der Chamber d'Méiglechkeet fir sech vum zweete Vote constitutionnel ze dispenséieren, en accord mam Conseil d'État. D'Gesetz verstéisst domat ganz kloer géint den Artikel 59 vun der Verfassung wou d'Prerogativ vum der Chamber festgeluecht sinn.

No deene juristeschen, verfassungsrechtlechen Argumenter ass de Statsrot zur Konklusioun komm, dass d'Bestëmmungen iwwer d'Initiative législative populaire an dësem Stadium net kënnen vun him akzeptéiert ginn, an en huet duerfir proposéiert déi an dem Projet de loi ewechzeloossen an nëmmen d'Bestëmmungen ze ënnersichen - dat huet en och gemaach -, déi d'Modalitéite festleeën, no deenen e Referendum opgrond vun den Artikelen 51 an 114 vun der Verfassung ka stattfannen.

Déiselwecht Argumenter huet en iwwerens ugewannt bei der Proposition de loi 3762 vum Här Mehlen, an en huet déi Proposition de loi mat deeneselwechten Argumenter dann och ofgelehnt, wann een esou ka soen. En huet also och eng Opposition formelle zu där d'oter Proposition de loi gemaach.

D'Kommissioun vun den Institutiounen an der Verfassungsrevisioun huet d'Virschléi vum Conseil d'État

och genee analyséiert an huet sech dem Virschlag vum Conseil d'État ugeschloss, fir zu dësem Zäitpunkt och deen doten Deel iwwer d'Initiative législative populaire ewechzeloossen.

D'Kommissioun war awer och der Meenung, dass een domat d'Iddi vun der Initiative législative populaire net soll opginn, mä dass een am Rahme vun der Verfassung déi rechtlech Grondlag soll schafe fir déi Iddi ze verwierklechen, oder awer eng aner Méiglechkeet fir deen Deel vum Projet de loi esou ëmzeänneren, dass e mat der Verfassung vereinbar wär, wat allerdéngs keng einfach Aufgab, sief et fir d'Regierung oder fir déi zoustänneg Chamberskommissioun, wäert ginn.

Een zweeten Objet vun dem Projet de loi war am Fong geholl, fir dee gesetzleche Kader ze schafen, fir d'Organisatioun an d'Modalitéite vun dem Referendum festzeleeën, esou wéi en an den Artikelen 51 an 114 vun der Verfassung virgesinn ass.

Ech wëll hei net op all Detailler vun deem Projet agoen, dat si ganz vill technesch Detailler, ech wëll mech dofir beschränken op e puer Grondiddien, Grondiwwerleeungen, déi och schonn am schréfleche Rapport dra sinn, déi betreffen engersäits d'Problematik vun der Initiativ vum Referendum - Wie kann dann ee Referendum elo froen, a wéi geet dat vir sech? -, dann den Déroulement, de Verlaf vun dem Referendum an dann drëtten d'Resultat vum Referendum.

Fir d'éischt emol d'Initiativrecht, dat ënnerschiddlech ass, jee nodeem ob een den Artikel 51 oder den Artikel 114 hält. Am Artikel 51 ass virgesinn, dass ee Referendum op Grond vun engem spezielle Gesetz kann organiséiert ginn. De Conseil d'État ass och der Meenung, dass dat dann och nëmmen d'Chamber ka sinn, déi dat Gesetz stëmmt, an déi dee Moment de Wieler freet fir seng Meenung auszedecken iwwer eng Fro, déi em gestallt gëtt.

Et ass och esou, dass wann esou eng Fro gestallt gëtt, déi Äntwert ëmmer nëmmen e konsultative Charakter kann hunn, well nëmmen d'Chamber déi Instanz hei am Land ass - ausser wann d'Verfassung et virgesäit -, déi eleng Gesetzer ka stëmme.

Am Artikel 114 ass d'Initiativrecht een anert. Den neien Artikel 114 vun der Verfassung gesäit vir, datt d'Chamber iwwer all Verfassungs-

ännerung zweemol ofstëmme muss. Tëschent där éischer an där zweeter Ofstëmmung an der Chamber muss een Délai vun dräi Méint ofgewart ginn. An där Zäit kënnen méi wéi ee Véirel vun den Deputéierten, dat heescht minimum 16 Deputéiert, oder awer 25.000 Wieler e Referendum froen, andeem de Wieler no deem neien Artikel 114 entscheet! Dee Referendum huet also een décisionnellé Charakter. De Wieler entscheet, wat mat dem Text geschitt, deen d'Chamber an engem éische Vote uegholl huet.

Wann och 25.000 Énnerschrëften noutwendeg sinn, esou wéi den Artikel 114 et virgesäit, dann ass et awer fir de Referendum ze froen net noutwendeg, dass direkt déi Énnerschrëfte vu 25.000 Wieler müssen do sinn. Den Text gesäit nämlech vir, dass fir den Ustouss ze ginn, ee Comité vu fënnf Wieler eng Demande un de Statsminister ka riichte fir de Referendum ze froen. De Statsminister kann nëmmen d'Régularitéit vun der Demande préiwen, hie ka sech net iwwer d'Opportunitéit vun där Demande ausschätzen. Wann also d'Konditioun vum Gesetz erfëllt sinn, muss där Demande do eng Suite gi ginn.

Dee Moment, wou dat an der Rei ass, gétt eng Décisioun geholl, déi och publizéiert gëtt, an da leeft am Fong geholl d'Prozedur un, wou dann déi 25.000 Wieler sech kënnen androen a Lëschten, déi op de Gemengen ausleien. Déi Demande beim Statsminister muss an engem relativ kuerzen Délai gemaach ginn, well déi ganz Prozedur, fir déi 25.000 Énnerschrëften ze sammeln, muss, wéi den Artikel 114 vun der Verfassung et virgesäit, bannen zwee Méint ofgeschloss sinn.

D'Androen an d'Énnerschrëftelëscht geschitt op de Gemengen. De Statsrot huet och, well déi Prozedur an der Verfassung ganz kuerz ass, virgeschloen, dass déi Prozedur ganz serréiert misst sinn, an en huet och ganz kloer gesot, a wéi engem Délai déi énnel Operatione vun deem Énnerschrëftesammele misst geschéien a wéini dass se also no der Verfassung missten ofgeschloss sinn.

Et gétt dann no dem Artikel 114 d'Méiglechkeet, dass 16 Deputéierte kënnen ee Referendum froen, nodeem en éische Vote hei an der Chamber geschitt ass. Wat déi Prozedur uegt, ass et esou, dass de Statsrot do der Meinung ass, dass déi misst an de Règlement interne vun der Chamber agedroe ginn. Dat ass elo, souwäit ech weess, nach net geschitt. Et ass also eng Aufgab, déi och an nächster Zäit muss geschéien, fir dass wann d'Fro sech vun engem Referendum géif stellen, och d'Deputéierten d'Méiglechkeet hätte fir déi do Rechter wouerzehuelen.

Zweete Punkt, op deen ech wëll agoen, ass de Verlaf vum Referendum. Wann d'Énnerschrëftelëscht komplett sinn, wann 25.000 Wieler sech fir e Referendum iwwer eng Verfassungsännerung ausgeschwat hunn, da muss de Referendum an engem Délai vu sechs Méint stattfannen, et sief dann, dass an deem Délai Chambers- oder Europawahle wäeren, da gétt den Délai em déiselwecht Zäit verlängert. Wahlberechtigt sinn am Artikel 2 vun dem neie Gesetz, all d'Wieler, déi an de Wahlleschten agedroe si fir d'Chamberswahlen. D'Wahle sinn obligatoresch.

Eng wichteg Fro, déi sech och an der Kommissioun gestallt huet, ass déi, wéi de Wieler informéiert ka ginn. Et ass eng Informatiounscampagne am Gesetz selwer virgesinn, déi dora besteet, dass natierlech de Stat d'Publikatiounen muss an deem offizielle Blat vun Mémoires maachen. Et ass awer och virgesinn, dass d'Gemenge mat agebonne sinn an déi Informatiounspflicht, dass si op déi Aart a Weis wéi si mengen, dass et gutt wär, hir Bierger informéieren.

Deen Text, deen an enger éischer Ofstëmmung vun der Chamber uegholl ginn ass, muss awer och an der Gemenge ausleien, dass zu virgeschriwwenen Zäiten d'Bierger kënnen Kenntnis huele vun deem doten Text. Et ass och virgesinn, dass d'Gemenge samschdes mussen hir Büroen opmaachen, fir dem Wieler d'Méiglechkeet ze ginn, Asiicht ze huelen an deem doten Dossier.

Fir d'Kommissioun huet sech dann eng aner Fro gestallt, dat ass déi, déi wichteg ass, an déi gegebenfalls an enger Campagne kéint opkommen, nämlech wéi dann déi Wieler, déi sech an enger Initiativ entweder fir oder géint deen Text ausgeschwat hunn, wéi déi dann zu Wuert kënnen kommen, well et si jo hei net nëmmen déi politesch Parteien, déi eventuell gefuerdert sinn, mä et kënnen och aner Bierger sinn, déi Initiativen huelen. Et kéint sech ee Comité fir oder géint esou een Text bilden, da muss och gewosst ginn, wéi dann déi Bierger dobaussen un esou enger Campagne kënnen deelhuelen. Dat ass net am Text festgeluecht. Mir wäeren och der Meinung, dass dat eng Fro wär, déi vun engem Referendum zum aneren aneschtens kéint sinn, an dass dee Moment och déi Regele missten arrétéiert ginn, fir dass och jiddferen, all d'Protagoniste kënnen an de Medien zu Wuert kommen.

Et ass also eng wichteg Fro, déi nach net definitiv geléist ass, déi gegebenfalls an engem spezielle Referendum fir all eenzel Fro, déi dann dem Wieler ennerbreet gëtt, oder awer an engem Text vun der Regierung mat engem anere Gesetz misst festgeluecht ginn.

Eng aner wichteg Fro war déi am Zesammenhang mat dem Ausziele vun de Wahlziedelen. Wat geschitt mat deenen ongültegen oder mat deene wäisse Wahlziedelen? Et gétt auslännesch Texter, déi gesi vir, dass, fir dass ee Referendum positiv ausgeet, méi wéi 50% vun deenen ageschriwwene Wieler sech positiv missten dofir ausdrécken. Dat bedeit natierlech, dass déi ongültig an déi wäiss Wahlziedelen zu deenen negativen Äntwerte gezielt ginn.

Eis huet dat an der Kommissioun net korrekt geschéngt, dofir ware mer der Meinung, et misst een eng Dispositioun an den Text erabringen, déi ganz kloer ausseet, wat mat den ongültegen a mat de wäisse Wahlziedele geschitt. D'Kommissioun huet virgeschloen, dat ass een Text, deen de Conseil d'État uegholl huet, dass déi ongültig an déi wäiss Wahlziedelen net gerechert ginn. Déi ginn also ofgezunn. Et sinn also nëmmen déi Wieler, déi mat Jo oder mat Neen äntwerten, déi gezielt ginn, déi valabel sinn an dass dee Moment déi Wahlziedelen, déi mat Jo geäntwert hunn, wann do d'Majoritéit an déi Zuel méi héich ass wéi déi negativ, déi mat Nee gestëmmt hunn, dann ass d'Resultat positiv.

Ech hunn, dat ass e leschte Punkt, eigentlech d'Resultat vun Referendum schonnes geschnitten an ugedeit. Beim Artikel 59 huet de Referendum ëmmer nëmmen e konsultative Charakter. Am Artikel 114 entscheet de Wieler direkt wat mat dem Text vun der Verfassung geschitt. Do substituéiert e Referendum sech dem Vote vun der Chamber.

Wann de Referendum eriwuer ass, ginn natierlech d'Resultater proklaméiert. Si ginn am Mémoires publizéiert, an do kéint et sinn, dass Wieler fannen, et wieren Irrégularitéiten do, a wéi bei all Wahl, kann dann och e Recours gemaach gi bei der Cour administrative. Et kéint sinn, dass de Referendum annulléiert géif ginn. Dee Moment ass virgesinn, dass en neie Referendum géif ausgeschriwwen gi banne sechs Méint.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem heiten Text kritt eist Land en zousätzlecht Gesetz, dat eng méi participativ Demokra-

tie méiglech mécht. D'Chamber muss awer am Laf vun deem Joer nach eng Kéier op d'Thema vum Referendum zréckkommen.

Den Artikel 51 verlaangt fir all Referendum, esou wéi ech dat scho gesot hunn, e spezialt Gesetz. De Referendum, deen also den 10. Juli iwwer den Traité constitutionnel, déi sou genannt europäesch Verfassung, soll stattfannen, muss duerch e spezialt Gesetz an der Chamber fixéiert ginn. Dat Gesetz arrétéiert dann och ausser dem Datum an dem Objet vun deem Referendum, gegebenfalls speziell Modalitéiten, déi vun deem allgemenge Gesetz, dat mer haut stëmmen, kënnen ofwächen.

Den Text vun dem Projet 5132 ass an der Kommissioun eestëmme uegholl ginn. Ech géif dofir och d'Chamber bieten hir Zoustëmmung zu deem Projet de loi ze ginn an ech géif och hei schon den Accord vu menger Partei bréngen.

M. le Président. - Merci, Här Meyers. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Robert Mehlen.

M. Robert Mehlen (ADR), auteur. - Merci, Här President. Ech menge mä Virriedner, den Här Rapporteur Paul-Henri Meyers, huet elo grad komplett a kompetent, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, den Inhalt vum Projet de loi, esou wéi en haut hei virgestallt gëtt a soll gestëmmt ginn, duergeluecht. Ech wëll dofir och net weider dorop agoen. Dat wäert mä Kollege Jacques-Yves Henckes maachen, dee jo och an der zoustänneger Kommissioun ass, mä erlaabt mer e puer grundsätzlech Bemerkungen am Zesammenhang mat där Proposition de loi, déi ech hei viru laanger Zäit abruecht hunn.

D'Konstitioun seet am Artikel 51 (1): «Le Grand-Duché de Luxembourg est placé sous le régime de la démocratie parlementaire», et kéint een och soen de la démocratie représentative. Dat heescht d'Vollek, de Wieler wíelt all fënnf Joer seng Verrieder, déi da während deene fënnf Joer op Grund vun hirem Mandat de legislative Pouvoir ausüben. Dat heescht, datt de Wieler zwar souverän ass, seng Verrieder ze wielen, awer no deenen zwou Minuten oder wéi vill och ëmmer, wou en dat Recht ausübt, keen Afloss méi op de Laf vun der Politik kann huelen. Dat ass och am Geescht vun eiser Konstitioun, déi bekanntlech aus enger ganz anerer Zäit hierstaamt.

Am Zäitalter vun der allgéigewäerteger Kommunikatioun ass dat sécher en onbefriddenden Zoustand. En ass och sécher mat eng Ursach vun der bedauernswäertger politischer Gläichgültigkeet, där mer vill dobausse begéien, déi heiansdo esouguer a Politikverdrossenheet ausaart.

Wuerfir net dem Vollek och d'Méiglechkeet verschafen sech tëschent zwou Wahloperationen zu Wuert ze mellen an direkten Afloss op d'Geschécker vum Land ze huelen. Et wär dat och d'Méiglechkeet fir eventuellen Abusé vun der politescher Klass, déi sech aus dem Parteiensystem an heiansdo aus der Dominanz vun där enger oder anerer Partei erginn, entgéintzotrieden.

Et war dat d'Intentioun vun der Proposition de loi, déi ech virun 11 Joer, 10 Méint an 10 Deeg am Numm vun ADR hei an der Chamber abruecht hunn. Wa se och laang am Tirang geleeen huet, dann ass et awer ze begréissen, datt d'Regierung mat hirem Projet de loi vun 19. Mee 2003 och bereet war méi oder wéiniger op deeselwechte Wee ze goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir hutt Versteesdemech dofir, wann ech dat als en Erfolger fir eis Gesetzesinitiativ ugesinn, och wa mat deem Gesetz, dat mir haut stëmmen, eréischt den Ufank um Wee an eng méi participativ Demokratie gemaach gëtt.

Wat haut zur Diskussioun steet ass d'gesetzlech Basis ze schafe fir de Referendum op Initiativ vum Vollek oder enger Mindestzuel vun Deputéierten, awer nëmmen am Kader vun där neier méi soupler Prozedur vun der Verfassungsännerung, esou wéi se am neien Artikel 114 vun der Verfassung verankert ass.

Wat nach net kéint ass d'Aféierung vum Referendum an anere wichtige Froen op Initiativ vum Vollek, well do verfassungsrechtlech Bedenken am Raum stinn, wéinst deenen de Statsrot säi Veto ageleucht huet. Mat deene Bedenke muss ee sech evidenterweis ausereen setzen. D'Termé vum Artikel 51 (7) vun der Konstitioun, déi soen: «Les électeurs pourront être appelés à se prononcer par la voie du référendum dans les cas et sous les conditions à déterminer par la loi.», werfen natierlech Froen op.

Déi éischt Fro ass déi vum Droit d'initiative. Dat ass jo net exklusiv formuléiert. Et kéint een et esou oder esou ausleeën, mä ob domadder d'Recht op eng eegen Initiativ vum Vollek ausgeschloss ass, dat geet net eendeitig draus ervir. Wann do sollt e verfassungsrechtliche Problem bestoen, da soll een e léisen.

Déi zweet Fro ass déi: Wéi wäit därer de Referendum an de legislative Prozess agräfen, direkt sech dem legislative Prozess substituieren? Dat ass eng politesch Fro, wéi wäit een do wëllt goen. Da soll een och do, wann een dat wëllt maachen, d'Verfassung an deem Sënn änneren. Wann neen, da stellt sech ganz kloer d'Fro, ass esou e Referendum, dee jo dann nëmme konsultativ ass, awer a sengem Effekt bindend fir de Législateur. Do soe mir elo scho ganz kloer, dat kann nëmme jo sinn.

Här President, mir maachen trotzdem haut e wichtige Schrëtt oder zwee. Fir d'éischt schafe mer de Referendum am Kader vum Artikel 114 vun der Verfassung. Dat ass op jidde Fall eng besser an och eng méi demokratesch Prozedur, wéi mer se virdrun haten, wou d'Chamber huet missen opgeléist ginn an de Wieler awer net vill Méiglechkeeten hat, fir sech zu geplangte Verfassungsännerungen ze äusseren, well aner Themen de ganze Wahlkampf dominéiert hunn.

Zweetens schafe mer gläichzäitig eng ausféierlech gesetzlech Basis fir d'Prozedur bei anere Referenden. Déi Aarbecht ass alt schon emol gutt gemaach. Et ass eng wichteg Basis fir d'Aféierung vum Referendum op Initiativ aus dem Vollek.

Als ADR verlaange mir natierlech, datt et duerno weidergeet. Och am System vun der Démocratie représentative muss et méiglech sinn, datt Initiativen aus dem Vollek, déi am Vollek eng Majoritéit fannen, sech kënnen duerchsetzen. Am Zeenario vun der Verfassungsännerung kritt de Referendum de Rang vum zweete Vote vun der Chamber. Dat heescht, en ass Bestanddeel vum gesetzgeberesche Prozess, well d'Konstitioun dat esou virgesäit, well mer dat esou dra geschriwwen hunn, wéi mer dat géinnert hunn.

Wéi wäit ee beim Referendum an anere wichtige gesellschaftspoliteschen, sozialen, ökologeschen oder ekonomesche Froe goe wëllt, dat muss sech an der legislativer Aarbecht an an der parteipolitescher Auseenansetzung eraustellen. Mir stellen eis selbstverständlech där Diskussioun. Fir den ADR ass et wichteg, datt dee Prozess elo net stoe bleift, mä konsequent weidergefouert gëtt.

Wann d'Vollek an enger Fro e kloer Wonsch ausdréckt, da kann de Législateur sech deem schwéierlech verschléissen. Duerfir si mir och net dofir, fir den normale Referendum als Bestandteil vum Gesetzgebungsprozess unzugesinn, mä als Initiativrecht vum Vollek, fir senger gewielte Verrieder an eenzelne Froen eng Opfuerderung oder e Refus auszesprechen.

Wa mer dat kënnen nach an deser Legislaturperiod realisieren, da wäere mer op jidde Fall an deem Domän e grouse Schrëtt viruorkomm, an ech soen lech duerfir Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président. - Merci, Här Mehlen. Als éische Riedner ass ageschriwwen déi honorabel Madame Flesch. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch (DP). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, fir d'alleréischt wëll ech dem Rapporteur a President vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle Merci soe fir säi Rapport an e félicitieren. Hien huet mat senger him bekannter Maîtrise a Kompetenz dee Projet duerch d'Diskussiounen an onser Kommissioun geféiert, esou dass mer haut kënnen iwwer dee wichtige Projet ofstëmmen.

Dee Projet, deen d'Regierung am Mee 2003 virgeluecht huet, huet am Fong sech mat dräi Objéte beschäftigt, der Initiative populaire en matière législative, dem Droit d'initiative populaire an dem Referendum; an d'Proposition de loi vun onsem Kollege Mehlen huet sech jo och mam Référendum d'initiative populaire ofginn.

Déi Texter sinn am Detail vun onsem Rapporteur analyséiert ginn, souwuel a sengem schréffleche wéi a sengem mündleche Rapport. Ech wëll also net op all déi Punkten agoen, déi en erwähnt huet, mä vläicht op e puer vun deene wichtigsten, déi opgeworf si ginn, notament vum Conseil d'État, an déi de Conseil d'État dozou bruecht hunn, eng Partie ganz fundamental Oppositions formelles unzemedden.

D'Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle huet sech der Approche vum Conseil d'État ralliéiert, esou wéi iwwregens och d'Regierung, déi hiren Text zréckgezunn huet a gesot huet, se géing sech dem Text vum Conseil d'État ralliéieren. Mir hunn also an der Kommissioun ons beschäftigt mam Text vum Conseil d'État, a mir schwätzen haut nëmme méi nach vun engem Gesetz, wat de Kader ofstécht vum Referendum.

Als DP hu mir schon an onsem Wahlprogramm gewünscht, dass de Projet d'initiative populaire en matière législative géing kënnen zustane kommen, an dass den Droit d'initiative populaire, wann d'Chamber géing e Projet de loi d'initiative populaire blockéieren oder wou Role erofhuelen, dass déi Propositionen net sollen abandonnéiert ginn. Ech ginn also dovunner aus, dass mer hei soen, fir déi Deeler vum Projet, et ass „aufgeschoben und nicht aufgehoben“.

Mä sécherlech, mir deelen den Avis vum Conseil d'État a vun der Commission des Institutions, dass wa mer wëllen esou Mesuré vun där Natur aféieren, da muss mer fir d'éischt ons Konstitioun ofännern. An dat bréngt mech dann direkt zu enger Fro, déi ech der Regierung wëll stellen - wa se esou gentil wär mer nozelauschten -, an dat ass de Minister ze froen, wat d'Intentione vun der Regierung an deem Zesammenhang sinn. Kréie mer nei Propositionen, vu wat fir enger Natur a wéini kréie mer se?

D'Chambres professionnelles - ech fannen dat zimlech interessant -

schéngue guer net enthousiaste gewiescht ze sinn iwwert de Projet de loi. Si ënnersträiche fir d'éischt, datt se ganz un de Prinzip vun der Démocratie représentative attachéiert sinn. Si sinn, géng ech soen, an hiren Appréciatioune restriktiv, kritesch a souguer negativ, notament iwwert d'Initiative populaire en matière législative an de Référendum sur initiative populaire. Dat soll ons da vläicht och ze denke gi fir d'Zukunft. Mä ech mengen nach, dass mer sollen déi Debatt féieren, an ech mengen nach, dass dat eng Reform wär, déi mer missten aféieren, a wou mer ons sollen d'Méiglechkeet ginn, se kënnen durchzeféieren.

De Conseil d'État, dat ass hei scho gesot ginn, ass der Meenung, dass bei der Initiative législative populaire de Projet de loi am Fong onkonstitutionell ass, an dass all Volleksinitiativ am legislative Beräich nëmme kann zustane kommen, wa vir drun ons Constitutioun ofgeänert gëtt - also Opposition formelle zu dem Titer 2 Chapitre 7 an 8 an zu dem Titer 3 Chapitre 1 vum Projet de loi an zur Proposition vum Här Mehlen.

Bei dem Referendum, deem an Artikel 51 Paragraph 7 vum der Constitutioun virgesinn ass, huet de Conseil d'État och eng Opposition formelle zu den Dispositiounen vum Artikel 57 a 60 vum Projet de loi. En ass der Meenung, dass déi onkonstitutionell sinn aus enger duebeler Ursach: éischters gesi se vir, dass de Referendum nëmme ka stattfannen, wann zwee Drëttel vun de Membere vun der Chamber dat froen, während laut dem Artikel 51 (7) vum der Constitutioun de Referendum am Fong op Grond vun engem einfache Gesetz décidéiert gëtt. Also ass hei eng ganz kloer Opposition.

An déi zweet Ursach ass, dass d'Ennerbreede vun enger Fro an enger Procédure référendaire nëmme kann iwwert de Wee vun engem Spezialgesetz geregelt ginn, esou wéi de Rapporteur et virdu scho gesot huet.

Wéi scho vir drun ugedeit, huet ons Kommissioun sech der Approche vum Conseil d'État ralliiert an huet op Grond vum Text vum Conseil d'État geschafft.

Ech wëll hei drop hiweisen - wat och scho vum Rapporteur gesot ginn ass -, dass am Fong de Referendum duerch d'Modifikatioun, duerch d'Revisioun vun der Constitutioun vum 15. Mee 1919 als solchen agefouert ginn ass, ouni dass do prezis Modalitéte virgesi waren, ausser - huelen ech un - an de Gesetz, déi dann déi dräi Referenden accompagnéiert hunn, déi stattfonnt hunn.

Zwee vun deene waren an där ganz schwéierer Nokrichsperiod nom Éischte Weltkrich, wou d'Vollek fir d'éischt huet misse säin Avis ginn iwwert de Statut vum Stat, a wou 80% vun de Lëtzebuurger sech en faveur vun der Monarchie ausgeschwat hunn, an anerersäits zur Fro vun der wirtschaftlecher Unioun, déi virgeschlo war mat Frankräich, wou 73% vun de Wieler duerfir waren, och wann duerno d'Groussmächten an d'Suite vun den Operatiounen dozou gefouert hunn, dass d'Union économique mat Frankräich ni zustane komm ass, an dass mer 1921 eng Union économique mat Belgien ofgeschloss hunn.

Den 3. Referendum, dee stattfonnt huet, huet och an enger schwéierer Period stattfonnt; an där Zäit wou de Faschismus an den Nazismus an Europa héich Welle geschloen hunn, an esou kum et de 6. Juni 1937 zum Referendum iwwert d'Maulkuerfgesetz, wat d'Chamber zu enger grousser Majoritéit gestëmmt hat, mä wou eng ganz hefteg extraparlamentäresch Opposition war, a wou d'Vollek du mat enger ganz knapper Majoritéit - 50,76% - sech géint d'Gesetz ausgeschwat huet, wat och dunn net zustane komm ass.

Dat ass en interessant Beispill, well et beweist, dass esouguer wann de Referendum eng Valeur consultative huet, wat hei de Fall war, de Politiker sech schlecht kann enger Meenung vum Vollek entzéien. Wann e Referendum stattfënt, och wann en nëmme konsultativ ass, an e geet an eng Richtung, déi eng aner ass wéi d'Regierung oder Regierung a Chamber wollten aschloen, dann ass et doudsicher schwéier, sech deene Konklusionen ze entzéien.

Wie dem auch sei, mir hunn also musséi wéi 80 Joer waarden op déi Diskussioun vun haut, bis dass et zu engem Kadergesetz komm ass, wat d'Modalitéte vum Referendum am Allgemenge regelt. Dat ass, wéi de Rapporteur et zu Recht gesot huet, absolut noutwendeg ginn no der Revisioun vun der Constitutioun vum Dezember 2003, wou mer jo den Artikel 114 ofgeänert hunn a wou mer virgesinn hunn, dass den zweete Vote vun der Chamber kann ersat ginn duerch e Referendum.

Et ass evident, dass wann dat géng geschéien, mer da missten an der Lag sinn, dee Referendum ze organiséieren, an dofir ass deen Text, dee mer haut diskutéieren, enorm wichteg.

De Rapporteur huet souwuel a sengem schréffleche wéi a sengem mündleche Rapport am Detail d'Problèmes d'application analyséiert, déi sech bei dësem Gesetz stellen, d'Modes de déclenchement vum Referendum, den Déroulement vum Referendum, den Impact vum Referendum. Ech wëll also net elo an all déi technesch Detailler goen, déi zwar awer ganz wichteg sinn, mä ech wëll awer net hei dat do elo erëm eng Kéier repetéieren, well dat géng net zu ganz vill féieren.

Ons Fraktioun ass mam Rapport d'accord an all sengen Elementer, mat Ausnahm vum leschte Paragraph vum Commentaire des articles zum Artikel 2, an ech kommen duerno nach dorop zréck. Mir wäerten also dee Projet de loi, wéi en hei steet, wéi en hei proposéiert ass, stëmmen. A mat der Approbation vun dësem Gesetz maache mer e grouss Schrëtt an e gudd Schrëtt a Richtung oder am Kader vun deem Prozess, deem ons soll dozou féieren, de Projet vun enger Europäescher Verfassung iwwert de Wee vum Referendum ze approvéieren. Ech hoffen ze approvéieren!

De Projet zur europäescher Verfassung wäert dem Wieler virgeluecht ginn, an da muss de Wieler soe wat domat geschitt. Ech wëll am Numm vu menger Fraktioun soen, dass mir hoffen, dass dee Projet approvéiert gëtt, an dass mir mengen, dass dee Projet muss approvéiert ginn, am beschten Intérêt vum Lëtzebuurger Land. Deen Text gëtt also engem Referendum ënnerworf an et muss, fir dass dat ka geschéien, nach en neit Gesetz kommen, eng Loi spéciale, déi dee Referendum prezis regléiert.

Ech wëll net op déi Diskussioun anticipéieren, mä ech géng awer wëllen der Regierung déi eng oder déi aner Fro stellen, an déi eng oder aner Bemierkung wëll ech heibai och maachen. Mir hunn en Accord an dësem Haus vun der Majoritéit vun de Parteien, déi hei vertruede sinn, dass dee Referendum soll den 10. Juli stattfannen, an dass de Corps électoral soll erweidert ginn, fir dass et dee ka sinn, dee bei den Europa- an de Gemengewahle participéiert. Mir hunn als Demokratesch Partei onsen Accord zu deene Konklusionen ginn a mir halen deen Accord oprecht.

Mä dat bréngt mech just zum Kommentar vum Artikel 2 vum Projet de loi esou wéi de Rapporteur e gemaach huet, an notament säi leschte Paragraph. Ech liesen deen elo vir: «Si pour un référendum portant sur une matière relevant de l'Union européenne le législateur veut faire participer au ré-

férendum les électeurs appelés à participer aux élections européennes, il faut, dans le cadre de la loi spécifique sur le référendum particulier, étendre, le cas échéant, le cercle des électeurs en se référant aux conditions prévues à l'article 3 de la loi électorale.»

Schonn de 24. November an der Sitzung vun der Kommissioun hat ech drop higewisen, dass mer do wahrscheinlech e Problem kréichen an dass dat net méiglech wär, well de Corps électoral, laut dem Artikel 52 vun onser Constitutioun, besteet aus de Lëtzebuurger, déi d'Wahlrecht hunn. D'Extensioun bei den Europawahlen a bei de Gemengewahlen ass d'Konsequenz vun internationalen Traitén, déi mir mat ofgeschloss hunn, «et les dispositions du traité priment la Constitution». Dofir war et méiglech, de Corps électoral fir déi zwou Konsultatiounen ze erweidern. Am Fall vun dem Referendum iwwert d'Europäesch Constitutioun ass awer keen esou en Traité do, sou dass déi Possibilitéit, déi mer bei den Europawahlen a bei de Gemengewahlen haten, hei net ginn ass.

Mir hunn elo just den Avis vum Conseil d'État ausgedeeelt kritt, deem d'Regierung bei em gefrot hat, fir ze kucke wat d'Definitioun vum Corps électoral soll sinn, dee ka bei deem Referendum deelhueelen. Ech wëll der Regierung Merci soen, dass se ons esou schnell deen Avis, deem de Conseil d'État den 18. Januar ofginn huet, zur Verfügung gestallt huet.

Aus enger ganzer Rei vun Ursache seet de Conseil d'État précisément, dass de Corps électoral bei deem Referendum nëmme dee ka sinn, dee fir d'Élections législatives zougelooss ass. Wa mer also wëlle méi wäit goen an dat verwickelen, wat mer ons virgeholl haten, dat heescht, dass déi Europäer, déi hei zu Lëtzebuerg résident sinn an déi op onse Wahlleschten ageschriwwen si bei den Europawahlen a bei de Gemengewahle kënnen un deem Referendum deelhueelen, mussen mer vir drun d'Constitutioun änneren.

Or, mir wëssen alleguete wat fir Délaien dann erfuerdert sinn. Dofir wollt ech drun erënneren, dass mir schon de 24. November, also vir bal zwee Méint, gesot haten: Passt op, do ass e Problem! Mä weder d'Regierung nach d'Majoritéit hunn drop agelaut, an engem Moment wou et nach méiglech gewiescht wär, verschidde Schrëtt ze ënnerhuelen, fir sécherstellen, dass mer kënnen dat errechen, wat mer ons als Zil gesat hunn. Ech bedauern also wierklech, dass mer net dee Moment gehandelt hunn an dass mer elo an eng Situatioun kommen, wou wierklech d'Zäit ganz kuerz gëtt a wou mer ons mussen froen, wéi mer dann nach wëllen alles iwwert d'Distanz bréngen.

Dat bréngt mech zu deene Froen, déi ech wëll der Regierung stellen. Et sinn der nëmme zwou. Éischters: Wéini wëllt d'Regierung de Projet de loi spéciale iwwert de Referendum zur Europäescher Constitutioun déposéieren? Zweetens: Wéi gedenkt d'Regierung de Kalender ze organiséieren, deem ons erméiglecht dat spezialt Gesetz unzuhuelen, an deene Konditiounen, déi mer ons virgeholl hunn, an anerersäits, wéi gedenkt d'Regierung d'Preparatioun vun dësem Referendum ze organiséieren?

Ech soen der Regierung elo scho Merci fir hir Antworten, an ech soen lech alleguete Merci, Här Präsident, léif Kolleegen, dass Der mer nogelauschtert hutt.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, Demokratie heescht Bedeelegung an Engagement vun alle Bierger. Och an enger representativer Demokratie, wou de Bierger seng Verrieder an d'Parlament wëllt, ass eng direkt Bedeelegung um politesche Geschehen vu vitalem Intéress.

D'Sozialisten hunn als éischt politesch Partei e Referendum zur Europäescher Verfassung virgeschloen. Am Parlament hu mer als LSAP aktiv dozou bäigedroen, e Referendum mat verbindlechem Charakter bei Verfassungsännerungen anzeféieren. Als Sozialiste wëlle mer des Weideren d'Instrument vum Referendum geziilt fir déif gräifend innen- an aussepolitisch Themekresser asetzen.

Dat ass en Auszuch aus eise Wahlprogramm vun 2004, an zu deem Wahlprogramm sti mer ouni Ofstrécher ze maachen. Aus deem Wahlprogramm an aus där prinzipieller Positioun vun eiser Partei ergëtt sech fir d'LSAP e kloert Jo zur representativer Demokratie, zum Parlamentarismus mat Elementer vun direkter Demokratie, e Jo och zum Referendum wéi och zur Volleksinitiativ ënnert duerch Gesetz geregelte Bedingungen.

Dat bedeit awer och d'Oflehnung vun zwou extreme Positiounen, déi ee ganz oft am Bezug op de Referendum, nach méi staark am Bezug op déi sou genannte Volleksinitiativ an der politescher Zeen erëmfént. Fir eis Partei géllt e kloert Neen zu enger reng elitärer Konzeptioun vun enger parlamentarescher Demokratie am rengen Sënn, déi dovunner ausgeet, dass komplex politesch Froen ni dierfe vum Vollek eleng tranchéiert ginn, mä nëmme kënnen duerch seng Verrieder a sengem Numm tranchéiert ginn.

Awer och esou e kloert Nee soe mir zu enger populistescher Grondhaltung géintwuer dem Instrument vum Referendum, déi d'Representativitéit prinzipiell contestéiert, déi ausgeriicht ass géint de Parteiestat a géint d'parlamentaresch Demokratie, déi dovunner ausgeet, dass nëmme den direkte Vollekwille ka wouer a richtig sinn. Mir lehnen déi zwou extrem Positiounen als Partei of, déi elitär wéi och déi populistesch.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ech wëll och hei, wéi anerer, dem Rapporteur Merci soen, deem e ganz prezisen an daitleche mündleche Rapport hei gemaach huet, wéi och fir säi schréffleche Rapport, esou dass et méi einfach ass eigentlech an déi Diskussioun direkt eranzekommen.

Dëse Gesetzesprojet huet eigentlech als Hauptzweck zwou Verfassungsbestëmmungen, déi schon do sinn, - mir féieren also hei näischt Neits an - iwwer en normalt Gesetz ze preziséieren a mat Liwwen ze féllen. Mir sinn also a Presenz vun enger sou genannter Loi organique, wou et der net schrecklech vill hei gëtt. Dat sinn also Gesetz, déi eigentlech duerch de Verfassungstext virgesi sinn. Op där enger Säit den Artikel 51 (7), agefouert 1919, an op där anerer Säit vill méi rezent virun engem gudden Joer deen neien Artikel 114 vun eiser Verfassung, deem eng nei Prozedur festleet, fir eng Ofännerung vun eise Grondgesetz kënnen durchzeféieren, a wou no engem italienesche Modell eigentlech hei probéiert ginn ass, d'Iddi vum Referendum mat an déi ganz Prozedur anzubauen.

Duerch dëse Gesetzesprojet gëtt also d'Uwendung vum Instrument vum Referendum méi einfach gemaach, ganz einfach doduerjer, well Regelen, well Konditiounen

fixéiert ginn, well eigentlech den normativen a prozedurale Kader vum nationale Referendum gesat gëtt.

Dat huet zwee Grondvorteilen. Op där éischter Säit bréngt et méi eng grouss Rechtssécherheet mat sech, méi eng lichte Uwendbarkeet vun de Bestëmmungen vun der Verfassung, wat de Referendum ugeet, an zweetens beweist et de politesche Wëllen, deen an der Chamber virherrsch, fir d'Vollekbefroung méi systematesch bei wichtege Froen vun nationalem Intérêt hei anzusetzen.

Fundamental Neies bréngt dat heite Gesetz net, esou wéi et hei zur Ofstëmmung virläit. Eppes Neits wär et wierklech gewiescht, wann deen éischten Deel vun deem Text iwwert d'Volleksinitiativ, dee vun der viregter Regierung deponéiert ginn ass, d'Hürde vum Avis vum Statsrot hatt kënnen huelen an och haut zur Ofstëmmung komm wär.

Déi wierklech Neierung Volleksinitiativ bleift virleefeg op der Streck, woubai a menger Interventioun d'Betounung op virleefeg läit. Och an Zukunft also ass et leider nach net de Bierger selwer méiglech a bestëmmte wichtege Froen vun nationalem Intérêt eng Referendumsprozedur ze déclenchéieren - dat ass nëmme méiglech am Kader vun enger Verfassungsännerung.

D'Volleksinitiativ bleift virleefeg also Zukunftsmusek, a fir d'éischt muss eise Verfassungstext geännert ginn, ier een eng Etablé méi wäit ka goen. Ech bezéie mech do ausdrécklech op de Regierungsaccord vum Summer vun leschte Joer, wou déi zwou Regierungsparteie sech engagéiert hunn, déi zwou Iddien - déi vum Referendum an déi vun der Volleksinitiativ - weiderzedreien, an et ass fir eis Partei eng Selbstverständlechkeet, dass nodeem mer deen heiten Text gestëmmt hunn, an deem de Referendum preziséiert gëtt, och en zweeten Text muss kommen, dass mer eng zweet Initiative hei als Chamber virun Enn vun dëser Legislaturperiod zu Enn mussen bréngen, an dat wär d'Afféierung och vun der Volleksinitiativ hei zu Lëtzebuerg, ënner natierlech ganz kloer a prezise gesetzleche Bestëmmungen a Konditiounen. Mir dierfen hei net op hallwem Wee stoe bliwen; mir sollten hei eng ganz Reform maachen, an net nëmme eng halfe Reform.

Ech hoffen also, dass déi méi konservativ Geeschter an der Chamber - an déi kënnen an alle Parteien setzen,...

Une voix.- Ah!

(Hilarité)

M. Alex Bodry (LSAP).- ...dat wëll ech preziséieren - u sech net hei Opdriff kréien an eigentlech wëlle verhéieren, dass et zu där Afféierung vun der Volleksinitiativ kënn.

Et gëtt Stëmme vu ganz eminente Juristen - et brauch een nëmme Schrëfte vun engem Alex Bonn nozeliesen -, déi scho viru Jore gewarnt hunn, fir esou e Schrëtt ze maachen, déi fäerten dat géif zu enger Destabiliséierung vum politesche System féieren, an zu enger politescher Waff ginn, déi andauernd géif fir Onrou am normalen Oflaf vun de politesche Geschäfter hei am Land féieren.

Ech mengen, déi Angscht braucht een net ze hunn, wann d'gesetzlech Rumm stëmmt, wann ee genau seet ënner wat fir enge Konditiounen, mat wat fir enge Prozeduren esou eng Dosis vun direkter Demokratie kann zousätzlech an eise System agefouert ginn, dee weiderhin d'Natur selbstverständlech vun enger representativer Demokratie behält. Kee wëllt dat a Fro stellen, zumindest net a menger Partei.

Ech war wéi aner Leit och relativ erstaunt, wéi ech d'Avise vun de Chambres professionnelles gelies hunn, a besonnesch vu Patronats-

organisatiounen. D'Chambre des Métiérs, mä awer och eng Chambre des Fonctionnaires et Employés publics si ganz geharnesch mat der Iddi vum Referendum a vun der Volleksinitiative ëmgesprong, an hunn eigentlech e Veto ageluecht zu deem Projet, deen déi viregt Regierung an d'legislativ Prozedur geschéckt huet.

Et waren och kritesch Téin deelweis bei de Salariatschamberen, mä déi hunn awer net dozou gefouert, dass se esou wäit gaange wäeren, fir eng allgemeng Oflehnung vun deem Ganze mat sech ze bréngen. Si hunn op eng Rei Geforen a Risiken higewisen. Et ass jo eigentlech och net grondleeënd falsch, dass ee sech och Gedanken mécht, wéi Mëssbräich vun esou engem Instrument eventuell kënnent ausgesinn. Dat ass selbstverständlech och eng Zort vun Iwwerleung, déi mir gehale sinn och hei als Parlament ze féieren.

Mir sinn der Meenung, dass also mat där éischter Etapp hei och relativ schnell eng zweet Etapp kommen. Den einfachste Wee wär deen, fir de Verfassungstext op deem engen oder anere Punkt liicht ze modifizéieren, an da wär eigentlech de Wee fräi, fir ënner bestëmmte Konditiounen also och d'Volleksinitiative an Netverfassungsfroe méiglech ze maachen. Dat wär op jidde Fall dee Wunsch an dee politesche Wellen, dee mir och als sozialistesche Fraktioun wellten an dës Debatt mat erbréngen.

Ech wollt da ganz kuerz, no deene méi prinzipielle Bemierkungen awer am Telegrammstil, wierklech, op aacht Froen zréckkommen. Aacht Stéck, déi eigentlech wesentlich sinn, déi am Fong opstoungen an déi am Fong an der Vergaangenheet 1919 an 1937 bei deene viregte Referenden deelweis geléist gi sinn an deene Spezialgesetzter, déi sengerzäit gestëmmt si ginn, mä déi hei zu engem groussen Deel net all eng Äntwert kréien iwwert deen neie Gesetzestext, deen hei d'Chamber sech stellt ze stëmmen.

Fir d'éischt ass ëmmer eng wichteg Fro, wien ee Referendum ausléise kann. Ganz kloer sinn et am Kader vun Artikel 51 (7) déi Institutiounen, déi den Droit d'initiative législative hunn, dat heescht also de Grand-Duc, d'Regierung - dat muss ee liesen - an d'Chamber als Parlament. Dat heescht, et ass eigentlech déi politesche Majoritéit, well d'Regierung ass eng Emanation vun der politescher Majoritéit an der Chamber.

Am Kader vun Artikel 114 ass déi viregt Chamber 2003 hei méi wäit gaangen, wéi mer déi Reform ofgestëmmt hunn. Elo hunn eng Minoritéit vun Deputéierte - méi wéi ee Véirel, also mindestens 16 Deputéierten - respektiv 25.000 Wiewler d'Méiglechkeet esou e Referendum ze beantragen. D'Roll vun der Exekutiv an deem heite Fall - dat ass de Premierminister - beschränkt sech drop fir e Contrôle de légalité ze maachen, ob also d'Konditiounen gi sinn, fir dass esou eng Referendumsprozedur kann ugestiwwelt ginn. D'Décision vum Premier ass eng Décision, déi selbstverständlech der Kontroll ënnerläit vun eiser Verwaltungsgerechtigkeet hei zu Lëtzebuerg. Et ass keng politesche Décision also.

Zweet Fro: Zu wat fir enge Froe kann et e Referendum ginn? Dat ass och eng Fro, déi an all Land diskutéiert gëtt, an déi heiansdo och esouguer an de Verfassungstexten eng Äntwert kritt huet, wou déi Domäne prezisiéiert gi sinn, zu deenen iwwerhaupt d'Referendum organiséiert ginn, respektiv et gëtt och Verfassungen, déi virschreiwene, datt an eenzelnen Domäne muss eng Fro iwwer Referendum vum Vollek tranchéiert ginn.

Hei ass och déi Fro ganz kloer beäntwert. Am Artikel 114 gëtt eigentlech d'Fro bestëmmt duerch

de Vote, deen d'Chamber mécht, den éischte Vote iwwert d'Verfassungsännerung, dat ass dann automatesch de Sujet iwwert deen muss mat Jo oder mat Nee geäntwert ginn am Kader vun Referendum. Am Artikel 51 (7) do si keng speziell Dispositiounen hei am Text virgesinn, mä et ergëtt sech eigentlech doduerjer, dass muss eng Loi spéciale geschéien, wou deen eenzelne Referendum och nach eng Kéier legaliséiert gëtt, dass eigentlech déi Fro selwer am Text vun deem Spezialgesetz gestallt gëtt. Dat wäert net anescht sinn, wa mer an e puer Méint hei iwwert de Referendum iwwert den Traité constitutionnel vun der Europäescher Unioun wäerten diskutéieren.

Eng aner wichteg Fro ass och déi: Wie leet d'Frostellung elo fest, well deemno wéi d'Fro formuléiert ass, kann ee ganz staark d'Äntwert zu deenen dote Froen beaflossen. Et ass also ëmmer an all Land eng wichteg Fro, wie leet dann eigentlech d'Frostellung selwer fest? Och do ergëtt sech dat aus deene jeeweilige Prozeduren. Nom Artikel 114, wat d'Verfassungsännerung ubelaangt, ass et ganz kloer, dass dat d'Chamber bestëmmt duerch den éischte Vote an nom Artikel 51 (7). Beim allgemenge Referendum ass et esou, dass iwwert de Gesetzestext vum Spezialgesetz d'Frostellung festgeluecht gëtt.

Véiert Fro, an dat ass jo eng Fro, déi haut schon diskutéiert ginn ass: Wie ka beim engem Referendum matmaachen? Dat ass eng Fro, déi an all Land seng Wichtigkeet huet, déi mer och verschiedentlech hei zu Lëtzebuerg beäntwert hunn. Ech wëll erënneren - et huet kee bis elo dat nach ugeschnitten -, datt mer eigentlech och de lokalen, de kommunale Referendum kennen, deen eng gesetzlech Grondlag huet am Gemengegesetz.

Do ginn zwou Saache virgeschloen. An et hätt ee sech kënnen d'Fro stellen, ob ee sech net hätt kënnen un där Zweedeelung inspiréieren, da wäere mer vläicht enger Rei vun Diskussiounen aus de Féiss gaang, well op lokalem Plang mécht d'Gemengegesetz eng Differenz tëschent der Consultatioun, wou u sech de Gemengerot festleest wien da matmécht. Dat ka beschränkt sinn op d'Lëtzebuurger, déi d'Wahlrecht hu fir d'Kommunalwahlen. Dat kann awer och méi opgemaach ginn op Netlëtzebuurger. Theoretisch kennt een et esouguer opmaachen altersméisseg no ënnen. Alles dat ass eigentlech méiglech, well d'Gesetz leet bei der Consultatioun net prezis fest, wien do d'äerf gefrot gi vun der Gemeng.

Anescht ass natierlech de Referendum op lokalem Plang. Do ass e limitéiert op déi Leit, déi dann och d'Wahlrecht hunn.

Op nationalem Plang, wéi gesot, kenne mer déi Differenzéierung net. Mir kennen nëmmen eng Form, dat ass de Referendum, deen dann u sech och nëmmen enke Regeln ënnerleucht ass. Wie ka beim Referendum matmaachen?

Eis Partei huet, wat de spezifesche Referendum ronderëm d'Europäesch Verfassung ugeet, ni en Hehl aus hirer Meenung gemaach. Mir waren a si prinzipiell dofir, dass déi Leit, déi d'Wahlrecht hu bei den Europawahlen, déi also ënnert déi Definitioun falen, och misste kënnen bei där Ofstëmmung iwwert den Traité constitutionnel vun der Europäescher Unioun mat ofstëmmen.

Et sinn eng ganz Réitsch vun Argumenter virbruecht ginn, haupsächlech vum Statsrot, déi een net kann einfach vun der Hand weisen, déi diskutabel sinn an eenzelnen Aspekter, mä wou mer elo awer an eng Situatioun sinn, a wann een och léiert aus der Vergaangenheet, wat d'Haltung vum Conseil d'État ass, wann een an eng Diskussioun erakënn. Hei ass de Conseil d'État esou formell gewiescht a senger

Positioun, esou dass ech mengen, dass e weideren Austausch vun Argumenter riskéiert eis net méi wäit ze bréngen wéi elo.

Ech mengen, et sollt ee mussen Akt dovunner huelen, wat d'Haltung vum Statsrot ass an där dote Fro an dass hei effektiv seriö Verfassungsbedenke virleien. Deene muss een an dem heite Fall Rechnung droen an ech gesi leider och net esou richtig wéi een duerch eng Annerung vun engem Gesetzestext dat dote kënnent an esou enger kuerzer Zäit ausbigelen. Dat muss een haut einfach zur Kenntnis huelen.

Mir sinn awer der Meenung, dass ee fir d'Zukunft déi dote Fro net d'äerf einfach ad acta leeën, dass een net erëm soll waarde bis sech konkret en nächste Punkt stellt an dann erëm déiselwecht Hektik lassbrécht, mä dass mer u sech sollten elo vun där Zäit profitéieren, fir a Rou ze kucken wat fir eng gesetzlech, respektiv verfassungsméisseg Dispositiounen ee muss huelen, fir méi Flexibilitéit eranzubringen, fir dass mer wierklech kënnen als Chamber vu Fall zu Fall décidéiere wéi mer de Corps électoral fir de Referendum definéieren. Dat wier eigentlech déi bescht Method, mengen ech, wéi een an esou engem Fall sollt an Zukunft virgoen.

Fënneft Fro, déi wichteg ass: Ass d'Bedeelegung um Referendum obligatoresch? Jo. De Lëtzebuurger Législateur seet Jo zu deem dote Punkt, well dee Lien gemaach gëtt mam Wahlrecht. Dofir muss ee sech trotzdeem d'Fro stellen, ob et gutt ass dat an där absoluter Form bäizebehale, well domadder ergi sech eng Rei vu Konsequenzen, wou mer net ëmmer ganz logesch sinn an eise Schlussfolgerungen - ech kommen herno nach eng Kéier drop zréck. De Vote ass also obligatoresch.

D'Bréifwahl gëtt zougelooss wéi bei anere Wahlen. Dat ass also och esou an et si Sanktiounen virgesi fir een, dee senger Wahlflicht beim Referendum net nokënn.

Sechst Fro: Wéini ass eng Fro duerch Referendum guttgeheescht, respektiv ofgelehnt? Och do ass et wichteg, dass ee prezis ass, net dass et zu onméiglechen Diskussiounen kënnent, wann een e knappen Ausgang vum Referendum kritt. D'Äntwert ass ganz kloer hei am Text verankert. Wa méi Jo wéi Nee-Stëmme do sinn, dann ass d'Referendumsfro positiv beäntwert. Wann et ëmgekéiert ass, dann ass se negativ beäntwert. Déi ongültig a wäiss Stëmmeziedele ginn net a Considération gezunn. Déi fale praktesch ënnert den Dësch fir d'Majoritéit festzellee bei esou engem Votum.

Siwent an zweetescht Fro: Wat fir eng Effeten huet d'Resultat vum Referendum? Och dat ass eng Fro wou sech d'Doktrin an alle Länner an d'Parlamenten an d'Regierungen an alle Länner sech schon de Kapp zerbrach hunn a wou d'Äntwerten och ënnerschiddlech si vu Land zu Land. Dat hânt jo e bëssen of wat fir eng Tradition a wat fir eng Verfassungstexten an deenen eenzelne Länner bestinn.

Mir hunn e groussen Novum gemaach an där dote Fro d'virlescht Joer. Dat muss ee soen. 2003, wéi mer iwwert den neien Artikel 114 hei ofgestëmmt hunn an der Chamber, do hu mer de Référendum décisionnel agefouert mat deem Astuce, dass den zweete Vote vun der Chamber ersat gëtt duerch de Referendum. Dat hu mer gemaach mam Accord vum Conseil d'État. Dat ass eigentlech e Schrëtt, dee wäitgehend ass a wou an der Kommissioun - déi Leit, déi deemools Member waren, déi wëssen dat - eenzel Parteie sech schwéier geoen hu mat op deen dote Wee ze

goen. Mä dee Wee ass gemaach ginn an dat ergëtt och, mengen ech, sécherlech e Sënn an deem spezielle Fall, fir et esou ze maachen. Do ass also déi Fro kloer tranchéiert.

Si ass net kloer tranchéiert duerch den Text wat de Referendum am Kader vun Artikel 51 (7) vun eiser Verfassung ugeet, also deen allgemenge Referendum an och dee wou elo den europäeschen Traité constitutionnel géif als Base constitutionnelle organiséiert ginn.

Bis elo war et esou zu Lëtzebuerg, dass eigentlech all Referendum e reng konsultative Charakter hat. Dat stoung esouguer am Gesetzestext, deen de Referendum iwwert d'Maulkuerfgesetz organiséiert huet, expressément dran, wa meng Erënnerunge richtig sinn.

D'Doktrin zu Lëtzebuerg ass jo net ganz breet gestreet an deenen dote Froen. Mä d'Referenzwierk fir all gudden Fonctionnaire an all Examen, dee muss beim Stat oder bei der Gemeng gemaach ginn, ass jo de Majerus. De Majerus léisst eigentlech déi dote Fro och opstoen. Hie seet, et wär net tranchéiert, hie mengt et kënnent ee penchéieren zu engem Caractère consultatif vum Referendum, well d'Praxis vun deene virechte Referenden dat esou géif erginn, wat awer juristesche sinn net onbedéngt eng befriddegend Äntwert ass.

Och do huet de Conseil d'État an dem spezifesche Fall vum Traité constitutionnel jo eng ferme Positioun geholl an déi léisst sech scho juristesche novollzéien an eventuell op aner Hypotheesen iwwerdroen. E seet ganz kloer, dass wann iwwert d'Verfassung eng Institutioun wéi d'Chamber d'Kompetenz huet an exklusiv Kompetenzen huet fir eng Fro ze tranchéieren, da kann nëmmen d'Chamber déi dote Fro tranchéieren an eigentlech net ersat ginn duerch eng direkt Volleksbefragung, déi an hirer Plaz géif déi dote Fro praktesch tranchéieren.

Dat ass eng juristesche Logik, där ee sech net ka verspären. Mä och do stellt sech d'Fro fir d'Zukunft, ob et net denkbar ass, dass et niewent Verfassungsännerungen aner Hypothese gëtt, wou ee sech kënnent virstellen, dass de Referendum en décisionnell Charakter hätt, och wann de Regelfall sécherlech éischter sollt sinn, dass en e konsultative Charakter huet, juristesche gesinn.

Mä et ass fir mech evident, do soll keen Zweifel dru sinn, ech ka mer net virstellen, dass ee Parlament géif e puer Wochen nodeem d'Wiewler hei zu Lëtzebuerg am Kader vun enger Wahlflicht sech majoritär op eng Positioun festgeluecht hätten an enger wichtiger nationaler Fro, dëst Parlament oder en anert Parlament géif just de Contraire décidéieren. Ech ka mer dat einfach politesch net virstellen.

Duerfir géif ech juristesche soen, ass et riskant an alle Froe wëllen engem Referendum e bannende Charakter ze ginn. Dat kann een an Ausnahmefäll virgesinn, a prezise Situatiounen, mä politesch ass ee selbstverständlech gebonnen un dat, wat d'Vollek direkt décidéiert.

Et ass eben och e Widdersproch, dee mer an eisem System elo dran hunn, well mer op där enger Säit soen, jiddferree muss wiewele goen - du gëss sanktionéiert, wann s de dech net um Referendum bedeelegst -, mä wat do erauskënnent, dat ass vu reng konsultativem Charakter. Dat ass eigentlech e bëssen e Widdersproch an eisem System mat der Wahlflicht, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn an dee ganz wéineng Länner an Europa kennen. Duerfir ass et e bëssen eng speziell Situatioun.

Dann eng aner a lescht Fro - ech kommen elo zum Schluss -, déi net tranchéiert ass: Wéi soll déi Wahlcampagne oflafen, déi jo praktesch ganz wichteg ass? No wat fir enge Regeln? Wéi gëtt déi Wahlcampagne finanzéiert? Mat öffentleche Gelder oder net öffentleche Gel-

der? Wat ass d'Roll vun der Regierung an deem Ganzen? All déi Froe bleiwen op a mussen, mengen ech, au cas par cas geregelt ginn, jee no deem Enjeu - praktesch -, deen iwwer e Referendum ze kucken ass.

Mä et schéngt mer selbstverständlech ze sinn, dass awer eng Suerg muss sinn, datt eng gewëssen Neutralitéit, eng gewësse Gläicheit an Ausgeglichenheet am Austausch vun de Pro- a Contra-Argumenten an enger offizieller Campagne selbstverständlech virherrschen. Dat anert wier sécherlech net gutt.

Zur Konklusioun einfach: Ech mengen, et d'äerf ee sech net erschrecken. Bal all parlamentaresche Demokratie an Europa hunn an der Tëschenzäit an der Praxis oder an hire Gesetzestexten Elementer vun direkter oder hallef direkter Demokratie.

Ech gesi perséinlech kee Widdersproch an deenen zwou Saachen, well se eigentlech alleguerten op zwou Grondiddien opgebaut sinn. Déi éischt Iddi, dat ass déi, dass u sech de Referendum weiderhi fousst op der Iddi vun der politescher Demokratie - d'Gemeinsamkeet mam Parlamentarismus.

An zweetens, dass en och fousst op der Iddi vun dem Majoritéitsprinzip, wat d'Grondiddi och ass vum Fonctionnement vun enger parlamentarescher Demokratie. Duerfir gesinn ech dat net esou dramatesch wéi munch Theoretiker, déi do e Widdersproch gesinn tëschent deenen zwéi Elementer, op där enger Säit dem Parlament, also gewielte Vertrieeder, an dann enger gewësser Proportioun vun direkter Demokratie. Alles ass eng Fro vun Doséierung.

Mir musse virsiichteg sinn, wat fir eng Dos mer vun deem engen a vun deem aneren an eise politesche System mat eranhuelen. Do war eng grouss Virsiicht üblech hei zu Lëtzebuerg. Vläch muss et net erëm eng Kéier méi wéi 65 Joer daueren, bis den nächste Referendum stattfënn.

Ech mengen, dat hei ass u sech eng gutt Saach. Mir kommen institutionell ee Stéckche weider, mä mir waarden eigentlech op déi zweet Etapp, déi nach an dëser Period soll kommen: d'Volleksinitiative, déi eigentlech déi ganz Reform eréischt richtig ofschléisst.

Dat gesot, wäert meng Fraktioun selbstverständlech deen helten Text stëmmen. Merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Felix Braz ageschriwwen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Felix Braz (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. De Referendum, dee bis elo zu Lëtzebuerg net oft gebraucht ginn ass - mir hunn dräi Referenden, déi op zwéi Datume verdeelt stattfonnt hunn -, mécht awer och zu Lëtzebuerg säi Wee. Schonn e bësse méi laang um kommunalen Niveau. Do hu mer Erfahrungen déi lescht Jore gesammelt. An elo gëtt och um nationalen Niveau, respektiv bei Froe vun europäeschem Intérêt, d'Diskussioun vum Referendum gefouert.

Mir ënnerstëtzen dat, well dat eng gutt Saach ass. Et ass e wichteg Instrument fir eis representativ Demokratie mat enger Dosis partizipativer Demokratie kënnen ze verbesseren. D'Regierung invoquéiert am Exposé des motifs vun hirem Projet de loi en Démocratiedéfizit. Si explizéiert deen awer net weider an hirem Text. Et ass e Schlagwuert, kann ee soen, wat do gebraucht gëtt, an d'Äntwert op den Democratiedéfizit ass an den Ae vun der Regierung de Referendum.

Mir mengen awer net, dass de Referendum d'Léisung fir all Problemer duerstellt. Dat behaupt och keen! Et soll een dat eigentlech selwer direkt aschränken, da braucht Dir et herno net ze soen, Här Minister.

De Referendum ka keng Äntwert op all d'Froe sinn, well och e Referendum, dee regelméisseg an heefeg géng gebraucht ginn, och an enger Mandatsperiod iwwer zwou, dräi Utilisatiounen - dat wieren der scho vill - net géng erauskommen. Et stinn awer vill méi Décisiounen a fénnef Joer u wéi nëmmen esou vill. Esou dass ee sech d'Fro vun der Partizipatioun vun de Bierger op méi Niveauë muss stellen, an dann ass déi partizipativ Gesellschaft och méi wéi nëmmen d'Partizipatioun iwwert den Émwee vun engem Referendum anhand vun enger kloer gestalltener politescher Fro.

Aner Mesurë wieren och noutwendeg, wann ee wëllt op de Wee vun der partizipativer Gesellschaft goen, besonnesch och am Beräich vum Verständnis a vun der Lisibilitéit vun de politeschen Décisiounen, déi geholl ginn, a vu dass mer haut och de Referendum am Kader vum europäesche konstitutionellen Traité diskutéieren, ass et vläicht och wichteg grad bei deem dote Punkt dat och ze ënnersträichen.

Ee vun den Demokratiedefizitter, déi mer haut hunn, net nëmmen zu Lëtzebuerg, läit mat Sécherheet och doranner, dass d'Leit Schwieeregkeeten hunn ze verstoen an ze gesinn, wou d'Décisiounen vu wem geholl ginn. Dat berühmte „Et kënt vu Bréssel.“ ass eng Äntwert, déi fir d'Leit komplett onbefridgend ass. Et muss ee soen, dass Bréssel hei zu Lëtzebuerg ufänkt. Do si Leit, déi vun hei aus op Bréssel ginn, déi dohano Positione vertrieben, déi herno net mussen justifiéieren, wat hir Position au départ war, an déi herno just erkläre kommen, datt si mat aneren, an déi aner waren zu méi, eng bestëmmte Position awer zréckbehalen hunn.

An dee Manktem un Transparenz, fir dat Wuert ze gebrauchen, oder u Lisibilitéit vun den Décisiounen um europäeschen Niveau ass sécher ee Punkt, deem d'Vertraue vun de Wielerinnen a Wieler an d'Politik an an d'Demokratie ébraneliert. Dat ass eng Fro, déi och mam konstitutionellen Traité vläicht e Stéck besser gétt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mä och den Traité beäntwert déi Froen net allegueren. Do läit nach e groussen Deel vun der Hausaufgab hei zu Lëtzebuerg an deem Parlament a bei eiser Regierung fir do e Stéck Transparenz eranze kréien.

En zweete groussen Defizit, dee mir an eiser Demokratie als Gréng identifizierte, ass dee vun der Zuel vun de Leit, déi un de Wahlen deelhuefen. Mir hu wuel d'Wahlpflicht, an dat ass eng Saach, déi vill Leit kritiséieren, déi een awer net muss onbedéngt nëmme kritiséieren. Mä mir hunn zu Lëtzebuerg eng Situatioun, dass mer an der aktiver Bevölkerung méi wéi 50% vun de Leit hunn, déi net u politesche Froen vum nationale Intérêt deelhuefen. An domat menge mer net nëmme Froen vum nationale Wahlrecht, mä och Froen zum Beispill vun der Partizipatioun un nationale Referenden. Mir mengen och domadder esou Froen. An dat ass e reellen demokrateschen Defizit.

Et ass och dofir vläicht net esou erstaunlech wann ee kuckt, mat wat d'Chamber sech ganz vill beschäftegt zënter e puer Joer: Froe wéi d'Renten, Froe wéi Fleegeheimer, Froe wéi Altersheimer, déi allegueren wichteg sinn a wierklech op e reelle Besoin hin hei diskutiert ginn. Mä vill vun deene Froen hunn am politeschen Alldag vu Lëtzebuerg méi Bedeutung wéi se an anere Länner hunn, wou déi aktiv Bevölkerung bei nationale politesche Froe méi duerchdréckt wa se wuele geet. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg d'Situatioun, dass e groussen Deel vun der aktiver Bevölkerung sech politesche net kann äusseren iwwer seng Suerger, déi vläicht 15, 20 oder 25 Joer am Virus gekuckt wëlle ginn.

Um Gemengenniveau fänkt dat u besser ze goen, well mer do d'Partizipatioun zum Beispill hunn un de Wahlen vun den EU-Ausländer, respektiv och vun den net EU-Ausländer, vun de Pays tiers. Um europäeschen Niveau ass dee Prozess och amgaangen. Deen ass sécher nach net ofgeschloss, mä do mécht dat sai Wee. Um nationalen Niveau, wéi gesot, och d'Stéchwuert Referendum, si sécher nach gesellschaftspolitesch Diskussiounen an deem Land ze féieren.

Déi duebel Nationalitéit wäert op deem dote Wee sécher e wichteg Gesetz duerstellen. Duerfir wiere mer och frou, wann d'Regierung dat Gesetz géng relativ séier kënnen op de Méting huelen an an der Chamber déposéieren.

En aner Instrument - eng aner Fro: Wann ee vun Demokratiedefizit schwätzt, ass zum Beispill och eng Fuerderung, déi schon am Parlament och vun anere Fraktiounen erhuewe ginn ass, d'Senke vum Wahllalter. Haut ass d'Fro duerch aus berechtigt, ob een net scho misst mat 16 Joer kënnen zumindest en aktivt Wahlrecht ausüben. Et gouf scho Proposition-de-loien an deem dote Sënn. Dat war scho méi wéi eng Kéier hei an der Diskussioun. Och dat ass eng Fro, déi ee muss stelle wann ee wëllt iwwer Demokratiedefizit diskutéieren.

En anere Punkt ass - dat ass vläicht méi iwwerraschend, mä mir mengen awer och, dass dat dozougehéiert - d'Fro vun der Bekämpfung vun der Korruptioun. Och dat ass eng Fro vu Vertraue vun de Leit an d'Institutiounen, och dat ass eng demokratesch Fro, wéi vill Vertrauen een an d'Demokratie huet, an d'Kontrollmechanisme vun der Demokratie an an d'Ofwierkräfte vun der Demokratie.

Hei an deeser Chamber sinn och an der Vergaangenheet schon e puer Gesetzer gestëmmt ginn iwwer d'Korruptioun am Beräich vun der Fonction publique, souwuel communale wéi étatique. Et sinn och elo nach Gesetzer an der Pipeline, déi sech beschäftege mat der Fro vun der Korruptioun éischer am Privatsektor, mä och dat ass e wesentlech Element wann ee wëllt vun Demokratiedefizit oder vum Behiewe vun Demokratiedefizit schwätzen.

E leschte Punkt ass d'Schoulpolitik, d'Wissenschaftsgesellschaft, d'Informatioun vun de Leit, den Zougang zu der Informatioun, Stéchwuert Fracture digitale. Och dat si Froen, déi wichteg si wa mer d'Resultater vu PISA 2 zum Beispill kucken, déi ausweisen, dass hei zu Lëtzebuerg e ganz staarken Determinismus besteet tëschent der sozialer Situatioun vun den Elteren an där schoulescher vun de Kanner. Da werft dat och Froen op am Beräich vun der Demokratie, am Beräich vun der gesellschaftlecher Kohäsion a vun der Stärkt vun der Demokratie hei zu Lëtzebuerg.

Dat gesot, wëlle mer ënnersträichen, dass de Referendum keng Äntwert ka ginn op alles. Mir wëllen dat och net, well mer der Meenung sinn, dass de Referendum déi gewielte Vertrieeder net soll aus hirer Verantwortung entloossen. Dat kann net den Zweck vum Referendum sinn, dat mussen aner Zweck sinn, déi domadder befollegt ginn. Wann dat soll domat erreecht ginn, da muss ee wierklech oppassen, op wéi enger Pente dass ee sech befénnt. Mir Gréng sinn op jiddfer Fall der Meenung, dass dat net den Zweck ass vun de Referenden.

Spéitstens mat der Initiative populaire, wou jo och de Mëtteg kuerz eng Proposition de loi vum Här Mehlen schon évoquéiert ginn ass, wou mer jo och eng Kéier mussen drop zréckkommen, wéi den Här Meyers dat scho gesot huet, muss awer och nach eng Kéier d'Fro diskutéiert gi vum Caractère décisif oder net décisif vum Referendum. Beim Artikel 114 ass et kloer, beim Artikel 51 (7) ass et am Moment och kloer. De Statsrot

seet e wär juristesche ganz kloer am Prinzip nëmme konsultativ.

Et gouf och elo rezent e Gesetzesvorschlag vum ADR, dee wëllt de Referendum opgrond vum Artikel 51 (7) an all de Fäll decisif maachen. Mir hale béides fir falsch. Mir halen et gradso fir falsch ze soen, dass e Referendum ëmmer nëmme soll konsultativ sinn, mir halen et och fir falsch, dass e Referendum an all de Fäll soll decisif sinn.

Méi richtig ass et sech an enger seriöser Diskussioun mat de Matière ze beschäftegen, an deene soll e Referendum gemaach ginn. Ech rejoignéieren do munches vun deem wat den Här Bodry gesot huet, dass een do soll eng méi nuancéiert Diskussioun driwwer féieren, a wéi enge Matière an enner wéi enge Konditiounen wéi eng Zorte vu Referende kënnen konsultativ sinn oder och opgrond vum Artikel 51 (7) enner Émstänn kënnen decisif sinn. Mä wéi gesot, déi Diskussioun wäerte mer spéitstens am Kader vun engem Gesetzesvorschlag vun der Regierung iwwer d'Initiative populaire féieren.

Et war jo méi geplangt: de Rapporteur huet schon erkläert, aus wéi enge Gréng dass mer eis haut mat deem Kadergesetz mussen zefridde ginn. Ech wëll déi Argumenter dofir net widerhuelen, si sti jo och ausféierlech am Rapport beschriwwen. Et ass e Kadergesetz wat awer dofir trotzdeem net onnëtz ass, och wann déi aner Referenden hei am Land ouni dat konnte liewen. Et hätt een och kënnen weiderhin ouni Kadergesetz funktionéieren, d'Loi spéciale hätt theoretesch och all des Matière kënnen all Kéier regelen, mä mir mengen awer, dass et trotzdem besser ass wa mer e Kadergesetz kréien, well awer eng Partie Froen eenheetlech sollen applizéiert ginn.

Et geet zum Beispill drëm, wéi d'Ennerschréfte gesammelt ginn, wéi eng Recoursen dass een huet, wéi d'Listes d'inscription ausge-sinn, wat de gesamten Oflaf vun der Prozedur ass, wat d'Périodes interdites sinn, wéinst de Landes- an Europawahlen, wat geschitt mat de wäisse Bulletiné wou mer eis eens gi sinn, dass déi Leit, déi wëllen Nee soen, och mussen kloer Nee soen, an dass déi Leit, déi wëlle Jo soen, och mussen kloer Jo soen, an dass déi, déi sech enthalten, och deemspriechend deenen aneren de Virtrétt loosse bei der Décisioun. Dat si Froen, déi am Kadergesetz elo beschriwwen sinn an esou beschriwwen sinn, dass mir se och kënnen ënnerstëtzen. Mir halen dat fir de richtige Wee.

Verschiede Froen stinn awer nach trotzdem op, well den Text vum Projet de loi 5132 sech net mat den Absichte vu bal all de Parteien deckt, notamment am Bezuch vum europäeschen Traité, wou d'EU-Matbierger sollen drun deelhuele kënnen. D'Fro ass: Wien ass zum Referendum zougelooft? Aus wem besteet de Corps électoral?

De Statsrot huet elo a sengem Avis, deem en eis gëscht Owend nach zugestallt huet, kloer a sengen An op déi Fro geäntwert, an et muss ee sécher munches vun deenen Argumenter deelen. Mir wëllen awer trotzdem och do eng Fro un d'Regierung stellen, an zwar d'Fro, wéi d'Regierung gedenkt déi Absicht...

Et geet mir wéi der Madame Flesch, ech géng der Regierung d'Fro stelle wa se géng nolauscheren.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et geet eigentlech duer, dass een ee Moment roueg ass.

Här Minister, ech wollt lech eigentlech eng Fro stellen: Wéi gedenkt d'Regierung, opgrond vum Avis

vum Statsrot vu gëscht iwwert d'Méiglechkeet vun der Partizipatioun vun EU-Ausländer um Referendum zum europäeschen Traité, déi Absicht, déi se och kundgemaach huet, d'EU-Ausländer drun deelhuefen ze loosse, méiglech ze maachen? Et schéngt mir op d'LECTURE vum Avis hin éischer kompromettéiert, mä d'Regierung huet vläicht eng Äntwert fir et awer nach méiglech ze maachen.

Eng aner Fro, déi sech am Kontext vum Corps électoral stellt, ass - an dat ass de Mëtteg nach vu kengem ugeschnidde ginn - dass eise Statschef a senger Ried fir Chrëschttag de Wonsch geäussert huet, un deem Referendum kënnen deelhuefen. Dat ass völeg legal. Et steet néierens, dass de Statschef net dierft u politesche Wahlen deelhuefen. Et ass just Usus, dass de Statschef mat senger Vereedegung freet fir vun de Wielerleschte gestrach ze ginn.

Ech wëll net spékuléieren, firwat dass e gemengt huet, dass dat mat de Wielerleschte kee Problem wär, mä et stellt sech offensichtlech eraus, dass e Problem doranner besteet, dass de Statschef op kenger Wielerlescht agedroen ass, esou dass mer, wa mer wëllen, dass de Statschef kann un deene Wahlen, um Referendum deelhuefen, nach eng Kéier eng Revisioun vun de Wielerleschte misste maachen. Mir géngen also en fait d'Wielerleschte méi no beim eigentlechen Unnegang enger Revisioun ennerzéien.

Et ass eppes fir dat mir als Gréng scho méi laang plädéieren, well mer der Meenung sinn, dass d'Revisioun vun de Wielerleschten hei zu Lëtzebuerg vill ze vill fréi geschitt, a mir plädéiere grondsätzlech dofir, dass souwuel bei Gemengen-, wéi bei Chamber-, wéi bei Europawahlen d'Revisioun vun de Leschte vill méi kuerz virum Wahltermin ofgeschloss misst ginn. Am Zäitalter vun de Computere misst ee mat engem Délai vun dräi Méint kënnen och esou eppes iwwert d'Bühn bréngen. An der Belsch bréngt se et souguer faerdeg dat an engem Délai vun zwee Méint ze maachen.

Dofir wollt mer just kloer soen, dass mir grondsätzlech enger neier Revisioun vun de Wielerleschte positiv géintwuer sinn, awer kloer wëlle betounen, dass dat awer dann eng Regel misst sinn, déi fir all d'Wahle géllt a fir all d'Leit an deem Land. Do wär et och vläicht gutt, wann d'Regierung sech géng de Wonsch vum Statschef nach eng Kéier zu Gemitt féieren a vläicht eng generell Léisung fannen, déi eis Loi électorale d'une façon générale géng verbessern.

Dann nach zwou, dräi kleng aner Froen, op déi ech wollt agoen, déi eiser Meenung no am Moment mam Projet de loi 5132 méiglecherweis nach net komplett beäntwert ginn. Sécher sinn eng ganz Partie Froen an deem Kadergesetz elo gutt beäntwert. Et sinn awer eng Partie Froen an deem Kadergesetz nach net beäntwert.

Beispillsweis all déi Elementer, déi mat der Campagne ze dinn hunn. Den Här Bodry ass och schon drop agaangen. Et gétt zwee Elementer vun der Campagne am Kader vun engem Referendum: Et gétt d'Ausenanerzung mat der Saach, déi déi wëlle mat Jo, déi déi wëlle mat Nee bei engem Referendum stëmmen, an et gétt en zweet Element, dat ass de Fall vun enger offizieller Informationscampagne vun der Regierung beispillsweis.

Och do menge mer, dass et misst Spillregele ginn, déi déi offiziell Informationscampagne vun der Regierung begleeden, an et misst och Spillregele ginn, déi déi eenzel Comitéen, déi opruffen am Kader vun engem Referendum, och kënnen finanziell an op aner Manéiere begleeden ennerstëtzen. Et gétt och Länner, déi esou Regeln hunn. Mir mengen, dass et noutwendeg wär, an engem zweete Worf, méiglecherweis am Kader vum Gesetz

iwwert d'Initiative populaire, och prezis an engem Gesetzestext déi Regele festzeschreien, déi déi offiziell Informationscampagne vun der Regierung muss hunn, mat méiglecherweis engem Contrôle duerch d'Cour constitutionnelle, an och wéi gesot kloer Spillregeln zu de Finanzementer, enner anerem vun deene Comitéen, déi géngen opruffen am Kader vum Referendum.

Vun deenen zwou awer wichtige Froen, déi nach ze beäntwerte bliwen ofgesinn, si mer der Meenung, dass d'Gesetz, esou wéi et elo virläit am Kader vun den Artikelen 51 (7) an 114, u sech an der Rei ass. Et kéinten awer trotzdem zwou, dräi Dispositiounen, déi elo drastinn, sech als problematesch erweisen, wa mer d'Gesetz iwwert d'Initiative populaire och an der Chamber traitéieren.

Ee Punkt, op dee mer wëllen hiweisen, ass dee vum Comité d'initiative. Et ass esou, dass et am Prinzip duergeet, dass fénnef Leit eng Initiative huelen am Kader vum Artikel 114, also am Kader vum Référendum constitutionnel - an déi Dispositiounen si jo an deem Kadergesetz ageschriwwen -, dass d'Leit also zu fénnef d'Initiativ huelen e Referendum unzefroen. Dat ass geduecht, fir dass et net esou schwéier soll sinn de Referendum unzestoussen. Dat huet awer och zumindest d'Gefor a sech vun Abusen. Et ass am Gesetz esou geregelt, dass deen Éische vir ass. Wann also méi Demanden agereecht gi beim Regierungschef, da muss de Regierungschef déi éischt Demande, déi agereecht ginn ass, zréckbehalen.

Elo kann et liicht passéieren, an ech wëll den Däiwel net un d'Wand molen, mä dat ass awer eng Saach, déi net komplizéiert ze maache wär, dass fénnef Leit d'Initiativ huelen zu engem bestëmmten Sujet d'actualité, fir ze froen: Mir hätte gären dozou e Referendum.

Kuerz drop kënt eng méi seriö Initiative, déi awer, well se méi seriö ass, vläicht e bësse méi laang gebraucht huet fir sech ze organiséieren, déi dann op der Lescht vum Statschef op zweeter Plaz steet, an domadder d'office net méi kann drukommen. Da stellt et sech duerno eraus, dass déi fénnef, déi déi éischt Demande agereecht hunn, guer net seriö waren, sech keng Méi ginn, fir Ennerschréften ze sammelen, an domadder gétt et zu deem Thema kee Referendum an et kritt da keen Zweete méi d'Méiglechkeet, wéint dem Échech vun der éischer Initiative, nach eng Initiative selwer ze starten. An do ass zumindest eppes am Gesetz wat nach eng Kéier misst iwwerduecht ginn, wat wuel am Kader vum konstitutionelle Referendum net problematesch ass, wat awer bei der Initiative populaire zumindest Geforen a sech huet.

Da menge mer och, dass et u sech schued ass, dass mer d'Recoursen am Gesetzestext e bëssen zesummegestrach hunn. Dat war de Wonsch vum Statsrot, fir nëmmen e simple degré ze hunn, dat heescht, dass ee Recoursen nëmmen un d'Cour administrative soll kënnen riichten. D'Regierung hat eigentlech virgesinn, dass esouwuel den Tribunal administratif wéi och d'Cour mat engem double degré de jurisdiction könnte befaasst ginn. De Statsrot hat et opgeworf, ouni vill ze insistéieren, a mir mengen och, dass een et net onbedéngt hätt missen hierginn, well grondsätzlech ass den double degré de jurisdiction awer eng Saach, déi hire Sënn huet.

Dat gesot, wëll ech dem Rapporteur nach eng Kéier Merci soe fir sai Bericht an och virun allem fir déi flott Zesummenaarbecht an der Kommissioun. Do kann ee munches bäidroen an et kann een awer och munches léiere vun Här Meyers. Dofir wëll ech em och wierklech en éierleche Merci soe fir d'Zesummenaarbecht a fir sai Bericht a mat dese Remarquen och

d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zum Gesetzesprojekt bréngen. Mir huelen elo scho Rendez-vous fir d'Gesetz zur Initiative populaire.

M. le Président. - Merci, Hâr Braz. Den nächste Riedner ass den honorablen Hâr Jacques-Yves Henckes. Hâr Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Merci, Hâr President. Als ADR, als Aktiounskomitee fir Demokratie a Rentegerechtigkeit, hu mir ëmmer eng grouss Prioritéit, e groussen Akzent gesat op méi Demokratie, dat heescht, op méi Referenden an op d'Méiglechkeet fir Referenden an eisem Land ofzehalen. An dofir si mer frou, dass d'Iddi selwer vum Referendum lues a lues hire Wee gemaach huet, dass déi Aktiounen, déi mir als ADR gestart hunn, am Laf vun de leschte Legislature lues a lues hir Friichten droen.

Ech wëll zum Beispill nëmmen drun erënneren, dass mir den 13. Februar 2003 eng Motioun hei an der Chamber deponéiert haten, fir e Referendum iwwert den Traité constitutionnel ofzehalen. Deen Ablack wore mir déi eenzeg Partei, déi dat gedroen huet. All aner Parteien hunn unisono géint de Referendum geschwat a géint ons Motioun gestëmmt.

A lues a lues gesäit een, dass d'Iddi awer ëmmer méi Sympathie fonnt huet, an dass sech herno eng Unanimitéit hei an der Chamber fonnt huet, fir e Referendum iwwert den Traité constitutionnel ze froen a fir op de Wee vu legislative Mesuren ze goen.

Ech hunn dem Rapporteur mat ganz vill Intérêt nogelauschert an ech wollt em och Merci soe fir säi ganz detailléierten a motivéierten Rapport, an och fir déi gutt Aarbecht, déi en als President an där Kommissioun mécht.

E wäert mer awer erlaben op engem Punkt net mat em d'accord ze sinn, e wesentleche Punkt awer, op deem ech wëll e bësselche méi déif agoen, an dat ass d'Diskussioun, ob e Referendum konsultativen oder legislativen, dat heescht, décisionnelle Charakter soll hunn.

Ons Konstitioun am Artikel 51 (7) seet: «Les électeurs pourront être appelés à se prononcer par la voie du référendum dans les cas et sous les conditions à déterminer par la loi.» Dat ass déi generell Formulierung, déi mer zréckbehalen hunn. A wat heescht nun «se prononcer»? An den Aë vun dem Conseil d'État an och vun deene meeschte Parteien heibannen heescht dat, d'Leit mussen un engem Referendum deel huelen, mä dass herno, esouguer wann eng Majoritéit vun de Leit sech fir eng Iddi ausschwätzt, dann d'Chamber awer eppes anescht ka maache wa s'et fir richtig féint.

Jiddere weess, dass dat vläicht nëmmen an Ausnahmefäll ka geschéien, well et muss jo e gewëssene politesche Courage sinn, fir géint eng majoritär Meenung, déi am Vollek ausgedréckt gëtt, virzegoen, mä nach ass et eng Méiglechkeet. A mir si mat där Méiglechkeet do en tant que telle, deen Ablack wou et ëm Gesetzesprojete geet, deen Ablack wou et ëm Traité geet, an och wéi an deem Fall wann et ëm Verfassungsännerunge geet, net d'accord. Mir mengen au contraire, dass, bei alleguerten deenen Texter, déi mer stëmmen a wou d'Vollek net domat d'accord ass a wou et zu engem Referendum erugezu gëtt, dass deen Ablack déi Décisioun, déi d'Bierger huelen, och Gesetzeskraaft huet. Dat wëllt net heeschen, dass een net och d'Bevölkerung kann ëm hir Meenung froen.

Iwwer e Sujet d'actualité soll een zum Beispill e Referendum maachen, dat d'Euthanasie géing ënner verschiddeenen Emstänn reglementéieren, wou also dëst nuren eng Fro, eng Meenung ass, zu där

d'Bierger hir Meenung solle soen, ouni dass een e präzisen Text an der Iddi huet.

An dofir mengen ech, wann een de Larousse kuckt, da gesäit een, dass de Larousse dräi Possibilitëite virgesäit fir d'Wieder «se prononcer» auszeleeën. Et heescht éischters «pour rendre un jugement, un arrêt». Déi zweet Méiglechkeet, an et ass déi, déi interessant ass, an déi seet «exprimer nettement une opinion sur quelque chose; un médecin se prononce sur...», dat heescht, do ass also d'Iddi vum Konsultative ganz kloer zréckgehalen. Mä am Franséischen heescht et och «choisir tel parti, se décider, décider, se prononcer en faveur d'une mesure fiscale». Dat heescht, do ass d'Iddi vun der Décisioun mat dran.

An ech mengen, et muss esou sinn, dass deen Ablack wou et ëm legislativ Texter geet, deen Ablack wou et ëm Traité geet, deen Ablack wou et ëm Décisioun geet, déi e legislativen oder constitutionnelle Charakter hunn, wann et zu engem Referendum kënt, dass d'Vollek muss a soll decidéieren. Dat ass esou gewollt vun deene Leit, déi mat ganz vill Wäisheet dës Konstitioun ausgeschaft hunn, a mir kënnen dofir net mam Conseil d'État a mat der Regierung a mat deenen anere Parteien d'accord sinn, déi soen, dass «se prononcer» nuren därer konsultativ sinn an dass herno d'Chamber ka maache wéi se wëllt. Dat wor net de Sënn vum Text. Dat ass eng Ausleeung, déi an onsen Aë falsch ass.

Au contraire menge mer, dass et am Prinzip, wa mer et nure wëllen um legislative Wee halen, de Referendum muss décisionnel sinn an e muss legislative Charakter hunn, an et ass just nure wann een d'Leit ëm eng Meenung freet, oder wou verschidde Leit d'Initiativ huele fir eng Meenung vun deenen anere Matbierger ze froen, dass de Referendum konsultative Charakter hätt.

Et ass och dowéinst wou mer eng Proposition de loi eraginn hunn, an där mer gesot hunn, dass een op jidde Fall d'Wieder décisionellen oder legislative Charakter - et sinn déi zwee Wieder déi gebraucht ginn - soll huelen, wann een am Kader vu Gesetzter handelt.

An d'Iddi selwer vum legislativen, vum décisionnelle Referendum fanne mer jo an deemem Projet de loi erëm, wou deen Ablack, wou e Referendum stattféint a wou et e Jo oder en Nee gëtt, jee nodeem wéi d'Décisioun wor, dee Vote do - d'Resultat vum Referendum - direkt als Gesetz ëmgewandelt gëtt.

Ech wëll och hei drop hiweisen, dass de Conseil d'État a sengem Avis zu der Modifikatioun vum Artikel 114 vun onser Konstitioun, déi mer elo diskutéieren, Folgendes de 25. Februar 2003 gesot huet: «Le Conseil d'État ne peut cependant pas se rallier à la position du Gouvernement qui ne veut conférer qu'un caractère consultatif au référendum. Dans une telle approche on mettrait sous tutelle l'électeur auquel on entend restituer une partie des pouvoirs qui sont à la base même de la démocratie.» Dat, wat also fir den Artikel 114 richtig ass, ass och fir den Artikel 51 (7) richtig.

Dofir wonnert et mech, dass de Conseil d'État op eng kéier eng aner Meenung oder souguer eng fundamental aner Meenung huet innerhalb vu ganz kuerzer Zäit. Et ass mol kee Joer vergaangen. Ech mengen, dass een dofir muss éischer op de Wee goen, dass een eng richtig Lecture vun dem Artikel 51 (7) vun onser Konstitioun mécht, an déi zwou Interpretatiounen zréckhält: Décisif, legislativ, deen Ablack wou et ëm Gesetzestexter geet, a konsultativ, deen Ablack wou ee just nuren eng Meenung iwwer e Sujet wëllt froen.

Et gesäit een och, dass déi Iddi vum décisionellen a legislative Cha-

rakter vu verschiddeenen Referenden an Europa, mä och doriwwer eraus an Amerika an alle Staaten ëmmer méi säin Nidderschlag féint. An Amerika gesäit all Stat vir, dass de Referendum all méiglech, all Sujete bal kann abordéieren. E schléisst seelen e puer Sujeten aus. D'Volleksinitiativ, d'Initiativ vum Parlament fir e Referendum unzefroen, ass generell. Déi meescht Iddien, déi zréckbehalen sinn, déi hu legislative Charakter, dat heescht sinn decidéierend, de Wieler decidéiert, an déi eenzeg Ausnahm ass: Wann eng Meenung gefrot gëtt, dann ass de Referendum konsultativ.

Dänemark, Irland, d'Schwäiz, och Italien, Däitschland a Spuenien, Frankräich, Griichenland a Portugal kennen de Référendum décisionnel, de Référendum législatif. An Dänemark kann op Basis vum Artikel 42 vun der Konstitioun e legislative Referendum a Kraaft trieden, wann een e Gesetz duerch e Referendum verhénnere wëll, mat enger eenzeger Ausnahm vu Budgets- oder Steiergesetze. Dat heescht, bei all Gesetze kann e Referendum gefrot ginn, sauf bei Budgets- a Steiergesetze. Mä och des Gesetze, Budgets- a Steiergesetze, kënnen a Fro gestallt ginn, wann d'Parlament den Accord gëtt fir en diesbezügliche präzise Gesetzesprojekt dem Vollek virzeleeën an dass also iwwer e präzisen Text diskutéiert gëtt.

An den internationale Relatiounen - dat heescht och an den europäesche Relatiounen - muss e Referendum stattfannen, gemäss Artikel 20 vun der dänescher Konstitioun, wann net weinigestens fënnf Sechstel vum Parlament en Traité approuvéieren. Och dese Referendum huet legislative Charakter, ass décisionnel.

Décisionnel ass och de Referendum iwwer eng Verfassungsännerung, an dat gemäss dem Artikel 88 vun der dänescher Konstitioun. Do also leie mer op darselwechter Linn wéi Dänemark a wéi much aner Länner. An et ass eng Logik, déi een och muss zréckbehalen an déi ganz op den décisionelle Charakter vun engem Referendum hiweist. Ähnlech an Irland an an der Schwäiz, sauf dass an der Schwäiz net nëmmen d'Parlament, mä och 50.000 Wieler oder aacht Kantonen e Referendum ufroe kënnen.

An Italien huet de Referendum, wou d'Bierger gefrot gi fir e Gesetz oder eng Dispositioun vun engem Gesetz ofzeschaffen, och décisionellen, legislative Charakter. Wann d'Bierger Nee soen, ass dat Gesetz oder deen Deel vum Gesetz net méi a Kraaft. An Däitschland ass de Referendum iwwer Froen, déi eng Reorganisatioun, eng nei Andeelung vum däitschen Territoire betreffen an zu deenen e Referendum organiséiert gëtt, décisionnel an huet legislative Charakter.

Den Artikel 11 vun der franséischer Konstitioun, mä och déi griichesche an déi portugiesesch Verfassung gesinn d'Méiglechkeet vun engem Référendum législatif décisionnel vir. A Griichenland ass de Referendum limitéiert op importent sozial Froen a Gesetze an och do huet de Referendum awer, egal wéi en ausget, e legislativen, décisionelle Charakter.

Et ass also a bal allen europäesche Länner sou an et ass an Amerika ganz kloer, do wou et de Referendum gëtt, ass en décisionnel an en ass just nure konsultativ a verschiddeenen Länner an ënner ganz verschiddeenen Bedingungen, deen Ablack wou eng Meenung bei de Leit gefrot gëtt.

Desto méi muss en décisionnel sinn, muss e legislative Charakter hunn, wann eng Wahlflicht besteet, wann een d'Leit, d'Bierger opfuer-

dert an d'Wahllokaler ze goen, sech e ganze Sujet duerchzekucken, déi 821 Säite vun engem Traité constitutionnel theoretisch sech zu Gemitt ze féieren, an da kann een hinnen net soen: Dir musst stëmme goen, mä deen Ablack wou mer d'Resultat hunn a wann et par impossible negativ ass, da kënne mir awer nach maache wéi mer wëllen hei an der Chamber. Ech mengen, dat kann et dach net sinn!

Dat ass eppes, wou mir en totalen Désaccord mat der Majoritéit hunn, a mir fuerdere jiddferen hei op endlech d'Konstitioun richtig auszeleeën an d'Iddi vum décisionellen, vum legislative Referendum zréckbehalen, esou wéi mer et iwwerregens hei och bei deemem Projet de loi gemaach hunn, wou mer och den décisionelle Charakter vun der Décisioun zréckbehalen.

Zweete Punkt, op deem ech nach kuerz wollt agoen, dat ass d'Fro, wéi dese Referendum soll ulafen am Kader vum Artikel 114, esou wéi mer elo d'Gesetz diskutéieren. Mir hunn do virgesinn, dass fënnf Bierger, déi op de Wielerlëschten ageschriwwen sinn, kënnen eng Initiative starten, mä dass der herno awer 25.000 mussen déi Initiative matdroen. Elo kann et méi Initiative ginn. Ech géing net soen, dass déi éischt Demande vu fënnf Bierger, wéi et elo virdu vun enger Partei hei gesot ginn ass, géing den Ausschlag ginn, mä dass au contraire, wann et méi Initiative gëtt vu Bierger, alleguerten déi Initiativen dann hirt Recht hunn. Mä et ass just déi, déi déi néideg 25.000 Wielerënnerschrëfte kritt, déi deen Ablack zu engem Referendum zougelooos gëtt.

Et därerf net esou sinn, dass just deen Éischte sollt vir sinn. Mä souguer wann et dat wier, wäre mir als ADR och guer net dergéint, mä et muss ee sech effektiv mat der Fro befaassen, ob mer dann net sollte higoen, jee nodeem wéi vill Initiative kommen, an aus deene fënnf Bierger der 500 maachen. Mä dat ass awer elo net onbedéngt dat wichtigst Thema. Dat Wichtigst ass, dass d'Méiglechkeet geschafe gëtt, fir op de Wee vum Referendum ze goen, an dass allen Initiativen, déi géint eng Modifikatioun vun der Konstitioun wëllen, ka Rechnung gedroe ginn ënner deenen Emstänn, wéi et elo hei am Gesetz virgesinn ass.

Drette Punkt, deen ee muss diskutéieren, ass deen, wie beim Referendum matmaache kann. Den Artikel 51 (7) vun onser Konstitioun schwätzt hei vun «les électeurs», an den Artikel 52 vun onser Konstitioun seet: «Pour être électeur, il faut être Luxembourgeois ou Luxembourgeoise.» Dat ass kloer.

Bis elo hu mir ëmmer gesot, wéi mer d'Regierung an aner Parteien héieren hu soen, dass déi Bierger, déi op den Europalëschten ageschriwwen sinn, och um Référendum constitutionnel sollten deel huelen, dass dat antikonstitutionnell wier. Mir sinn elo frou, dass mer net méi eleng mat där Meenung do stinn an dass de Conseil d'État an deem Avis, dee mer geschter kritt hunn, sech dofir ausschwätzt, dass déi Lëtzeburger Wieler déi eenzeg sinn, déi kënnen un engem Referendum deel huelen.

Mir stinn also net méi eleng do; mir ginn hei och vum Statsrot bestäet. Ech mierken och haut aus verschiddeenen Interventiounen, dass d'Parteien elo lues a lues ons Meenung deelen an dass, wann ee misst eng Verfassungsännerung maachen fir et de Wieler, déi op de Lëschte fir d'Europaparlamentswahlen ageschriwwen sinn, ze erlaben, bei deem Referendum iwwert den Traité constitutionnel matzeschwätzen.

Et ass wichtig, dass mer iwwert deen ee Punkt, deen ech virdu ugeschwat hunn, nach weider diskutéieren. Dat ass ob de Referen-

dum en décisionellen oder e konsultative Charakter huet. Wann een de rezenten Avis vum Conseil d'État iwwert déi Problematik liest, déi ech elo abordéiert hunn, wien därerf Wieler ginn, da gesäit een, ouni wëllen elo schonn direkt allem a weideren Décisiounen virzegegräfen, dass, wa mer de Référendum décisionnel iwwert den Traité constitutionnel maachen, d'Prozedure vill méi einfach sinn. Da brauche mer ons net vill de Kapp ze zerbréchen, dann ass et kloer, da schwätzen d'Lëtzeburger Bierger a si soe Jo oder Neen zum Traité constitutionnel.

Wa mer dat net maachen a wa mer wëllen aner Weeër goen, da muss mer hei Allméiglechens an all méiglech Prozeduren duerchgoen, wou ech dem President vun der Commission des Institutions eng glécklech Hand da misst wënschen, fir dass en de Bierger dobaussen all déi komplizéiert Prozedure kann erklären: Datt mer fir d'éischt e Referendum decidéieren, dann en éischte Vote huelen iwwert den Traité, dann ons Dispens vum zweete Vote awer net huelen, dann de Referendum organiséieren, dann en zweete Vote huelen, dann eng Verfassungsännerung matmaachen oder eng Verfassungsännerung muss virdu mat duerchstëmme. Bref, et riskéiert relativ komplizéiert a komplex ze ginn.

Wa mer en Traité constitutionnel an engem Référendum décisionnel duerchzéien, da si mer aus alleguerten deene Schwierigkeeten eraus. Dann ass et an engem Text gedoen an da schwätzt an decidéiert de Bierger. Dat ass och dat wat hei an deemem Gesetzesprojekt virgeluecht ass. Et ass e gutt Gesetz an dofir wäert den ADR och dëst Gesetz hei stëmmen.

M. le Président. - Merci, Hâr Henckes. Dat ass déi generell Debatt ofgeschloss an ech ginn dem Justizminister d'Wuert fir Stellung ze huelen.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech wëll just nach eng Resolution déposéieren.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- constatant que le projet de loi relatif au référendum au niveau national fixe les modalités d'organisation d'un référendum sur base de l'article 51 paragraphe 7 et de l'article 114 de la Constitution;

- saluant la volonté du Gouvernement d'introduire dans notre système politique l'initiative populaire en matière législative;

- constatant que la volonté du Gouvernement d'introduire l'initiative populaire en matière législative à travers le projet de loi initial «relative à l'initiative populaire en matière législative et au référendum» s'est heurtée à l'opposition formelle du Conseil d'État, sur base de considérations constitutionnelles, décide

- de prendre les mesures législatives nécessaires à l'introduction du référendum sur initiative populaire en matière législative dans le régime politique de notre pays.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Une voix. - Gitt dem President se!

M. le Président. - Merci, Hâr Henckes. Elo huet den Hâr Justizminister Luc Frieden d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Hâr President, Dir Damen an Dir Hären, um Enn vun dëser Debatt e puer Wuert vun der Regierung.

En éischt Wuert fir d'Importenz vun deemem Projet de loi, deen haut hei zur Diskussioun an zur Ofstëmmung kënt, ze ënnersträichen. Et ass e Gesetz, e Basisorganisa-

tionungsgesetz vum Referendum, an domadder ass et e Gesetz wat op de Fonctionnement vun eisen Institutionen a vun eiser Demokratie en direkten Effet huet. Et ass domadder e Gesetz wat mer net all Dag stëmmt, och wa mer de Prinzip vum Referendum selbstverständlech an eiser Verfassung hunn. D'Verfassung déi, quitte datt se al ass, dach eng ganz Rei Mechanisme virgesinn hat, wéi och déi semi-direkt Demokratie an eise Land.

Et ass gutt, datt mer e kloer Kader ginn, innerhalb vun deem mer an Zukunft Referenden zu Lëtzebuerg kënnen ofhalen. Duerfir mengen ech ass et och gutt ze gesinn, datt d'Parlament a senger ganz breeder Majoritéit den Inhalt vun deem Gesetz deelt. Grad e Parlament wat domadder en Deel vu senger Kompetenz fir gewësse Beräicher, déi erëm eng Kéier vum Parlament festgeluecht ginn, ofgëtt, zréckgëtt un de Wieler. E Referendum gehéiert zu enger Demokratie. Mä selbstverständlech muss een och de Wäert vun der parlamentarescher Demokratie a vun der repräsentativer Demokratie ervirsträchen.

Et ass ganz kloer an eise Verfassungsrecht, datt d'Natioun souverän ass an datt d'Natioun vertruede gëtt duerch Leit, duerch Deputéierten, déi vun de Wieler designéiert ginn, periodesch designéiert ginn zu Lëtzebuerg all fénnef Joer. An duerfir seet d'Verfassung och, datt d'Chamber d'Land vertritt an datt d'Chamber duerfir och muss d'Gesetzter am Numm vun de Leit, déi hir e Vertriebsrecht ginn hunn, ausdrécken, ouni datt doraus en imperative Mandat entsteet. Duerfir ass et kloer, datt d'Deputéierten an hiren Entscheedungen d'Intresse vum Land virun Aë mussen hunn, sech orientéieren mussen un deem wat se an hire Wahlprogrammer bei de Wahle gesot hunn. Mä si verrieden d'Land, si verrieden d'Natioun aus där d'Souveränitéit entsprengt.

Et ass awer och gradesou normal, datt et duerfir Momenter kënnen ginn, wéini een erëm dee Pouvoir zréckgëtt un d'Leit, fir si ze konsultéieren op enger gewëssener Fro. Duerfir dierf d'Importanz vum Referendum net e Schied werfen op d'Wichtigkeet vun Institutionen wéi d'Parlament, déi eng indispensable an noutwendeg Roll an der Demokratie mussen hunn, fir majoritär Entscheedungen - dat selbstverständlech no Diskussione mat enger ganzer Rei vu Leit, mam Vollek a mat den ausserhalb vum Parlament organiséierte Gruppen - kënnen am Parlament ze huelen. De Referendum kann also d'Parlament net ersetzen.

De Referendum kann och nëmmen a ganz limitéierte Fäll an enger parlamentarescher Demokratie zur Uwendung kommen. Ech mengen et wär net gutt wann all méindes moies géing e Referendum stattfannen. Et muss een also zu wichtigen, nationale Froen de Referendum limitéieren, an duerfir ass et och normal, datt et un der Chamber ass fir ze kucken a wéi enge Froen een de Referendum gebraucht.

Constitutionnel Froe sinn esou Froen. Duerfir ass et och normal a gutt, datt am Kader vun der Revisioun vum Artikel 114, deem Artikel an der Verfassung, dee sech mat der Verfassungsännerung beschäftegt, och d'Méiglechkeet vum Referendum agebaut ginn ass. Gradesou wéi ee sech ganz gutt ka virstellen, datt bai fundamentale Froen, déi eist Land ugin, oder fundamental moralesche Froen, wou eng Parteilmajoritéit vläicht manner Plaz soll hunn, d'Bierger gefrot ginn an datt et un de Bierger ass fir do am Kader vun engem Referendum hir Meenung auszudrécken.

Et muss een also dem Referendum seng Plaz ginn an eiser parlamentarescher Demokratie, an déi Plaz muss limitéiert sinn op Grondfroen,

déi mat de Grondelementer vun eise Stat eppes ze dinn hunn, wéi d'Organisation vun eise Land, wéi d'Verfassung, wéi awer och grondleeënd moralesch Froen, déi sech d'Leit selwer mussen stellen an dann och ganz verantwortungsvoll bei esou enger Décisioun mussen entscheeden.

Et ass selbstverständlech, datt sech och an deem Kontext natierlech fir d'Leit d'Fro stellt wéi se bei engem Referendum entscheeden, well mer an engem System sinn an deem mer d'Wahlpflicht hunn. An duerfir stellt sech d'Fro - an déi hânt domat zesammen -: Wie kann un engem Referendum deelhuele?

Wann een nämlech seet, wéi och eng ganz Rei Virriedner op deser Tribun de Mëtteg gesot hunn, datt mer et hei mat enger Wahlpflicht ze dinn hunn, dann hu se domadder zugläich zum Ausdrock bruecht, datt mer eis hei am Kader vum Wahlgesetz befannen an datt et och déi Wieler, déi d'Wahlrecht hunn, sinn, déi un engem Referendum deelhuele.

Da stellt sech selbstverständlech am Kader vun all Referendum, mä och vun deem Referendum, deem den 10. Juli vun deem Joer soll organiséiert ginn am Kader vun der Approbationsprozedur vun der europäescher Verfassung, selbstverständlech d'Fro, wien de Corps électoral ass, deem un deem Referendum dierf deelhuele. Datt dat eng schwierig Fro ass, déi zu komplizéierte constitutionellen Interpretatione féiert, déi hu mer net eréischt gëschter Owend entdeckt. Dat ass eng Fro iwwert déi an der Chamber an an der Regierung an deene leschte Wochen diskutéiert ginn ass, a well mer woussten, datt et eng ganz schwierig constitutionnel Fro wier, huet d'Regierung et fir noutwendeg fonnt en Avis beim Statsrot unzefroen iwwer eng exceptionnel Prozedur, well mir hunn dem Statsrot en Avis gefrot ouni datt mer e Projet de loi do leien haten. Domadder de Bewäis, datt d'Regierung déi Fro do seriö geholl huet an datt d'Regierung an deene leschte Wochen doriwwer intensiv nogeduecht huet.

D'Regierung hätt et gäre gesinn, esou wéi - mengen ech - e ganz groussen Deel vun de Membere vun der Chamber, bei engem Text, dee vu senger Natur aus europäesch ass, well en d'Zukunft vun Europa organiséiert an deenen nächste Jorzénge, datt mer do all déi hei zu Lëtzebuerg wunnend EU-Ausländer un deem Vote deelhuele gelooss hätten. Mir sinn awer op Grond vun deene constitutionellen Iwwerleeungen, déi de Statsrot gemaach huet, der Meenung, datt mer bei deem Referendum, deem d'est Joer usteet a wéinst dem Risiko, datt dee Referendum, wa mer dat anescht géinge maache wéi de Statsrot dat mat sengen Iwwerleeungen, déi mer deelen, mécht, mer zur Konklusion kommen, datt dat géing reell Froe stellen iwwert de Wäert vun deem Referendum, dee géing stattfannen. Déi Iwwerleeungen, déi de Statsrot mécht, sinn och déi vun enger ganzer Rei vu Constitutionnalisten. Selbstverständlech ass an der Interpretation vum Droit et heiansdo schwierig dat eent oder dat anert ganz kloer an déi eng oder aner Richtung ze interpretéieren.

Et ass d'Meenung vun der Regierung op Grond vun deem Avis vum Statsrot, datt fir de Referendum vum 10. Juli eleng de Corps électoral, esou wéi et an der Verfassung steet an an der Interpretation, déi de Statsrot duergeluecht huet, kann un deem Referendum deelhuele.

Wéi gesot, mir hätte léiwer gesinn aus evidente Grënn, déi mat dem Verfassungstext vun Europa zesammenhänken, datt een dee Corps électoral hätt kënnen huele vun den Europawahlleschten. Mä op Grond vun deem Risiko, dee besteet, datt mer eis géingen an e

Beräich beginn, deem net konform wier zur Verfassung, hält d'Regierung selbstverständlech un enger strikter Interpretation vun der Verfassung fest a wäert dofir dee Corps électoral op d'Lëtzebuurger Wielierschaft limitéieren.

D'Gesetzter vum Lëtzebuurger Land, an un eischer Plaz d'Verfassung, sinn d'Obligation vun eis all fir déi an alle Situatiounen ze respektéieren. Mir waren eis hei där juristescher Schwierigkeet bewosst. Mir hunn dat seriö gekuckt. Mir analyséieren dat op Grond vum Avis vum Statsrot an op Grond vun deene Froen, déi dat opwerft, déi och héchstwahrscheinlech domat géingen dozou féieren, datt de Statsrot bei enger anerer Interpretation géing eng Opposition formelle maachen. Wa mer de Projet de loi iwwert de Referendum an der Chamber abringen, schéngt et eis, datt et keng aner Solution gëtt fir déi strikt Interpretation vum Wuert „électeur“ am Artikel 51 vun der Verfassung iwwert de Referendum ze observéieren.

Ech wëll an deem Kontext och soen, datt mir all déi bestoend Gesetzter iwwert d'Wahlrecht applizéieren. An an deem Kontext wëll ech soen, datt et selbstverständlech ass, datt dat och géilt fir d'Applikation vun de Bestëmmungen iwwert d'Wielerleschten, déi an dem Wahlgesetz stinn, déi gewëssene ganz komplizéierte Prozeduren ënnerleien. Et ass selbstverständlech, datt d'Participatioun vu jidderengem, deem un deene Wahle deelhëlt, no deene Regele sech ofspillt wéi se dee Moment a Kraaft si wou de Referendum stattfënt, an datt et schwierig schéngt ze sinn, fir an deem Joer d'Wahlgesetz op deenen do bestoende Punkten ofzeänneren.

Ech wëll an deem Kontext soen, op Grond vun deene Froen, déi hei opgeworf gi sinn, virun allem vun der grénger Fraktioun, datt op Grond vun eise verfassungsrechtliche Bestëmmungen all Deklaratioun an all Décisioun vum Grand-Duc vun der Regierung virdrun approuvéiert gëtt an d'Regierung steet selbstverständlech hannert allen Aussoen, déi de Grand-Duc mécht a fir déi se d'politesch Responsabilitéit an eise verfassungsrechtliche System dréit.

Mä et ass gradesou kloer, datt d'Participatioun vun all Mënsch, wéi ech dat virdu gesot hunn, op Grond vun deene bestoende Regele vun Wahlgesetz sech ofspillt an datt déi Regele vu jidderengem hei am Stat selbstverständlech och bei där Participatioun voll a ganz wäerte respektéiert ginn. Et schéngt eis schwierig, mä dat kann een awer iwwerpräiwen, déi Wahlgesetzbestëmmungen nach eng Kéier ze iwwerkucken. Héchstwahrscheinlech ass dat zäitméisseg net dran an dofir fënt dee Referendum statt op Grond eischtens vun enger strikter Interpretation vun der Verfassung, wat de Corps électoral ubelaangt, an zweetens op Grond vun dem aktuell bestoende Wahlgesetz, y compris mat senger Prozeduren iwwert d'Wielerleschten, den Ofschloss vun deene Wielerleschten an d'Revisioun vun deene Wielerleschten.

Eng aner wichteg Fro an deem Kontext ass déi vum Resultat vun dem Referendum. Ech wëll hei ganz kloer zum Ausdrock bréngen, datt op Grond vun eiser constitutioneller Lecture och op deem Punkt vun der Verfassung, déi gradesou strikt ass wéi déi um Punkt vun dem Corps électoral, e Referendum nëmme kann an deem Kontext vun enger Gesetzesapprobation e konsultative Charakter hunn. Et ass gesot ginn, datt d'Doktrin déi Fro net ganz klärt. Et gëtt eng ganz Rei Constitutionnalisten, déi an där Fro déi kloer Meenung hunn, datt an engem parla-

mentaresche Regime wéi eise d'Chamber d'Gesetzgebungskraaft huet, zesumme mam Grand-Duc, an datt d'Chamber dofir eleng kann decidéieren a muss decidéieren, souwuel wat de Fait déclencheur vum Referendum ubelaangt, wéi wa se d'Gesetz heron stëmmt, wat le cas échéant zu engem Referendum virgeluecht ginn ass. Dee konsultative Charakter schéngt fir d'Regierung kloer.

Mä et ass gradesou kloer, datt wann et sech ëm e ganz wichtigen Text handelt, deem dem Vollek zur Konsultation virgeluecht gëtt, datt doraus d'Parlament an och d'Regierung déi doraus entstoeend politesch Konsequenze mussen zéien. Dat heescht net, datt bei all Referendum, dee géing stattfannen an deem eng aner Meenung géing ausdrécke wéi déi parlamentaresch Majoritéit, eng Regierung muss zrécktrieden. Dat hânt of vum Objet vum Referendum. Et gëtt also keng Obligation an engem Verfassungsrecht, an engem Regime wéi eise, datt missten duerno Wahle stattfannen. Dat hânt also dovunner of wat den Objet vum der Konsultation ass.

Et schéngt mer awer gradesou kloer, datt wann e Referendum an eng gewësse Richtung geet, wann d'Majoritéit vum Vollek eng gewësse Meenung ausdréckt, datt et an enger Demokratie net denkbar wier, datt duerno d'Parlament géing an eng aner Richtung stëmme wéi dat wat d'Vollek am Referendum ausgedréckt huet.

Dofir am Résumé, en droit ass fir d'Regierung de Referendum konsultativer Natur. Politesch huet e selbstverständlech zur Konsequenz, datt dat, wat d'Vollek a senger Majoritéit ausdréckt vun deenen, déi vum Vollek gewielt ginn, och respektéiert gëtt, et sief dann et wier an der Verfassung eppes anesches ausgedréckt wéi dat am Artikel 114 de Fall ass bei der Verfassungsännerung. Do ass et ganz kloer, dass de Referendum eng décisionnel Kraaft huet, mä do gesäit de Verfassungsgeber dat jo och selwer vir. Dat ass net de Fall am Kontext vun engem Referendum iwwer e Gesetzestext.

De Referendum, wéi gesot, ass an enger Demokratie eppes, wat net contraire ass zur parlamentarescher Demokratie. Et ass en Element, wat d'parlamentaresch Demokratie tëscht de Wahldaten op fundamentale Froe ka stäerken. En fait ass fir eis de Referendum eng Fro, déi dem Corps électoral gestallt gëtt, fir d'Meenung vun deem Corps électoral zu fundamentale Froen anzehuelen. An doranner läit och den Ennerscheid mat der Volleksinitiative - der Initiative populaire -, déi deem anere Wee geet, wou net de Gesetzgeber um Ursprung steet, mä wou en Deel vun de Leit eppes kënnen déclencheieren, nämlech andeem se och kënnen d'Initiativ huelen, déi kann zu engem Gesetzestext féieren iwwer Prozeduren, déi ee muss festleeën.

Deen Deel vun dem Text, deem aus dem Projet de loi erausgehol ginn ass, aus deene verfassungsrechtliche Grënn, déi ee kann novollzéien, ass fir d'Regierung net vum Dësch. Mir mengen awer - a mir deelen déi Meenung, déi och hei notament vum Spriecher vun der sozialistescher Fraktioun ausgedréckt ginn ass -, dass et géing Sënn maachen an dass et héchstwahrscheinlech deem eenzege verfassungsrechtlich net discutabele Wee ass, fir dat via eng Ännerung vun der Verfassung ze maachen.

Ech soen nach eng Kéier, dass mer der Meenung sinn, dass een d'Verfassung hei an all hiren Dispositione voll a ganz muss respektéieren, wann een de Bierger dat Initiativrecht um legislative Plang wëllt ginn. An d'Regierung ass där Meenung, d'Regierung bleift bei där Meenung an dat war och d'Meenung vun där viregter Regierung.

Da gesi mer op Grond vu weidere Reflexiounen an op Grond vum

Avis vum Statsrot, dass dee beschte Wee wär, dass mer eis zesummen op de Wee vun enger Verfassungsännerung géife beginn. D'Parlament huet traditionell an eise Land d'Initiativ bei de Verfassungsännerungen. Mir wëllen un der Iddi vun der Volleksinitiative festhalen a mir wäer frou, wann et zu esou enger Verfassungsännerung géing kommen, déi de Geescht vun deem géing reflektéieren, wat mer an deem Projet de loi festgeschriwwen hunn, deem heimat elo an deem Moment nach net zu enger Ofstëmmung kënn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat de Kalenner ubelaangt, esou mengen ech hu mer hei eng wichteg Etapp geholl fir an Zukunft Referenden zu Lëtzebuerg kënnen ze maachen. Referenden, dat wëll ech nach eng Kéier soen, déi nëmme bei fundamentalste Froe solle kommen, fir dass mer gutt a schnell an eiser Demokratie weider kënnen Texter maachen. Mä mir kréien d'est Joer, dat huet d'Regierung annoncéiert, e Referendum iwwert déi europäesch Verfassung.

Nodeem mer haut, an och an deser Deklaratioun, an deser Stellungnahme vun der Regierung eng Rei Froe gekläert hunn op Grond vun den zousätzlechen Iwwerleeungen vum Statsrot vu gëschter, menge mer, dass et gutt wär wann d'Regierung späitstens am Laf vum Mount Februar déi zwee Gesetzesprojeten an der Chamber géing erabringen, engersäits deem, d'Approbation vun dem Verfassungstrait virgesäit, an anersäits de Gesetzesprojet, deem d'Referendumsprozedur aleet, wat et dann der Chamber erméiglecht, hir Aarbechten iwwert dee Verfassungstext en vue vun engem Vote, deem d'Chamber muss maachen, innerhalb vun deenen nächste Méint ze maachen, gradesou wéi et géing erlaben dee Referendum, deem also eng obligatoresch Konsultation ass vun all deenen, déi zu Lëtzebuerg d'Wahlrecht bei Legislativwahlen hunn, uerdentlech virbereeden, iwwert d'Méint Mäerz bis Juli, fir doriwwer och eng gréisser Debatt tëscht de Lëtzebuurger an de politesche Forcen hei am Land ze féieren.

Mir hunn d'Chance an engem klengen Land ze wunnen, wou den Débat relativ einfach ass: Débat via d'Medien, Débat via Table-ronden an öffentlech Versammlungen. Ech mengen et wier dofir eng laang Zäit wann een tëscht dem Mäerz an dem Juli eng Rei vun deenen Debate kënn féieren. An ech mengen, dass d'Chamber sech och eng ganz Rei Iwwerleeungen doriwwer gemaach huet. Déi Campagne ass also méi einfach ze organiséieren an engem geographesche Kader wéi eise, wéi vläicht an engem méi groussen Land.

An deem Kalenner mengen ech kënn de Referendum stattfannen, an de Vote, vläicht den zweete Vote vun der Chamber, iwwert d'Approbation vum Trait missd dann esou stattfannen, dass e kann dem Referendum iwwert de Verfassungstrait Rechnung droen, dee jo konsultative Charakter huet, mä dee selbstverständlech an der politescher Entscheedung an deem Parlament muss berücksichtegt ginn.

Här President, d'Regierung ass frou, dass d'est wichteg Gesetz hei zu enger positiver Ofstëmmung schéngt ze kommen. Et ass, wéi gesot, e wichtigen Akt an institutionelle Liewe vun eise Stat. Et renforcéiert eis Demokratie andeem et Elementer vu semi-direkter Demokratie aféiert, déi och virdu méiglech waren, op déi mer vläicht net oft genuch zréckgegraff hunn, op déi een awer soll zréckgräife bei fundamentale Froen, an et ass natierlech besser wann een e kloer Kader huet, innerhalb vun deem een dat kann ofwëckelen. D'est Gesetz gëtt eis dee Kader. En zousätzlech Gesetz muss, wéi gesot, komme bei all eenzelnem Referendum, deem an Zukunft an d'e

sem Land stattfënt.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann, nodeems d'Diskussioun ofgeschloss ass, zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5132.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Marc Spautz), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Marcel Oberweis), Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Felix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass dann esou decidéiert.

Résolution 1

Mir hunn nach eng Resolutioun, déi den Här Jacques-Yves Henckes deposéiert huet. Ech mengen, an der Diskussioun ass zum Fong vun där Resolutioun Stellung geholl ginn, oder, Här Bodry, wëllt Dir nach d'Wuert huelen?

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Well u sech déi Resolutioun eréischt deponéiert ginn ass nodeem ech geschwat hunn, konnt ech also net scho virdrun dozou Stellung bezéien. Hei geet et, wann ech den Text liesen, an eng aner Richtung wéi déi, woufir eis Fraktioun sech an den Debatten ausgeschwat huet.

Hei gëtt verlaangt, dass d'Chamber soll eng nei legislativ Moosnam treffen. Mir sinn der Meenung, dass deen ale Projet de loi, déi éischt Partie, eng gutt Grondlag ass fir eis weider Aarbechten, fir e Gesetz och iwwert d'Volleksinitiativ hei zu Lëtzebuerg anzeféieren, mä dass mer mussen iwwert d'Ofännerung vun der Constitution de Wee fräi maache fir dass mer dat kënne maachen.

Dofir si mir der Meenung, dass deen heiten Text an déi falsch Richtung geet. Mir si fir d'Volleksinitiativ, mä net fir en absolut neien Text. Mir brauche keng nei legislativ Initiativ an deem dote Beräich; et geet duer wa mer d'Verfassung op eenzelne Punkten änneren. Dat schéngt eis dee méi einfachen an dee méi richtege Wee ze sinn.

■ **M. le Président.** - Dann huet den Här Mehlen d'Wuert nach gefrot.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, ech weess net, ob den Här Bodry net eng falsch Interpretatioun vun eisem Text do mécht. Ech mengen mir leien alleguer op enger Linn. Eng Verfassungsännerung - an de Rapporteur huet sech och an déi Richtung ausgeschwat - wär dee richtege Wee éischter wéi deen anere Wee. „Me-

sures législatives“ heescht, mir müsse légiféiere fir d'Verfassung ze änneren. Et ass näischt anescht wéi dat, wat mir hei wollten zum Ausdrock bréngen. Insofern géing ech mengen wäer mer eis alleguer eens, a mir sinn och d'accord fir duerch Handophiewen doriwwer ofstëmmen.

■ **M. le Président.** - Très bien. Da komme mer zum Vote par main levée. Den Här Braz freet d'Wuert nach.

■ **M. Felix Braz (DÉI GRÉNG).** - Ech wollt och kuerz soen, dass déi Gréng och bereet sinn op deen dote Wee ze goen. Mir hunn och am Prinzip kee Problem fir d'Resolutioun ze stëmmen. Et ass eng Resolutioun, déi just nach eng Kéier festschreift, dass mer souwisou alleguerte wëllen op deen Wee goen; mir hunn dat an der Kommissioun gesot. Et géing genausou an déi dote Richtung goe wann déi Resolutioun nach net géing virleien. Ech fanne se zwar och net ganz glécklech formuléiert, mä fir keng Malentenduen opkommen ze loosse stëmme mer se mat.

■ **M. le Président.** - Voilà. Mir kommen dann zur Ofstëmmung par main levée.

Vote

Wie fir d'Resolutioun ass, hieft d'Hand an d'Luucht.

Voilà, dat sinn zwou Fraktiounen.

Wien ass dergéint?

■ **Une voix.** - Dat sinn och zwou Fraktiounen.

■ **M. le Président.** - Dat sinn och zwou Fraktiounen.

(Hilarité)

■ **Une voix.** - Dann ass et 2 : 2.

■ **M. le Président.** - Mä et sinn zwou méi grouss Fraktiounen.

(Hilarité)

Wien enthält sech?

Dat gëtt et net.

Voilà, domat ass d'Resolutioun 1 majoritär ofgelehnt.

Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.51 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Sommaire des séances publiques

5322 - Projet de loi modifiant 1. le Code des assurances sociales 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail
pages 169-175
pages 177-178

5345 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1999 autorisant l'État à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers
pages 175-176

5321 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Clervaux
page 176

5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés
pages 176-177

5406 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004
page 177

5391 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée
page 177

5399 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum
page 177

5401 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003
page 177

Discours de fin d'année de M. le Président
page 178

Demandes en naturalisation
pages 178-179

Communications
page 179

5414 - Proposition de loi de M. Paul-Henri Meyers portant révision des articles 37, alinéa 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution

5428 - Proposition de loi de M. Claude Meisch portant réglementation de l'activité d'assistant maternel - Déclaration de recevabilité
page 179

Ordre du jour
page 179

Déclaration du Gouvernement sur le programme de la présidence luxembourgeoise du Conseil de l'Union européenne et débat
pages 179-187

Institution et composition de la commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg»
page 188

Dépôt d'une proposition de loi
page 188

5370 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la transformation et à l'extension de la maison de soins St Joseph à Pétange;

5372 - Projet de loi portant modification de la loi du 20 décembre 2002 autorisant la participation de l'État à la construction par la Commune de Mamer d'un Centre Intégré pour Personnes Âgées à Mamer

et

5369 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Junglinster
pages 188-194

5413 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg
pages 194-199

5132 - Projet de loi relative au référendum au niveau national

3762 - Proposition de loi tendant à instituer un référendum d'initiative populaire
pages 199-206



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU N° 5 / 2004-2005

Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet
2^e Session extraordinaire 2004		
0114	M. Emile Calmes	Établissement de la carte de séjour
Session ordinaire 2004-2005		
0142	M. Paul Helminger	Contrôle de la distribution de boissons alcoolisées aux jeunes
0149	MM. Marco Schank, Ali Kaes et Jean-Paul Schaaf	Agrandissement du Lycée technique d'Ettelbruck à Erpeldange
0156	M. Aly Jaerling	Négociations d'adhésion de la Turquie à l'Union européenne
0168	Mme Marie-Josée Frank	Accès aux bâtiments publics aux personnes handicapées
0172	M. Marcel Oberweis	Présentation publique de l'étude intitulée „Ganzheitliche Betrachtung der energetischen Holznutzung in Luxemburg“
0176	Mme Martine Stein-Mergen	Encadrement spécifique des enfants à problèmes comportementaux dans les foyers de jour
0179	M. Robert Mehlen	Travaux de réfection de la RN10
0186	M. Jacques-Yves Henckes	Participation du Luxembourg à la Force Internationale d'Assistance à la Sécurité en Afghanistan (ISAF) sous l'égide des Nations Unies
0188	Mme Claudia Dall'Agnol	Refus de suivre les cours d'éducation physique et sportive pour cause de convictions confessionnelles
0189	M. Roland Schreiner	Conservation à des fins historiques et touristiques de certaines voitures du type Wegmann
0190	M. Jacques-Yves Henckes	Adhésion du Grand-Duché à l'ESA (European Space Agency)
0191	M. Gast Gibéryen	Panneaux d'entrée en agglomération
0192	M. Ben Fayot	Extension du projet pilote „Samu social“
0193	M. Xavier Bettel	Fonctionnement de la section économique et financière de la police judiciaire
0194	M. Roland Schreiner	Demandes d'aides financières relatives aux installations photovoltaïques en attente de paiement
0195	M. Romain Schneider	Réglementation des données à caractère personnel
0197	M. Jean Huss	Recyclage des déchets industriels
0199	Mme Anne Brasseur	Critères de promotion dans l'enseignement secondaire et dans l'enseignement secondaire technique
0200	M. Aly Jaerling	Information du public sur la qualité de l'air
0201	M. Aly Jaerling	Développement des énergies nouvelles et renouvelables
0203	M. Aly Jaerling	Élections communales 2005
0208	M. Gast Gibéryen	Élections sociales 2003
0210	Mme Vera Spautz	Remboursement de certains médicaments psychostimulants (Ritalin SR 20 mg)
0212	M. Xavier Bettel	Mesures de sécurité au Centre pénitentiaire
0213	M. Laurent Mosar	Règlements d'exécution de la loi du 9 juillet 2004 modifiant 1. la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales; 2. le Code des assurances sociales
0218	M. Henri Kox	Cogénération industrielle
0227	M. Xavier Bettel	Statut international de la relation ferroviaire Luxembourg-Liège
0228	M. Xavier Bettel	Projet prioritaire en matière de réseaux des transports transeuropéens: Luxembourg - Bruxelles
0231	Mme Colette Flesch	Autorisations de travail pour ressortissants de pays tiers

2^e Session extraordinaire 2004

Question 0114 (1.10.2004) de M. Emile Calmes (DP) concernant l'établissement de la carte de séjour:

Il semble que des résidents étrangers, légalement établis sur le territoire luxembourgeois, attendent pendant de longs mois leur carte de séjour alors que toutes les conditions nécessaires à l'établissement de cette carte paraissent remplies.

Je voudrais donc savoir de Monsieur le Ministre de la Justice:

- S'il a connaissance de cette situation?
- S'il connaît les raisons de ce retard?
- Comment il étend remédier à cette situation?

Réponse (14.1.2005) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration:

Le ressortissant communautaire, et le cas échéant les membres de sa

famille ressortissants de pays tiers, qui se proposent de résider plus de trois mois au Luxembourg doivent se présenter, dans les trois jours de leur arrivée, devant l'autorité chargée de recevoir les déclarations d'arrivée de la commune où ils entendent fixer leur résidence pour y souscrire une demande de carte de séjour. À cette demande ils joignent un certain nombre de documents en fonction de la catégorie à laquelle ils appartiennent en application de l'article 1^{er} règlement grand-ducal du 28 mars 1972 relatif aux conditions d'entrée et de séjour de certaines catégories d'étrangers faisant l'objet de conventions internationales.

Le service compétent de l'administration communale transmet ensuite pour enquête la demande à la Police grand-ducale. Cette enquête a principalement deux aspects, le premier de savoir si le ressortissant communautaire réside effectivement au pays, et le deuxième de savoir si oui ou non, d'après la connaissance de l'agent de police, le ressortissant constitue le cas échéant un danger grave pour l'ordre public.

La demande est ensuite transmise, avec tous les documents requis et le rapport de police, à la Direction de l'Immigration auprès du Ministère des Affaires étrangères et de l'Immigration. D'une manière générale il peut être affirmé que le traitement d'un dossier, s'il est complet, et l'établissement de la carte de séjour prennent de quatre à six semaines.

Force est néanmoins de constater effectivement un certain retard dans l'évacuation des dossiers de ressortissants communautaires pour diverses raisons:

- depuis un certain temps le nombre des immigrés en provenance des pays de l'Union européenne est en augmentation constante, d'autant plus depuis l'élargissement de cette dernière le 1^{er} mai 2004. La croissance de travail qui en découle doit être assumée par un service dont le nombre d'agents n'a pas changé;

- un retard certain peut également être constaté entre le dépôt de la demande à l'administration communale et l'enquête par la Police grand-ducale, cette dernière étant confrontée à une surcharge de travail;

- les dossiers sont souvent incomplets et doivent alors être renvoyés aux communes;

- le déménagement du service des étrangers en été du boulevard Royal à l'avenue Montreux a également entraîné des retards dans le traitement des dossiers, d'autant plus que ce déménagement coïncidait avec la période des vacances où le personnel du service est réduit.

Il est donc prévu d'introduire des restrictions en matière de vente d'alcools aux mineurs dans le commerce de détail, à savoir les épiceries, les supermarchés, les stations de service, etc. Pour élaborer le dispositif législatif nécessaire requis aux fins susvisées ainsi que des mesures à prendre pour en assurer le respect dans la pratique, un groupe de travail interministériel a été constitué.

Question 0149 (28.10.2004) de MM. Marco Schank, Ali Kaes et Jean-Paul Schaaf (CSV) concernant l'agrandissement du Lycée technique d'Ettelbruck à Erpeldange:

Dans une réponse à la question parlementaire N°2290 du 21 juillet 2003 (cf. compte rendu N°22/2002-2003), l'ancienne Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports, Madame Anne Brasseur, a confirmé que le groupe interministériel du Plan directeur sectoriel «Lycées» a identifié un terrain d'une superficie de 8 ha dans la commune d'Erpeldange. Ledit terrain, pour lequel le collège échevinal a donné son accord de principe, permettra de recevoir entre autres l'agrandissement du Lycée technique d'Ettelbruck. Le Comité d'acquisition du Ministère des Finances en collaboration avec l'Administration communale d'Erpeldange a informé les propriétaires des terrains sur le projet d'implantation d'infrastructures scolaires. À ce qu'il paraît, les propriétaires refusent de vendre leurs terrains, à l'exception de la société LUXLAIT qui s'est déclarée prête à échanger ses terrains contre des terrains situés au nouveau lieu d'implantation. Un projet de programme de construction provisoire aurait été élaboré en collaboration avec le Lycée technique d'Ettelbruck.

Depuis juillet 2003 le projet ne semble plus faire des progrès, étant donné que tant les autorités communales que les responsables du Lycée technique continuent à déplorer le statut quo dans ce dossier infini. Or, l'entiereté de la communauté scolaire se plaint des inconvénients causés par cette situation provisoire et insupportable.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:

1. Quel est l'état actuel des négociations entre l'État et les propriétaires du terrain prévu en vue de l'acquisition du terrain projeté pour l'agrandissement du Lycée technique d'Ettelbruck?

2. N'y a-t-il pas de moyens à accélérer la procédure d'acquisition du terrain projeté?

3. Quand est-il prévu de déposer un projet de loi relatif à l'agrandissement du Lycée technique d'Ettelbruck à la Chambre des Députés?

Réponse (3.1.2005) de Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:

Le Comité d'acquisition a contacté une seconde fois les propriétaires en automne 2003. Dans sa démarche il a tenu compte de la situation individuelle de chaque terrain par rapport à son classement suivant le Plan d'aménagement général de la commune d'Erpeldange ainsi que des prix offerts pour des terrains similaires dans la région.

Ces démarches n'ont toutefois pas abouti vu les oppositions de principe des propriétaires par rapport au projet telles qu'exprimées dans une lettre de l'avocat représentant les propriétaires.

Concernant la procédure d'acquisition des terrains, elle ne relève pas du domaine de compétences de l'Éducation nationale.

En l'état actuel des choses un programme de construction définitif ne pourra être établi qu'à partir du moment où le terrain sur lequel sera implanté l'annexe du lycée technique d'Ettelbruck sera connu. Suivant qu'il se trouve à proximité ou non du lycée qui est sa maison mère, les sections et les classes seront réparties de manière différente. Dans la programmation d'un lycée technique la répartition des sections de formation nécessitant des espaces spécifiques pour les travaux en atelier ou en laboratoire a un impact non négligeable sur le programme de construction.

Réponse (14.1.2005) de M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*:

Répondant au point 3) de la question parlementaire il y a lieu de préciser que les terrains n'étant pas encore la propriété de l'État et en l'absence d'une décision définitive ainsi que d'un programme de construction détaillé relatif à l'ensemble des infrastructures à y prévoir, l'étude en question n'a pas encore été entamée.

Étant donné que le département des Travaux publics, ensemble avec les commissions parlementaires compétentes en la matière, sont en train d'élaborer une nouvelle procédure parlementaire relative aux grands projets de construction, il est, à ce stade, difficile d'estimer le temps nécessaire à l'élaboration d'un projet de loi.

Question 0156 (3.11.2004) de M. Aly Jaerling (*ADR*) concernant les négociations d'adhésion de la Turquie à l'Union européenne:

Verwonnert hunn ech gëscht aus der Press vum Här Statsminister sengen an Däitschland getätigten Aussoen iwwer seng Virstellung vum der Europäescher Union a virun allem iwwer hir Erweiderung Kenntnis geholl.

Am Zesammenhang mat der ustoender Décision, mat der Tierkei Baitrettsverhandlungen opzehuelen, war ze liesen (Voix, 25. Oktober 2004):

«Selon les vœux du Premier Ministre, les négociations ne devraient prendre en considération que les aspects économiques de l'adhésion et non les aspects culturels et religieux qui dans le passé ont trop souvent donné lieu à des conflits.»

A weider:

«À la question des frontières de l'Union européenne, le Premier Ministre a répondu que la seule frontière réelle de l'Union serait la 'frontière de l'ambition'.»

Dofir des Froen:

1. Ass et fir de Lëtzebuenger Premier schonns eng decidéiert Saach, datt mat der Tierkei iwwer e Baitrëtt verhandelt gëtt - et sief drun erënnert, datt d'Regierung dofir vum der Volleksverriederkummer nach kee Mandat krut?
2. Wäerten déi sozial, Fraen- a Mënscherechtfroe fir de Lëtzebuenger Premier bei de (méiglechen) Baitrëttverhandlung mat der Tierkei guer keng Roll méi spillen?
3. Sinn et net grad déi kulturell Aspekter, déi dat wesentlichst Element am Identitéitsgefühl vum der Leit sinn, a gëtt mat der Opnahm vum der Tierkei net dat bëssen u gemeinsamem Identitéitsgefühl, dat d'Europäer iwwer hir jeeweileg national a sproochlech Communautéiten eraus eenegt, a Fro gestallt?

4. Plädéiert de Lëtzebuenger Premier fir d'Opnahm vum weideren asiatesche respektiv No-Oststate wéi zum Beispill Israel - a senger reng ekonomescher Siichtweis dierft jo op d'mannst géint d'Opnahm vum Israel näischt schwätzen?

